De Projet de loi ass de 25. Juli 2012 vum deemolege Finanzminister deponéiert ginn, du mat der Nummer 6454. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 15. Oktober 2012 ugeholl, an de Statsrot huet säin Avis den 22. Januar 2013 finaliséiert. D'Observatiounen vum Statsrot hunn dunn derzou gefeuert, dass den initiale Gesetzestext opgedeelt ginn ass, soudass mer haut den éischten Deel vun den Dispositionen am Projet de loi 6454A diskutéieren. Firwat dës Scissioune néideg war, erklären ech lech méi spéit.

D'Finanz- a Budgetskommissioun huet de schréffleche Rapport an hirer Sëtzung vum 17. März dëst Joer ugeholl.

Här President, d'Direktiv 2004/113/CE vum 13. Dezember 2004 gesäit vir, dass et am Prinzip keng Diskriminatioun tëschent Mann a Fra däerf ginn, wat den Accès zu Produiten a Services ugeet, an dat och am Assurancesecteur. Och wann den Artikel 5 Paragraf 2 eng Ausnahme zu dëser allgemenger Regel virgesäit,



esou huet d'Cour de justice vun der Europäescher Unieon den 1. März 2011 an engem Arrêt festgehalen, dass dës Exceptioun net konform ass.

An anere Wieder: No enger Transitionphas gëtt et keng Konditiounen méi, ënnert deenen d'Netgläichberechtigung tëschent Mann a Fra nach berechtigt wier.

Dofir wäert et duerch dëse Gesetzestext elo net méi erlaabt sinn, d'Geschlecht vum Client als Kritär ze huelen, fir de Präis vun enger Assurance ze rechnen. Well mir bei der Mise en conformité op dësem Punkt eng bestëmmten zäitlech Urgence hunn, goufen déi Dispositiounen aus dem initiale Gesetzestext iwwert d'Assurancen N°6454, déi d'Gläichberechtigung uginne, erausgeholl, fir se elo an engem separate Projet, dem Projet de loi 6454A, ze diskutieren.

An deem Sënn gouf elo d'Schissoun esou virgeholl, wéi de Statsrot dat a sengem Avis scho proposéiert hat.

Här President, de virleiende Gesetzestext gesäit zwou Gesetzesännerunge vir, fir sécherzestellen, dass eis Legislatioun konform mat den europäesche Gesetze ass. Et ass wichteg, dass et keng absichtlech Diskriminatioun tëschent de Geschlechter gëtt, an dëst gëllt an eisem alldeegleche Liewen, also och, wa mer en Assurancekontrakt ënnerschreiwten.

Ech soen dofir dem Finanzminister an och senge Beamte Merci a ginn den Accord vun der liberaler Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Rapportrice. Éischtens ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

#### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, fir d'Éischt e grouse Merci un eis Rapportrice, déi en exzellente schrëftlechen a mündleche Virtrag hei ofgelievert huet. Si huet erklärt, ëm wat et geet. Hei gëtt eng Gläichstellung zwëschen Fraen a Männer och bei den Assurancekontrakten gemaach. Mir wäerte mat Begeescherung dee Projet de loi stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ass dem Här Fayot seng Begeescherung och esou grouss?

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Ech géif och dem Joëlle Elvinger gären Merci soe fir säi ganz gudden mündlechen a schrëftlechen Rapport. An et ass alles gesot zu dësem Projet de loi. Ech géif dann och domat den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Keng weider Wuertmeldungen?

► **Une voix.** - Dach!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Da ginn ech dovun aus... Ah, entschëllegt, d'Madame Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, ech wollt just kuerz d'Wuert ergräifen, fir der Rapportrice Merci ze soe fir hir Rapporten an den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat wäert mer um Enn vun eisen Diskussiounen an d'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou iwwert déi Begeescherung iwwert d'Transpositioun vun der Jurisprudenz vun der Cour de justice, déi hei fir Gläichheit oder anescht ausgedréckt „absence de discrimination“ sech asetzt och bei den Assuranceprimmen.

Mir hunn dat missen aus dem originale Projet eraushuelen, well d'Transpositioun vu Solvency II, wat e ganz décke Volume wäert ginn, och nach vill evoluéiert huet, och um europäeschen Niveau. Mir wäerten och eng Kéier dann d'Geleechenheet hunn, hei an der Chamber iwwer Solvency II ze schwätzen. Dat gëtt en fait den neie Code de référence fir alles, wat mat den Assurance zu dinn huet. An do fäerten ech, dass eis Diskussiounen e bësse méi komplizéiert ginn.

Dofir sinn ech frou, dass mer deen heiten Deel konnten eraushuelen, an ech soen dann och der Rapportrice villmools Merci fir de schrëftlechen a mündlechen Bericht.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. Mir kéinten dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6454A iwwergoen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6454A et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

#### (Interruption)

Jo, okay. An de Vote ass ofgeschloss.

Mat deene Korrektiounen, déi ugekënnegt sinn, ass de Projet 6454A unanime bei deenen, déi elo en ligne waren, dat waren der 56, ugeholl. A mir korrigéieren dat selbstverständlech.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6454A est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Jean-Marie Halsdorf), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Félix Eischen), Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par Mme Simone Beissel), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Eugène Berger), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter), Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Ech soen lech Merci. A mir géifen dann direkt zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 6751 an et geet do ëm en EU-Reglement un d'Compétence judiciaire. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madame Simone Beissel, déi scho prett ass.

#### 6. 6751 - Projet de loi relatif à la mise en application du règlement (UE) n°1215/2012 du 12 décembre 2012 concernant la compétence judiciaire, la reconnaissance et l'exécution des décisions en matière civile et commerciale (refonte) et modifiant le Nouveau Code de procédure civile

#### Rapport de la Commission juridique

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet bei dësem Projet ëm d'Emännerung vum Nouveau Code de procédure civile am Kader vun der Applikatioun vun dem EU-Reglement N°1215/2012, och genannt Reglement „Bruxelles bis“. Dat Reglement betrëfft d'Compétence judiciaire, d'Reconnaissance an d'Exekutioun vu Justizurteeler en matière civile et commerciale an de Länner vun der EU.

Ganz kuerz zur Prozedur: Den Dépôt war den 3. Dezember 2014. De Statsrot huet den 20. Januar 2015 säin Avis ofginn, dee ganz positiv war. Ech si genannt ginn als Rapporteur an den 18. März huet d'Kommissioun dëse Rapport écrit ugeholl, deen Der jo kennt.

Zum Contenu: Et gëtt hei een Artikel mat dräi Paragraphen. Et geet drëm, fir en neien Artikel 685-4 an den Neie Code de procédure civile anzusetzen, dëst ebe mat Referenz op dee Reglement „Bruxelles bis“, dee jo d'application directe ass an all eise Länner. D'Reglementer sinn d'application directe, mä heiansdo mussen Detailpunkte regléiert ginn, an dat ass den Objekt vun dësem Projet de loi.

Hei geet et och drëm, fir d'Sécurité juridique ze héijen. De President vum Tribunal d'arrondissement kritt d'Kompetenz, fir iwwer all d'Demanden, déi d'Exekutioun oder de Refus d'exécution oder d'Absence de motifs vun enger Décision d'exécution betreffen, ze statuieren. Et ass ageféiert ginn op Wonsch vum Statsrot, dass de System d'Prozedur vum Référé ass, dat heescht d'Schnellverfahren. An dat hu mer och ageféiert sougutt an éischer Instanz wéi am Appel.

De Règlement „Bruxelles bis“ huet als Zil, fir de Principe de reconnaissance mutuelle ze renforcer an an d'Zirkulatioun notament vun alleguerten de Justizurteeler intra-EU ze verbesseren.

Eng grouss Nouveautéit, déi dëse Projet mat sech bréngt, an doriwier si ganz vill Affekote frou, dat ass, dass d'Exequatur an all eise Länner ofgeschaaft gëtt, d'Exequatur, ënnert där d'Affekoten ëmmer gelidden hunn, mat all de Formalitéiten.

De Créancier vun engem Urteel, wat an iergendengem EU-Land geholl ginn ass, kritt elo automatesch eng Kopie, e Certificat d'authenticité, a wann et Force exécutoire an engem Land huet, kann dat Urteel direkt an engem anere Land exekutiert ginn. Dat heescht keng Formalitéite méi, vill manner Käschten, vill méi kuerz Délaien an dofir eng verbessert Sécurité juridique.

Et ass awer och esou: D'Sécurité juridique ass jo awer zu den zwou Säiten. Dat heescht, den Débiteur vun dem Urteel ass awer och geschützt. Ech hunn lech virdu gesot, dass et d'Méiglechkeet gëtt, fir ebe just seng Exekutioun virum dem President vum Bezirksgericht ze contestieren, mat all de Voie-de-recoursen, déi do sinn.

Also, am grouse Ganzen ass dee Projet de loi hei ganz wichteg, well et ergëtt en „mieux légiférer“, vun deem Der wësst, wat eng vun den Zilsetzunge vun Europa ass. D'Sécurité juridique ass garantéiert.

Mä wat och ganz wichteg ass, ass, dass mer hei op engem gudden Wee sinn, well ebe just en matière de compétence civile et commerciale et net esou evident ass, fir eben d'Legislative vun eise Länner net nënnen ze rapprochéieren, mä deelweis souguer ze harmoniséieren a wierklech vill méi eng effikass Exekutioun vun den Urteeler ze maachen.

Fir de Rescht verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Wëssend ëm d'Wichtigkeet vun dësem Projet, bréngen ech mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Rapportrice. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Léon Gloden.

#### Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt och am Numm vun der CSV-Fraktioun der Rapportrice Merci fir hire mündlechen a schrëftlechen Rapport. D'Rapportrice ass op d'Nouveautéiten agang. Mir maachen hei wierklech e Paradigmewissel, well op europäeschem Niveau gëtt et elo méi einfach, Jugementer ze exekutieren, déi an engem anere Memberland geschwat gi sinn.

Et ass e Paradigmewissel an deem Sënn, dass de Créancier elo net muss eng Requête maachen, mä den Débiteur muss eng Requête maache beim President vum Référé, wann e wëllt d'Exekutioun empéchieren. Ech mengen, dat heiten ass e Gesetzestext, deen ee kann an déi Kategorie klasséieren, wou mer wierklech méi effizient kënnen d'Justiz op europäeschem Niveau ëmsetzen.

An d'CSV-Fraktioun gëtt natierlech hiren Accord zu dësem Projet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Nächste Riedner ass den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Och vu mir e Merci un d'Simone Beissel fir hire ganz gudden schrëftlechen a mündlechen Rapport. Ech mengen, si huet alles gesot zu dësem Projet de loi. Et handelt sech hei effektiv ëm eng wichteg Amélioratioun. All d'Affekoten heibanne wëssen, wéi penibel et ëmmer war, fir déi Exequaturprozedur do ze maachen, wat jo u sech e Frein ass zu der fräier Zirkulatioun vun de Jugementer. Ech mengen, dat hei ass e kleng Projekt de loi am Kader vun eiser heiteger Debatt, mä awer e ganz wichtige.

An dofir bréngen ech dann och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Nächste Riednerin ass d'Madame Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Jo, Här President, just e puer Wieder, fir der Madame Beissel Merci ze soe fir hire mündlechen a schrëftlechen Rapport an den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Merci der Rapportrice. Mir kënnen als ADR eis leider Gottes deem positive Vote hei net uschlëssen.

Et ass wouer, et ass net méi um Créancier, et ass um Débiteur, fir elo e Recours ze maache géint d'Exekutioun vun engem Urteel hei zu Lëtzebuerg. An dat ass wahrscheinlech a 95%, an 98% vun de Fäll eng gutt Saach. D'Käschte ginn erof, d'Prozedur gi méi schnell. Mä vergiesse mer net, dass aner Länner an Europa zum Deel eng ganz aner Virstellung hu vu Justice an och eng gewëss Korruptioun. Dat ass einfach Fakt!

Ech schwätzen einfach elo emol ganz aus der Praxis. Zweek Belsch maachen eng Liquidatioun vun hirer Communauté. Dee Mann ass geplënnert op Lëtzebuerg, d'Fra verschweigt dat. De Mann kritt en Notaire genannt, fir hien ze vertrieden. Deen ënnerschreift en Acte de liquidation, wou de Mann op emol ganz vill Sue schëlleg ass, an d'Fra exekutiert dat dann zu Lëtzebuerg mat enger Saisie sur salaire, obwuel dee Mann niemoos d'Méiglechkeet hat, sech ze verteidigen. Jo, en huet hei nach ëmmer eng Recoursméiglechkeet. Mä dat dote si Fäll, déi et gëtt.

Et gëtt Fäll, wou a Rumänien en Urteel gesprach gëtt vun engem Divorce. Dat gëtt zu Lëtzebuerg transcrivéiert. D'Fra ass also gescheet a keef en Immeubel. An doropshi geet hire Mann hin a fret a kritt a Rumänien d'Annulatioun vun deem Urteel. Dat sinn alles Saachen, déi fir déi betraffe Leit extrem, extrem schlëmm sinn. An ech fannen, d'Rechtssecherheet soll net geaffert gi mat engem Text wéi deem heiten, obwuel en dann natierlech Commerçanten erlaabt, vill méi liicht ze exekutieren oder Inkassoverfahren ze maachen.

Mä hei bleift fir de Bierger d'Rechtssécherheet a ganz Stéck Wee op der Streck an duerfir wäerte mir dëse Projet net matstëmmen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vun Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Jo, Här President, mir wäerten och dee Projet hei net matstëmmen. Et si schonn Ursachen hei genannt ginn. Eng aner Ursach ass en déift Mësstrauen, wat mir einfach hu vis-à-vis vun deem Et-méi-einfach-Maachen, fir Urteeler ze exekutieren. Ganz einfach, well mer wëssen, dass déi, déi Urteeler exekutieren, meeschens op där anerer Säit vun der sozialer Barrière stinn - net nënnen, mä dacks, mä dacks! -, an och profitieren zum Beispill vu Klauselen, déi festleeën, wou en Urteel soll geholl ginn a wou en Urteel soll exekutiert ginn.

Dat sinn déi sougenannt Klauselen, wat de For ugeet, wat d'Gericht ugeet, wou dann am Kontrakt festgeluecht gëtt, wat fir ee Geriicht dat soll sinn. Dat si Kontrakter, do kann ee sech net dergéint wieren. An duerfir kënnen mir dee Projet hei, och wann et e Reglement ass, wat direkt applikabel ass am Prinzip, awer net stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An den Här Justizminister huet d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. E grouse Merci un d'Madame Beissel fir hiren exzellente mündlechen a schrëftlechen Rapport. Ech si ganz frou, dass deen heite Projet ganz séier duerch d'Chamber konnt goen. En ass ufanks Dezember vum leschte Joer déposéiert ginn. An et ass och gutt, dass mer virugemaach hunn, well en ass directement applikabel hei zu Lëtzebuerg zënter dem 10. Januar 2015.

Mir hunn awer e Gesetz trotzdem musse maachen, fir am Gesetz och ze beschreiwen, wien hei zu Lëtzebuerg de Point national ass. Dat ass an eisem Fall de President vum Tribunal d'arrondissement, dee siégeiert wéi en matière de référé. Dofir hu mer e Gesetz séier gebraucht, well et ass, wéi gesot, directement applikabel zënter dem 10. Januar. Dofir der Chamber e grouse Merci!

Mir bewegen eis hei am méi allgemenge Kader, deen zréckgeet op d'Konventioun vu Bréssel vun 1968 schonn, a méi spezifesch och nach am Kader vum Conseil vun Tampere vun 1999, wou sech an Europa drop verstänneg konnt ginn, dass mer wëllen e gemeinsamen europäesche Raum de justice, de sécurité et de liberté schaffen.

Dozou gehéiert, dass ee probéiert, all intermedieär Exekutiounsprozeduren no Méiglechkeet bannert der Europäescher Unieon ze eliminéieren. Dat geschitt haut doduerch, dass mer d'Exequatur hei eliminéieren. Ech wëll dofir all deene Merci soen, déi dat hei ënnerstëtzen.



Dem Här Reding an dem Här Urbany wëll ech just kuerz äntwerten; dem Här Reding, fir ze soen, dass déi Argumenter, déi en opwërf, dass et an der Europäescher Unioun an eenzelne Länner um Niveau vun der Justiz Schwie-regkeete gëtt, dass dat bien entendu stëmmt. Dat ass gewosst, dat ass näischt Neies. Mä et ass eigentlech keen Argument, fir deem heiten ze widdersprieche, well an där...

► **Une voix.** - Et ass d'Ausnahm.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Et ass éischters eng absolutt Ausnahm an och an deem aktuell Kader, dee mer hunn, Bréssel I, spillt genau datselwecht. An de Fait, dass mer eng Exequatur hunn, ännert dorunner stricte-ment näischt.

Dass Der lech elo verweigert, eng Exequatur ofzeschaffen, déi jo um Fong op deem dote Punkt näischt ännert, ass eigentlech net ziführend. Déi Argumentatioun, doriwwer kann een diskutéieren, Här Reding, mä et ass awer keen Argument, fir de Vote heizou ze refuséieren, well dat, wat Dir bemängelt, gëtt net heider-uech agefouert. Dat hu mer och ënner Bréssel I, an dorunner musse mer schaffen.

An dofir gëtt et an Europa och mëttlerweil eng ganz Partie Direktiven, déi mer schonn zu Lëtzebuerg ëmgesat hunn, déi berühmt „ABC-Direktiven“. Et sinn dräi weiderer ënnerwee an deem dote Beräich, och iwwert d'Présomption d'innocence, wat e ganz wesentleche Punkt ass. Dat ass jo d'Unerkennung, dass et Schwie-regkeete gëtt. Mä déi Argumenter beleeden net, firwat dass ee soll net de Schrott maache vu Bréssel I op Bréssel Ibis an einfach d'Exequatur ofschafen. Sorry, dat Argument gräift fir meng Begrëffer hei absolutt net!

Dem Här Urbany wëll ech just äntwerten, dass Aert Argument par rapport zu Verträge en Argument ass, wat nëmmer am Droit commercial stattfënt, iwwert dat een och kann diskutéieren, Här Urbany. Dat maache mer haut net. Mä Dir hutt vläicht iwwersinn, hei geet et och ëm Droit civil, et geet och ëm Familljerecht. An dass Der lech elo verweigert, dass am Beräich vum Familljerecht Décisiounen kënnen ganz séier ëmgesat ginn, wann et ëm vital Intérette geet vu Kanner, vun Elteren, dorop musst Der dann awer och äntwerten. Ech fäerte ganz, Dir hutt lech et e bësse licht gemaach.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ech hu gesot, an der Majoritéit vun de Fäll kann et schlecht sinn, och wann et an enger Minoritéit vu Fäll kann en Avantage sinn.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Mä et ass net an der Majoritéit vun de Fäll, Här Urbany.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, domat si mer um Enn vun der Diskussioun a mir ginn zur Ofstëmmung iwwer.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6751 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Déi perséinlech Ofstëmmungen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6751 ass mat 55 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen uegheoll.

Ont voté oui: Mmes Diane Aedem, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Octavie Modert), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par Mme Cécile Hemmen), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Bras-seur, M. Lex Delles (par M. Eugène Berger), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vun de Projet-de-loie 6457, 6458, 6459, 6460, 6461, 6462, 6463, 6465 a 6757 iwwert d'Reform vun der Fonction publique an den Accord salarial mat der Fonction publique. D'Riedezäit ass nom Modell 6 virgesinn. An den Débat gëtt mat engem Rapport an an engem Floss gefouert. D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Yves Cruchten, dee scho prett ass.

► **Une voix.** - Très bien!

## 7. 6457 - Projet de loi modifiant:

1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

2) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

3) la loi du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l'État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l'État;

4) la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique;

5) la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du corps diplomatique;

6) la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire et

7) la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

**6458 - Projet de loi transposant certaines dispositions de l'accord salarial du 15 juillet 2011 dans la fonction publique et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

**6459 - Projet de loi fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État**

**6460 - Projet de loi modifiant:**

1) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;

2) la loi modifiée du 18 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes de pension

**6461 - Projet de loi instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois**

**6462 - Projet de loi fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien et de l'employé de l'État à un groupe d'indemnité supérieur au sien**

**6463 - Projet de loi fixant les conditions et modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut changer d'administration**

**6465 - Projet de loi déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État**

**6757 - Projet de loi modifiant a) la loi modifiée du 7 août 1912 concernant la création d'une caisse de prévoyance pour les fonctionnaires et employés des communes et établissements publics et b) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux**

**Rapports de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative sur les projets de loi 6457, 6458, 6459, 6460, 6461, 6462, 6463 et 6465 ainsi que rapport de la Commission des Affaires intérieures sur le projet de loi 6757**

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi de President elo gesot huet, huele mer eis de ganze Mëtteg Zäit, net fir iwwer ee Gesetz ze schwätzen an ze stëmmen, mä direkt e ganze Pak vu Gesetzer.

Wéi Der op Ärem Ordre du jour gesitt, dréit sech de Mëtteg alles ëm de Stat a seng Beamten. Zu deem ganze Reformpak zielen eng aacht Gesetzer an derbäi kënn och nach de Projet de loi 6757, mat deem mer déi nei Bestëmmunge fir den Trimestre de faveur zäitgläich bei de Gemengebeamten ëmsetzen.

Mir waren eis an der Kommissioun eens, dass mer haut de Rapport an och d'Diskussioun iwwert dat Ganz féieren an net eenzel iwwer all Gesetz. Motivéiert hu mer dat, well éischters all déi Gesetzer zesammenhänken, an zweetens, well se och zesammen ausgeschafft, zum Deel verhandelt an och déposéiert goufen.

Ech wëll direkt virausschécken, dass déi ganz Projeten zimlech technesch a komplizéiert sinn an dacks nëmme vu Spezialiste richtig ze verstoe sinn. Ech ginn d'Hoffnung awer net op, dass och deen een oder aneren Netspezialist heibannen, awer och dobaussen haut nolauschert, an dofir hunn ech probéiert, mä mëndleche Rapport esou einfach a verständlech wéi méiglech ze halen, an ech hu mer och vläicht déi eng oder aner Largesse erlaabt an der Terminologie, zemools wann ech vum Franséischen an dat Lëtzebuergesch iwwersetzen. Huet mer dat wann ech gelift net ze vill iwwer! Natierlech kënn Der ëmmer déi komplett schrëftlech Rapporte derbäihuelen, fir eppes nozekucken, wann eppes net sollt kloer sinn.

Och kann ech beim beschte Wëllen net op all Aspekt vun dese Reformen agoen. Dat géif de Kader vun haut de Mëtteg komplett sprengen, an ech fäerten, dass souwuel d'Nolauschterer op der Chambertribün wéi och verschidde Kolleegen heibanne soss géife fortlafen. Ech limitéiere mech dofir a menger Ried op déi aus menger Siicht wichtegst Aspekter vun dese Gesetzer.

Èm wat fir eng Gesetzer geet et?

Ma fir d'Éischt geet et ëm de Statut vum Fonctionnaire. Et geet awer och ëm d'Paieren, d'Carrière vum de Fonctionnaire a Beamte beim Stat. Et geet och ëm d'Mobilitéit bannent dem Statsdéngecht, grad ewéi ëm d'Pensiounen vun deenen, déi beim Stat, der Gemeng oder der Eisebunn schaffen. Zu gudder Lescht gehéiert zu deem Reformpak och nach en Accord salarial, deen zäitgläich mat dese Reformen tëschen Gewerkschaft a Regierung ausgehandelt gouf. Ausgangspunkt vun deem Ganze war de Regierungsprogramm vun 2009, deen eng Rei Reforme virgesinn huet, engersäits, an anerersäits Gehaltsfuerderunge vun de Beamten.

Dese Reformpak baséiert sech also op e Kompromëss, dee fonnt gouf no laangen a ville Verhandlungen an de Joren 2010 bis 2011. Den Dépôt vun de Gesetzer war de 26. Juli 2012 duerch den Här Minister vun der Fonction publique François Biltgen an déi bäiguerdnet Ministesch, d'Madame Octavie Modert, déi dann och als Member vun eiser Kommissioun desen Dossier bis zum Schluss begleet huet.

Eng weider Verhandlungsrönn mat der CGFP ass néideg ginn am Joer 2014, wou deen neie Minister vun der Fonction publique, den Här Kersch, nach en Accord fonnt huet mat der Gewerkschaft, fir ënner anerem dee Litige bäizeleeën, dee bestanen huet op dem Échelon, mat deem d'Stagiairé während hirem Stage rémunéiert ginn.

Eis Kommissioun huet sech an deene leschte Méint dacks getraff: 36-mol hu mer eis mat all dese Gesetzer ausenanergesat. Do goufen den Avis vun der Dateschutzkommissioun, awer virun allem och d'Avisen an d'Zousazavise vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics grad ewéi déi vun Statsrot analyséiert. D'Beruffskummer vun de Fonctionnairen huet eis e ganz nätzlechen Avis ginn an eis op vill Problemer opmierksam gemaach, déi zum Deel och vum Statsrot opgeworf goufen.

Grad desen hat vill Leit erfieert, wéi en den 21. Januar 2014 mat sengem éischten Avis eng gutt honnert Oppositions formelles presentéiert huet. Dat ass awer net verwonnerlech, wann een d'Envergure vun deem ganze Reformpak kuckt. Eleng d'Gesetzestexter kommen zesammen op 244 Säiten, a mäi schrëftleche Rapport huet der net manner wéi 431. Dat mécht zesumme 675 Säiten. Wann een déi vill Oppositions formelles am Detail kuckt, da fällt engem och op, dass eng ganz Retsch sech dacks widderhuelen.

Här President, d'Regierung huet am Joer 2012 e Gesetzesprojet fir en neie Statut vum Fonctionnaire déposéiert. Dat war néideg, well dese wictege Statut huet ewell 37 Joer um Bockel an et ass Zäit ginn, net méi just drun ze pléischteren, mä en eng Kéier ganz op de Leescht ze huelen.

D'Ziler vun de Projete ware ganz kloer: De Statut soll op enger ganzer Rei Plazen aménagéiert ginn, ouni datt en awer a Fro gestallt gëtt. D'Fonction publique soll méi modern ginn, der heiteger Zäit an och der heiteger Gesellschaft ugepasst ginn. D'Gestioun vum Personal grad ewéi d'Bewäertungsmechanisme fir déi eenzel Beamten, awer och fir d'Verwaltung spillen hei eng grouss Roll.

Sou féiere mer endlech de System a vun der Gestion par objectifs, déi de Verwaltungen de Moyen gëtt, hir Performance op organisatorechem Plang ze géierieren an d'Personal ze encouragéieren, seng individuell Performance ze verbessern. Sou gëtt elo an all Verwaltung en Organigramm virgeschriwwen, och fir déi, déi bis elo nach keen haten.

Eng Postebeschreibung definéiert d'Missioun an d'Aktivitéite grad ewéi déi néideg Kompetenzen, fir des kënnen ze erfëllen. All Fonctionnaire kritt elo en individuellen Aarbechtsplang, bei deem jiddweree kann novollzéien, wat en ze dinn huet a fir wat e Verantwortung dréit. Dese Programm leeft iwwer dräi Joer an um Enn vum leschte Joer gëtt dann all Kéiers de Bilan gezunn. Dozou gehéieren natierlech och individuell Gesprécher tëschen de Beamten an hirem Virgesetzten.

D'Bewäertung vun Personal geschitt iwwert de sougenannten „système d'appréciation des performances professionnelles“. Et sollen hei véier Niveaue ginn. Errecht de Fonctionnaire den Niveau 4, sou kritt e fir seng gutt Aarbecht dräi Deeg Congé guttgeschriwwen. Errecht de Fonctionnaire den Niveau 3, sou geschitt zwar direkt näischt, mä dee Betreffene weess awer, wou en drun ass. Sollt bei der Bewäertung nëmmer den Niveau 2 erauskommen, sou kritt dee Concernéierten un d'Häerz geluecht, Formatiounen ze beleeden, déi em bei senger Aarbecht hëllef kënnen.

Den Niveau 1 déclenchéiert déi sougenannten „procédure d'amélioration des performances professionnelles“. Do kritt de Beamte bis zu engem Joer Zäit, duerch zousätzlech Formatiounen seng Performance ze verbessern. Sollt allerdéngs dann eng zweete Kéier den Niveau 1 bei der Bewäertung festgestallt ginn, sou gëtt d'Prozedur vun der Insuffisance professionnelle déclenchéiert, déi och spillt zum Beispill am Fall vu manifester Inkompetenz oder nach Laxismus. Dese Prozedur kann entweder zu engem Déplacement, enger Reaffektatioun oder awer och enger Revokatioun, also enger Kënnegung féieren.

Et ass festzuehalen, dass dese ganze Bewäertungssystem net méi esou agefouert gëtt, wéi dat am urspringlechen Text virgesi war. Dese hat eng dach zimlech komplizéiert an opwänneg Prozedur virgesi mat Asprochmëiglecheete bei enger Kommissioun oder nach e Mediateur. Och huet déi vereinfacht Prozedur... - elo hunn ech eppes iwwersprongen! Dese hat eng komplizéiert an opwänneg Prozedur virgesinn -, an am neie Regime, an där neier Prozedur, déi mer hunn, huet dat och keen Effet méi op d'Pai vun de Beamten.

Et war de Statsrot, dee sech un enger Partie Dispositionne gestouss huet. A bei deenen zousätzleche Verhandlung mat der Gewerkschaft huet deen heitege Minister vun der Fonction publique des Vereinfachung virgeschloen, déi och vun der Kommissioun esou guttgeheescht gouf.

Wa sech d'Fonctionnairen an Zukunft direkt dräimol an hirer Carrière esou enger Bewäertung mussen ënnerzéien, sou ass et och nëmmer normal, datt och uewen an der Chefetage en „système d'appréciation des compétences de direction“ agefouert gëtt.

Weider Neierungen am Statut sinn d'Aféierung vum Congé linguistique, wéi e schonn am Code du Travail virgesinn ass, oder nach eng Dispens fir déi Beamten, déi während hirer Beschäftegung zum Beispill en Universitätsstudium ofschléissen. Hei valoriséiert de Stat seng Fonctionnairen, andeems en an hir Ausbildung, hirt Wëssen an hirt Kënnen investéiert.

De Projet de loi, sou wéi en déposéiert gouf, hat och eng ganz Retsch Neibestëmmunge virgesinn, déi mat der Deontologie, de Rechter a Flichte vun de Beamten ze dinn haten. De Statsrot huet eis awer e Stréch duerch d'Rechnung gemaach, wéi en direkt e puer Oppositions formelles doriwwer formuléiert huet. Ënner anerem hätt de Statsrot gare prezis Definitioune gehat vun enger ganzer Retsch Prinzipien, déi do virgesi waren. Wann de Stat zum Beispill vu senger Beamten eng gewësse Loyau-



téit verlaangt, da muss ee sech froen: Wat ass da genee déi Loyautéit? Wou fänkt se un? Wou hält se op?

An der Kommissioun ware mer eis séier eens, datt mer déi komplex Froen do net auf die Schnelle geléist kriter. An et gouf dunn un engem Status quo festgehalten. Dat heescht, all déi Bestëmmunge vun haut iwwert d'Rechter an d'Flichte vun de Statsbeamte bleiwen den Ament nach bestoen an en neit, separat Gesetz iwwert d'Deontologie an d'Disziplin vun de Beamte gëtt ausgeschafft. Dat gëtt dem Minister vun der Fonctioun publique an och eis d'Méiglechkeet, nach eemol am Detail dorivwer mat de Gewerkschaften ze diskutieren an och d'Meenung zum Beispill vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics anzuhuelen.

Well souwuel de Statsrot wéi och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics d'Afëierung vun engem Rapport d'expérience professionnelle a Fro gestallt hunn an och well eis Kommissioun un der Plus-value vun esou engem Rapport gezweifelt huet, deen een am Fong eréischt schreift, ier een an d'Pensioun geet, gouf dës Iddi fale gelooss.

E weidere wichtege Punkt am neie Statut ass d'Reform vum Stage. Hei sollen an Zukunft all d'Beamten an d'Fonctionnaires d'selwecht behandelt ginn. Bis elo gouf et verschidde Stagë bei den eenzelne Carrièren oder guer kee Stage bei nach anere Carrièren. Vun elo un ass d'Dauer vum Stage op dräi Joer fixéiert, an zwar fir all d'Fonctionnaires, déi nei ufänken, egal a wat fir enger Carrièr se sinn. Wéi Der wësst, leeft während dem Stage och eng Formation fir de Beamten. Schlisslech gëtt de Stage jo och mat engem Examen ofgeschloss.

Während der Stagezeit gëtt an Zukunft dem Fonctionnaire seng Pai op 80% vum drëtten Échelon aus dem Ufanksgrad während den éischten zwee Joer respektiv 90% vum véierten Échelon aus dem Ufanksgrad fir dat drëtt a lescht Stagejoer fixéiert.

Op dësem leschte Punkt gouf et en Dissens tëschent der CGFP an der vieregter Regierung. Et war ee sech net eens, op wat fir enger Basis, also wat fir engem Échelon d'Ufanksgehälter am Stage sollte bezuelt ginn. Bei den Noverhandlungen zejoert konnt de Minister Kersch dës Problem léisen an et gouf sech drop géeelegt, datt am drëtten Stagejoer de véierten Échelon fir d'Berechnung geholl gëtt.

A wa mer scho bei den Ufanksgehälter sinn, da gëtt dat mer d'Geleeënheet, eriwuerzesprange bei de Projet de loi iwwert d'Traitement, also d'Paie an d'Carrière vun de Fonctionnaires.

Et muss ee wëssen, datt deen heitege Regime a senger Substanz nach ëmmer opgebaut ass op deem aus dem Joer 1963. Et misst jiddwerengem kloer sinn, datt mer haut, 52 Joer duerno, dës Regime un d'Situatioun vun haut mussen upassen. Et gëtt héich Zäit, datt de Stat seng Mataarbechter no hiren Diplomer bezilt, déi se op lëtzebuergeschen an och auslännesche Schoulen ausgestallt kréien. Natierlech muss mer do de Prozess vu Bologna respektieren an applizéieren. Mä och d'Cheffen aus de Verwaltung froen zënter Laangem, datt endlech de Bachelordiplom an der Verwaltung unerkannt gëtt an eng deementspreechend Carrière beim Stat geschafe gëtt.

Dat gëtt elo endlech emgesat an et gëtt an engens dovun profitéiert, fir déi Hallewull vu verschidde Carrièr beim Stat ze harmoniséieren an och ze vereinfachen. Eng nei Carrièrstruktur gëtt dofir geschafen. An Zukunft ginn d'Leit beim Stat no Kategorien ageballt. D'Kategorie A ass an zwee gedeelt a begräift e Grupp A1 fir déi, déi e Masterofschloss hunn, an e Grupp A2 fir déi, déi e Bachelordiplom an der Täsch hunn.

Am Grupp B fënnt een déi heitege Carrière moyenne beim Stat, also déi Leit, déi e Premièreexamen hunn oder en equivalenten Diplom. D'Carrièren inférieure sinn an zwou Kategorien agedeelt, de Grupp C fir déi, déi op d'mannst fënnf Joer Secondaire gemaach hunn, an e Grupp D fir déi, déi manner wéi fënnf Joer Lycée oder Lycée technique matbréngen.

Eppes, wat nach jiddwereen an der Fonctioun publique wäert betreffen, dat ass, datt déi sougenannte Kaderen, also ech schwätze vun den „cadres ouverts“ oder „cadres fermés“, ofgeschafft ginn.

Et gëtt an Zukunft zwee Niveauen, den Niveau général an den Niveau supérieur, an enger Carrière. Hei zielt dann niewent dem Déngschalter och d'Formation vun Beamten, fir kënnen ze avancéieren. Dës Avancementer sinn an Zukunft fréistens no dräi Joer, an d'Promotioun an den Niveau supérieur mécht sech bei alle Carrièr fréistens no engem Minimum vun zwielef Joer. An och, wat de leschte Grad vun enger Carrière ugeet, sou huet een dee fréistens no 25 Joer zegutt.

Doduerch, datt d'Cadren ofgeschafft goufen, gëtt et natierlech och net méi deen ominöse Placement hors cadre, wou verschidde Beamten eragesat goufen, zum Beispill, well se e Changement de carrière gemaach hunn. Domadder sollt u sech verhënnert ginn, datt ee Beamten deen anere bis un d'Enn vu senger Carrière ëmmer nees blockéiert a senger Avancementer oder Promotiounen, wat awer anersäits zu enger Partie ganz cocassé Situatioun gefouert huet. D'Limitatiounen an deenen eenzelne Grade falen ewech an et ass da séchergestallt, datt keen deen anere méi drun hënnert, a senger Carrière virunzokommen.

Niewent e puer méi klengen Upassungen an der Gehältertabell ass awer virun allem de Reklassement vu verschidde Beamten ervirzesträichen.

Wéi gesot kréien d'Beamten elo hire Bachelordiplom unerkannt a ginn dann direkt mat Akraafttriede vun dësem Gesetz, also sechs Méint nom Vote vun haut, an deen neie Grupp A2 gehuewen an an dee Grad, dee se och do zegutt hunn. Si evoluéieren dann an deem neie Grad bis zum Enn vun hirer Carrière, deen de Grad 14 ass. Heivunner sinn eng ganz Partie Leit betraff, ënner anerem d'Éducateurs gradués oder nach d'Ingénieurs techniciens.

E weidere Reklassement ass virgesinn zum Beispill fir d'Éducateurs diplômés. Dozou muss ee wëssen, datt déi Educateurs diplômés bis elo an der Carrière inférieure evoluéiert hunn, obwuel se wéi hir Kollege Redakteren e Secondairesofschloss haten. Hanne gouf allerdéngs ni zougestanen, an d'Carrière moyenne ze klammen. Mat dëser Ongerechtheit ass elo endlech Schluss!

Wien an Zukunft als Édicateur diplômé ageballt gëtt, kënn an de Grupp B1 a gëtt dann och endlech senger Studien no bezuelt. Wien haut scho beim Stat als Édicateur diplômé schaff, gëtt direkt mat Akraafttriede vun der Reform an deen entspreechende Grad vu senger neier Carrière ageballt a gewiescht wieren. Et verstee e natierlech, datt déi, déi haut um Wupp vun hirer Carrière sinn, verlaangen, datt och si nach an de Genoss vun deenen neie Bestëmmunge kommen. Dofir gouf am Gesetz festgehalten, datt een, dee mat 55 Joer nach net am leschten Échelon vu sengem Grad ukomm ass, déi Differenz guttgeschriww kritt a Form vun engem Supplément de traitement.

Onnéideg ze preziséieren, datt dës Verbesserungen net nëmme fir d'Paie vun de Statsbeamten zielen, mä natierlech duerno och fir hir Pensiounen. Dozou muss ee wëssen, datt eent vun den Ziler vun dëser Reform war, eng Partie Ongerechtheeten ze behiewen. Allerdéngs sollten all d'Verbetterungen, déi et bei där enger oder anerer Carrière ginn, op enger anerer Plaz agespuert ginn. D'Iddi derhannert war, datt déi ganz Reform, Accord salarial ausgeschloss, de Stat net méi géif kaschte wéi bis elo. An et gëtt net nëmme verdeelt an dëser Reform, mä et gëtt effektiv och op anere Plaz gespuert, Aspierungen, déi sech lues awer sécher wäerte bemierkbar maachen. An dofir war et och net méiglech, op ee Coup all de Reklasséierten hir Déngschzäiten nozerechnen, soss wier déi Rechnung um Enn sécher net opgaangen.

Wou gëtt dann elo zum Beispill agespuert? Ma, zum engen hale mer op mat der Majoration d'indice. Zanter 2000 kréien déi Beschäftegt beim Stat all Joers eng Avance op hiren nächsten Échelon vun der Pai an der Héicht vun der Halschent vun der Differenz zum nächsten Échelon.

► **Une voix.** - Nach eng Kéier!

► **Une autre voix.** - Très bien!

► **Une troisième voix.** - Nach eng Kéier.

(Hilarité)

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Well dat esou e komplizierten Numm huet, gëtt och ganz dacks beim Stat vun den „Annellen“ geschwat. Dës ginn elo ofgeschafft a mir kommen zrëck op deen ale System vun de Biennellen.

En anere wichtege Punkt ass och, wéi scho gesot, d'Reform vum Stage, wou, niert enger Harmoniséierung bei alle Carrièren op dräi Joer, d'Indemnitéit vun de Stagiairen op 80% respektiv 90% vun hirem Ufanksgehalt gekierzt ginn. Dëst soll laut dem fréiere Minister Bilgen hëllefen, d'Paie vum effentleche Secteur méi no

un déi vum Privatsecteur erunzeféieren. Dat ass schonn eng substanzuell Erofsetzung vun den Ufanksgehälter. Woubäi awer festgehale gouf, datt a kengem Fall d'Ufanksgehälter dierften ënnert de soziale Mindestloun vun haut 1.923 Euro falen.

Net nëmme um Ufank vun der Carrière ginn et Changement, och um Enn vun der Carrière. Dee sougenannten „grade de substitution“, also u sech dee leschtméigleche Grad vu verschidde Carrièren, gëtt ofgeschafft. Dëst hânt zesumme mat dem Ofschafe vun de Kaderen, déi ech ewell virun ernimmt hunn.

Den Accès op de Substitutionsgrad gëtt ersat duerch déi nei Postes à responsabilité. Wien op esou engem verantwortungsvolle Posten ass, gëtt an Zukunft mat 10, 15, 20, 22 oder nach 25 Punkte belount. Et ass dëst en éischte Schratt an eng nei Richtung. Et ass déi éischte Kéier, datt mer net méi just an eleng den Déngschalter considéieren, fir d'Paie ze bestëmmen, mä heimadder sollen déi belount ginn, déi och Asaz weisen a bereet sinn, op hirer Aarbecht Verantwortung ze iwwerhuelen. Dee System, dee mer bis elo kann hunn, huet net wierklech derzou verleet, sech méi anzebréngen op der Aarbecht. Elo soll dat awer belount ginn.

Natierlech kann een net jiddwereen op esou e Poste à responsabilité setzen, datt wier jo ze schéin. Dofir gëtt d'Zuel vun dese Posten och op 15% vun där respektiver Carrière limitéiert. An enger lwwergangszäit ginn déi 15% nach ëm 5% gehuewen, well eis opgefall ass, datt bei verschidde Berufler beim Stat, nottamment bei der Police, haut scho vill méi Leit op esou engem Poste sinn. Dat hätt bedei, datt esou bal kee méi kéint op dëst Endgehalt kommen, wat mer mat dëser temporärer Measure, wann och net ganz, dann awer op d'mannst e bëssen offedere kënnen.

E weidere grouse Changement ass dee vun der Reform vun der Allocation de famille, also dem Famillegeld. Net nëmme wäert an Zukunft dës Prime net méi tëschent 25 an 29 Punkte variéieren, deemno wat ee verdéngt, mä et wäert an Zukunft fir jiddwereen d'selwecht vill wäert sinn, nämlech 27 Punkten - a well net jiddweree mat deene Punkten eppes kann ufänken, soen ech, datt dat net grad 500 Euro sinn -, mä dës Reform geet e Schratt méi wäit a reit sech och an d'Linn vun der neier Regierung an, wat eng modern Familjepolitik ugeet: An Zukunft gëtt net méi dono gekuckt, ob ee bestuet, gepackt oder just gekummert ass, mä d'Famillegeld gëtt an Zukunft u sech fir dat ausbezuel, fir wat et u sech och geméint ass: fir d'Kanner.

Jiddwereen, dee Kanner huet, weess, datt mat dem Nowuess d'Käschten am Stot substanzuell klammen. Wie beim Stat schaff an e Kand huet, kritt vun elo un dës Allocation de famille, an zwar esou laang, wéi de Stot och Kannergeld vun der Kannergeldkeess bezitt. An zwar kënnen an Zukunft alle béid Partner an engem Stot dës Allocatioun kréien, wa se dann alle béid beim Stat schaffen oder hire Patron am Privaten hinnen esou eng oder eng ähnlech Prime ausbezilt.

Am Sënn vun der Simplification administrative kënn mer dann endlech domadder ophalen, all Joer, jo, all Joer erëm bei all Beamten ze kontrolléieren, ob hien a säi Partner net esou Allocatiounen oder Prime cumuléieren, wat bis elo net gaangen ass. Dat mécht et méi einfach fir d'Verwaltung, awer och fir déi eenzel Beamten, déi just nach eng Kopie vum Zertifikat vun der Kannergeldkeess müssen ofginn.

Wien haut aus dem Privatsecteur bei de Stat wiesselt, dee weess, datt seng Berufserfahrung net onbedéngt ugerechent gëtt. Bis elo gouf just e Maximum vun zwielef Joer an d'Berechnung vun der Bonification d'ancienneté matgeholl an dat nach nëmme zu 50% guttgeschriwwen, wann een aus dem Privatsecteur koum. Dat huet derzou gefouert, datt de Stat et schwéier hat, kompetent Leit aus dem Privatsecteur ze rekrutéieren, Kompetenzen, déi de Stat awer dacks brauch, zemoos wann et ëm ganz spezifesch Missiounen geet.

Allze dacks hunn d'Salariéien aus dem Privatsecteur ab engem gewëssenen Ament vun hirer Carrière net méi wëlle bei de Stat wiesselen, obwuel de Stat seng Leit gutt bezilt, an dat, well se am Privaten deen Ament méi, heiansdo och vill méi verdéngt hunn. Mat dësem neie Gesetz gi mer dem Stat besser Méiglechkeeten, dës Leit ze rekrutéieren an hir fir de Stat esou wäertvoll Berufserfahrung och unzëerkennen.

Ze erwähnen ass nach eng Measure transitoire. Déi betrëfft déi verdéngschvull Beamten, déi net méi kënn vun den neie Bestëmmunge vum Lifelong Learning profitéieren. Fir dës eenzel Fäll, déi haut schonn op d'mannst 15 Joer Anciennetéit hunn an op engem Poste à responsabilité sinn, gëtt eng speziell Prozedur agefouert, wou se bewäert ginn an e perséinlechen Travail de réflexion schreiw mussen, fir

dann eventuell de Groupe de traitement kënnen ze wiesselen.

Dat bréngt mech op e weidert Gesetz, wat mer haut stëmmen, nämlech datt vum Changement de carrière. Un dem Prinzip, dee mer elo hunn, gëtt festgehalten: E Beamten, deen zanter zéng Joer beim Stat schaff an all seng Formationen an Exame gepackt huet, ka sech mellen op e Posten aus deem Groupe de traitement direkt iwwer him. Also, zum Beispill kann en Expéditionnaire aus der Carrière inférieure sech mellen op e fräie Posten als Redakter an der Carrière moyenne. Dofir muss een e Cycle de formation préparatoire vun deem neie Grupp beleen an och packen.

Am Ufank war och nach virgesinn, datt e Plan de qualification personnel géif opgestallt ginn. De Statsrot huet datt awer - mengen ech, berechtigterweis - a Fro gestallt an ënnerstrach, datt dese kee Mehrwäert hätt par rapport zu der Formation, déi d'Beamte souwiso maaichen. D'Kommissioun huet um Enn festgehalten, dee Plan de qualification personnel falen ze loossen an duerch e Mémoire ze ersetzen, deen de betraffene Beamte schreiw an duerno virun enger Kommissioun verteidege muss.

Wichtig ass ze wëssen, datt dat heite souwuel fir d'Statsfonctionnaire wéi och fir d'Statsemployéien zielt. Dat ass eng gutt Bestëmmung, well mer dacks beim Stat an Uecht huelen, datt deen een oder anere Beamten d'Aarbecht vun engem mécht, deen u sech méi héich misst aklasséiert sinn. De Changement de carrière bleift allerdéngs limitéiert op 20% vun de Posten, déi et an der jeeweileger Carrière gëtt.

En anere Problem, dee mer beim Stat gutt kënnen, ass dee beim Changement d'administration. Et kënn vir, datt eng Verwaltung en neie Poste wëllt beleen mat engem Beamten, deen eng gewëssen Ausbildung, Erfahrung oder Formation huet. An dann trëfft et sech gutt, wann op enger anerer Verwaltung vläicht ee sëtzt, dee genee deem dote Profil entsprécht. Haut ass dat relativ komplizéiert, fir de Beamten aus där enger Verwaltung eraus- an an déi aner Verwaltung eranzuhuelen. Dës Change-menter si souguer nach méi komplizéiert, wa se tëschent Stat a Gemeng solle passéieren.

Dës Prozedur gëtt vereinfacht, souwuel fir de concernéierte Beamte wéi och fir d'Verwaltung. Mat dësem Gesetz gëtt d'Mobilitéit am Stat an tëschent de Verwaltung verbessert.

Här President, wann Der mer elo gutt nogelauschtert hutt, dann ass lech opgefall,...

(Brouhaha et hilarité)

...datt ech déi eng Kéier...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, jo, selbstverständlech.

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Ech si frou, datt Der mer alleguerten esou gutt nolauschtert hei. Ech soen lech villmoos Merci. Dat fret e Rapporteur.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech wëll lech soen, dass de Rapporteur a geschteger Harmonie mam President ass.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Ech gesinn lech net, Här President, mä ech spieren lech awer.

(Hilarité)

Ech hunn déi eng Kéier vun de Statsbeamten oder och nach vun de Fonctionnaires oder och nach vun de Employéien vum Stat geschwat. An de Lëtzebuerg Sproochgebrauch spillt eis hei eng kleng Spiicht. Et gëtt effektiv beim Stat Fonctionnaires an et gëtt Employés de l'État. Mir Lëtzebuergeschwätzen awer allze dacks an allze gäre vun den „Statsbeamten“.

Dir gesitt, datt, wann een dat Wuert gebraucht, et schwéier ze erkennen ass, wéi eng Kategorie vun den Agente beim Stat gemengt ass. Fir elo ganz kloer ze sinn: Ech schwätzen hei vun den Employés de l'État. Em hire Regime an em hir Indemnitéite geet et am Projet de loi 6465.

Et gëtt heivunner profitéiert, fir eppes riichtzebeien, iwwert datt sech de Statsrot ewell zanter Jore beklot. Obwuel et e Gesetz gëtt, wat de Regime vun den Employés de l'État ugeet, goufe bis elo d'Indemnitéiten, also d'Paie fir si, ëmmer per Règlement fixéiert. A well mer hei eng grouse Reform maachen, profitéiere mer dervun, fir hei zwou Mécke mat engem Schlag ze kréien. Mir fusionéieren d'Reglementer an d'Gesetz, dat d'Employés de l'État ugeet, an engem eenzege Gesetz a mir iwwerhuelen direkt déi nei Bestëmmungen, déi mer och fir d'Statsfonctionnaires ëmsetze wëllen.



Dat ass net nëmme méi richteg, mä virun allem ass et och méi kloer fir all déi Leit, déi an deem dote Regime beim Stat schaffen. Si kréien dann elo ee Gesetz, wat sech ganz a komplett mat hinnen ofgëtt, a si mussen net méi léns a riets wulle goen, fir auszufannen, wat dann elo fir si applikabel ass a wat net.

Wéi gesot, déi Neierungen, wéi déi vun den neie Carriären, déi den Diplomer vun de Leit ugepasst ginn, gi selbstverständlech och an deem heite Gesetz iwwerholl. Am grouse Ganze gëtt probéiert, eng gewëssen Harmoniséierung vun deenen zwee Regimier ze kréien, obwuel et nach ëmmer ganz kloer ass, datt et sech ëm zwee verschidde Regimier handelt an dat och esou bleift. An engems gëtt dervu profitéiert, fir eng Rëtsch technesch Inkohärenzen aus den alen Texter ze eliminéieren.

Wann Der mäi schréffleche Rapport liest, da mierkt Der och, datt de Statsrot eng Partie Remarquen zu deem Projet de loi gemaach huet, déi sech widderhuele par rapport zu de Remarquen, déi e beim Statut oder beim Traitementsgesetz gemaach huet. An och hei gouf, par analogie, d'selwecht op déi Remarqué reagiert.

Här President, ech hunn elo vill iwwert de Statut, also d'Konditiounen fir d'Statsfonctionnairen, geschwat, iwwert d'Carrière von de Fonctionnairen an den Employéén. Natierlech gehéiert zu esou enger Reform och e Volet iwwert d'Pension. Dëse Volet gëtt mat de Projets de loi 6460 a 6461 behandelt.

Mir hunn, wéi Der beschrens wësst, Här President, hei zu Lëtzebuerg direkt dräi verschidde Pensionsregimier: de Régime général, de Régime spécial fir d'Statsbeamten an de Régime spécial transitoire fir déi Statsbeamten, déi ewell virun der Reform vun 1999 am öffentlechen Déngscht waren.

Mam Projet de loi 6460 geet et virun allem dorëms, de System vun der Retraite progressive anzeféieren, grad ewéi de Service à temps partiel pour raisons de santé.

Obwuel den Titel „Retraite progressive“ eis scho seet, ëm wat et geet, hei just e puer Detailler: Mat deem System gëtt et méiglech gemaach, sech lues a lues, also progressiv, aus dem aktive Berufsliewen zréckzeziehen. Sou kann een an Zukunft eng partiell Pension mat engem Service à temps partiel cumuléieren an esou nach 50% vun der Aarbechtszäit schaffe kommen a fir déi aner Halschent scho Pension bezéien. Amplaz hallef-halfe kéint een och optéiere fir e Ratio 75/25.

Et kann ee sech virstellen, datt esou e Modell och kann hëllefen, d'Transitioun op engem Posten ze assuréieren, wou vläicht en erfuerene Beamten, dee scho kéint an d'Pension goen, nach Deelzäit do ass, fir engem neie Beamten ënnert d'Äerm ze gräifen an dësen anzuweisen.

Zäitgläich schafe mer e Service à temps partiel pour raisons de santé. Den Titel seet hei och scho bal alles. Et kéint vir, datt een am Laf vu sengem Liewe mat schwéiere gesondheetleche Problemer ze kämpfe krit. An do huet een, deemno wéi, den Ament just zwou Méiglechkeeten: Entweder, et bleift ee ganz doheem, oder et plot ee sech op d'Schaff, mat dem Risiko, seng Gesondheet weider ze be-laschten an eventuell seng Missiounen an Obligatiounen ze negligéieren.

Dat ass keng gutt Situatioun, weder fir dee Betraffenen nach fir d'Verwaltung. Et kéint nämlech vir, datt et duerch méiglech ass, wann och net méi Vollzäit, dann awer Deelzäit ze schaffen. Dat war bis elo net dran a soll elo am Gesetz verankert ginn. Och hei gewënnt souwuel dee Concernéierten ewéi d'Verwaltung. De Concernéierte ka seng beruflech Carrière zu Enn féieren an op där anerer Säit brauch d'Verwaltung net op d'Kompetenz an d'Erfahrung vun deem Beamten ze verzichten.

Mat deem Gesetz kéint och de Projet de loi 6461 iwwert de Régime de pension spécial transitoire. Hei ginn dëselwecht Méiglechkeeten iwwert d'Retraite progressive an de Service à temps partiel pour raisons de santé agefouert, an zwar fir déi Beamten, déi nach ënnert dee Regime falen, also virum 1. Januar 1999 age-stallt goufen.

Donieft gëtt awer dervu profitéiert, fir all d'Gesetzestexter, déi des dräi Regimier betreffen, also d'Statsbeamten, d'Gemengebeamten, awer och d'Agente vun der Eisebunn, fir des ze bündelen an engem eenzege Gesetz. Dëst war net Bestanddeel vun den Négociatiounen mat der CGFP. Heimadder gëtt awer méi Transparenz geschafen. Wann Adaptatiounen ze mache sinn, kënne se op enger eenzege Plaz gemaach ginn, an dat alles vereinfacht dach d'Aarbecht vun all deenen, déi domadder ze dinn hunn.

De Statsrot hat eis och zu dësen zwee Gesetzer eng Partei Remarqué gemaach an hei wéi och aneschwou souguer Virschléi gemaach, wéi verschidde Problemer ze léise wieren, andeems en direkt mat senger Kritik oder Remarque eng Textpropos matgeliewert huet, wat eis Aarbecht an der Kommissioun natierlech wesentlech vereinfacht huet.

Bei enger Remarque allerdéngs huet de Statsrot eis virun eng kniwweleg Fro gestallt. En huet nämlech d'Fro gestallt, wéi et dann elo wier, wann am Joer 2024 d'Liberaliséierung vum Passagéiertransport bei der Eisebunn géif a Kraaft trieden. Missten dann net dëselwecht Bestëmmungen, zum Beispill bei de Pensionen, och fir déi Leit zielen, déi da vun engem eventuellen aneren, engem eventuelle privaten Operateur age-stallt ginn?

Natierlech ass et derwärt, sech domadder ze beschäftegen. Allerdéngs stellt de Statsrot domadder dee ganze Statut vum Eisebunner a Fro. Et war fir eis Kommissioun ganz kloer, datt mer do net géife mam Statsrot op dee Wee goen, a mir hunn nach eemol festgehalten, datt mer un dem Statut an un de Pensionsrechter vum Eisebunner géife festhalten.

Mir deelen also d'Aschätzung vum Statsrot net, datt d'Liberaliséierung automatesch den Eisebunnerstatut a Fro stellt. Mir gesinn éischer den ëmgedreite Risiko, datt sech d'Eisebunn aus Grënn vun der Kompetitivitéit un de Privat-marché upasse muss. Mir wëllen net op deem Wee schon eng Virlag dofir liwweren.

Wann Dir den Ordre du jour vun haut kuckt, da kéint Der vläicht mengen, datt sech do e Projet de loi ageschlocht huet, deen näischt mat de Reformen ze dinn huet. An et stëmmt och, datt de Projet de loi 6757 näischt direkt mat de Reformen ze dinn huet. An awer!

En huet näischt mat deenen anere Gesetzer ze dinn, well en net Bestanddeel vum Reformpak ass, deen d'Regierung mat de Gewerkschaften ausgehandelt hat. Et geet hei am Konkreten ëm eng Mesure, déi d'Regierung am Kader vum Zukunftspak bei de Budgetsdebatten anonciéiert hat. Nämlech soll den Trimestre de faveur ofgeschaaft gi bei de Fonctionnairen, grad ewéi zum Beispill d'Proratiséierung vum Congé am Fall vun enger Pensionéierung soll agefouert ginn. Den Trimestre de faveur bleift allerdéngs bestoe bei enger Pension de survie, also enger Witwerent.

Am Géigesaz zu der Reform am grouse Ganzen, déi käschtenneutral soll sinn, geet et hei ganz kloer ëm Spuermoosnamen. Mir profitéieren haut dervun, datt mer de Statut reforméieren an déi dote Mesuren da kënnen an engems ëmsetzen. A well dat souwuel fir d'Stats- wéi fir d'Gemengebeamten zielt, muss mer och de Statut vun de Gemenge-beamten direkt ofänneren, wëssend datt no dëser Etapp a kuerzer Zäit och de Statut an d'Gesetzer vun de Gemengebeamten no deeneselwechte Prinzipie wéi haut reforméiert ginn. Eent trëtt dann awer direkt a mateneen a Kraaft, an dat ass d'Ofschaffung vum Trimestre de faveur mam Stéichdag 1. Mee.

Här President, ech sinn elo laang a breet op d'Verbesserungen an d'Neierungen, déi eng zugonschte vun de Statsbeamten, déi aner zuongonschten, agaangen. Et ass awer allgemeng gewosst, datt zäitgläich mat de Reformen och en Accord salarial mat der Statsbeamte-gewerkschaft ausgehandelt gouf. Ech hu bewosst dëse Projet um Wupp vu menger Ried geloost, well ech et géif schued fannen, wann den Owend oder muer an der Press eenzeg an eleng iwwert den Accord salarial géif geschwat ginn an all déi aner wichteg Aspekter, déi ech elo hei probéiert hunn ze dévoppéieren, géifen ënnergoen.

Déi viregt Regierung hat bei de Verhandlungen mat der Statsbeamtegewerkschaft versprach, zäitgläich mat de Reformen en neien Accord salarial ëmzesetzen. Dee leschten Accord salarial ass aus dem Joer 2011. Déi lescht generell Loun-opbesserung, also beim Stat ass dat d'Erhéijung vum Punktwäert, war am Joer 2009. Am Joer 2010 gouf weinst der Kris a weinst der Situation vun de Statsfinanzen dorobber verzicht, de Punktwäert ze erhéien, an am Accord salarial ass et ëm aner Saache gaangen, zum Beispill ëm den Horaire mobile.

Zanter 2011 ass also en neien Accord salarial fällig. Natierlech huet sech entre-temps och esou munches geännert par rapport zu fréier. Sou huet eist Land eng Kris vun de Statsfinanzen ze meeschteren. Et ass dofir ze begrëssen, datt d'Gewerkschaften dat och erkannt hunn an dorobber verzicht hunn, iwwerdrifwen an onverantwortlech Fuerderungen ze stellen. Och ware si bereet, en neien Accord salarial op spéider ze verleeën, wa sech bis déi wirtschaftlech Situation an eisem Land verbessert huet.

Mir sinn elo um Wee vun enger wirtschaftlecher Stabiliséierung. An och de Wee aus dem Statsdefizit ass entre-temps virgezeent an

eis Regierung ass amgaangen, do hire Programm Punkt fir Punkt ëmzesetzen.

En neien Accord salarial huet also missen ofgeschloss ginn, e realistesch an, par rapport zu fréieren Accorden, e moderaten Accord. Déi nei Regierung hat zougesot, den Accord, deen tëschent hirer Virgängerin an de Gewerkschaften ausgehandelt gouf, ze respektéieren. D'Regierung sot allerdéngs och, datt et keng weider generell Lounopbesserungen an den nächste Joren, also an dëser Legislaturperiod, wäerte ginn.

Zesummegefaasst heescht dat elo dat heiten: An der Vergaangenheet, zum Beispill tëschent de Joren 2000 an 2009, goufen all Joers eng Erhéijung vum Punktwäert respektiv eng Prime unique zougestanen. Tëschtent 2009 an dann ebe viraussichtlech 2018 gëtt et elo eng eenzeg Punktwäerterhéijung mat enger Prime unique, eng Erhéijung also bannent quasi zéng Joer.

Dësen Accord salarial gesäit zwou Saache vir: eng Erhéijung vum Punktwäert vun 2,2% ab dem 1. Januar 2015, déi sollt, wa mer se haut stëmmen, de Mount Abrëll, also mat der Pai vum Mee, ausbezuelt ginn, an zweetens, eng Prime unique vun 0,9% op der Period vum Juli 2013 bis Juni 2014, eng Prime, déi da kéint am Mount Mee, also mat der Pai vum Mount Juni, ausbezuelt ginn.

Här President, mat dëse Reforme kréie mer eng méi modern, eng méi effikass Fonction publique. Et gouf och Zäit, des Fonction publique ze reforméieren. Ech wëll awer betounen, datt mer hei zu Lëtzebuerg eng gutt Fonction publique hunn, en öffentlechen Déngscht, dee sech ka weise loosssen am Ausland. Eis Weeër si kuerz a rapid. Fir datt dat esou bleift, muss mer eben och bannent dem Stat dee Kader schafen, fir datt d'Beamten, d'Fonctionnairen, d'Employéén oder d'Aarbechter och kënnen evolüieren.

Dat maache mer mat dëse Gesetzer. Wéi Der gesinn hutt, ass dëst e grouse Pak vu Reformen, mat villen Detailler, technesch a juristeschem komplizéiert. Mir waren eis zesumme mam Minister eens, datt, esou wéi dat och schon an der Vergaangenheet war, bei der praktescher Ëmsetzung et net wäert ausbleiwen, datt sech awer nach deen een oder anere Problem oder déi eng oder aner Froe wäerte stellen. Et gëllt, déi dann op de Leescht ze huelen, wat eis de Minister och zougesot huet.

Wann ech elo just sot, datt mer eng gutt Fonction publique hunn, da wëll ech lech soen, Här President, datt mir als Deputéiert dat all Dag mierken, och hei am Haus. Dir hutt, Här President, wéi Der wësst, exzellent Personal an der Chamber, an ech ka mer schwéier virstellen, wéi mir als Deputéiert eis Aarbecht kéinte maachen, wa mer net op si kéinten zréckgräifen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Ech wëll op dëser Plaz hinnen e Merci soen - ech mengen, am Nimm vun eis alleguerten -, speziell der Madame Anne Tescher, der Sekretärin vun eiser Kommissioun vun der Fonction publique.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Si hat et net ëmmer einfach mat eis.

(**Hilarité**)

Si huet awer séier, precis a kompetent geschafft. Si war immens disponibel an huet eis vill gehollef, des komplizéiert Dossiere gutt duerch eis parlamentaresch Aarbecht ze bréngen.

Och dem Minister vun der Fonction publique an all senge Mataarbechter gehéiert e besonesche Luef. Och si hunn hiert Bescht gemaach, fir des Reformen ëmzesetzen.

E leschte Merci geet un d'Membre vun der Kommissioun, déi alleguerten net nëmme gutt matgeschafft hunn, mä och mat hirem Wëssen dozou bäigedroen hunn, des Reformen zu engem gudden Ofschloss ze bréngen.

Ech soen lech villmoos Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur, deen déi vill Gesetzer an e gemeinsame Rapport konnt kleeeden. An dann huet d'Wuert direkt déi éischt ageschriwwer Riednerin, d'Madame Octavie Modert, déi och scho prett ass.

**Discussion générale**

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Villmoos Merci, Här President. Ech wëll ufänken an dem Rapporteur, dem Här Yves Cruchten, Merci soe fir säi ganz kompletten an exzellent gemaache Rapport. Hien ass och als President vun der Kommissioun ëmmer mat roueger Hand virgaangen an en huet dat hei och ganz brillant virbruecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut eng grouss, eng substanzuell Reform vun der Fonction publique. Et ass eng wichteg Strukturreform, déi déi viregt Regierung ugaangen ass, déi gréisst Reform am öffentlechen Déngscht zanter 50 Joer. Et si besonesch Reformen am Statut an et ass eng Gehälterreform, net just eng Gehälterrevisioun.

Effektiv geet déi aktuell Gehälterstruktur nach op 1963 zréck. Et ass awer net alles mat dëser Reform iwwer Bord gehäit ginn. Awer esou vill innovéiert a restrukturiert wéi elo, dat ass zanter 1963 sécherlech nach net gemaach ginn.

Firwat ass déi Reform ageleet ginn? Ben, d'Entwécklung iwwer 50 Joer hin, déi ka jo sécher keen ofstreiden: Et sinn nei Aufgaben a Missionen mat der Zäit op den öffentlechen Déngscht an op den eenzelne Beamten duer-komm. Et sinn och nei Berufsbiller, nei Ausbildungen an Diplomer komm an d'Ëmsetze vum Bologna-Prozess stoung virun der Dier: Déi nei Diplomer an Ausbildungen, déi ginn och am öffentleche Secteur gebraucht.

1963 ware mer nach am industriellen Zäitalter. Haut si mer am Wëssenszäitalter a mussen d'Gesamtgehälterstruktur der postindustrieller Zäit upassen. De Sprong vun der Schoul direkt bei de Stat als éischten an eenzege Patron, dat ass haut net méi systematesch de Fall. Dat muss et och net sinn, am Géigendeel. Mir mussen also deenen Entwécklung Rechnung droen, se souguer féieren.

Et muss een haut och konsequent op Lifelong Learning setzen, och während der Carrière. Déi initial Ausbildungslinn geet net duer, Weiterbildung ass extrem wichteg, fir Kompetenz virunzuentwéckelen. Da mussen Lifelong Learning, Validation des acquis de l'expérience, ... geféiert ginn. Dat sinn iwwregens och Elementer vum Bologna-Prozess.

Eng logesch Folleg do dervun ass, d'Carrière méi ze décloisonnéieren: méi Opstiegs-méiglechkeeten an eng Carrière uewendriwwer, an dat net nëmme méi just iwwer e System vun der Carrière ouverte, mä och de Mataarbechter d'Méiglechkeet ginn, fir Diplomer nozemaache mat Dispenses de service. Och Aarbechtszäitkonte sollten dofir benotzt kënne ginn - en Dossier, dee jo nach unhängeg ass. Vläch kréie mer haut do och nach e puer Detailler driwwer.

Also, d'Carriären an déi ganz Gehälterstruktur der postindustrieller Zäit upassen, dat ass wichteg gewiescht. Gradesou wéi datt net nëmme méi e Schouldiplom an d'Anciennetéit sollen zielen, mä Weiterbildung, Responsabilitéit a Leeschtung, Engagement a Verantwortung mat besseren Opstiegs-méiglechkeete solle kënne gekoppelt ginn, onofhängeg vum Alter oder der Anciennetéit.

D'Motivatioun soll belount kënne ginn. Mat Flichte soll een och Rechter bäikréie kënnen.

Neie Berufsbiller, neie Formatiounen, neien Diplomer, neie Besoinen an och neien Ufuerderungen a Missionen Rechnung droen: Sou muss de Fonctionnement vun enger moderner Verwaltung sécherlech haut aneschtens ugaange gi wéi 1963, oder wéi 1979, wéi d'Gesetz vum Statut agefouert ginn ass. Mir sollen dofir eng Rei Instrumenter vu Moderniséierung vun der Gestiou aféieren.

Dir Dammen an Dir Hären, vill Wieder sinn driwwer verluer ginn, wéi laang déi zoustänneg Ministere vun der viregter Regierung, de François Biltgen an ech selwer, un dësen neien Texter geschafft, „gedoktert“, diskutéiert haten. Dat ass awer net anormal, well mir u ville Schrauwen a Schraiwescher geschafft hunn, fir e groussen Deel vun eiser Gesetzgebung am Beräich vun der Fonction publique ze iwwerschaffen an nei ze gestalten.

Nei Ufuerderungen a carrément Erausfuerderungen, déi mir ugaange sinn, leien an der Klassifizierung vun de Carriären, dem Gehälterfächer, dem Cloisonnement vun de Carriären ënnereneen, der beruflecher Entwécklung vum eenzelne Beamte mat méi individualiséierte Méiglechkeeten an och der Moderniséierung vun der Fonction publique.

Ech kommen op den éischte Punkt zréck, d'Klassifizierung vun de Carriären an esou weider. Dat huet och bedéngt - an dat wollte mer onbedéngt maachen, fir de Bologna-Prozess ëmzesetzen -, ënner anerem d'Bachelor-carrière anzeféieren. Dat ass awer och d'Reduktioun vun der heiteger Zuel vu verschidde-aartege Carriären. An et ass de Reklassement vu verschidde Carriären, an dat op Basis vun zwee Kritären: éischten der Evoluitioun vun de Studienfuerderungen an zweetens der Evoluitioun vun de Missiounen a Sujétiounen an der Berufsausübung.

Wa mer vu beruflecher Entwécklung schwätzen, da schwätze mer vu beruflecher Entwécklung vum eenzelne Beamte mat méi individualiséierte Méiglechkeeten. Mir wollten e besse- ren Zougang zu enger anerer Carrière am Laf



vum Berufsliewe ginn: nient d'är heiteger Carrière ouverte, Lifelong Learning, a während enger Iwwergangphas awer och - dat ass déi dréit Méiglechkeet -, während enger Iwwergangphas vun zéng Joer iwwer eng „Voie expresse“, en temporäre Mechanismus vu Changement de groupe; deen ass besonnesch wichteg fir verdéngschtvoll Mataarbechter, déi scho méi laang am éffentlechen Déngscht schaffen, wann d'Reform a Kraaft trëtt, an doduerch net méi vun der Moosnam, déi ech virdu genannt hunn, profitéiere kënnen. E kënt de Beamten aus der heiteger Redakteschcarrière entgéint, déi kënnen iwwer dese Mechanismus hei direkt an d'Carrière A1 kommen.

Wat déi berufflech Entwécklung ugeet, géif ech gär folgend nei Moosnamen ernimmen: De Stage ass nei konzipéiert ginn: Begleitung duerch e Patron de stage an eng besser Formation.

Da si besser harmoniséiert Délaie fir Avancementer komm. Ofschafe vu verschidde Ongerechtegkeeten a Blockéierungen - dofir sinn d'Kaderen ofgeschafft ginn. D'Prozentsatz vun den Effektivem am Cadre fermé hunn nämlech zu Blocagé gefouert a waren dofir net ëmmer équitabel.

Fir de Verlaf vun dem Eenzelne senger Carrière geet et drëm, net méi nëmme den Déngschtalter, also d'Anciennetéit ze kucken, mä och Verantwortung an Engagement. Esou sinn d'Substitutionsgraden ersat ginn duerch de System vun enger zweeter Filière vu Majoration d'échelon fir Postes à responsabilités particulères am Niveau supérieur, wou Verantwortung iwwerhuelen zielt an net méi nëmme just Anciennetéit zielt, an dat och éischer wéi eréischt am Endgrad.

Berufflech Entwécklung soll och heeschen, dass ee professionell Expérience besser uerkennt kann duerch nei Regele vu Computation d'ancienneté. Dat heescht, berufflech Expérience aus anere Secteuren net penaliséieren, mä d'Expérience erméiglechen: Dat war eis deemools e wichteg Uleies.

Och de Changement d'administration wollt mer ausdehnen. E géllt och elo fir d'Gemengebeamten an e ka fir d'Employéen zielen. Dat ass fir mech och e wichtige Punkt. D'Employéen iwwerhaapt, déi kréien nei Méiglechkeete mat, wéi gesot, dem Changement d'administration, mat dem Changement de carrière, mat Formation, mat enger allgemenggüterer Regelung fir d'Méiglechkeet vu Fonctionarisierung a mat nei strukturéierte Carrièren. Si kréien och e Stage, ähnlech wéi bei de Beamten. Dofir hätte se och d'Onkennegbarkeet éischer kréie kënnen, wéi elo am Schlusstext vum Gesetz virgesinn ass, well se och nei Konditioneuren operluecht kritt hunn.

Här President, de Punkt vun der Modernisierung vun der Fonctioun publique, dat bedeit Modernisierung par rapport vun der Manéier fir ze schaffen a par rapport zum Fonctionnement vun den éffentleche Services. Dat ass d'Qualitéit vum Service public, d'Effikasitéit vum éffentlechen Déngscht.

D'Fonctioun publique ass haut vill méi grouss ginn, all Verwaltung, all Haus ass gewuess. Do kënnen mer net méi nëmme beim ale Regelwierk bliwen. Et muss ee sech eng Methodologie ginn, generell an allgemenggüteg Regele fir den Émgang mateneen op der Aarbechtsplaz - nei Approchen, déi net néideg waren, wéi d'Verwaltungen nach vill méi iwwerschaubar waren.

Dat bedeit och nei Gestionsinstrumenter vun der Verwaltung. Mir hunn d'Gestion par objectifs agefouert. Souwuel d'Verwaltung wéi all Beamte fixéiere sech Objektiv an Ziler an enger bestëmmter Referenzperiod. Mataarbechtergesprécher: Dat ass ëmmer e wichtige Moment, fir sech auszuschwätzen a fir sech ze implizéieren an d'Entwécklung vun der Verwaltung, an där ee schafft.

Berufflech Entwécklung, heizou gehéiert och d'Méiglechkeet, fir Mataarbechter mat Schwieeregkeete virunhëlfen ze kënnen iwwer verschidde fest geregelt Weeër. Jo, dat ass d'Procédure d'amélioration des prestations professionnelles an och d'Procédure d'insuffisance professionnelle, falls néideg, déi net als Strof, mä als Handreechen a Virunhëlfen geduecht sinn.

Dozou hätt och de Mediateur an der Fonctioun publique gezielt als e wichteg Instrument fir d'Schlichtung vun zwëschemënschleche Froen op der Aarbechtsplaz, dee leider gestrach ginn ass, ouni op dese fir mech wierklech wichtegen Deel vu senger Missiounen anzegoen.

Ee Wuert nach vläicht heizou. Et ass ze bedauern, dass e gestrach ginn ass, de Mediateur an der Fonctioun publique. Als Schlichter sollt en eng neutral Instanz si beim Stat, wou jiddweree sech hiwende kéint, fir datt Problemer geléist kënnen ginn, wa se kleng sinn, amplatz dass se grouss riskéieren ze ginn ouni Léisung an an deem Moment just nach mat onadequate Mët-

tele kënnen ugaange ginn. D'Disziplinarrecht passt ganz dacks guer net op esou Fäll. A souwisou war d'Aféiere vum Schlichter geduecht, fir ze vermeiden, dass et iwwerhaapt bis op dee Punkt vun der Uwendung vum Disziplinarrecht komme géif.

Dir Dammen an Dir Hären, nach e puer weider wichteg Elementer vun der Reform sinn de Congé thérapeutique oder émgenannt besser „service à temps partiel pour raisons de santé“, also en neie Regime vu Gesondheitsdeeltäit-aarbecht oder Krankheitsdeeltäitschaffen. Och dat ass e wichtige Punkt vu Respekt vun de Mataarbechter. Wa se viriwwergehend mat enger méi schwéierer Krankheet müssen eens ginn, während där se awer deelweis schaffe kënnen, dann ass dat wichteg fir dem Kranke säin - oder dem Rekonvaleszenten - säi Selbstwärtgefill oder och säi Liewensgefill.

Ech bedauern e bëssen, dass, entgéint eisem ursprénglechen Text, e Kranken nëmme ee Joer laang 25% ka schaffen, woubäi verschidde Behandlungen an Thérapie vu schwéiere Krankheete jo dacks méi laang dauere kënnen. Et ass awer wichteg, dass de Mensch spiert, dass en nach eppes wäert ass a schaffe ka goen, och wann en zäitweilig net méi wéi 25% packt. Nach ass dat ëmmer besser wéi guer net schaffe goe kënnen.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Leider ass och per Amendement d'Méiglechkeet ofgeschafft ginn, fir Leit, déi méi laang krankgeschriwwen sinn, éischer begleeden ze kënnen, andeems se éischer wéi haut, also éischer wéi virum Oflaf vu sechs Méint scho kéinte vum Kontrollidokter suivéiert ginn. Well heiansdo sinn d'Leit méi gesond, wéi se gemaach ginn, an heiansdo méi krank, wéi et sech ugesäit.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn e ganze Koup nei Moosnamen agefouert ginn. Dozou gehéiert d'Retraite progressive; de Rapporteur huet se gutt beschriwwen gehat. Et handelt sech hei ëm e Mechanismus, fir den Ausstieg aus dem aktive Liewen ze flexibiliséieren a méi individuell unzepassen. Dat heescht, d'Verwaltung, de Patron also, benefisiiert méi laang nach vun der Expérience vun engem laangjährege Mataarbechter, deen awer och scho besser ka säin Ausstieg aus dem Beruff virbereeden.

Mir haten (veuillez lire: Mir haten am urspréngleche Gesetzesprojet) och virgesinn, e Rapport de fin d'activités anzeféieren; deen ass jo gestrach ginn, de Rapporteur huet et gesot. Et sollt e kuerzen Ofschlussbericht sinn, e kuerzen Ofschlussbericht, fir ze hannerloossen a fir säi Wësse viruzeginn. Dofir war dee Bericht geduecht. Schued, dass e gestrach ginn ass. Wësse viruginn ass ëmmer e wichtige Punkt.

Ech ginn net op all aner Elementer vun dëser Reform an. Et sinn der nach vill. De Rapporteur Yves Cruchten huet eis se virdu gutt duergeluecht fir déi meescht vun hinnen, wéi d'Harmonisierung an en neie System vun der Familienzoulag - der Allocation de famille -, déi mir wollten hunn, wéi och d'Neesafierung vun der Biennale, déi am Joer 2000 ersat gi war duerch eng Annale.

Mä, Här President, dat, wat ech elo gesot hunn, ass nëmme e klengen Extrait vun dëser bedeieter Reform an hiren Enjeuen. Et weist, wéi eng Aarbecht vun Envergere hei geleescht ginn ass an datt et (veuillez lire: datt et an dëser Reform) guer net just ëm Ufanksgehälter geet an och wéi iwwer Carrièren erausgeet. Verschidde Punkte verlaangen dofir nach e bësse méi Kommentare.

Een éische Punkt, eigentlech eng Remarque préalable am Fong, ass d'Bäibehale vun engem separaten, spezielle Statut fir den éffentleche Secteur, Beamten an Employéen. Doriwwer war eng grouss Eenegkeet heibannen an der leschter Legislaturperiod. Ech denken, dass nach ëmmer esou. Dee Statut, dee bedeit Aarbechtsplazgarantie, mä e bedéngt och Kontinuitéit, Neutralitéit an Onofhängegkeet vun der Fonctioun publique.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

An deem zweete Punkt kommen ech op d'Änderungen am Beräich vun der Struktur an dem Klassement vun de Carrièren ze schwätzen; déi sinn eent vun de wichtegen Elementer vun dëser Reform. D'Struktur an d'Klassifizierung vun de Carrièren sinn, wéi gesot, gréisstendeels nach op d'Gehältergesetz vun 1963 zrëckgaangen. Dat Gesetz ass bis elo net substanzuell a scho guer net a sengem Fëllement émgännert ginn. Mir hunn awer nei Studiegäng, Formationen, berufflech Ufuerderungen, déi geännert hunn, nei Formationen, nei Diplomer, déi epstane sinn, virun allem och mam Bologna-Prozess.

1963 sinn et och nach keng technesch Carrièren beim Stat ginn. Mat all deenen Entwécklungen

hunn och d'Missiounen an déi domat verbundene Responsabilitéiten evoluéiert. An dës Entwécklung mussen hautdesdaags hiren Néierschlag an der Struktur an am Klassement vun de Carrièren fannen.

Dat hat d'CSV/LSAP-Regierung 2009 kloer an hirer Regierungserklärung drastoen. Si hat och gesot, dass d'Reform misst der wirtschaftlecher a finanzieller Situation vum Land Rechnung droen. All Carrièren kréie mat dësen neien Texter eng nei Struktur, bis op d'Magistratur, wou dat zesumme mat der grousser Justizreform virgeholl soll ginn.

Déi nei Struktur besteet, wéi gesot, an enger Kompression vun der Zuel vun de Carrièren an och duerch d'Fusion an d'Regruppierung vun den aktuelle Carrièren an der Administration générale, Arméi, Police, Douane an am Enseignement, wou eng Carrièren plane ersat ginn ass duerch eng Carrièren hiérarchisée.

Firwat soen ech dat nach eng Kéier? Firwat d'Carrièren fusionéieren?

Et gétt eng grouss Zuel vu Carrièren haut, mat zum Deel ganz klengen Effektivem, wat hire Fonctionnement an der Praxis net vereinfacht an esou och net jiddwereem déiselwecht Méiglechkeete bitt. An dat, hunn ech fonnt, sollt mer änneren. Mir kréien awer och mat där Carrièrenreform d'Bachelorscarrière beim Stat agefouert, wat scho laang fällig war. An eng Partie Carrièren gi reklasséiert, fir ebe just der Evoluition vun de Studie wéi och vun de Missiounen Rechnung ze droen.

De Reklassement géllt direkt fir jiddwereem, deen haut am Service ass. Et gétt eng direkt Augmentatioun vum Gehalt, dëst awer nom Prinzip vun darselwechter Valeur d'échelon. Dat heescht, virun allem kréien all reklasséiert Carrièren eng méi interessant Carrièresperspektiv - also Carrièrentwécklung - wéi déi, déi se nom aktuelle System gehat hätten.

Et bleift, dass, obscho jiddweree mam neie Gesetz besser ewechkënn wéi nach ënnert där aktueller Gesetzgebung, d'Revaluierung vun de Carrièren ee Volet vun der Reform ass, deen an der Lescht ganz vill am Gespréich war a vun enger Carrièren kritiséiert ginn ass. Verschidde Berufssparte fuerden esou méi eng komplett Rekonstitution vun hiren neier Carrièren, mam Argument, dass déi, déi scho méi laang beim Stat agestellt sinn, benodeelegt géife gi par rapport zu den Agenten, déi eréischt an Zukunft agestellt ginn. An zwar waren dat d'Éducateuren, déi jo an de leschte Méint - an herno och nach haut heibaussen, wéi se ugekënnegt hunn - kloer hir Meinung vehiculéiert hunn an op dësem Punkt net frou mat der Reform sinn.

Si kréie wuel elo d'Méiglechkeet, op eng Majoration d'échelon ze kommen, woubäi hir Carrièren virdu keng Substitutionsgrade virgesinn hat. Et wär sécher derwärt gewiescht, fir vun offizieller Säit op dës Froe respektiv Afrostellung anzegoen mat vergläichende Callen an dem vergläichenden Duerstelle vu verschidde Carrièrenverleef, och der Objektivitéit halber.

Nient den Éducateuren ginn nach eng ganz Partie aner Carrièren reklasséiert. Am Ganze ginn eng zwo Dose Carrièren reklasséiert. Déi Zuel ass vläicht interessant eng Kéier ze nennen. Et gétt also net just eng eenzeg Berufsgrupp reklasséiert, et kann een dofir och net vun Diskriminierung schwätzen. Natierlech hätt jiddweree gär och nach méi geholl. Allerdéngs, eng Reconstitution de carrière hätt en immensen Impakt op d'Statsfinanze gehat. Et sinn, wéi gesot, net nëmme eng oder zwo Berufsgruppen a Carrièren concernéiert. Finanziell wär dat net dra gewiescht.

Aneschters gesot: Dann hätt et keng Reklassementer kënnen ginn an d'Bachelorscarrière hätt net kënnen agefouert ginn, egal ob zu budgetär schwierigen oder gudden Zäiten. Dat heescht, et wär onméiglech gewiescht, eng Gehälterrevisioun mat dësem neie Gesetz virzehuelen. Domat wär déi a ganz weite Ferne geréckelt.

An dobäi ass et awer wierklech un der Zäit, der Evoluition vu verschidde Carrièren, wat d'Ausbildung oder och d'Responsabilitéiten ugeet, Rechnung ze droen. An et ass wierklech un der Zäit, fir d'Bachelorscarrière virzugesinn an anzeféieren.

Et muss een awer nach eng Kéier betounen: Vum Reklassement profitéiert jiddweree. Kee kritt eppes ewechgeholl. Am Géigendeel, déi reklasséiert Carrièren kréien all bäi.

Wuel ass awer kee System perfekt. Et ka sinn, dass et e bessere gétt, fir dës Reklassementer ze maachen, bei ähnlechem Impakt. Vläch gëtt eppes Besseres fonnt. Ouni d'CSV an der Regierung kann et jo am Fong nëmme besser sinn, net?

(**Brouhaha**)

Mir loosse eis och ganz gär op d'Diskussion...

Jo, jo, jo!

(**Brouhaha**)

Mir loosse eis och ganz gär op d'Diskussion vun alternative Mechanismen an, wann d'Regierung der presentéiert.

Egal wéi, et bleift, dass de System vum Reklassement verschidde flagrant Härtefäll opweise kéint, wann e bis an der Praxis ugewannt gétt, besonnesch bei de Leit mat enger méi laanger Déngschtzäit. Dat misst iwwerpréift an am A behale ginn. Dee Moment misst een déi Härtefäll individualiséieren a kucken, adequat Antwerten a Léisungen ze fannen, am Respekt vum budgetären Equiliber, falls et vill Fäll wäeren.

An deem Sënn hu mir och eng Motioun ausgeschafft, déi mir als CSV déposéieren an an där mir d'Regierung froen, déi verschidde méiglech Härtefäll ze individualiséieren a Léisunge virzeschloen, wéi een dës Härtefäll kéint entgéintkommen, ouni de Budget ze iwwerstrapazéieren an ouni mat der Philosophie vun der Reform ze brieche.

Wann ech gelift, Madame Presidentin!

**Motion 1**

*concernant le projet de loi 6459*

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi 6459, tout comme d'ailleurs les autres projets de loi qui sont aujourd'hui à l'ordre du jour de la Chambre des Députés<sup>1</sup>, reprennent et transposent les accords négociés entre les Gouvernements successifs et la Fédération Générale de la Fonction Publique (CGFP);*

*- considérant que la classification des carrières de la fonction publique constitue un élément important de l'accord précité;*

*- rappelant que le Gouvernement précédent a tenu à adapter le système de classification d'un certain nombre de carrières, qui date de 1963, aux exigences d'une fonction publique moderne;*

*- rappelant que, si certaines modifications ponctuelles furent apportées au fil des années, le régime actuel des carrières ne tient pas compte des évolutions de ces dernières années au niveau des études et des formations, voire des missions, contraintes et responsabilités liées à l'exercice de certaines carrières;*

*- rappelant ainsi que le nouveau système de classification emporte le reclassement de certaines carrières et que ce reclassement profite à tous les agents en service qui bénéficieront d'une augmentation de traitement immédiate et surtout d'une expectative de carrière plus intéressante que celle à laquelle ils pourraient s'attendre en vertu du système actuel;*

*- considérant que la réévaluation de certaines carrières est au coeur d'une série de revendications de la part de certaines professions qui estiment qu'elle devrait emporter pour les agents déjà en place une augmentation immédiate plus substantielle, voire une reconstitution complète de leur carrière;*

*- rappelant que la réforme envisagée de la fonction publique doit répondre à deux objectifs, à savoir: moderniser la fonction publique tout en tenant compte de la situation économique et financière du pays;*

*- rappelant à nouveau que l'actuel Gouvernement comme le Gouvernement précédent s'est engagé sur la voie de l'équilibre budgétaire;*

*- constatant qu'une reconstitution des carrières aurait sans aucun doute un impact considérable sur les finances publiques de l'État;*

*- donnant cependant à considérer que, si le système de reclassement tel que prévu aboutit à des cas de rigueur, il échet néanmoins de rechercher une solution pour les éventuelles situations les plus flagrantes qui pourraient se présenter;*

*- rappelant toutefois que la recherche de solutions ne saurait remettre en cause le fondement même de la réforme ni impacter le budget de manière insoutenable;*

*invite le Gouvernement*

*- à individualiser les cas de rigueur les plus importants ou les plus flagrants;*

<sup>1</sup> Il s'agit des projets de loi 6457 et 6458, ainsi que des projets de loi 6460, 6461, 6462, 6463 et 6465.



- à proposer une solution adéquate pour les cas de rigueur ainsi individualisés, tout en s'assurant que la solution ainsi proposée ne rompt pas la philosophie de la réforme et n'impacte pas de manière insoutenable le budget de l'État.

(s.) Octavie Modert, Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Paul-Henri Meyers, Gilles Roth.

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Merci.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Den Här Minister huet jo elo kuerz an enger Zeitung gesot gehat: „Wa Saachen ze verbessere sinn, da këmmere mir eis drëm“, och wann dat sécher vill Aarbecht géif verlaangen. Mir wäere frou, wann eis Motioun hei am Plenum eng grouss Majoritéit géif fannen.

Ech wëll nach op en anere Punkt ze schwätze kommen, dat ass d'Iwwergangsbestëmmung vu fënnf Joer am neie Gehältergesetz, den Artikel 41. D'Suerg war an ass déi, datt een d'Carrièreperspektive vun deene Fonctionnaire wolle erhalen, déi scho beim Stat schaffen, wann déi nei Gesetzgebung hei a Kraaft trëtt. Dës Fonctionnaire kënnen während der Iwwergangszäit vu fënnf Joer vu maximal zwee Avancementer am Grad profitéieren, an zwar nom ale System, wann dësse méi favorabel fir si wär.

D'FEDUSE-Administration huet dës transitoiresch Moosnam kritiséiert, well se d'Iwwergangsjoren ze restriktiv fënnf an heimat Härtefall geschafte géife ginn. In fine si si a Mediation gaangen. De Mediateur huet elo kuerz dräi Avancementer maximal amplaz zwee virgeschloen, mat enger Verlängerung vun der Période transitoire vu fënnf op sechs Joer.

D'CSV-Memberen haten en ähnlechen Amendement an der Kommissioun virdrun hannerluecht - ausser datt eng Verlängerung vu fënnf op siwe Joer virgeschloen gi war -, fir ebe just eventuell Härtefall ze vermeiden. Dësen Amendement ass an der Kommissioun verworf ginn.

Mir sinn eis bewusst, datt dat e kuerzfristegen, awer begrenzten Impakt op de Budget kann hunn. De Mediateur war sech däre sécher och bewusst. Mir denken awer, datt et Sënn géif maachen, deen Impakt einfach emol ausrechnen ze loosse an ze kucken, ob een net kéint eng Ännerung vorschloen, déi souwuel der Philosophie vun der Reform wéi och dem budgetären Équiliber Rechnung géif droen.

Et geet jo hei och ëm méi: Domat kéint een dem Instrument Conciliatioun, Mediation säi Wäert loosse, deen déi Prozedur zweifellos huet. An dat ass och e ganz wichtige Punkt. Deemetspreechend hu mer eng Motioun virbereet, Madame Presidentin, an och hei wäere mir frou, wa se mat grousser Majoritéit ugeholl géif ginn.

## Motion 2

(Projet de loi 6459 dispositions transitoires relatives à l'avancement des fonctionnaires)

La Chambre des Députés,

- considérant que le projet de loi 6459 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État prévoit en son article 41 (ancien article 37) des mesures transitoires relatives à l'avancement des fonctionnaires déjà au service de l'État au moment de l'entrée en vigueur des nouvelles dispositions;

- considérant que ledit article 41 prévoit plus particulièrement une mesure permettant aux fonctionnaires en service de profiter pendant une période transitoire de cinq ans d'un maximum deux avancements en grade suivant les modalités de l'ancien régime si celui-ci s'avère plus favorable;

- considérant encore que pour des motifs d'équité, ces mêmes modalités ont été rendues applicables aux agents des anciennes carrières planes à avancements fixes;

- rappelant dans ce contexte que la Fédération des universitaires au service de l'État FEDUSE-Administration affiliée à la CGFP estime que les dispositions transitoires et plus particulièrement le maintien en vigueur pendant cinq ans à compter de l'entrée en vigueur des nouvelles dispositions des conditions d'avancement résultant du régime légal actuel et une limitation concomitante des avancements en grade à deux conduiront à des cas de rigueur;

- rappelant que la FEDUSE-Administration a proposé d'une part, que la période transitoire comporte un maximum de trois au lieu de deux avancements en grade en vue de maintenir également sous le régime légal en projet les expectatives d'avancement en grade auxquelles les fonctionnaires de la carrière supérieure entrés au service de l'État avant le dépôt du projet de loi 6459 ont pu s'attendre sous le régime des dispositions ac-

tuellement encore en vigueur, et d'autre part que subsidiairement la période transitoire soit allongée pour que le bénéfice des trois avancements en grade puisse effectivement jouer;

- relevant encore que la FEDUSE-Administration a, après que la Commission de conciliation ait constaté le 9 janvier 2015 la non-conciliation dans le cadre du litige non généralisé concernant la carrière des universitaires relevant de l'administration générale de l'État, soumis une demande en médiation, et que le médiateur a conclu à l'impossibilité de concilier les points de vue des parties en cause;

- constatant cependant que le médiateur a néanmoins proposé in fine aux parties que soit examinée la possibilité de bénéficier de trois avancements en grade au maximum au lieu des deux prévus et d'allonger la période transitoire de 5 à 6 ans afin d'assurer à ces avancements en grade une possibilité réaliste de s'appliquer;

- constatant que le médiateur a encore ajouté que: «les solutions retenues par ailleurs pour faciliter la transition du régime légal actuel vers le nouveau régime (...) laissent transpercer la volonté politique certaine de maintenir en vigueur (...) un nombre relativement important de règles qui apparaissent plus favorables pour les fonctionnaires concernés.»;

- donnant encore à considérer que malgré ces règles des cas de rigueur peuvent continuer à se présenter;

- rappelant à nouveau que l'actuel Gouvernement comme le Gouvernement précédent s'est engagé sur la voie de l'équilibre budgétaire;

- rappelant dans ce contexte que la réforme envisagée de la fonction publique doit répondre à deux objectifs, à savoir: moderniser la fonction publique tout en tenant compte de la situation économique et financière du pays;

invite le Gouvernement

- à chiffrer la proposition du 28 janvier 2015 du médiateur telle qu'il l'a formulée dans le cadre du différend qui oppose la FEDUSE-Administration au Gouvernement;

- à proposer une solution adéquate pour les cas de rigueur dans le respect de l'institution de la médiation, tout en s'assurant que la solution ainsi proposée ne rompt pas la philosophie de la réforme et n'impacte pas de manière insoutenable le budget de l'État.

(s.) Octavie Modert, Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Paul-Henri Meyers, Gilles Roth.

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Merci.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- E puer Wuert nach zu de sektoriellen Transpositione vun den neien Texter.

D'Regierung huet am November 2014 en Accord mat den dräi national representative Gewerkschaften ënnerschriwwen, wouvun ee Punkt virgesäit, datt d'Reform vun der Fonction publique an den Accord salarial op de Spidols-a Fleegeseक्टर transposéiert ginn. Ech wëll den Här Minister gär froen, wou d'Gesprécher iwwert d'Transposition dru sinn, déi mat dem Secteur a mat sengen Organismen, déi déi sinn, déi dësen Accord ëmsetze missten, respektiv mat deene fir de Secteur zoustännege Ministeren a Ministären dru sinn. Gëtt et do scho Konklusionen? A wa jo, wéi eng? A wéi séier géif dann dës Ëmsetzung kommen?

An dës Secteure sinn iwwregens vereenzelter vun de Carrière scho revaloriséiert gewiescht, déi mat dësen neie Gesetzzer vun haut elo beim Stat reklasséiert ginn. Reklasséierungen, déi och deels doduerch bedéngt waren, well ebe verschidde Carrièren hir Diplomen an dësen assimilierte Secteure schon unerkant kritt hunn. De Stat zitt elo no.

Zur sektorieller Transposition: Kann d'Regierung eis och vläicht generell Informatiounen ginn dozou? Dat heescht zu den Texter, fir de spezifesch Situatiounen vu verschiddene Secteure Rechnung ze droen, spezifesch Texter fir déi sektoriell Transposition wéi fir de Gemengesector, d'Police, d'Armée, d'CFL. Fir d'Éducation ass jo elo kierzlech en Text déposiert ginn, wou sécherlech och nach wäert driwwer diskutéiert ginn a gekuckt ginn - wéi schwierig et och heiansdo ass, do Transpositione ze maachen -, wéi se dann awer och gemaach ginn a gemaach kënnen ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, Formatioun a Weiterbildung si Schlüsselementer an der Uneeignung vun neie Kompetenzen a si sollen an Zukunft méi eng wesentlech Roll spillen. D'Formatioun kritt och eng nei Bedeutung an der Reorientéierung vum Stage.

An Zukunft muss den zukünftege Beamten am Statexamen, also dem Opnahmeexamen an den öffentliche Déngscht, net nëmme beweisen, datt en eppes weess, mä a senger dräijähriger Proufzäit och beleéien, datt en eppes kann. Dobäi soll en net eleng gelooss ginn a

kucken, wéi e selwer eens gëtt, mä e soll eng richtig Aféierung an Insertioun op senger neier Plaz kréien, ënner anerem och mat engem Patron de stage, duerch eng verbessert theoretisch, awer och praktesch Ausbildung op der Aarbechtsplaz selwer. De Stage dauert dofir och nees am Prinzip dräi Joer laang.

Ech bedauern allerdéngs, Här Minister, datt Dir déi schon nëmme kuerz Phas vu Mobilitéit während dem Stage ofgeschafft hutt, wou de Stagiaire och aner Verwaltungen a ganz anere Fachberäicher mat anere Sachzwäng kennegeleiert hätt. En Element géint spéidere Cloisonnement, dës Kéier an de Käpp, géint falsch verstanenen Esprit de corps a fir méi breet gefächert Erfahrungswärter dem Stagiaire mat op de Wee kënnen ze ginn, dofir war et geduecht.

Jo, Ausbildung, Léieren a Bäléieren ass wichtig, grad och am Ufank vun engem Berufsliwen. Am Stage weess een nach net alles. Bis elo war déi Pai vum Stage awer gläichgestallt mat der Carrière vum vereedegte Beamten. Déi nei Stageindemitéit setzt dodrënner un, bei 80% vum drëtten Échelon respektiv 90%, woubäi déi nei Regierung, am Géigesaz zu de Virgänger, zejoert de Mäerz déi 90% op dem véierten Échelon ugesat huet.

Ee Wuert nach zu der Stageindemitéit. D'Ufankgehälter leie beim Stat hautdesdaags aus enger ganzer Partie vun historesche Grënn héich par rapport zum Privatsector, zum Deel ganz héich. 1963 hunn d'Statsbeamten awer wéineg verdéngt a bis ausganks vun den 80er Jore souwisou manner wéi am Privatsector.

Haut ass et esou, datt d'Carrière beim Stat ganz gutt ufänken, awer och séier un de Schluss kommen. Wann ee wëllt bei de Stat schaffen goen, soll een awer net just goen, well d'Ufankgehälter esou vill méi héich si wéi am Privatsector. Et muss een déi ganz Carrière kucken an eng ganz Ausbildung kucken. Et ass jo dofir, datt mir och wëllen e bessere Stage aféieren, fir déi Jonk besser op hir definitiv Schaff virzubereeden.

Et ass net einfach d'Astiegsplaz gekierzt, mä et reit sech an an d'Philosophie vun enger gesamter Reform an et ass drëm gaangen, fir dat an engem Gesamtmouvemeng vun enger gesamter Reform ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, eng Moderniséierung an der Fonction publique brauch och nei Instrumenter, mat enger Gestion par objectifs, wou souwuel Verwaltung wéi deen eenzelne Beamte sech Objektiv fixéieren, Ziler setzen - en Novum fir den öffentliche Déngscht, e Paradigmewiesell, wéi de Minister Biltgen et gär beschriwwen huet. Motivatioun, Leeschtung a Verantwortung sollten an Zukunft besser zielen. A Motivatioun an Asaz sollten och emol nees unerkant kënnen ginn. Sou war et gewollt an deem objektive Bewäertungssystem, deen transparent, novollzéierbar an aklobar war a sech inspiréiert huet u bestehende Systemer, ouni awer deenen hir Feeler ze iwwerhuelen.

Ech weess, datt d'Gewerkschaften gedeelter Meinung besonnesch iwwert den Detail dovunner waren. Mä d'Bewäertung an der initialer Versioun vum Gesetzesprojet ass net nëmme vun uewen no ënnen erof-, mä och vun ënnen no uewen eropgaangen, an ouni datt d'Politik, dat heescht de Minister, doran intervenéiert hätt, dofir awer mat enger paritéitescher Kommissioun mat dem haaptberufleche Mediateur fir d'Fonction publique, fir Neutralitéit - a géint Favoritismus - ze garantéieren.

Et war kee Selbstzweck, mä e Mechanismus fir Weiterentwicklung an Ännerungen an der Fonction publique. Et ware kloer an transparenten Regeln, déi opgestallt gi waren, fir datt et net am Kader vun der Bewäertung zu verstoppten Disziplinarsanktiounen komme kéint, wéi Déplacement, aner Affektatiounen ouni explizit Verfahren an esou weider.

Am staatleche Secteur huet d'Politik selwer net intervenéiert an där Bewäertungsprozedur, wéi se deemools opgestallt gi war. Am Gemengesector war de Schäfferot mat dru bedeelegt. Dat war iwwregens eng Konzessioun, déi mir als deemoleg Ministeren dem Syvicol op d'Demande vun hirem heitege President hin, deen haut hei bei eis op der Regierungsbänk setzt, gemaach haten. Hien huet duerno als Minister dee ganzen Deal vum Bewäertungssystem gestrach.

Am Fong kann ee bedauern, datt elo d'Valeur vun deem Einzelnen - wéi e schafft, säi Kënnen a säi Mérite - haaptsächlech gekuckt gëtt, wa se negativ ass, net méi, wa se positiv ass. D'Motivatioun war e wichtige Aspekt. Och emol eng Kéier eng Unerkennung ze kréien, dat war wichtig. Dat ass et mat den Amendementen...

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Madame Modert!

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- ...vun der neier Regierung net méi ginn. Pardon?

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Madame Modert, erlaabt Dir, dass den Här Minister lech eng Fro stellt oder e Kommentar mécht?

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Jo, gären, sécher!

► **M. Dan Kersch**, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Dat ass ganz léif, Madame Modert. Ech si jo ganz frou, dass Der meng Verdéngschter als President vum Syvicol hei ervirsträicht. Mä ech denken, dass dat keng Konzessioun vis-à-vis vum Syvicol war, mä ganz einfach eng Unerkennung vun de gesetzleche Realitéiten, déi am Gemengesector sinn. An do ass et nämlech esou, dass de Schäfferot einfach per Definition de Chef d'administration ass. An dat kann een net mat engem anere Reglement ausser Kraaft setzen.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Dat ass richtig, Här Minister. D'Gesetzeslag oder d'reglementaresch Lag war déi. Et waren och nach aner Argumenter derbäi, fir et souwisou och nach ze froen.

Mä egal wéi ass dee System jo elo ofgeschafft. Dir hutt déi Prozeduren do geännert, soudatt ech, wéi gesot, bedauern, datt elo haaptsächlech d'Valeur vun deem Einzelnen nëmme ka gekuckt ginn, wa se negativ ass, an net méi esou vill zielt, wa se positiv ass. Déi Motivatioun, ëm déi et eis gaangen ass, war e wichtige Aspekt. A fir och emol eng Kéier kënnen eng Unerkennung ze kréien, dat war am Fong geholl de Punkt, deen eis och ganz wichtig war. Et gëtt och elo keng Bewäertungselementer méi vun ënnen no uewe mat där neier Prozedur.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen nach zum Accord salarial. De Rapporteur huet dat scho ganz gutt och exposéiert, datt 2010/2011 eng Nullronn war. Et ass scho ganz laang hier, datt beim Stat eng Nullronn war, déi leschte Kéier wuel an den 80er Joren, wéi d'Stolkris war. An ech denken, dat muss een och ënnersträichen an unerkennen.

Bei der Nullronn kënn jo derbäi, datt d'Gehälterofkommens vun 2011 op zwee Joer ausgesat an no hanne geréckelt gi war. Och dat ass aussergewéinlech, a mir waren dankbar, datt d'CGFP 2012 op eis Demande aagaange war, fir zwee Joer ze reportéieren, als Spuerereffort zu Zäite vun der Krijs. Dat heescht, datt et elo am Joer 2015 fir d'Eischt zënter 2009 eng Punkt-wärterhéijung wäert ginn. Dat sinn dann ëmgeréicht ongeféier 0,4% op d'Joer. Dat géif an anere kollektivvertraaglech organiséierte Secteure sécherlech net als iwwerdrifwe Gehälterpolitik gesi ginn.

Deemools hat am „Journal“ gestanen, „die Staatsbediensteten“ wäere mat dem „Manna ihrer Herren beglückt“ ginn. Et sief awer bemierkt, datt sech 2011 um Tariffschloss fir de Finanzsector inspiréiert gi war.

Mir hunn aus dem Mond vum Rapporteur dës Deeg an de Medien héieren, datt elo de Gehälteraccord ganz huertge ausbezuelt wäert ginn. Dës Regierung huet jo och e wierklech gudden Drot zum Statsrot, soudatt deen extra eng Sitzung aberuff huet, fir muer de Moien iwwert d'Dispens vun zweete verfassungsméissege Vote ze entscheeden. Domat kéinten d'Gesetzzer, déi mir haut diskutéieren, och ganz séier promulgiéiert ginn an a Kraaft trieden.

Do sinn der och sécher vill frou driwwer, dat kann och ganz gedeelt ginn. Dat waren Informatiounen, déi mir als Deputéiert sécherlech och gär an der Chamberskommissioun gehat hätten, well dat ass jo e wichtige Element, dat och zum Akraaftriede vun deenen Texter hei gehéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, nach zwou lescht Bemierkungen, obschonn och de Rapporteur dat scho gesot hat. Mir hunn elo hei een eenzegen Text fir den transitoiresche Pensionsregime. Ech mengen, datt dat och e wichtige Punkt ass.

A mir hunn e Code de déontologie virgesi gehat, vun deem natierlech d'Basis am Gesetz vum Statut sollt geschafft ginn, deen natierlech awer op d'Bedenke vun Statsrot hin elo net méi esou drasteet, wéi en do drastoung. Déi betreffend Passagé sinn erausgeholl ginn. D'Viraarbechte sinn allerdéngs geleescht. An ech denken, datt d'Regierung de separaten Text dann och sécher geschwé wäert virléien. Vlächte kënnen mer do och e puer Prezisiounen herno dozou kréien.

E lescht Wuert zu dem Statsrot sengen Oppositions formelles, well do jo vill Tënt driwwer gefloss ass an déi Zuel vun 100 ëmmer nees an de Mond geholl gi war.

Jo, et waren der eng gutt Zuel, awer et sinn och vill Texter, vill Artikelen. An et ass, an dat





muss ee bemierken, eng nei Jurisprudenz vum Verfassungsgericht komm gewiescht. Déi war postérieur zum Dépôt vun de Gesetzesprojete vun der Reform hei an der Chamber. Logescherweis konnt dat net antizipéiert gi beim Schreibe vun den initialen Texter, soudatt een déi Opposition-formellen do guer net hätt kënne vermeiden.

An et si ganz vill rekurrent Oppositione gewiescht. Et sinn en Deel technescher gewiescht, dat sinn der, wéi „notamment“ ze strächen, déi iwwerengs keng Oppositions formelles kritt hunn an engem anere Gesetzestext, deem vum Artistestatut, do hat de Statsrot dat net mat enger Opposition formelle gehandelt.

Et sinn och duerno, no den Amendementen, nach Opposition-formellé rescht bliwwen, och do rekurrenter zum Deel, och do technescher, och do e puer anerer. Ech mengen, datt esou grouss Texter an esou grouss Reforme wéi déi heite sécherlech och net ouni Feeler auskommen. Mir sinn ëmmer frou, wann de Statsrot se natierlech dann erausfennt an eis seet, wéi mer et solle besser maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, déi Texter kommen haut hei zur Ofstëmmung. Wéi gedenkt d'Regierung elo virzoge fir d'Ëmsetzung?

Et war emol ugeduecht, en interne paritétesche Begleetgrupp anzusetzen, fir d'Ëmsetzung vun der Reform virzehuelen. Ech weess net, wéi sech déi nei Regierung do derzou positionéiert. E ganze Koup nei Formationen mussen nach ausgeschafft ginn. Am INAP mussen Ännerunge kommen, vläicht och an hirem Gesetzestext, an da wäerte sécherlech och nach Froe sech stellen. Härtefall kommen och vläicht op. Dofir ass et och eng Fro, ob net vläicht an zwee, dräi Joer d'Regierung gedenkt, e Bilan vun der Mise en œuvre vun dësen Texter ze maachen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Ofschluss vu menger Interventioun. Ech wëll betounen, an ech mengen, dat ass awer och eppes, wat ganz wichteg ass an aus dem Esprit vun dësem neie Gesetz erausgeet: Mataarbechter si wäertvoll am öffentleche Secteur an an all Betrib. Ouni si géif een näischt maachen, kéint een näischt schaffen an näischt errechen.

Et ass definitiv net d'Zil vun der Reform, d'Beamten ze bestrofen, mä d'Motivatioun ze fërderen an d'Qualitéit vum öffentlechen Déngscht ze verbesseren. Ouni e performante Service public och kee performant Land. E performant an effikassen öffentlechen Déngscht ass wichteg fir eng performant Economie. An eng performant Economie kënnt dem öffentleche Secteur zegutt.

Ech hunn ëmmer gesot, datt et eis als deemo-log zoustänneg Ministeren ni dru geleet war, fir öffentlechen Déngscht a Privatsecteur géinteneen auszespillen, mä fir Brécken ze bauen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, et ware vill Verhandlungen ënnert där aler Regierung, et waren och nach Gespréicher, e puer, ënnert dëser Regierung. Mä mir, de François Biltgen an ech, wollten deemools déi gréisstméiglech Concertatioun. Sécherlech waren et laang an och alt schwierig Verhandlungen, mä mir wollten den Dialog hunn. Dat wollt och déi ganz Koalitioun, déi ganz Regierung deemools.

Mir wollten den Dialog net ofbrieche loossen, och net duerch d'Conciliatioun oder an der Conciliatioun. Mir sinn der Meenung, datt den Dialog och virugefouert muss ginn.

Wéist Der, fir déi eng war d'Reform soss näischt wéi de Bewäertungssystem. Fir déi aner nënnen d'Stageindmitteiten. Fir nach anerer just e schlecht Reklassement. An dobäi ass et esou vill méi a kann net einfach op eent vun de villen Elementer vun der ganzer Reform re-duzéiert ginn.

Ech gi mech och der Hoffnung hin, datt et och haut ënnert dëser Konstellatioun, ënnert der neier Majoritéit net nom Aschenputtelprinzip fir dës Texter wäert goen: Die Guten aus Ärem Töpfchen, die Schlechten, dat ware mir, déi Regierung virdrun.

Déi heiteg Regierung huet nach en Deel Ännerunge gemaach un den déposéierte Gesetzesprojeten, technescher a juristescher, och fundamental Natur, déi och net all op Bemierkung vum Statsrot zréckginn. Falls dat esou wär, datt se nach mat anere Passagen, Elementer an Neierungen net d'accord gewiescht wär, déi aus der viregter Regierung hirer Fieder stamen, dann hätt se jo och dat nach kënnen änneren. Et kann een et sécher ëmmer besser maachen. An da muss een och nach besser Virschléi maachen a bréngen.

Loosse mir all zesummen net aus dëser Reform eppes maachen, wou jiddwereen eppes dergéint huet, egal ass wéi engem Secteur, egal aus wéi enge Reien, a wou keen eppes ze wannen huet.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dat heiten ass eng grouss Reform. Dofir wëll ech fir ofzeschleissen en décke Merci ausdrécken un all déi, ouni déi dës Pak net méiglech gewiescht wär: de Mataarbechter a Matdenker aus de Ministèreen a ganz besonnesch dem Fonctioun-publiques-Ministère, aus der Chamberskommissioun an aus der Fraktioun. Merci, well dat hei war vill Aarbecht, an et bleift nach Aarbecht fir en Deel vun hinnen, elo wou et ëm d'Ëmsetze geet vun den Texter.

Et ass eng Substanzreform mat villen Neierungen fir d'Moderniséierung an der Fonctioun publique, ee Gesamtpak. Dofir ass et gutt, wann d'Reform vun enger breeder Majoritéit gedroe gëtt, och wann et plazeweis op eenzelne Punkte verschidde naarteg Vuë ginn. Och d'CSV ass jo net mat allen Ännerunge vun den Amendementen d'accord. Awer am groussen Ganzen ass de Gesamtpak respektéiert an nach ëmmer grouss Linnen, mat deenen och mir eis weiderhin d'accord erkläre kënnen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn heimat d'Zoustëmmung vun der CSV zu dëser Reform.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Villmools Merci, Madame Modert. Als nächst ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten** (LSAP). - Merci, Madame Presidentin. Hei sinn ech erëm. Ausverständleche Grënn dinn ech mech elo natierlech e bësse schwéier, fir dem Rapporteur ze gratuléiere fir seng Berichter,...

(*Hilarité*)

...mä sidd awer alleguerte versécher, datt ech hannert deene Berichter stinn.

(*Hilarité*)

Ech hu virdu mä Rapport opgehalen, andeems ech sot, datt mer eng gutt Fonctioun publique hunn hei zu Lëtzebuerg. An ech wëllt elo, wou ech fir eis Fraktioun schwätzen, och genee do weiderfuere.

Jo, mir hunn eng gutt Fonctioun publique. Als klengt Land brauche mer och eng gutt Fonctioun publique. Als klengt Land mussen mer nämlech déiselwecht Flichten erfüllen an Déngschter leeschten, wéi déi grouss, sief dat, wann et ëm d'Sécherheet vun eise Bierger geet, d'Erzëhung, den öffentlechen Transport, d'Gesundheetswiesen, d'Verwaltung insgesamt, oder nach, wann et ëm d'Ëmsetze geet vun deem, wat ënner anerem zu Bréissel decidéiert gëtt.

An do brauche mer de Verglach mam Ausland net ze scheien. Et ass net sielen, datt bei eis un engem europäeschen Dossier vläicht een oder zwee Mataarbechter sätzen, während bei eisen däitschen Nopere sech e ganze Service mat direkt e puer Honnert Leit mat deemselwechten Dossier befaasst.

Wéi och am Ausland gëtt awer och hei zu Lëtzebuerg heiansdo iwwert d'Statsbeamten hiergefuert. Mir Lëtzebuerger si jo dacks a regelméisseg am noen Ausland. Dofir proposéieren ech lech, huet lech emol Zäit, wann Der eng Kéier zu Tréier, zu Arel oder zu Diddenuewen sidd a gitt emol era luusse bei en Arbeitsamt oder en Umeldebüro vun enger Gemeng a kuckt lech emol do d'Schlaange vu Leit un, déi do waarden, an de Service, deen do gebuede gëtt. Do fällt engem séier op, datt mer zu Lëtzebuerg meeschtens gutt a rapid zerwéiert ginn an eise Verwaltungen.

A wann och sécherlech eis Fonctioun publique net verschont bleift vu Pannen, vu Mësselen oder Retarden, sou soll een net de Feeler maachen an dee ganzen Apparat an een Dëppe gehien.

Firwat soen ech dat alles? Ma, an der Lescht heefe sech all nees d'Attacken an d'Statsbeamten an op hire Statut, dee mer haut wëlle reforméieren. Et schéngt mer dofir wichteg ze sinn, haut als Politiker e kloert Zeechen ze setzen an eis hanner eis Beamten an hanner eis Verwaltungen ze stellen.

Wien haut beim Stat, bei der Gemeng, op der Eisebunn schafft, dee genéisst eng besonnesch Protektioun - dat stëmmt. Dat muss och esou sinn, well dës Protektioun kënnt net eleng. Si kënnt zesumme mat enger Rëtsch Obligatiounen. De Statut vum Statsbeamte soll nämlech sécherstellen, datt de Bierger Impartialitéit an Neutralitéit garantéiert kritt am Émgang mat de staatleche Verwaltungen.

Dat gëllt selbstverständlech och fir d'Enseignanten, déi jo speziell an d'Viséier geholl goufen deslescht. Si, d'Proffen, Léierinnen a Schoulmeeschteren, hunn eng vun de wichtegsten Aufgaben an eisem Stat, nämlech eis Kanner op d'Zukunft virzereeden. Si hunn do eng ganz schwéier Aufgab. Dacks hu se et

mat hétéroclitte Klassen ze dinn a mussen awer kucken, fir jiddwereen esou wäit, wéi et nëmme méiglech ass, virunzebréngen. Si gi sech vill Méi, an dat soll och emol eng Kéier gesot sinn.

Ech halen hei net de blanne Plädoyer fir d'Fonctioun publique, mä de Plädoyer fir e fairen an e sachlechen Discours an der Öffentlecheit iwwer eis Beamten an eis Verwaltungen. Berechtegt Kritik soll ee kënnen duerleeën. Domadder muss sech de Stat a säi Personal och ausenanersetzen. Mä ze behaupten, beim Stat géife lauter Lidderhansse schaffen: Dat stëmmt net!

Anerersäits wëll ech awer och hei un eis Fonctionnaires a Beamten appelléieren, sech bewusst ze sinn, datt si an engem spezielle Regime sinn, deen hinne jo och gewéss Virdeeler bitt. Et stéisst dowéinst op ganz wéineg Versteesdemech am Privatsecteur, wa sech Beamten zum Beispill doriwirer opreegen, datt hir Pai elo dräi Deeg méi spéit ausbezuelt gëtt wéi soss. Dat zemoos, wann ee weess, datt d'Beamte jo virbezuelt ginn an deemno wéineg Grond hunn, sech ze bekloen. Do résele vill Leit am Land de Kapp an dat déngt de Beamten an hirer Saach nu wierklech net.

Am Privatsecteur goufen an de leschte Jore ganz moderat Lounopbesserungen accordéiert. Dat ass beim Stat net anescht gewiescht, och wann dat elo vläicht vill Leit verwonnert. Am Statec sengem Rapport „Travail et cohésion sociale“ vun zejoert kann een noliesen, datt an de Joren 2008 bis 2012 de Salaire moyen nominal an der Administration publique an der Moyenne ëm 0,9% d'Joer gewuess ass, während zäitgläich am Privatsecteur de Salaire moyen nominal ëm 2,2% d'Joer an d'Luucht goug. Dee berühmten Ennerscheid tëscht de Paien am privaten an am öffentleche Secteur ass an de leschte Joren also e bësse méi kleng ginn.

D'Fonctioun publique kennt haut net méi déi regelméisseg Punktwäerterhéijungen aus der Vergaangenheet. Tëschtent de Joren 2000 an 2009 gouf et fir d'Statsbeamten zum Beispill all Joers eng Punktwäerterhéijung oder eng Prime unique; an de leschte fënnf Joer allerdéngs näischt méi. Och wann den Écart zu munche Paien am Privaten nach ëmmer grouss bleift, sou soll een awer och fairerweis soen, datt och d'Personal vum Stat a vun de Gemenge sech bewusst ass, datt hei zu Lëtzebuerg d'Beem net méi an den Himmel wuessen, an datt och si, déi virun der Kris jo geschützt sinn, keng iwwerdrivwe Fuerderunge stellen.

Dësen Accord, et gouf schonns e puermol gesot, gouf ausgehandelt vun der viregter Regierung. Déi nei Regierung huet ugekënnegt, dësen Accord ze respektéieren. Zäitgläich awer huet se och ugekënnegt, datt se fir de Rescht vun der Legislativperiod, also hoffentlech bis 2018, keng weider generell Lounopbesserunge wäert zougestoen.

Zielt een dat alles zesummen, sou kënnt eng Lounopbesserung vun 2,2% bannent quasi zéng Joer eraus. Dat ass rasonabel, well och wann eis ekonomesch Situatioun amgaangen ass, sech lücht ze verbesseren, an eis Statsfinanzen um Wee sinn, sech ze erhuelen, sou mussen mer awer nach Fouss bei Mol halen.

Als LSAP sti mer hannert dësem Accord salarial, och well mer domadder d'Hoffnung verbanen, datt dat de Gewerkschaften am Privatsecteur nei a gutt Argumenter gëtt, zum Beispill bei hire Kollektivvertragsverhandlungen. Et ass also ze hoffen, datt déi positiv Entwécklung vun de Salairé beim Stat sech och op d'Paie vum Privatsecteur auswirket.

An deene leschte Wochen a Méint hu mer als Fraktioun - a wahrscheinlech all d'Fraktiounen heibannen - eng sëlliche Beruffsorganisatioun vum Stat empfaangen. Mir hu mat hinnen iwwert dës Reformen diskutéiert a mir hunn eis och hir Vuen ugelauschert.

D'Madame Modert sot dat elo grad zu Recht: Net all Mënsch beim Stat an net all Beruffsorganisatioun beim Stat ass zefridde mat dëser Reform, hunn dach verschidde Beruffsverbänn Fuerderungen, déi net an dësem Reformpak zréckbehalde goufen. Et ass kloer, datt, wéi bei all Gesetzesprojet, et ëmmer Leit gëtt, déi mengen, si géifen se kuerz kommen. Si solle wëssen, datt een net alles an e Pak kann awéckelen, datt een net Bire mat Appel ka vertauschen an datt de Stat de Kader fir aner Revidicatiounen net zoumécht, och wann dat an dësem Moment technesch a finanziell net méiglech ass.

Eis Regierung huet ugekënnegt, dat, wat tëschtent hire Virgänger an der Gewerkschaft ausgehandelt gouf, ze respektéieren an ëmzesetzen, net méi, an awer och net manner. Domadder sinn d'Dieren awer net zou fir zukünfteg Verhandlungen. Well och, wa mer heimadder schonns eng Partie Ongerechtekte geleist kréien, esou bleiwen awer nach verständlech an zum Deel och berechtegt Fuerde-

rungen am Raum, déi et gëllt fir d'Gewerkschaften bei den nächste Verhandlungsrunden op den Dësch ze leeën.

Ech denken do zum Beispill un d'Chargés de cours am Enseignement. Natierlech mussen si anescht wéi hir Kollege Professere behandelt ginn. Hei muss en Ennerscheid bestoe bleiwen. Mä de Stat ass haut och op si ugewisen, fir datt ka Schoul gehale ginn. Enger Verbesserung vun hiren Aarbechtsbedéngungen, hire Kontrakter sollte mer eis dowéinst och net verschléissen. Och mussen mer hinnen entgéintkommen, fir de Srong an déi regulär Enseignantscarrièren ze packen. Well et ass jo dat, wat mer alleguerte wëllen: gutt ausgebildeten a forméiert Enseignanten a Proffen, déi hir Exame gemaach hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Yves Cruchten** (LSAP). - Ech denken awer och un d'Éducateuren, déi haut virun der Chamber demonstréieren an hir Fuerderungen héichhalen. Si leeschte fir eis Gesellschaft e ganz wichtegen Déngscht, këmmere si sech dach ëm déi an eiser Gesellschaft, déi et am néidegsten hunn, gehollef ze kréien: eis Kanner, déi eeler Leit oder nach déi, ëm déi soss kee sech këmmert. Hire Beruf ass net där einfachster een. A wie sech derfir entscheet huet, Éducateur ze ginn, dee mécht dat aus Iwwerzeugung. An dat verdéngt och Respekt.

Wéi mir alleguerten heibannen huet eis Fraktioun vill Courier kritt vun den Éducateuren, där diploméierter oder och vun de Gradués. Et spiert een an dës Bréiwer, E-Mailen an Trakten, datt et e grouss Frustréiert gëtt an deem Secteur. An dës Frustréiert kann een och gutt verstoen. Schliesslech goufe si jo jorzéngtelaang ënnerbezuelt beim Stat a bei der Gemeng, net par rapport zum Privatsecteur, mä par rapport zu anere vergläichbare Carrière beim Stat. Hir Diplomer goufe bis elo net esou unerkannt, wéi dat hätt misse sinn.

Domadder maache mer elo, ee fir alle Mol Schluss. An Zukunft ginn d'Éducateurs diplômés an der Carrière moyenne an d'Éducateurs gradués an der Carrière supérieure agestallt a bezuelt. Déi, déi haut schon als Éducateur schaffen, ginn direkt mat Kraafttriede vun de Reformen an deen neien, méi héije Grad vun hirem Carrière eropgehol. An dëser neier Carrière evolüiere si dann a kommen deemno och an de Genoss vun der Opwärtung vun dës Carrièren. Et ass also falsch ze behaupten, si géife manner verdéngt wéi hir Kollegen, déi an Zukunft agestallt ginn.

Ech wëll hei och nach eemol rappeléieren, wat dës nei Carrièren ausmaache fir deen Einzelnen. Ech sot virdrun, datt dem Éducateur diplômé säin Endgehalt ëm net manner wéi 39% gehuewe gëtt. A Punkten ausgedréckt sinn dat 131 Punkten; an Euro ausgedréckt mécht dat en Ennerscheid vun iwwer 2.400 Euro. Wie kann dann do nach behaupten, e géif schlecht ewechkommen?

Mir kënnen déi Ongerechtekte aus der Vergaangenheet net réckgängig maachen. Wat mer awer kënnen maachen, dat ass derfir wuerger, datt an Zukunft beim Stat ee behandelt gëtt wéi deen aner. An dat maache mer mat dësem Gesetz.

Et sief awer och hei gesot, datt de finanzielle Kader vun dësem Gesetz net all d'Wënsch kann erfüllen. D'Situatioun vun de Statsfinanzen erlaabt et eis leider net, fir allen Doléancé vun alle Beruffsverbänn nozekommen.

Madame Presidentin, an dëser Reform féiere mer och d'Bewäertung vun de Beamten an. Eppes, wat et am Privatsecteur scho laang gëtt, gëtt och elo an der Fonctioun publique Realitéit. Och de Beamte muss sech vun Zäit zu Zäit a Fro stellen. An et ass jo och positiv, wann ee gesot kritt, wou ee wat gutt mécht a wou ee vläicht nach kann eng Schépp uleeën.

Mir si ganz averstane mam Minister a mam Statsrot, fir déi Prozedur, déi am Ufank virgesi war, ze vereinfachen. D'LSAP huet sech vun Ufank un dergéint gewiert, hei e bürokratescht Monster ze schafen. Och averstane si mer domadder, datt d'Bewäertung keng direkt Konsequenze méi op d'Paie huet. Wichteg huet et eis awer geschéngt, esou wéi et och elo virgesinn ass, datt et muss Konsequenzen hunn, wann ee Beamte seng Aarbecht net mécht oder widderhol net anstänneg mécht. De Beamte muss gutt geschützt sinn op senger Aarbecht. Dës besonnesche Schutz dierf awer net méssbraucht ginn, fir Laxismus oder Onfäegkeet ze fërderen. Dofir ass et richtig, datt an dëser Reform och eng Prozedur virgesinn ass, fir deem entgéintzewierken.





Dem Stat si seng Mataarbechter ganz wichteg. De Stage gëtt vereenheetlecht an der Fonctioun publique an dauert elo fir jiddwieren dräi Joer. Net nëmmen ass dat méi gerecht, mä domadder kënne mer och eng besser Formation initiale garantéieren an d'Leit esou besser op hir Exame préparéieren. Déi Formatioun soll de Leit eppes bréngen. Dofir muss an der Ëmsetzung derfir gesuergt ginn, datt de Contenu vun deene Formatiounen sënnavoll ass an net just eng Widderhuelung vun eppes, wat se vläicht schonn an hire Studie gemaach hunn.

Datt de Stat vill Wäert op seng Mataarbechter leet, gesäit een och un der Neierung, datt an Zukunft d'Méiglechkeet geschafte gëtt fir d'Beamten, sech weiderzuebilden an zum Beispill an Universitätsaufschloss nientweder hirer Aarbecht ze maachen. Och hei wier et flott, wann d'ëst dem Privatsecteur géif als Inspiratioun d'ingen, fir eppes Vergläichbares och a senger Betriber ze erméiglechen.

D'Mobilitéit bannent dem Stat gëtt verbessert doduerch, datt mer de Changement d'administration vereinfachen. Wéi dacks kënn et vir, datt mer déi richteg Leit beim Stat hunn, fir déi eng oder aner Missioun ze erfëllen, mä et d'esen awer schwéier gemaach gëtt, fir d'Verwaltung ze wiesselen an esou hir Kompetenze mat eriwirerzuehuelen. Hei huet sech eng nei Prozedur opgedrängt, zemools och fir de Wiessel tëschent Stat a Gemengen ze erméiglechen.

Mir féieren och mat d'ëser Reform d'Retraite progressive an och nach de Service à temps partiel pour raisons de santé an. Esou kann de Stat vun de Kompetenze profitéieren, déi sech vill Beamten an hirer Carrière opgebaut hunn, a mir bréngen e méi fléissenden Iwwergang zustanen, wann e Beamten an déi wuelverdengte Situatioun geet an en neie Beamte muss agefouert oder ugeléiert ginn. Wiem seng Gesondheet ugeschloen ass, kann awer nach, wann och net méi Vollzäit, dann Deelzäit op d'mannst schaffe kommen. De Service à temps partiel mécht dat elo endlech méiglech.

D'LSAP begréisst, datt mer d'Carrière beim Stat regruppéieren an eng méi kloer Gruppéierung vun den eenzelne Carrière kréien. Och wann d'ës nei Tableaux eis haut nach e bësse friem virkommen, esou wäert et an Zukunft méi einfach ginn, sech do zurechtzufinden.

Datselwecht gëllt fir d'Ofschafung vun de sougenannte Kaderen. Och hei ginn eng Partie ganz cocasse Situatiounen ofgeschafft an et ass sécher gestallt, datt jiddweree beim Stat wäert a senger Carrière all d'Grade kënnen duerchlafen, wéi dat och virgesinn ass.

### (M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et Punkt soll een hei speziell erwännen, dat ass d'Afféiere vun de Postes à responsabilité an d'Ofschafung vun de Substitutiousgraden. Hei gi mer endlech op de Wee beim Stat, datt Leeschtung soll belount ginn. Bis elo huet just an eleng den Déngschalter gezielt. Et ass d'ëst zwar nach e ganz zaghafte Versuch, déi Leit ze belounen, déi och bereet sinn, Verantwortung am Betrib ze droen, an dach ass et e richteg Schritt an déi richteg Richtung.

D'LSAP ass der Meenung, datt mer an Zukunft méi müssen op de Wee goen, fir kloerzestellen, datt et och honoréiert gëtt, wann een Asaz weist op senger Aarbecht.

D'Employés de l'État sollen an de Genoss vun deeneselwechte Verbesserung engem wéi hir Kollege Fonctionnaires. Ouni si géif eise Stat haut net méi funktionnéieren. Dofir begréisst mer och, datt si elo hiert eegent Gesetz kréien, dat sech eleng mat hinnen a mat hire Carrière befaasst.

Et gëtt awer net nëmme verdeelt mat d'ëser Reform. D'Viraussetzung bei d'ëser Reform war jo, datt se um Enn net méi dierfte kaschten. A wa mer nei Carrière schaffen a verschidde Kategorie vu Beamte reklasséiert ginn, wat alles eppes kascht, da ginn op där anerer Säit d'Ufanksgelälter gekierzt op wéi gesot 80% respektiv 90% an déi sougenannte Annale ginn erëm ofgeschafft a mir kommen zréck op d'Échéances biennales.

Am Sënn vun der Simplification administrative an och am Sënn vun méi Gerechtegkeet begréisst mer déi nei Bestëmmunge fir d'Allocation de famille. D'ës Prime, déi och alt emol deen ellenen Numm dréit „Chef de ménage“, gëtt elo ausbezuelt un déi Beamten, déi Kanner hunn. Dat fanne mir richteg, bedeiten d'Kanner dach eng wesentlech finanziell Belaaschtung vun engem Stot. No hinne soll gekuckt ginn an net, ob ee bestuet ass oder net.

Här President, ech hunn ewell virdrun a mengem Rapport gesot, datt beim Ëmsetzung

vun d'ëser Reform mat grousser Wahrscheinlechkeet nach wäerte Problemer optauchen, déi mer haut nach net kënne gesinn. De Minister Kersch huet eis an der Kommissioun versprach, datt d'ës sougenannte Härtefall, falls se sollten optauchen, nach eemol genee ënnert d'Lupp geholl ginn. Dat fënnst eis Zoustëmmung.

Mir begréisst och ausdrécklech, datt de Volet iwwert d'Deontologie fir de Fonctionnaire aus der éischter Fassung vun den Texter erausgeholl gouf. Dat, wéi ech virdu sot, well de Statsrot eis do e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet. D'Ausso vum Minister, fir elo beim Status quo ze bleiwen - dat heescht, déi aktuell Texter bleiwen elo emol nach a Kraaft - an dann an noer Zukunft e separat Gesetz ze préparéieren iwwer eben d'Deontologie an awer och d'Disziplin beim Stat, dat ass de richteg Wee. Dat gëtt eis d'Geleeenheet, d'ës wichtege Deel iwwert d'Rechter an d'Flichte vun de Beamten am Detail ze kucken a mat de Gewerkschaften ze diskutéieren. Och do wäert eis den Avis vun der Chambre professionnelle ganz nützlich ginn.

Här President, mat d'ësem Reformpak léise mer natierlech net all d'Problemer vun eiser Fonctioun publique oder dem Funktionéiere vun eise Stat. Mä en hëlleft eis awer e gutt Stéck weider op eise Wee, de Stat méi effizient, méi dynamesch, jo, an och méi modern ze maachen. De Reformprojet, deen elo um Dësch läit, gëtt vun all deene Parteien gedroen, déi ganz objektiv d'ës Prozess schonns zanter Jore begleeten.

Nieft dem Mérite vun der Politik muss mer awer och de vum de Gewerkschaften ervirhiewen. Ouni hir Kollaboratioun wier dat net méiglech gewiescht. D'ës Reformpak ass e Komproméss, a bei engem Komproméss kann ee sech ëmmer eraussichen, ob d'Glas elo hallef voll oder hallef eidel ass.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Als LSAP si mir der Meenung, datt d'Glas hallef voll ass, net well mer onverbeserlech Optimiste wieren, mä well mer an d'ëse Reformen e gudden Usaz gesi fir eng zukunftsorientéiert Fonctioun publique.

Eng Fonctioun publique, déi am Déngscht vun de Bierger steet. A soumadder betrëfft d'ës Gesetz net just eleng d'Beamten, mä d'Bierger alleguerten, déi op déi eng oder aner Manéier op d'Servicer, d'Déngschter vum Stat ugewise sinn. Si, d'Bierger, hunn e Recht op e gutt funktionnéierende Service public, e Service vu gudder Qualitéit, jo, och e frëndlechen an e kompetente Service. Dee wëlle mer mat d'ëse Reformen och an Zukunft garantéieren.

Ech profitéiere vun der Geleeenheet, fir och nach eng Motioun eranzerechen, Här President.

### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

- *vu le paquet législatif en matière statutaire et salariale dans le secteur public déposé à la Chambre des Députés en date du 26 juillet 2012, élaboré par le Gouvernement précédent sur base des accords signés avec la Confédération générale de la Fonction publique (CGFP) en date du 15 juillet 2011 et de l'avenant du 27 avril 2012;*

- *vu l'engagement du Gouvernement issu des élections du 20 octobre 2013 à respecter les accords conclus entre la CGFP et le Gouvernement précédent;*

- *vu l'accord conclu entre le Gouvernement et la CGFP en date du 31 mars 2014 visant à revoir certains points critiques de la réforme projetée, à savoir les dispositions concernant le système d'appréciation, le rapport d'expérience professionnelle, la mobilité des agents pendant le stage ainsi que la fixation des indemnités de stage;*

- *considérant les modifications apportées aux projets de loi initiaux, qui tiennent compte des remarques, recommandations et oppositions formulées par les différents intervenants dans la procédure législative dans leurs avis respectifs;*

- *vu l'étendue des réformes soumises au vote des députés en ce jour et l'impact divergent que ces dernières auront sur les différentes carrières dans la fonction publique;*

- *considérant que ces réformes permettront de moderniser l'appareil étatique et en même temps d'abolir certaines injustices et incohérences existantes au sein de la fonction publique;*

*invite le Gouvernement*

- *à suivre de près la mise en œuvre de la réforme et de dresser un bilan, deux ans après son entrée en vigueur;*

- *à prendre, le cas échéant, les initiatives législatives et/ou réglementaires nécessaires afin de pallier les déficiences éventuellement constatées.*

(s.) Yves Cruchten, Claude Adam, Gusty Graas.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Villmools Merci. An domadder soen ech lech Merci fir Är Gedold a ginn heimadder natierlech den Accord vu menger Fraktioun. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Cruchten. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e gutt funktionnéierende Rechtsstat brauch ouni Zweifel och eng équilibréiert a staark Fonctioun publique. A bei enger Gesamtreform, esou wéi mer se haut hei diskutéieren, d'ëst de Législateur sech et net einfach maachen.

An de Législateur huet sech et ouni Zweifel net einfach gemaach. Et war eng ganz laang Etapp, bis mir op der Arrivée ukomm sinn. Sécher ass net alles perfekt, dat ass de Mëtteg schonn hei e puermol ugeklungen. An d'Zukunft wäert weisen, wou nach een oder deen anere Bobbo besteet an datt och nach eventuell eng Rei vun Nobesserunge mussen an d'A gefaasst ginn.

Gesamt gesinn, kann een aus der Siicht vun der Demokratescher Partei soen, datt een net onze-fridde mat deem ganze Reformpak hei ass. A wann ech déi eenzel Riedner bis elo hei héieren hunn, da kann een och soen, datt parteipolitesch gekuckt u sech keng grondleeënd Differenzen an Divergenzen hei ze erkenne sinn.

Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, datt natierlech de Gros vun der Aarbecht hei vun där fréierer Regierung gemaach gi war an datt jo deemools dee Pak zum Deel och un d'Ofschléisse vun dem Accord salarial gebonne war. Déi virgezunne Wahlen vum 20. Oktober 2013 hunn natierlech d'Situatioun geännert. Et koumen nei Négociatiounen derbäi, mä grundsätzlech huet sech u sech am Fong dach net allze vill geännert.

Mir wëssen och aus der Vergaangenheet, datt d'Ofschléisse besonnesch vun Accords salariaux ëmmer ganz schwierig ass, net nëmmen um Niveau vun der Fonctioun publique, mä doriwirer aus an alle Secteuren, an datt dat mat ganz laangwierigen Diskussiounen verbonnen ass. Ech wëll och hei ganz kloer nach eng Kéier ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei vis-à-vis vum Accord salarial vläicht méi eng reservéiert Haltung hat wéi aner Parteien heibanen.

D'DP ass eng Partei, déi bekannt ass dofir, datt se am Émgang mat öffentleche Gelder ëmmer eng ganz virsiichteg, eng ganz rasonabel Astellung huet. Mir trieden ëmmer derfir an, datt d'Statsfinanzen an engem gewëssenen Equilibre sinn. An ech mengen, d'ës Regierung huet jo och en Zeechen an deene leschte Méint gesat, datt se versicht, déi finanziell Situatioun vun d'ësem Stat ouni Zweifel nach ze verbessern. Duerfir d'ëst natierlech d'Fro gestallt ginn, awéifem datt en Accord salarial zu d'ësem Zeitpunkt gerechtfertegt ass, well et d'ëst ee jo och net vergiessen, datt esou en Accord salarial jo och nach Konsequenze fir de konventionéierte Secteur huet.

Ech wëll awer do zwou ganz kloer Aussoen am Numm vun der Demokratescher Partei hei maachen. Éischtens, wéi gesot, et ass schonn hei ënnerstrach ginn, deen Accord ass natierlech vun enger viregter Regierung ausgehandelt ginn. Dat ass fir eis eng ganz kloer kontraktuell Verpflichtung, a mir sinn eng Partei, déi ganz kloer zu deem steet, wat ausgehandelt ginn ass. Mir loosse net zou, datt Accorden, onofhängeg dovun, wéini a vu wem datt se ënnerschriwwen goufen, sollen nodréiglech net méi gellen. An et d'ëst een och net vergiessen - an zu Recht -, wann een esou Accorden net géif respektéieren, datt dat gegebenenfalls och kéint geriichtlech Nospiller mat sech bréngen.

Zweetens...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - A wat stoung an Ärem Wahlprogramm?

► **M. Gusty Graas (DP).** - Zweetens, an den 90er Joren - an et si jo Eenzelner heibannen, déi kënne sech och nach dorun erënneren - gouf et jo e bësse méi hefteg Ausenanersetzungen tëschent deenen deemolege politesche Verantwortlechen an der Fonctioun publique, an d'Demokratesch Partei huet deemools och ganz kloer eng Ausso gemaach: Pacta sunt servanda. Och deemools hu mer eis derfir ausgeschwat, datt déi Verträge, déi ënnerschriwwen goufen, misste respektéiert ginn.

Et waren deemools iwwert de Wee vu Gesetzer Ofmaachunge mat Beamte gemaach ginn. D'Demokratesch Partei huet deemools gesot, datt se net géif zouloossen, datt déi Verträge géife gebrach ginn. A mir stinn och nach haut dozou. Un eiser Grondphilosophie huet do ab-

solutt näischt geännert. D'Demokratesch Partei steet also ganz kloer a ganz daitlech zu deem, wat fréier ofgemaach ginn ass, a mir wäerte selbstverständlech och deen Accord salarial hei matstëmmen.

D'ës Regierung huet jo dann och kloer zum Ausdruck bruecht, datt eng weider Erhéijung vum Punktwäert an d'ës Legislativperiod net méi wäert méiglech sinn, ebe well déi finanziell Situatioun dach ugespaant ass. An ech hoffen an ech sinn och iwwerzeegt, datt um Niveau vun der Fonctioun publique déi Attitud wäert och Gehéier fannen.

Dann d'ëst een och net vergiessen, datt jo awer an deene leschte Joren ëmmer nees eng Rei vu wichtege Adaptatiounen virgeholl goufen. Ech erënneren och drun, wéi d'Demokratesch Partei an der Regierung war, tëschent 1999 an 2004, du koum et insgesamt zu Erhéijunge vun 8,3%. 2005 sinn d'Gehälter ëm 1% dunn an d'Luucht gaangen an 2006 ëm 0,8%, 2009 war et nees 1,5%. Mir bleiwen och nach wie vor der Meenung, datt och an der Fonctioun publique solle regelméissig Adaptatiounen vun de Gehälter virgeholl ginn, virausgesat, datt natierlech déi finanziell Situatioun vum Stat dat och erlaabt.

Wa mer scho bei Gehälter sinn, muss een och hei ënnersträichen, datt et richteg ass, datt mer erëm zréckkommen op de System vun de Biennallen an datt mer, wéi gesot, de System vun den Annalen ofschafen. Well d'Fro d'ëst awer gestallt ginn, ob et gerechtfertegt ass, datt u sech all Joers d'Gehälter automatesch adaptéiert ginn.

Als Géigepol zum Accord salarial - oder als klunge Géigepol - kann ee vläicht hei och soen, datt jo eng Rei Moosname getraff goufen, déi u sech dozou d'ëst sollen, fir och natierlech d'finanziell Situatioun an deem Sënn beim Stat ze verbessern.

Ech denken un d'Ofschafung vun dem Trimestre de faveur, deen mer haut - zwar iwwer en anert Gesetz - och am Gemengesecteur aféieren (veuillez lire: och am Gemengesecteur ofschafen). Och do, mengen ech, soll een awer eng éierlech, eng kloer Sprouch schwätzen: Och do kann d'Fro gestallt ginn, ob et gerechtfertegt ass, datt e Beamten, deen net méi aktiv ass, awer trotzdem nach Urecht huet, dräi Méint duerno säi vollt Gehalt ze kréien.

Ech weess, et gëtt do historesch Ursachen, an déi goufen eis jo och vu kompetenter Säit aus erkläert, firwat datt dat deemools agefouert ginn ass: fir eben et ze verhënnern an der Zäit, wéi et vläicht nach méi komplizéiert war, Pensiounen auszerechnen, fir dann ebe Leit während enger gewëssener Zäit praktesch ouni Akommes dosetzen ze loosse. Haut lieve mer an engem aneren Zäitalter. Haut hu mer, géif ech jo awer mengen, eng gutt Informatik zur Säit, soudatt u sech dat manner dierft de Problem sinn.

Och wann Eenzelner nach ëmmer mengen, dat misst bäibehale ginn aus deene Grënn, esou ass d'Demokratesch Partei allerdéngs der Meenung, datt et richteg war, den Trimestre de faveur ofzeschaffen. Am schlëmmste Fall kéint ee jo gegebenenfalls iwwer Akonte fueren, wa sech nach sollten esou Situatiounen stellen.

Op där anerer Säit muss een och nach vläicht e Wuert iwwert de Congé hei verléieren. Dir wësst jo, datt och nach ëmmer Congé ausbezuelt ginn ass proportionell zu där Zäit, wou een theoretesch nach am Déngscht während engem Joer gewiescht wier, och wann ee schonn éischter a Pensioun gaangen ass. Och do bleiwe mer awer der Meenung, datt et gerechtfertegt ass, datt de Privileg u sech elo net méi ka bestoen.

E klengen Detail, deen u sech nach net weider hei ernimmt ginn ass, wat elo zwar méi de Gemengesecteur betrëfft, mä deen awer och an d'Logik vum Spuere sech areit, och wann et vläicht nëmmen e ganz klunge Prozentsaz ausmécht, dat ass déi Prime, déi nach um Niveau vum Gemengesecteur besteet, op déi Beamten u sech Urecht hunn, wa se dozou bäidroen, wa se duerch hir Iddien am Fong wëllen de Budget hëllefe sanéieren. Ech mengen, datt ass eng archaisch Prime, déi och elo zu d'ësem Zeitpunkt ofgeschafft gëtt. Ech si bal iwwerzeegt, wann ee géif e klunge Sondage maachen, och bei de Gemengeresponsabelen, datt een oder deen aneren emol net wëisst, datt et esou eng nach géif ginn.

Den zweete Volet vum Accord salarial ass natierlech déi Prime unique. Duerch d'Gesetz vum 7. November 2007 war jo u sech de Prinzip vun där linearer Erhéijung an der Fonctioun publique also deemools gebrach ginn. A fir d'Éischt gouf dunn eng Prime unique agefouert fir d'Joren 2007 an 2008. Et ass dat e Modell, deen ee gegebenenfalls och a Krisenzäite soll a kann zréckbehalen.

Den drëtten Volet, d'Schaffen, wéi gesot, vun zwou Crèchen an d'Erhéijung vum Congé so-





cial vu véier op aacht Stonne féint selbsterständlech och eis Ënnerstützung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidert gréisst Element ass natierlech d'Aféiere vun enger neier Carrièrestruktur. Et muss ee sech natierlech dru winnen, fir vläicht elo net méi vu Carrière ze schwätzen, mä mir mussen jo ewell neierdäns den Term „Kategorie“ gebrauchen. Un déi nei Definitioune muss ee sech dann allerdéngs nach gewinnen.

Et ass evident, dass mer forcéiert waren, de Bologna-Prozess hei ëmzesetzen, an dass et och huet missen zu Adaptatiounen vu Carrière kommen, de Bologna-Prozess, dee jo virun allem seng Répercussioune an de Carrières supérieures huet mam Schaf vum de Kategorien A1 an A2.

D'Redaktere waren natierlech an enger Ufanksphas net esou ganz frou iwwert d'Schaf vum där neier Carrière supérieure, wat och zu engem gudden Deel novollzéierbar ass. Ech wëll allerdéngs drop hiweisen, dass jo awer de Moment nach ëmmer déi Disposition transitoire besteet, dass och e Redakter kann nach zu deemem Zäitpunkt bis an d'A1-Carrière wiesselen, virausgesat, dass en natierlech gewësse Kritären erfëllt.

Datt d'Employéen net an de Genoss vum deser Iwwergangsregelung kommen, schéngt mer awer och iergendwéi normal ze sinn, well dat ass jo och aus dem Rapport ervirgaangen, dass ee soll nach wie vor eng gewëssen Differenz tëschent de Fonctionnairen an den Employéen och bäibehalen.

E groussen Avantage vun där neier Carrière A2 wäert sech awer virun allem um Niveau vum Gemengesecteur erausstellen. An et ass och do, wou déi Carrière kann an deem Sënn ganz interessant ginn, well et d'äerf een net vergiessen, an ech denken hei un déi zwou, dräi wichtegst Fonctiounen, obwuel all Fonctioun wichteg ass am Gemengesecteur, mä déi, déi natierlech awer de Piliere vun enger Administratioun duerstellen, ech denken un de Sekretär, ech denken un de Receveur, do ass et vläicht wichteg, besonnesch um Niveau vum Sekretariat, dass een do an Zukunft Leit huet, déi méi Kenntniser am Droit hunn.

Dowéinst kann ee sech och virstellen, dass an Zukunft vläicht de Sekretär op de Gemenge muss e Bachelor am Droit hunn, wat mat Sécherheet wäert de Gemengesecteur an deem Sënn avantagéis begleeden, well, wéi gesot, an dat wësse lokal Autoritéiten am beschten, haut e Gemengesekretär jo och héich qualifizéiert Rechtskenntniser muss hunn. Datselwecht géllt wéi gesot och fir d'Receveuren, wou ee sech och ka virstellen, dass si e Bachelor an Zukunft wäerten hunn.

Op där anerer Säit muss een och hei soen, wa mer scho vun Titele schwätzen, dass war eng Diskussioun, déi elo vläicht net esou ganz grouss an der Fënster stoung, mä déi awer hannert de Kulisse fir eng gewëssen Onrou gesuert huet, wat och verständlech ass. Well bei deenen iwwer 400 Carrière, déi mer jo an der Fonctioun publique hunn, war et dann iergendwéi normal, well jo och do eng aner Carrièrestruktur geschaf ginn ass, dass een déi Titelen net méi esou an de Vierdergrond stellt.

Dat huet natierlech derzou gefouert, dass eenzel Leit - a wéi gesot, et ass ganz mënschlech - net esou ganz frou waren, dass se eben hannert hirem Numm elo net méi direkt den Titel stoen hunn. Mä et ass jo u sech do e Kompromëss an deem Sënn fonnt ginn, dass an internen Organigramm selbsterständlech nach ëmmer eng Persoun berechtigt ass, hirer Formatioun no den Titel ze droen.

Ech verstinn dat och, en Architect, en diploméierten Architect, dee vläicht just duergestallt gétt als Responsabele vun de Bauten, dass den domadder net esou ganz zefridden ass, soudatt wéi gesot an dem internen Organigramm dat awer selbsterständlech ka weidergefouert ginn. An anere Beräicher, wéi an der Police, an der Arméi, hätt dat natierlech net kënnen op déi Manéier ëmgesat ginn, well et sech hei ëm méi hierarchesch Strukturen handelt.

Eng ganz wichteg Ännerung ass natierlech dann awer och d'Suppressioun vum System vum Cadre ouvert a vum Cadre fermé. Do goufen et jo awer am Laf vun de Joren a ganz villen eenzelne Beispiller vill Ongerechtegkeeten. Ech kommen op d'Carrière vun de Redakteren erëm ze spriechen: Do gouf et Redakteren, déi vläicht am Alter vu Mëtt 30 praktesch scho bal am Endgrad waren, an anerer, déi mat 50 nach net esou wäit waren, well se ebe bedéngt duerch de System vum Cadre ouvert an dem Cadre fermé net konnten avancéieren. Där Ongerechtegkeet gétt jo elo en Enn gesat, wat jo u sech och nëmme ze begrëssen ass.

Natierlech ass och virgesinn, fir nach eng Période transitoire vu fënnf Joer anzeféieren, fir eben, wéi gesot, och gewëssen Härtefälle hei ofzefiederer, op déi schonn eenzel Riedner hei virdrun agaange sinn.

Ech fannen et och normal, dass gewësse Carrière och vläicht eng speziell Avancementsklausel kritt hunn, sief dat um Niveau vum Sekretariat vu Regierungsmemberen, sief dat op engem aneren Niveau. An deem Kontext kann ee sech och d'Fro stellen, an ech weess, dass och schonn aner Parteien d'Iddi lancéiert hatten, ob net awer sollt d'Fonctioun vum politesche Beamten emol op Regierungsniveau geschaf ginn.

Mir wëssen, dass et jo awer fir e Regierungsmember ganz wichteg ass, dass en encadréiert ass vu Leit, zu deenen en absolutt Vertraue kann hunn. Wat natierlech net ausschléisst, dass d'Leit, déi en place sinn, datselwecht Vertraue kënnen bréngen. Mä mir wëssen awer ganz gutt, wann ee jorelaang zesumme mat engem geschaff huet op engem aneren Niveau, sief et um parteipoliteschen Niveau, sief dat soss op engem Niveau, dass dat sech awer ka vu Virdeel auswierken, wann een deen herno och ka fir eng begrenzten Zäit mat an eng aner Fonctioun beim Stat eranhuelen. Soudatt een déi Diskussioun, déi jo och, mengen ech, vun deene grénge Kollege schonn eng Kéier opgeworf ginn ass, ouni Zweifel sollt eng Kéier vläicht méi am Fong nach féieren.

Mir fannen et dann och richteg - an och dat ass e Bewäis, dass dës Struktur, dass dës Neierungen am Fong dorop hincelen, fir u sech eng Vereinfachung vun der Administratioun, vum administrativen Oflaf mat sech ze bréngen - zum Beispill, dass elo d'Posten net méi onbedéngt mussen op der grousser Place publique publizéiert ginn, mä dass vakant Posten och iwwer Internetsite kënnen dee Moment matgedeelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e wichtige Volet vun där ganzer Reform ass natierlech d'Stagezäit, déi hei och schonn am Detail diskutéiert ginn ass. Ech wëll duerfir vläicht op e puer Aspekter do agoen.

Mir fannen et als Demokratesch Partei gerechtfertigt, dass d'Stagezäit elo vun zwee Joer op dräi Joer eropgesat gétt. Datt dat och verbonnen ass mat engem gewëssene Verloscht vun den Ufanksgehälter, ass awer, wann een dat e bësse méi am Fong analyséiert, och novollzéierbar. Well et d'äerf ee jo awer och net vergiessen, dass e Stagiaire vu viretan natierlech noutgedrongen net kann deen Know-how mat sech bréngen, dass e Stagiaire muss encadréiert ginn, dass e Stagiaire och nach muss a Coursé goen. E kann also net dee vollen Asaz bréngen wéi en normale Beamten.

An dass déi Stagezäit elo op dräi Joer eropgesat gétt, ass an deem Sënn och erkläerbar, well eben haut och déi ganz Aarbecht vill méi komplex ginn ass a well et also wichteg ass, dass een e Maximum u Formatioun kritt, wat jo dann och erëm derzou bäidréit, dass d'Effizienz an der Fonctioun publique ka gesteigert ginn. Datt dowéinst och de Patron de stage elo zousätzlech Missioun kritt, dass déi nei formuléiert ginn, reit sech och an déi Logik an. An dann d'äerf ee jo awer och net vergiessen, dass eng gewësse berufflech Erfahrung awer och bei der Stagezäit kann ugerechent ginn.

Den Esprit vun enger méi effikasser Gestiou kann een dann awer och doranner erëmgesinn, dass zum Beispill exceptionnellem och elo Employéé kënnen fir Poste rekrutéiert ginn, wou een normalerweis misst d'Letzbeuerger Nationalitéit hunn. Am Ausnahmefall kann dat also hei elo net muss virgesi sinn.

Och dat ass e Bewäis, dass mer wëllen déi Fonctioun publique hei nach méi duerschlagskräfteg gestalten, nach méi effikass gestalten, well et jo awer eng Rei Poste ginn, déi een einfach net vun haut op muer ka mat Fonctionnaire besetzen a wou et wichteg ass fir de Stat, wann e ka kuerzfristeg och op wichteg a gutt Main-d'œuvre aus dem Privatsecteur zréckgräifen. Ech denken un d'Finanzen zum Beispill, ech denken u Fiskalitéit, wou oft awer e groussen Know-how an dem Privatsecteur besteet. An dass mer et hei am Fong geholl elo méi einfach gestalten, fir deen Transfert vum Privé an de Public ze assuréieren, ass eiser Meinung no awer eng gutt Saach.

Virdrun ass schonn hei - zu Recht! - och e Pläduer fir d'Fonctioun publique an deem Sënn gemaach ginn, well oft jo - an zu Onrecht - d'Meinung virherrsch, dass an der Fonctioun publique ee géif automatesch ëmmer avancéieren, dass een do automatesch Urecht hätt op seng Avancementer. Ech mengen, esou einfach ass et och net.

Et muss een dat och e bësse méi am Detail kucken. Déi meescht Carrière setze jo virus, dass een och Exame muss maachen. An op där anerer Säit, wann ech schonn d'Stéchwuert „Examen“ hei soen, soll een och nach eng Kéier drop hiweisen, dass och do déi Hürd jo elo u sech verschäerft gétt! Fréier ass et duergaangen, wann een dräi Fënnfelle vun de Punkten hat. Elo muss een zwee Drëttel vun de Punkten hunn. Also och do ass de Bewäis er-

bruecht, dass et contrairement zu deem, wat nawell gären dobaussen an der Opinion publique gesot gétt, net esou evident ass, dass een einfach esou an der Carrière an der Fonctioun publique klëmmt.

Mir fannen et och richteg, dass den Ënnerscheed tëschent de Fonctionnairen an den Employéen u sech nach wie vor besteet. Dat soll natierlech keng Diskriminatioun vis-à-vis vun den Employéé sinn. Mä et d'äerf een awer net vergiessen, dass a ganz ville Carrière d'Fonctionnaire mussen zousätzlech Exame maachen.

Op där anerer Säit hunn d'Employéen awer och de Virdeel, dass se kënnen ënner engem aneren Taux agestellt gi wéi de Fonctionnaire, deen nom klassesche 25%-50%-75%-100% fonctionnéiert. Par contre kann awer och den Employéé en Taux dertëscht kréien.

Wat awer elo och méi einfach gemaach gétt, an och dat kann ee begrëssen, ech hu virdu geschwat vum Transfert vum Stat bei d'Gemengen, mä och ëmgedréit gétt et jo elo méi einfach, wann Employéé vum Gemengesecteur bei de Stat wëlle wiesselen, well se eben och elo, wéi gesot, do déiselwecht Rechter kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Reformpak ass jo eng Mëschung aus Upassung un e modernt Statsbild a gläichzäitig awer och enger Verbesserung vum Ugestalltestatut. Dozu zum Beispill, nieft deene verschiddene schonn opgezietten Adaptatiounen, muss een awer och d'Tatsaachen zielen, dass an Zukunft bei enger Promotioun d'Verwaltung gehalen ass, jo och déi gënschtegste Léisung fir de Beamten zréckzebehalen. Och dat war bis dato net de Fall. An och dat ass de Bewäis, dass hei awer am Intérêt vun Beamte reagéiert gétt.

Mir mussen natierlech och oppassen, dass d'Promotiounen nach wie vor no klore Kritäre mussen respektéiert ginn. Wann zum Beispill de Passage an den Niveau supérieur vun der Gehälterkala mat der Obligatioun vun engem Cours iwwer Management public vu mindestens zwiefel Deeg verbonnen ass, da soll d'Dispens awer och wierklech d'Ausnahm sinn.

Wann also, wéi gesot, eng Dispens ausgeschwat gétt, da mussen och ganz klore Kritäre virleien, firwat dass dat kann an deem Sënn esou virgeholl ginn. Déi Coursé sollen och net nëmme eng Alibifonctioun hunn. An ech maachen hei eng Referenz och op dat, wat de Conseil État zu deene Coursé gesot huet, dee sech jo derfir ausgeschwat huet, dass praktesch do misst en Ofschlossexame gemaach ginn. Esou wäit muss ee vläicht net onbedéngt goen. Mä wéi gesot, nach eng Kéier: Déi Coursé mussen awer zumindest als Zil hunn, dass awer déi Formatioun och an deem Sënn bei deem eenzelne Beamten esou ukënn, wéi dat sech virgestallt gi war.

Een Haaptobjektiv vun der Reform besteet jo virun allem doran, fir de Facteur Leeschtung an d'Fonctioun publique méi eranzebréngen. Well wann eppes zur Onzefriddenheet um Niveau vun der Fonctioun publique jo awer ëmmer erëm bäigedroen huet, da waren et jo awer och, loosse mer emol soen, déi horizontal Indemnitéiten, déi bezuelt goufen, well eben e Beamten, ob en elo gutt oder net gutt geschaff huet, am Endeffekt dovunner awer kee positivt Resultat hat.

Mir wëssen alleguerten, dass et natierlech zu enger Rei vu Frustratiounen gefouert huet, wat jo och normal ass a wat och verständlech ass, wa Leit, déi an darselwechter Carrière sinn a vun deenen een awer eng vill besser, eng gréisser Leeschtung bréngt wéi deen aneren, trotzdeem awer am Revenu op deemselwechten Niveau sinn, dass dat noutgedrongen zu Onzefriddenheete féiert. Dowéinst, wéi gesot, ass et awer elo ze respektéieren, dass mat deem dote Prinzip hei gebrach gétt, och wann de Bewäertungssystem natierlech net iwwerall op Géigeléit stéisst.

Mir hu jo och do eng Rei Adaptatiounen virgeholl, mengen allerdéngs als Demokratesch Partei, dass dee Modell, deen elo zréckbehale ginn ass, och wann en net perfekt ass, awer trotzdeem derzou bäidréit, fir en Ureiz ze schafen, dass awer méi Leeschtung an der Fonctioun publique ze bréngen.

Natierlech kann een iwwert d'Objektivitéit vun esou engem Bewäertungssystem schwätzen. Ech perséinlech gleewen allerdéngs drun, dass an deene meeschte Fäll, fir net ze soe praktesch an alle Fäll wäert awer d'Objektivitéit hei priméieren an dass och d'Chefs hiérarchiques, déi an éischer Linn natierlech gefouert sinn, fir hei Bewäertungen ofzeginn, scho mat deem néidege Fingerspitzegéfill hei awer wëssen eng Appréciatioun opzestellen.

Dann d'äerf een net vergiessen, dass et jo elo net nëmme reng ëm d'Leeschtung geet, mä et geet zum Beispill och ëm déi sozial Capacitéit vun deem Eenzelnen. Och dat ass ganz wichteg am Zesummeliewen op enger Aarbechtsplaz, dass d'Leit ënnereneen, mateneen

harmonéiere kënnen. An och do ass dat oft eng Ursach, firwat dass et Problemer op der Aarbechtsplaz ginn. Dowéinst ass et wichteg, dass och deem Aspekt hei eng gréisser Opmerksamkeet reservéiert gétt.

Wéi gesot, nach eng Kéier, mir erwaarden eis elo net déi ganz grouss Wonner vun deem neie System, mä et ass e wichtige, et ass e gudden Ufank. A wann ech d'äerf e kleng Lien direkt op déi Motioun maachen, wou jo ënner anere gefouert gétt, fir no zwee Joer en éische Bilan ze maache vun all deene Moosnamen, dann, mengen ech, soll virun allem dat heiten ee vun den Haaptaspekter sinn, wou ee sech soll dermat auserneesetzen, fir ze kucken, awéifern dass déi Bewäertungsmoosname sech do an der Realitéit gutt konnten ëmsetzen.

Et ass allerdéngs net nëmme de Bewäertungssystem, deen zu enger Erhéijung vun der Leeschtung soll bäidroen, mä et sinn dernieft natierlech och nach d'Aféierung vum Système de gestion par objectifs an och festgehalen Organigrammen. Och dat feelt jo oft a Verwaltungen, dass kloer Strukturen bestinn, dass kloer Verdeelungen opgestallt gi sinn, wie wat ze maachen huet.

An där Logik vu méi enger effikasser Aarbecht kann een natierlech dann awer och d'Unerkennung vun enger zousätzlicher Prime vun 20 Punkte fir Doktoranden hei ënnersträchen. Well et d'äerf ee jo awer och net vergiessen, dass och dat kann en Ureiz duerstellen, wann eng Persoun nieft hirem normalen Universitëtsstudium nach zousätzlech en Dokortitel gemaach huet, dass se an Zukunft do Urecht huet op eng zousätzlech Prime vun 20 Punkten. Woubäi ech awer ganz kloer wëll hei ënnersträchen: Och do d'äerf awer elo net Abus gemaach ginn. Wann en Dokortitel unerkannt gétt, da muss en awer och an direkter Relatioun zu der Fonctioun beim Stat stoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Reformpak huet als Ambitioun, och d'Motivatioun vun de Beamten ze erhéien. An de Projet de loi 6462 gétt jo dann och de Fonctionnaire wéi den Employéen zousätzlech Méiglechkeeten, fir an hire Carrière e Sprong ze maachen. Dat ass immens wichtig, well wann ee keng Perspektiven huet vun Avancementsméiglechkeeten, ass et evident, dass iwwert d'Joren d'Motivatioun mat Sécherheet net wäert zouhuelen. Ganz au contraire, se wäert ofhuelen.

Datt och do, bei der zousätzlicher Formatioun, ee souguer zum Deel op eng Dispens vun der Aarbecht kann zielen, och dat ass e wesentlech Element. Och dat ass awer de Bewäis, dass hei der Formatioun continue e ganz groussen Raum reservéiert gétt. An dass ee souguer nach an de Genoss ka vu sengem Gehalt bis zu 25% kommen - et soll also kee soen, dass een net och am fortgeschrittenen Alter nach kann op d'Schoulbank goen. Och dat ass méiglech. Et ass just eng Affär vu wëllen. An dowéinst ass, wéi gesot, déi Iddi hei ouni Zweifel awer och ze begrëssen.

Datt een natierlech awer muss gegebenefalls déi Sue rembourséieren, wann ee virun zéng Joer de Stat verléisst, ass awer och eng Evidenz. Et kann een awer elo net nëmme de Luussepäter hei spillen an dann op d'Käschte vum Stat sech weiderbilden an dann op eemol awer op eng aner Plaz goen.

Mir hu scho vill hei vu Carrière supérieure geschwat, Carrière moyenne. Et soll een awer och net vergiessen, et gétt eng ganz Ribambelle vun anere Carrières inférieures, déi genau déi Wichtigkeet hu wéi all aner Carrière. An dowéinst ass et och ze begrëssen, dass hei jo och d'Méiglechkeete bestinn, fir Avancementer ze maachen, fir e Changement de carrière ze maachen, zum Beispill vum Portier zum Huissier.

Méi einfach gétt et dann och elo, wéi gesot, fir de Changement vun enger Verwaltung duerchezéien. Och dat war fréier vill méi - oder bis haut jiddefalls -, vill méi schwéierfällg. Elo geet et jo u sech mat enger schréfftlecher Prozedur duer. Och den Transfert vum Stat bei d'Gemenge soll jo da méi einfach gemaach ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Pak si jo eng ganz Rei familjepolitesch a sozialpolitesch Moosnamen virgesinn. Besonnesch begrëssenswäert ass, wéi gesot, déi nei Regelung vun der Allocation de famille, déi jo elo uniform mat 27 Punkte festgeluecht gétt, wat sech jo an éischer Linn och zum Virdeel vun deenen ënneschte Carrière wäert auswierken.

A wat och interessant ass a wichteg ass, an ech mengen, et spigelt awer och d'Approche vun deser Regierung vis-à-vis vun der Entwécklung



an der Gesellschaft zrëck: datt hei onofhängeg dovun, ob een elo bestuet ass, onofhängeg dovun, ënner wat fir enger anerer Form datt een zesummen ass, datt hei dat, wat zielt, d'Kand ass, fir datt een Urecht huet op déi Allocation familiale, wann ee Papp oder Mamm ass, an net onbedéngt, ënner wat fir enger Form d'Partenariat geregelt ass.

Déi sëlliche Primmen natierlech beim Stat mussen engem och Kappzberieches maachen. Och doriwwer ass diskutéiert ginn. Ech mengen, mir alignéieren eis och do un d'Meenung vum Conseil d'Etat, deen ënner anerem geschriwwen hat: «Le Conseil d'Etat regrette que les auteurs du projet de loi n'aient pas procédé à une réforme en profondeur en éliminant la plupart de ces primes et en intégrant dans le barème des traitements celles qui restent justifiées.»

Effektiv si mer och der Meenung als Demokratesch Partei, datt ee sech soll eng Kéier méi am Detail mat sämtleche Primmen ausreeseetzen, kucken, wéi eng si justifiéiert, wéi eng si manner justifiéiert, an ob een net kann déi eng oder aner Prime och direkt an d'Grondgehalt integréieren. Et ass en Exercice, deen een ouni Zweifel soll maachen.

D'Pensioun ass et Stéchwuert, wat hei och schonn ënnerbreet ginn ass. Och dozou wëll ech kuerz Positioun huelen. Wat fir eis och ganz interessant ass, datt d'Méiglechkeet eben elo besteet, fir schrëttweis an d'Pensioun ze goen. Och dat beweist dee moderne Kader, dee mer hei setze fir d'Fonction publique.

Et muss een allerdéngs hei drop hiweisen, datt mer jo e relativ ugereegte Schrëftwissel och mam Conseil d'Etat haten - virdrun ass dat och schonn hei ugeschwat ginn -, wat natierlech de Statut vum den CFLs-Beamten ubelaangt. An och do si mer als Demokratesch Partei der Meenung, datt bis d'Joer 2024 jiddefalls, wou d'CFL déi Fonctioun ze erfëllen huet, déi se de Moment erfëllt, datt dat och soll an Zukunft esou respektéiert ginn.

Leider ass den Taux vun deene Leit, déi während der Aarbechtszäit krank ginn, déi net méi à même sinn, hir Aarbecht ganz auszuféieren, an de leschte Jorzéngt méi grous ginn. Och do gëtt hei reagéiert. Och do gëtt gekuckt, fir awer zumindest deene Leit nach zäitweilig d'Méiglechkeet ze ginn, weiderzeschaffen.

Och dat ass eng wichteg sozial Moosnam. Et gëtt näischt méi Schlëmme, wéi wann een einfach esou aus dem Aarbechtswien erausgerappt gëtt, op där anerer Säit awer nach gewësse Fäegkeeten huet. Dowéinst ass déi Entwécklung hei ze begrëssen. Allerdéngs wëll ech och ganz kloer hei ënnersträchen: Et muss een awer oppassen, datt et net zu Abuse kënn. Dowéinst ass et och wichteg, datt elo méi regelméisseg Kontrolle virgesi sinn.

An deem Kontext kann een och vläicht elo nach eng Kéier op de Compte épargne-temps hiweisen, dee jo scho laang diskutéiert ginn ass. Och iwwer dee kéint ee sech vläicht erëm eng Kéier Gedanke maachen. Ech mengen, dat ass jo scho bal iwwer e Jorzéngt hier, wou sech domadder ausreeseget ginn ass oder gekuckt ginn ass: Wéi kënnen mer deen och an der Fonction publique aféieren?

Vläicht e kuerz Wuert och iwwer d'Logements de service. Och do ginn et jo eng Rei Ännerungen, dat heescht, datt de Ressortminister elo ka Propositione maachen. Sécher, datt ass eng Diskussioun, déi jo schonn op engem anerem Niveau gefouert ginn ass. Et muss een do e gewëssene politesche Courage bewisen. Mä och do, mengen ech, kann een awer hei ënnersträchen, datt et e Volet ass, en Aspekt ass, deen ee muss méi am Detail analyséieren. An d'Fro, déi muss gestallt ginn, bei engem ugespaantene Wunnengsmaat: ob et nach gerechtfertegt ass, datt de Stat nach Propriétaire ass vun enger Rei vu Wunnengen, respektiv ob déi Wunnengen nach sollen zu dach ganz favorable Konditiounen verlount ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwer dee ganze Pak hei diskutéieren, da komme mer natierlech net derlaanscht, iwwer eng Rei vu sougenannten Härtefäll ze schwätzen. Ech mengen, mir sinn eis alleguer eens, an dat ass och scho bei de Virriedner hei esou ugeklongen, datt dee Moosnamepak hei wäert natierlech eng Rei Härtefäll provozéieren. Ech verstinn och, datt elo gläich, oder schonn elo vläicht virun der Dier eng Rei Leit stinn, déi net zefridde sinn, esou wéi déi Dispositiounen hei zrëckbehalen ginn.

Ech wëll vläicht kuerz op eenzel Punkten agoen.

Fir d'Éischt de Problem vun den Éducateuren. Et ass och hei schonn ënnerstrach ginn, an zu Recht: Et gëtt keng Carrière, et gëtt keng Carrière, déi esou revaloriséiert gëtt, wéi déi vun den Éducateuren. An zu Recht. An zu Recht! A wann ee bedenkt, datt déi Leit jo praktesch scho während zwee Jorzéngt sech derfir asetzen, datt hir Carrière endlech soll, jo, hirer Ausbildung no reklasséiert ginn, an datt dat elo am Fong geholl eréischt geschitt, dann ass et ze verstoen, datt do eng gewëssen Onzefriddenheet ass.

Et kann een och Verständnis hunn, datt et eng Rei vu Leit gëtt, déi natierlech duerch déi Émsetzung hei vun deem Moosnamepak an duerch d'Schafe vun der Bachelorcarrière elo natierlech net an de Genoss vun där ewaarter Erhéijung kommen. Ech zielen allerdéngs do op de gesunde Ménscheverstand virun allem vun deene Betraffenen. Et gëtt nun ebe munchmol am Liewen Trennlinien, déi ee muss zéien, Échéancen, déi ee muss setzen, Datumen, déi ee muss respektéieren. Hei si mer an deem Fall.

Wa mer hei d'Dier ze vill grous opgemaach hätten, dann hätt dat natierlech eng Ribambelle vun anerem Demandé mat sech bruecht. An dowéinst, wéi gesot, bei allem Respekt, bei allem Versteesdemech mengen ech awer, datt de Législateur an deem Fall hei net aneschters konnt handelen. An d'Éducateure solle sech, wéi gesot, virun allem bewusst sinn - nach eng Kéier, bei der Gefor, mech ze widderhuelen, mä et ass wichteg, datt een et nach eng Kéier ënnersträcht: Et ass just hir Carrière, déi jo hei ganz considéabel opgewäert gëtt. A wéi gesot, dat hu se och verdéngt.

Mam Ofschafe vun de Grades de substitution entstinn natierlech och an anere Carrièren eng Rei vun Härtefäll. Och do muss een, wéi gesot, spéitstens no deenen zwee Joer, wa mer dee Bilan maachen, kucken, ob gegebenfalls mussen Upassunge kommen.

Datselwecht gëllt natierlech och mat de Postes à responsabilités particulières. An da si mer natierlech och ganz séier bei der Police. Och do sinn natierlech eng Rei Onzefriddenheeten entstanen, well et ebe riskéiert, datt eenzel Leit déi Perspektiv vu Carrière elo net kréien, déi se sech virgestallt haten.

D'Demokratesch Partei ass sech dären och bewusst. Mir wäerten och mat Sécherheet eis zur Verfügung stellen, fir ze kucken, awéifern datt een och do ka gegebenfalls gewëssen Adaptatiounen virhuelen. An de Minister vun der Force publique huet jo och schonn duerchblécke gelooss, datt e bei der Reform iwwer d'Police wäert kucken, awéifern datt ee vläicht kann déi eng oder aner Adaptatioun do maachen.

Da muss een natierlech och drop hiweisen an där ganzer Problematik, datt jo awer dee Prozentsaz vu 15 kann temporärem 20 gehéicht ginn, wat natierlech derzou bäidréit, datt d'Zuel vun deene Leit, déi u sech elo géifen theoretisch duerch déi Reform hei manner gutt ewechkommen, datt déi awer da géif erfoegen. Et ass jo u sech net definitiv festgesat, wéi laang datt déi 5% kënnen bäibehale ginn, soudatt och do also eng gewësse Méiglechkeet besteet, fir där Problematik do entgéintzewirken.

Ech wëll och net hei verheemlechen, wa mer iwwer dee ganze Reformpak schwätzen a wa mer iwwer eng Rei vu Leit schwätzen, déi net ganz zefridde sinn - an och dat ass kee Geheimnis -, datt et och an der Arméi, datt et och do Stëmme ginn, déi vläicht éischter wéilte méi e spezifeschen eegene Statut hu wéi deen, dee se elo de Moment kréien. Mä och do wäert mat Sécherheet d'Diskussioun net um Enn sinn. An och do kann een an deenen nächste Jore sech nach Gedanken maachen, awéifern datt mussen Adaptatiounen virgeholl ginn.

Jiddefalls, et kann een hei ofschléissend ouni Zweifel behaupten, datt d'Fonction publique elo an en neit Zäitalter antrëtt, ouni Zweifel och a méi e modernt Zäitalter. Si gëtt méi effizient, an dat virun allem och am Intéret vun den Haaptakteuren, de Fonctionnaires, de Beamten, allen Ugestallten an der Fonction publique, well eben och elo si virun allem méi Méiglechkeete kréien, hir Tâche méi breit auszuféieren.

Natierlech muss ee sech bei esou Reformen ëmmer e puer kruzial Froe stellen. A besonnesch meng Partei mécht sech ëmmer ganz kloer an d'äitliche Gedanken: Wivill Stat brauche mer iwwerhaapt? Dat ass natierlech eng Äntwert, déi elo hei net direkt erfuerdert ass. Mä trotzdem ass et awer wichteg, datt ee sech permanent och do hannerfreet, wéi am Fong geholl de Stat am beschtméigleche ka funktionéieren.

A wann een awer hei eng genee Analys mécht vun deem ganze Reformpak, da féint een awer schonn zu engem gudden Deel den Esprit eraus, fir dee Stat hei, wéi gesot, méi effikass ze gestalten. Natierlech gëtt et eng Rei vu primären

Aufgaben, déi ëmmer, ëmmer mussen an der Hand vum Stat bleiwen! Ech wëll se net all hei opzielen, mä wou mer eis mat Sécherheet eens sinn, dat sinn déi klassesch Verwaltungsaufgaben, d'Justiz, d'Fiskalitéit oder d'Sécherheet.

Ech hunn hei bewusst kee Wuert iwwer den Enseignement verluer, well mäi Kolleg Lex Delles herno zu deem Beräich méi am Fong Stellung wäert huelen, well e jo och doranner vill méi de Spezialist ass.

Erlaabt mer zum Schluss awer, virun allem och dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, e ganz grouse Merci fir seng ganz Fläissaarbecht hei auszesprechen. Dat war net esou evident. Mir haten, wéi gesot, 36 Sitzungen! 36 ganz interessant Sitzungen, wou zum Deel natierlech, an zu Recht, kontradiktöresch diskutéiert ginn ass, awer ëmmer am Sënn vun der Saach.

Mäi Merci geet awer och un de Minister, virun allem awer och u seng sëlliche Mataarbechter, déi regelméisseg an de Kommissioun waren a wou ech awer ganz éierlech hei wéilt ënnersträchen, datt se an alle Situatiounen, an et ware jo och emol Situatiounen, déi vläicht net ëmmer esou einfach waren, eng ganz gutt Figur ofginn hunn. Si hu bewisen, datt se vill Kompetenz hunn.

A virdrun ass schonn hei e gewëssent Loblied op d'Fonction publique gesonge ginn - dat ass och richtig. Mir solle frou an houfreg sinn, datt mer hei zu Lëtzebuerg eng staark Fonction publique hunn. Duerch dee Pak hei droe mer ouni Zweifel dozou bäi, datt se déi Stärkt behält.

Ech wëll dann awer och hei ofschléissend nach soen, datt et wichteg ass, datt déi ganz Moosnamen esou séier wéi méiglech och am Gemengesektor kënnen ëmgesat ginn.

Fir eis jiddefalls als Demokratesch Partei ass dat hei e wichtige Schrëtt a Richtung vun engem moderne Stat. An deementspriedend wäerte mer selbstverständlech och eisen Accord zu deene sëlliche Gesetzer ginn. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mir stëmmen haut of iwwer e Pak vun aacht Gesetzer, déi zesumme mat hiren Exposés des motifs e Volume vun iwwer 400 Säiten hunn, déi dräi Joer laang diskutéiert goufen, déi oft amendéiert gi sinn a wou déi verschidde Rapports finals zesumme ronn 660 Säiten ëmfaassen. Derbäi kënn och nach en néngt Gesetz - och de Rapporteur huet dorop higewisen -, de Projet de loi 6757, deen net direkt zum Pak vun Ufank u gehéiert huet, mä deen awer och uschléissend derbäigesat ginn ass an och derbäigehéiert.

An der Zäit vum Dépôt vun de Projeten, dem 26. Juli 2012, bis dann haut, de 24. März 2015, ass vill geschitt. D'Minister hu gewieselt: Biltgen, Modert, Kersch. D'Regierung huet gewieselt, vun de Faarwe vun der Sandinistescher Befreiungsfront aus dem Nicaragua zu de Faarwe vun afrikanesche Stat Gambia.

D'Besetzung vun der Kommissioun vun der Fonction publique huet gewieselt. De Rapporteur huet gewieselt. Den Yves Cruchten huet d'Aarbecht vun Norbert Hauptert iwwerhuet.

Och bei déi gréng ass den Dossier e puermol weidergereecht ginn. 2012 war ech an der Kommissioun vun der Fonction publique, no de Wahlen fir d'Éischt d'Christiane Wickler, duerno de Roberto Traversini. A wéi ech am Oktober 2014 erëm an déi Kommissioun hunn dierfe goen, du war den Dossier nach ëmmer um Ordre du jour!

► **Une voix.** - Très bien!

(Hilarité)

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Un éischter Stell wëll ech duerfir och fir d'Alleréischte deene Leit Merci soen, déi un deem Dossier matgeschafft hunn. Fir d'Alleréischte gëllt dee Merci dem honorabele Rapporteur Yves Cruchten fir säin ausféierlechen, technesche schrëftleche Rapport a fir säin ausféierlechen a gutt verständleche mëndleche Rapport, deen en de Mëtteg hei an der Chamber gemaach huet.

E weidere Merci geet un de Minister Dan Kersch, dee mat Rou a Sachverstand ëmmer präsent war an der Kommissioun. Merci de Kollegen aus der Kommissioun, awer och speziell der Madame Tescher vum Sekretariat vun der Kommissioun an och de Beamte vum Ministère, déi och bereet waren, op Nofro hin zousätzlech Erklärungen ze ginn.

Well den Dossier esou voluminéis ass a well den Här Cruchten esou ausféierlech war - an déi

Detailer, déi den Här Cruchten net gesot huet, déi hunn dann d'Kollege viru mir, d'Madame Modert an den Här Graas, och ernimmt -, duerfir brauch ech a kann ech net op all Detail vun deem Gesetzesprojet agoen. Ech wëll awer kloer an d'äitlech Positioun fir déi gréng Fraktioun zu deemem Projet bezéien. Ech wäert selbstverständlech och op e puer méi kriddelech Punkte vun der Reform agoen an dozou Faarf bekennen.

Ech wëll och e Bléck op d'Fonction publique werfen am Kader vun der allgemenger Situation um Aarbechtsmaat. Dat ass eigentlech de Mëtteg net weider gemaach ginn. Ech wäert e kuerzen Historique vun deene wichtegsten Entwécklungen an der Fonction publique opzeechen a kommentéieren. An ech wäert och erklären, firwat datt och an eisen Aen déi Reformen, déi mer haut votéieren, noutwendeg a richtig sinn, och wann ee se eventuell net onbedéngt muss als Jorhonnertreform bezeichnen. Dat huet emol de Generalsekretär vun der CGFP gëschter um Radio gemengt.

D'Fonction publique huet e spezielle Statut an eng wichteg Missioun an all Land ze erfëllen, och an eise Land. De Statut vum Fonctionnaire garantéiert eng gewësse Kontinuitéit, steet fir Loyalitéit vum Personal a fir Onofhängegkeet vun deene Leit, déi do schaffen. D'Fonction publique ass awer och en Deel vun der Aarbechtswelt. An déi Leit, déi an der Fonction publique schaffen, sinn och Salariéen, déi e Patron hunn, de Patron Stat.

Mir wëssen alleguer, wéi vill Leit zu Lëtzebuerg schaffen a wéi vill Leit bei eis wunnen. Ech brauch do net an den Detail ze goen. Am Grafen: Méi wéi 40% vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, si Frontalieren. Manner wéi 30% sinn net Lëtzebuurger Résidenten a gutt 30% si Lëtzebuurger Résidenten. Wa mer eis ukucken, wou déi dräi Gruppe vu Salarié schaffend, da bestätegt dat statistesch Material dat, wat eigentlech logesch ass a wat mer och alleguer wëssen: D'Lëtzebuurger schaffe gären am effentlechen Déngscht oder am assimiléierte Secteur.

Dat ass keng nei Erkenntnis: Den Historiker Vincent Artuso huet a sengem Rapport final iwwer d'Konfrontatioun vum Lëtzebuurger Stat mat den antisemitesche Persécutiounen vun den Nazien en interessanten Artikel ugefouert. Deen ass vun 1938 an aus der Zäitschrëft vum deemolegen LCGB. Am Här Artuso sengem Rapport steet: «Lorsqu'un Luxembourgeois cherchait à s'employer, il avait plutôt tendance à chercher un poste au sein d'une grande entreprise, financièrement plus solide et offrant de meilleures possibilités d'avancement, ou il préférait se faire engager par l'État, les communes ou les chemins de fer.» Dat schéngt och haut nach esou ze sinn, quitte datt déi grous Entrepreneuren net méi esou gefrot sinn. De Stat als Patron ass awer nach ëmmer beléift.

88,2% vun de Salariéen an der Administration publique si Lëtzebuurger. 77,8% vun de Leit, déi fir d'Produktioun an d'Distributioun vu Strom, Waasser a Gas schaffen, si Lëtzebuurger. D'Netlëtzebuurger schaffen am Privatsektor. 75,8% vun de Salariéen an de Services domestiques, Botzfrauen a Botzmänner, sinn auslännesch Awunner. 52,9% vun deenen, déi a Restaurationsbetriber an an den Hotelle schaffen, ebenfals. 39,6% vun de Salariéen am Bauberäich sinn net Lëtzebuurger Awunner a 50,5% si Frontalieren. An eisen Industriebetriber sinn 61,9% vun de Mataarbechter Frontalieren, a spezialiséierten technesche Betriber an am Commerce sinn et jeweils méi wéi 50%.

D'Lëtzebuurger gi gäre bei de Stat, Gemengen oder e Gemengesyndikat schaffen. Dat ass eng Feststellung. Dat ass keng Kritik.

D'Lëtzebuurger hunn och e puer Qualitéiten, déi se fir dës Carrière prädestinéieren: Si schwätze Lëtzebuergesch...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - ...a si schwätzen och alleguer déi aner offiziell Sproochen a si hunn eben d'Lëtzebuurger Nationalitéit. D'Aarbechtsplaze beim Stat sinn net den Ups and downs vun der Kris ausgesat an an der Regel gutt bezuelt.

Vill Leit hei am Haus kommen aus der Fonction publique. Ech selwer och. Wann ech dann awer d'Gefill hunn, net befaangen ze sinn, dann, well ech de Saz aus eise Code de déontologie kennen, dee seet: «Il n'y a pas de conflit d'intérêts lorsque le député tire un avantage» - mir hunn net an eise Code stoen «ou un désavantage», vläicht misste mer dat nach derbäisoen - «du seul fait d'appartenir à la population dans son ensemble ou à une large catégorie de personnes.»

► **Une voix.** - Richtig!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Eng Reform vun der Fonction publique ass ëmmer eng delikat Affär. An engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, mat där Konstellatioun vun Awunner an



Aarbechtswelt, wéi mir se nun eemol hunn, ass esou eng Reform eng ganz delikat Affär. Mir operéieren um oppenen Häerz vun enger grousser Zuel vu Wieler a Wielerinnen.

Et ass müüseg, ëmmer erëm de Privatsecteur géint den öffentleche Secteur opzerechnen. Fir eis ass et kloer: Ouni gutt funktionéierenden öffentleche Secteur funktionéiert de Privatsecteur schlecht oder net. An ouni liewege Privatsecteur ka sech den öffentlechen Déngscht net finanzéieren.

Wann een d'Lëscht vum Statec kuckt, wat déi gréisst Arbeitgeber zu Lëtzebuerg sinn, da steet och haut nach ëmmer un d'éischter Stell de Grupp ArcelorMittal mat 4.600 Leit. Duerno kommen d'BGL BNP Paribas, de Grupp Cactus, de Grupp Post an d'CFL mat ronn 4.000 Salariairen an u sechster Stell d'Goodyear mat 3.250 Leit. An da geet dat esou weider.

Deen allergréisste Patron ass awer nach ëmmer de Stat hei am Land. Am leschte Rapport d'activité vun der Fonction publique steet, datt den 1. Januar 2015 26.670 Leit beim Stat geschafft hunn, Fonctionnaires, Employéen a Salariairen. Haut sinn dat zu 52,2% Fraen. Déi praktesch Paritéit beim Personal ass awer ze relativéieren. Si kënn doduerch zustanen, datt am Enseignement fondamental en däitlech méi héijen Un-deel vu Frae wéi Männer schafft.

Ganz interessant ass och de Fait, datt déi Leit, déi am Enseignement schaffen, am Joer 2014 50,3% vum gesamten Effektiv vun de Fonctionnaires ausmaachen. 1970 huet den Enseignement nach nëmme 32,2% vum Effektiv vun de Fonctionnaires ausgemaach. 5.600 Fonctionnaire schaffen an de verschiddenen Administratiounen, 2.250 bei Police an Arméi. 515 schaffen an der Magistratur, mä déi hu mer jo am Moment nach net an d'Reform ageschloss.

Ech hu bal d'Halschent vu mengem Liewen - vu mengem Liewe bis elo, ech hoffen, et kënn nach eppes hannendrun - an enger Uertschaft gewunnt, wou déi meescht Leit entweder bei der ARBED - deemools huet dat vill méi einfach d'„Neelfabrik“ geheescht - oder op der Good-year geschafft hunn. Do hunn d'Leit ëmmer erëm Suerge gehat, Aarbechtsplaze géifen ofgebaut ginn oder hire Betrib géif delokaliséiert ginn. An déi Suerge ware berechtigt.

De Fait, datt d'Aarbechtsplaze beim Stat esou sécher, esou kriseschützt sinn, kann een net chiffriéieren. Mir hunn alleguer scho Geschichten héiere vun dem Salariaire, ob Mann oder Fra, deen 30 Joer an enger Firma geschafft huet, seng Aarbecht gutt gemaach huet, sech näischt zuschold komme gelooss huet an dunn awer praktesch vun haut op muer op der Strooss stoung, well säi Betrib, aus wéi enge Grënn och ëmmer, Faillite gemaach huet oder Aarbechtsplazen ewechrationaliséiert huet. An enger globaliséierter Welt verschwannen oft Aarbechtsplazen onverhofft a schnell. Dat ass schlecht esou. An der Fonction publique gétt et dat, zumindest zu Lëtzebuerg, net. An dat ass gutt esou!

Dee gréisste Patron hei am Land, wat d'Zuel vun de Beschäftegten ugeet, ass de Stat. Dee gréissten eenzelne Ministère ass, bäi Wäitem, de Ministère de l'Éducation nationale. Dat ass scho méi laang esou. A mat dëser Regierung hu mer dat nach méi däitlech gemaach, well mer jo och nach un de Ministère de l'Éducation nationale d'Enfance an d'Jeunesse drugehaangen hunn. Am Enseignement schaffe ronn 10.000 Leit, déi bal zu 80% de Statut vum Fonctionnaire hunn.

Och wann déi Gesetzer, déi mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, just d'Fonction publique betreffen, da wësse mer awer, datt nach eng ganz Rei aner Beräicher direkt oder indirekt mat un dës Reform gekoppelt sinn. Ech denken un de konventionéierte Secteur, ech denken un d'Eisebunn, ech denken un d'Gemengen. Eleng d'Stad Lëtzebuerg beschäftegt 3.800 Leit. Déi Reform, déi mer haut diskutéieren a beschléissen, betrëfft also ronn 27.000 Fonctionnaires, Employéen a Salariairen beim Stat direkt. Si betrëfft awer och nach eng Käier méi wéi 45.000 Leit, déi méi oder manner direkt un der Fonction publique drunhänken. Si betrëfft d'Kafkraaft vu villen Awunner hei am Land. Si wäert och Auswierkungen op Secteuren hunn, déi net direkt eppes mat der Fonction publique ze dinn hunn.

D'Fonction publique ze reforméieren an ze moderniséieren ass alles, mä keng einfach Aufgab. Den Dossier schleift scho jorelaang. déi gréng hunn am Ufank kritiséiert, datt et zu enger Verméschung komm ass vu Saachen, déi besser net sollte verméscht ginn: eng Reform an e Gehälteraccord. Eigentlech huet dat eent näischt mat deem aneren ze dinn. Et ass awer vun Ufank un esou eng Verméschung gemaach ginn.

Mir hunn et hei mat engem Gesamtpak ze dinn. Ech si frou, datt mer hei esou e grouse politesche Konsens fonnt hunn, fir dee ganze Reformpak ze stëmmen. Déi véier gréisst Parteien

hei an der Chamber hunn hiren Accord zu dëse Gesetzesprojeten ugekënnegt. Bei esou engem Gesamtpak féinnt een natierlech och ëmmer deen een oder anere Punkt, deen engem net passt. Wann een dann an der Opposition ass, da kann een op déi Punkten drécken. Dat fanne ech och normal an an der Rei.

Ech ginn allerdéngs och dem Minister Kersch recht mat sengem Kommentar iwwer eng ganz Unzuel vun Amendementer, déi eis Kollegee vun déi Lénk schonn an der Chamberskommission agereecht hunn. Et huet een den Androck, wéi wann déi Lénk bei allem, wou de Stat Suen ausginn huet, d'accord wieren, a bei allem, wou de Stat probéiert, Suen anzespieren, net d'accord wieren.

Dat ass natierlech och eng Linn. Déi ass och schonn a ville Länner gefuer ginn. Déi huet awer och hiren Deel derzou bäigedroen, datt et a verschiddene Länner zu ganz schwieerege finanzielle Situatiounen komm ass.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - déi gréng haten 2013 an hirem Wahlprogramm stoen: „déi gréng werden das von der CSV/LSAP-Regierung ausgehandelte Gehälterabkommen respektieren“, an: „das ausgehandelte neue Beamtenstatut respektieren“.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Kann ech dem Här Adam eng Fro stellen, Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann den Här Adam domat d'accord ass.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Gären.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Ech wësst gären, a wéi enge Länner datt den Här Adam mengt, datt duerch déi Politik, wéi déi Lénk se vertrieben, Schwieeregkeeten entstane sinn.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Et gétt eng Rei Länner, och an Europa, Här Turpel, wou e Beamtenum sech entwéckelt huet, wou einfach onendlech vill Leit beim Stat agestallt sinn, wat ganz vill mat enger Korruption vun enger gewëssener politescher Klass ze dinn hat, vun enger politescher Kast. Dat ass dat, wou ech drop ugespillt hunn. Ech mengen, Dir wësst och, a wéi eng Richtung datt ech domadder zielen.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Ech mengen, da sidd Der awer och d'accord, fir ze soen, datt déi Kast déi responsabel ass an d'Oligarchen, déi d'Korruption steieren an déi d'Korruption uféieren, an datt duerfir net eng Politik verantwortlech ass, déi seet, et muss een eng Emverdeelung an déi aner Richtung maachen. Merci.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Souguer, Här Turpel, wann ech onendlech Riedezäit hunn, ech hunn lech op Är Fro geäntwert! An Äre Kommentar, deen huelen ech dann zur Kenntnis.

D'Reform vun der Fonction publique war iwwerfällg. Den Exposé des motifs vum Projet de loi 6457 mécht e ganz interessanten Historique vun der Entwicklung an der Fonction publique a geet och op d'Aspekter vun der Modernisatioun an. Et ass derwäert, dat am Detail nozeliesen. Hei just an e puer Sätz e puer ganz wichteg historesch Momenter fir d'Fonction publique.

1963 hate mer eng grouss Gehälterreform. Do ass ënner anerem festgehale ginn, datt e System vu Points indiciaires géif agefouert ginn. Dat hat de Virdeel, datt ee bei linéaire Lounpassung just de Punktwäert huet missen änneren.

Een aus eiser Vue genausou wichtige Punkt vum Gesetz vun '63 war d'Gläichstellung vun de Gehälter an den Aarbechtskonditiounen fir Männer a Fraen. Virdrun hunn d'Frae just 90% vun der Pai vun engem männleche Kollege an darselwechter Carrière kritt.

1986 hate mer d'Härtefallgesetz, wat vill méi war, wéi den Numm ausseet, deen haut nach ëmmer fir dëst Gesetz gebraucht gétt. Et war och eng Äntwert op eng Zäit vun Moderatioun no de Wirtschaftskrisen. An de 70er an Ufank den 80er Joren hate mer jo schliisslech déi Ue-lechkrisen. Déi finanziell Situatioun, zum Beispill fir e Schoulmeeschter, deen am Ufank vu senger Carrière stoung, huet sech duerch d'Härtefallgesetz fundamental verbessert.

1999 hate mer eng grouss Pensionsreform, wou déi zwee Regimier, deen vum Privatsecteur an dee beim Stat, wäitgehend ugepasst gi sinn. Ab 1999 bezuelen d'Statsbeamten och 8% an d'Pensionskeess, wéi all aner Salariairen. D'Fennef-Sechstel-Pension vum leschte Gehalt ass zënter 1999 en Auslafmodell ginn. Ennerscheeder bestinn natierlech ëmmer nach. Et gétt zum Beispill keng regelrecht Pensionskeess beim Stat. Et leeft alles iwwer de Budget. Et gétt keng Reserv. Eigentlech mécht dat d'Pensionen an der Fonction publique méi onsécher wéi am Privatsecteur.

An der Legislaturperiod 2004-2009 war d'Regierung éischer vursiichtg, wat d'Gehälter a Reformprojeten ugeet. Ech zitieren ee gréngen Deputéierten, deen am Oktober 2007 den Accord vun der grénger Fraktioun zum Gehälteraccord ginn huet: „Mir mengen, datt eng kontinuierlech moderat Lounpolitik nach ëmmer zu Lëtzebuerg ubruecht ass. Eise wirtschaftleche Wuelstand ass esou enk un de Finanzsecteur gestréckt, datt mir musse vun der aktueller gudder Situatioun profitéieren, fir an d'Zukunft an an d'Diversifikatioun ze investéieren. Mir sinn der Meenung, datt mer vum aktuelle Geldsege vun eiser Finanzplaz profitéieren sollen, fir zum Beispill an d'Recherche, an d'erneierbar Energien, an d'Kommunikationstechnologien an esou weider ze investéieren.“

An deen Accord war 2007/2008 keng linéaire Erhéijung vum Punktwäert, just eng eemoleg Prime vun 0,9% an eng Punktwäerterhéijung vun 1,5% fir d'Joer 2009. Dat war, wéi gesot, 2007. Mir haten ëmmerhin e Wuesstum vum PIB vu 5-6%. Et huet schonn e bëssen no Subprime-Kris geroch. Mä richtig hu mir déi Kris eréischt ee Joer méi spéit ze spiere kritt. Den Zesummebroch vun der US-amerikanescher Groussbank Lehman Brothers war jo eréischt am September 2008.

Am Mee 2007 hat déi deemoleg Regierung schonn emol e Plan d'action en matière de réforme administrative ugehall. Deen huet op dräi Piliere baséiert: éischtens Qualitätsmanagement, virun allem duerch Plans de gestion an duerch Autoevaluatioun an der Fonction publique. Zweete Piliere war de Client. De Client, de Bierger, dee sollt an de Mëttelpunkt gestallt ginn. An drëtens, d'Motivatioun an den Engagement vum Personal sollte verbessert ginn, zum Beispill duerch Mataarbechtersgespräicher, duerch e Code de déontologie, duerch finanziell Ureizer, duerch méi einfach Méiglechkeete vu Changementer innerhalb vun der Fonction publique.

Déi Iddie si, bei de Gewerkschaften net mat oppenen Aerm empfaange ginn. D'Verhandlung sinn ënnert der neier Regierung 2009 weidergefouert ginn. Am Juli 2011 ass et zu engem duebelen Accord mat der CGFP komm. Deen Accord hat virgesinn, datt et beim Stat nëmme méi géife véier Gehaltskategorie ginn, datt eng allgemeng Verlängerung vum Stage op dräi Joer kéim, eng Gestion par objectifs, en opwennege Bewäertungssystem fir all Beamten an d'Schafung vun engem Mediateursposten an der Fonction publique, wou de Beamte sech kéint hiwenden am Fall vun engem Litige mat sengem Supérieur hiérarchique.

Den zweete Volet war e Gehälteraccord. Och do sinn d'Donnéeë bekannt. Hien huet d'Ewechfale vun der Krisesteier vun 0,8% vum 1. Januar 2012 u virgesinn - dat ass och age-traff -, eng Prime unique vun 0,9%, déi sollt am Juli 2012 ausbezuel ginn, an eng Hausse vun de Paie vun 2,2% fir den 1. Januar 2013.

Deen Accord gouf awer vun zwou Säiten a Fro gestallt. Am Parlament ass gemengt ginn, et wier par rapport zu der finanzieller Situatioun - mir spieren nämlech elo voll d'Auswierkung vun der Finanzkris - praktesch onméiglech, de Leit dobaussen ze erklären, wéi mer et géife fäerdgebréngen, fir an der Fonction publique elo eppes ze ginn, wat mer dann an engem Spuerpak e puer Wochen oder Méint duerno erëm missten ewechhuelen. Mä och vun der Säit vun der CGFP-Basis goufen et vill Kritik vis-à-vis vun dësem Accord.

Regierung a CGFP sinn an d'Conciliationsprozedur gaangen. Et ass zu engem neien Accord Enn Mäerz komm. Do war et e Kompromëss: D'CGFP huet akzeptéiert, datt déi finanziell Mesuren no hanner verréckelt gi sinn. D'Regierung huet akzeptéiert, datt d'Reform vun der Fonction publique eréischt kéim, wann och den Accord salarial emgesat géif ginn.

2014, Lëtzebuerg hat eng nei Regierung an d'Fonction publique hat en neie Minister, ass dunn den Avis vum Statsrot komm mat méi wéi 100 Oppositions formelles. Den neie Minister hat net vill Spillraum. An der Regierungserklärung steet, datt d'Engagement vum der viregter Regierung géife respektéiert ginn, datt den Avis vun der legislativer Prozedur géif Rechnung gedroe ginn an datt de finanzielle Volet un de statutaesche Volet vun der Reform géif gekoppelt bliewen.

Am Mäerz virun engem Joer ass et zu engem neien Accord komm. A groussen Zich ass de Projet vun der viregter Regierung bäibehale ginn. D'Regierung ass der CGFP allerdéngs och e gutt Stéck entgéintkomm. D'Stagegeld vum drëtten Joer ass däitlech an d'Luucht gaangen. Et gétt elo 90% vum véierten Échelon an net vum drëtten Échelon, wéi et ursprénglech festgehale gi war. Dat kascht de Stat ëmmerhin ronn véier, fennef Milliounen Euro méi. An enger Zäit, wou de Stat sech d'Spueren op de Fändel geschriwwen huet, ass dat net näischt.

Nach méi grouss war de Kompromëss, deen déi nei Regierung bei der administrativer Reform agaangen ass. Ee vun den Haaptknackpunkten, d'Evaluatioun vun de Beamten, ass frësch verhandelt ginn. D'Evaluatioun gétt net méi un d'Carrière gebonnen. Et gétt nach just eng Belounung mat e puer Congésdeeg.

D'Bewäertung hat virun allem an der Éducation fir vill Opreegung gesuergt. Wahrscheinlech wëssen déi Leit, fir déi d'Evaluatioun zu hirer alldeeglecher Aarbecht gehéiert, am beschten, wat dat fir e geféierlech Instrument ka sinn. D'Evaluatioun ass ëm munneches méi einfach ginn a soll doduerch de Stat och manner Sue kaschten. Och de Mediateur ass aus dem Reformprojet gestrach ginn. Bäibehale ginn ass allerdéngs d'Procédure de l'insuffisance professionnelle, een Novum an der Fonction publique.

Wat sinn dann elo eigentlech weider grouss Neierungen an der Fonction publique?

Op den Accord salarial ginn ech net méi an. Dat ass jo schonn alles gesot ginn, och vu mir virun e puer Minuten.

Mat de Gesetzer, déi mer haut stëmmen, probéiere mer, d'Fonction publique ze moderniséieren. Am Moment sinn d'Carrière just op zwee Kritären opgebaut: den Diplom, mat deem ee beim Stat ugefaangen huet mat schaffen, an d'Anciennetéit, also d'Déngschtjoren, déi ee beim Stat ugesammelt huet. An Zukunft wäert den Aspekter Responsabilitéit a Performance méi eng grouss Bedeitung zoukommen. Mir wëllen d'Fonction publique net op d'Kopp geheien, net revolutionéieren, mä just moderniséieren.

Eng grouss Neierung betrëfft de Stage fir Fonctionnaire ze ginn. D'Beamten, déi no der Reform, déi mer haut votéieren, hiren Déngscht beim Stat untrieden, mussen dräi Joer Stage maachen anstatt zwee Joer, wéi bis elo. Dës Mesure hat den deemolege Premier Jean-Claude Juncker a senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun de 6. Abrëll 2011 esou anonciéiert: „Fir e Statsbeamten ze sinn, geet et net duer, eppes ze wëssen, et muss een och eppes kënnen. Duerfir gétt de Stage vun haut zwee op muer dräi Joer verlängert. (...) Wann een am Stage ass, dann ass een um Wee zum Statsbeamten, mä et ass een awer nach keen. Logescherweis brauch deen, deen eppes wëllt ginn, net d'selwecht bezuelte ze gi wéi een, dee schonn eppes ass.“

Ech hat schonn deemools déi Formulatioun paternalistesche an onglécklech fonnt. Wollt deen deemolege Premier deene méi oder manner jonke Leit, déi méi oder manner laang studéiert hunn, vermëttelen, datt si näischt wieren?

Dobäi gétt et eng einfach Erklärung, firwat déi dräi Joer Stage mat reduzéierter Entlounung agefouert gi sinn. Mir hu festgestallt, ënner anerem mat dem Gehältervergläich, dee mer am Mäerz 2010 virgeluecht kruten - dat war en Optrag vum deemolege Minister Wiseler -, datt d'Ufankscarrière beim Stat däitlech iwwert deenen am Privatsecteur géife leien: tëschtent 12% an 19% beim Secteur, deen d'Fedil representéiert, tëschtent 14% an 31% am Bankesecteur.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech weess, datt der e puer vun lech och wëssen, wéi eng Ufankgehälter esou renommiéiert Boité wéi PwC oder KPMG bezuelen. Fir déi, déi et net wëssen: Déi bezuelen de qualifizéierte Mindestloun u gutt forméiert Universitären a loosse se duerfir och nach onbezuelten Iwwerstonne schaffen.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, kee vun eis heibanne wëllt esou Zoustänn an der Fonction publique! D'Politik huet awer gemengt, déi Situatioun vun den Ufankgehälter wier keng gesond a mir sollte reagéieren.

Dat, wat fir d'Ufankgehälter stëmmt, stëmmt net onbedéngt fir déi ganz Carrière. Fir net de ganze Gehältersystem op d'Kopp ze geheien, ass d'Iddi, fir d'Stagezäit manner ze bezuelen a se och nach op dräi Joer auszedehnen, zréckbehalen ginn. Natierlech kann een driwwer diskutéieren, ob dräi Joer Stage an all Carrière sënnavoll sinn. Mä et läit awer um Patron Stat, déi dräi Joer Stage méiglechst sënnavoll ze gestalten. De Stage ass eng Mesure, fir d'Ufankgehälter beim Stat e bësse méi niddreg ze halen, fir e speziellen Encadrement fir de Berufsfänger zouzeloossen an eventuell och nach Suen ze spueren.

Well e besonnesch bei den zukünftege Schoulmeeschteren a Léierinnen am meeschten emstridden ass, wëll ech grad just un deem Beispill e bëssen op de Stage agoen.



D'Studente vu Walfer, Baaschtnech, Virton, Léck, Bréissel a Fribourg a vun de Chargés de cours vu Lëtzebuerg wiere sech géint d'80/80/90-Gehälterformule. No hirem laange Studium fanne si sech an eng ongëschtegt Situatioun gesat, fir hiert eegent Liewen opzebauen. Een, dee manner verdéngt, kritt zum Beispill och net esou vill Sue vun enger Bank geléint fir seng privat Projeten. Jonk Berufsfänger, déi vill Käschten a Méi am Studium op sech geholl hunn, brauchen eng hirem Diplom entsprechend Pai, fir kënnen en eegent a selbstständeg Liewen unzefänken. Och dat schreiwten déi Studenten an enger Petitioun, déi se och muer an d'Éducatiounskommissioun verteidege kommen.

Et ass kee frou, wa seng Rémunéatioun, déi en zwar nach net huet, awer an Aussiicht gestallt kritt, déi éischt dräi Joer op zweemol 80% an eng Kéier 90% erofgeet. Déi Tatsaach gëtt vu ville Studenten, mat deenen ech geschwat hunn - an ech hu mat ville Studente geschwat -, awer net als wierklech problematesch ugesinn. D'Studente fir de BScE oder eppes Gläichwärtiges am Ausland wëssen, wat hir Kollegen esou alles um Aarbechtsmaart erliewen. Si schätzen hir zukünfteg Pai als duerchaus korrekt an. Dat sinn déi Erfarungen, déi ech gemaach hunn.

Ganz schwéier di se sech allerdéngs domat, datt si eventuell de Stage net géife packen. All Joer am Stage gëtt evaluéiert, all Joer muss gepackt ginn. Et kann een och nach am drëtten Joer gesot kréien: Du hies de Stage net gepackt, du därefts net am Beruff bleiwen.

Mir sinn der Meenung, datt déi Konditiounen, déi an alle Beräicher gëllen, noutwendeg Konditiounen sinn. E Stage, wou een net kann échouéieren, ass jo e Widdersproch u sech. Mir sinn allerdéngs och der Meenung, datt den Échec muss déi grouss Ausnahm bleiwen.

Bleiw mer bei de Schoulmeeschteren. De Kandidat, deen an de Stage geet, huet jo schon eng universitär Formatioun vu véier Joer ofgeschloss. Hien huet véier Joer Zäit, Energie, Suen investéiert a säi Studium. D'Allgemengheet huet och véier Joer an dee jonke Mënsch investéiert. Eigentlech muss mer dovun ausgoen, datt deen, deen e Brevet kritt, och ka Schoul halen. D'Studente fannen zu Recht, datt si scho vill Stagë gemaach hunn. Op der Uni Lëtzebuerg sinn dat am Ganzen 32 Wochen, also praktesch ee Schouljoer. De Stage, dee si elo muss maachen, fir eng fest Ustellung am Ministère ze kréien, kann also net deesewechte si wéi dee vun der Uni, an dat ass jo och net de Fall.

Am Rapport zu engem Débat d'orientation iwwert déi verschidden Enseignantsberuffer an der Lëtzebuurger Schoul war schon am Abrëll 2012 festgehalen ginn: «Il conviendrait en effet d'analyser l'opportunité de prévoir un stage dans le cadre de l'insertion professionnelle.» Mir schwätzen hei vum Enseignement fondamental. «De fait, il ne faut pas perdre de vue que l'État en tant qu'employeur possède un devoir de formation de son personnel. Ce stage devrait miser sur une approche réflexive et pourrait prendre la forme d'un accompagnement du candidat dans sa pratique quotidienne.»

D'Studente vergiessen oft, datt d'Uni net identesch mam Stat ass. Ech behaupten emol, datt déi jonk Schoulmeeschteren zwar alleguer den Eed op d'Constitutioun ofleeën, sech awer kaum bewusst sinn, datt se och Fonctionnaire sinn. Ech hunn och mat engem Grupp Studenten am leschte Semester vum BScE nach d'lescht Woch driwwer diskutéiert, ob si sech bewusst wieren, datt se deemnächst Schoulmeeschter oder Léierin a Statsbeamte géife ginn, a wat dat fir si géif bedeiten.

Ech zielen lech e puer Saachen op, déi als Diskussionsbäitrag komm sinn: Do kann een eng gewësse Carrière beim Stat maachen. Et ass ee 24 Stonnen op 24 Stonnen a Fonctioun. Dat heescht, och ausserhalb vun der Schoul soll ee sech net de Batti stellen. Et leescht een en Eed. D'Streikrecht ass ageschränkt. Mir hunn déiselwech Recht a Flichte wéi aner Fonctionnaires. Et huet een eng gewësse Sécherheet, wat d'Aarbechtsplaz ugeet. Et kann een net niewent der Aarbecht beim Stat eng aner Aarbecht hunn. Mir sinn och un e Secret professionnel gebonnen.

An dunn ass natierlech d'Diskussioun op d'Veréffentlechung vun den Tester am 6. Schouljoer komm. A mir haten nach dese Méindeg vum Éducatiounsminister erzielt kritt, wéi schwierig et ass, vu senger Fonctionnaireseignanten ze verlaangen, en Embargo op engem Regierungstext anzehalen, a wann et nëmme fir e puer Deeg ass.

Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll haut

keng Debatt lancéieren, ob d'Enseignanten da wierklech mussen all Fonctionnaire ginn. Wann déi Diskussioun allerdéngs soll geféiert ginn, mir ginn hir och net aus de Féiss. Mir sinn der Meenung, datt de Stage soll als Ennerstëtzung vun deene jonken Enseignanten organiséiert sinn an net als Kujenad.

Ech weess net, wéi vill Spillraum den Éducatiounsminister nach an der Ausrichtung vum Stage léisst. Mir stellen de Stage op kee Fall a Fro, kéinten eis awer nach verschidden Ännerungen bei den Ausféierungsbestëmmunge virstellen. Eppes mengen ech awer och schon haut kënnen ze soen: Den neie Stage am Enseignement fondamental ass mat Sécherheet keng Spuermoosnam.

Mat der Reform gëtt der Neioorganisatioun vun deenen allermeeschte Studiegäng nom Bologna-Prozess Rechnung gedroen. Ee ganz wichtigen Aspekt bei der Reform ass d'Schafung vun enger neier Carrière, der Bachelorcarrière beim Stat. Dat bréngt mat sech, datt endlech eng Rei Bac+3-Leit do agestuift ginn, wou se higeheieren, an zwar an eng Bac+3-Carrière.

Zu de gréisste Gewënner vun der Reform gehéieren ouni Zweifel - mir héiere se dobaussen - d'Éducateuren an d'Éducateurs gradués.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - D'Éducateuren an d'Éducateurs gradués waren zënter Jorzéngten, ech géif souguer soen zënter 1973, wou dese Beruff geschaf gouf, net an där Carrière agestuift, déi eigentlech hiren Diplomer entsprécht. Si si jorzéngtelaang vertréisch ginn, déi nächste Kéier wier et un hinnen.

Mat deser Reform ginn endlech d'Éducateurs diplômés an déi Carrière agestuift, déi hirem Diplom entsprécht, also an déi nei Carrière B, an net méi an d'Carrière vun den Expéditionnaires, wéi bis elo. Mat deser Reform ginn endlech d'Éducateurs gradués an déi Carrière agestuift, déi hirem Diplom entsprécht, also an déi nei Carrière Bachelor A2, an net méi an d'Carrière vun de Redakteren, wéi bis elo.

Ech fannen et awer erstaunlech, wann zwee Kollege vun der CSV de 24. November 2014 eis d'Question parlementaire stellen, wou se op eis emol wëllen entdeckt hunn, ech zitieren: «Les éducateurs et éducateurs gradués ont une place importante dans notre société, pour laquelle ils veulent fournir un travail de qualité.»

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - 20 Joer näischt gemaach!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Wësse si net, datt d'CSV jorzéngtelaang dee Minister gestallt huet, wou déi meeschten Educateuren agestallt gi sinn? Wësse si net, datt d'CSV-Ministere waren, déi jorzéngtelaang iwwerhaapt näischt fir des Beruffer gemaach hunn?

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Näischt! Näischt!

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - déi gréng konnte jo net vill maachen!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Dofir maache mer et elo. Genau dat!

(**Interruptions diverses**)

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - D'CSV huet also wierklech...

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Sidd dach fei mateneen!

(**Hilarité**)

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - D'CSV huet also wierklech missen eng Kéier an d'Oppositioun kommen, fir de Wäert vun den éducativ Beruffer ze entdecken!

(**Brouhaha général**)

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Mir hunn alleguer vill Mail vum Educateuren an Educateurs gradués kritt, déi net zefridde si mat der Reform. A well ech fir déi gréng den Dossier traitéieren, hunn ech am Numm vu menger Partei a menge Kollegen aus der Fraktioun op all Mail geäntwert, bal op all Mail, zumindest bis deen Dag, wou mer de Rapport an der Chamber ugehol haten. Dunn hunn ech gemengt, da géif ech net méi äntwerten.

Ronn 200 Leit hu mer eng Zort Standardbréif geschriwwen. Si konnten nëmme eng Standardäntwert kréien, déi ech hei nach eng Kéier kuerz resüméieren, a wann et nëmme ass fir déi vill Educateuren an Educateurs gradués, déi mer keng Mail geschriwwen hunn.

Mat deser Reform kréien des zwou Beruffsgruppe kee Cadeau gemaach. Dat soll och kloer an däitlech sinn. Si kréien endlech dat, wat hinnen zousteet!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Eng gewëssen Onzefriddenheit am Secteur berout dorop, datt déi Leit, déi schon am Beruff schaffen, zwar de Grad kréien, deen hirer neier Carrière entsprécht, awer nëmme deesewechten Échelon wéi deen, dee se hunn, respektiv deen Échelon just driwwer, wann et deesewechten Échelon net an där neier Carrière gëtt.

Dës Regelung gëllt fir all Fonctionnaires. A kenger Carrière sinn allerdéngs d'Écarten téschent der aler an der neier Carrière esou grouss wéi bei den Educateuren. Duerfir mierkt een et hei am beschten, duerfir deet et hei wéi an duerfir schwätze mer jo och vun enger historiescher Reevaluatioun vun deene Carrièren. Och wann d'Éducateuren net direkt an de Grad an an den Échelon vun der neier Carrière kommen, da komme se awer an de Benefiss vun den Avancemeter vun den Echelone bis un d'Fin de carrière. Spéitstens mat 55 Joer kréie se deesewechten Échelon de fin de carrière wéi déi Leit, déi an der neier Carrière ufänken.

Den Yves Cruchten huet dat eng Kéier schon hei gesot an ech hunn deem näischt bäizefügen.

(**Interruption**)

Well et awer esou wichteg ass a well et nach ëmmer wouer ass, maachen ech mer och e Ple-séier draus, et och nach eng Kéier ze soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Een Argument, dat ëmmer erëm an d'Spill bruecht gëtt, ass, datt et bei de Schoulmeeschtere viru Joren anescht gehandelt gouf. Dat ass en Argument, dat net aus der Welt ze schafen ass. Ech konnt jorelaang doheem all Mount vergläichen, wat e Schoulmeeschter a wat eng Educatrice graduée verdéngt huet, an dat war zu enger Zäit, wou déi zwee Beruffer exakt déiselwech Studienzäit haten. An dat war 20, 30 Joer esou!

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Mir verweisen dann dorop, datt d'Zäite leider geännert hunn an datt den Accord vun der Reform soll käschtenneutral bleiwen. Ech weess, datt dat e schwachen Trouscht fir déi Concernéiert ass. Ech ginn dovun aus, datt des Faiten net vergiess ginn. Et ass jo och net esou, wéi wann an Zukunft keng Gehälterverhandlung méi wieren a wéi wa keng Gespréicher méi wieren téschent deene verschiddene Beruffsgruppen an de Ministèren.

Natierlech hu mer op déi vill Kettemails och mat enger Standardmail geäntwert. Do huet sech dann awer och erausgestallt, datt eng Rei Leit net gutt informéiert waren iwwert d'Reform. Et hu sech Leit geiergert, déi eréischt ganz kuerz am Beruff waren, souguer eréischt ee Joer. Déi sinn nëmme minimal vun där Echelonsgeschichte betraff. Hir Carrière gesäit elo definitiv vill besser aus wéi zu deem Moment, wou se hiren Aarbechtskontrakt ënnerschriwwen hunn. Et ass esou, datt een, deen haut 50 Joer huet a 25 Joer am Educateursberuff schafft, net déiselwech Pai kritt wéi een, deen haut ufänkt, se kritt, wann deen da 50 Joer huet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Et zirkuléieren awer elo Ängschten, datt elo Leit, déi nei ufänken, Leit mat deesewechten Diplom, déi scho méi laang schaffen, an der Pai géifen iwwerhuelen. Ech ka mer keng esou eng Situatioun virstellen. Sollt dat awer iergendwou an iergendwann de Fall sinn, da schéngt et mer evident, datt mer mussen nei légiféréieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Relativ gekuckt, schaffe weineg Educateurs an Educateurs gradués direkt an der Fonctioun publique. Déi grouss Mass vun hinne schafft am konventionéierte Secteur. An eis Regierung huet sech am November vis-à-vis vun de Gewerkschaften engagéiert, d'Opwäertung vun den erzieeresche Carrière mat an déi finanziell Enveloppe ze ginn, déi de konventionéierte Secteur an Zukunft kritt. D'Revalorisatioun betrëfft also net just déi kleng Zuel vun Educateurs-fonctionnaires, mä all Educateuren an Educatrices.

Duerfir, Här President, si mir der Meenung, datt, besonnesch wat den éducativ Beräich betrëfft, des Reform eng wichteg Verbesserung fir e ganze Beruffsstand bedeit.

An ech erlabe mer just hei e kuerzen Hiweis drop, datt et nach e ganz anere Problem gëtt am Beräich vun den éducativ Beruffer, an dat ass d'Definitioun, d'Protektioun vun deem Beruff. Mat der Aféierung vun der Uni 2003 ass zum Beispill den Educateur gradué ofgeschaaft ginn. Mir hunn déi Carrière nach ëmmer, mä si ass de facto net méi geschützt, an do muss mer eis och zesummesetzen an handeln, well dat kéint wierklech och ganz negativ Auswirkungen op déi ganz éducativ Beruffswelt kréien.

Eng weider Beruffsgrupp huet hir Onzefriddenheit mat der Reform zum Ausdrock bruecht:

d'Chargéen am Enseignement. Dank enger verfeelter Personalpolitik an der Vergaangenheit hu mir eng grouss Unzuel vu Chargéen an eise Schoulen. Wann de Stat op Employéen an eise Schoulen zréckgräift, da mussen déi och uerdentlech behandelt ginn. Et ass e Fakt, datt e Véirel vun de Coursé vu Chargéé gehale gëtt. Des Chargéé mussen ënner faire Konditiounen kënnen schaffen.

degréng hunn d'Fuerderunge vun der ACEL zur Kenntnis geholl a mir sinn der Meenung, datt Handlungsbedarf besteet. Ech wëll awer och kloer soen, datt mer wierklech net all Fuerderung vun de Vertrieeder vun de Chargéen deelen.

Ganz interessant ass, datt d'Chargéen endlech och d'Ennerstëtzung vun de Gewerkschaften schéngen ze kréien. Den SEW zum Beispill versteet de Chargéen hir Roserei a fuerdert duerfir vun de politesche Responsabelen, datt de Chargéen hir Tâche an déi vun allen anere Kategorien alignéiert gëtt an endlech de Wäert vun de Chargés d'éducation an dem Enseignement unzëerkennen. Dat war net ëmmer esou.

Och d'Vertrieeder vun der Policegewerkschaft hunn de Wee bei déi politesche Parteie fonnt. Dat ass och schon haut ugeschwat ginn. Do schéngen och nach Gespréicher ze lafen téschent der Policedirektioun an dem Minister vun der Force publique. An dann hoffen ech, datt een do och nach op deenen enger oder anere Punkte kann zu engem méi groussen Accord kommen.

D'Evaluatiounsprozedur ass vereinfacht ginn. Ech hat dat schon am Ufank vu menger Ried gesot.

Positiv ze bewäerten an der Reform ass och d'Méiglechkeet, fir sech iwwer eng Zäit vun dräi Joer progressiv aus dem Beruffsliewen zréckzeziehen an esou e fléissenden Iwwergang zur Pensioun ze erméiglechen. Sou gesäit des Reform vir, datt een zu 50% oder 75% ka schaffen an da gläichzäitig zu 50% respektiv 25% seng Pensioun an Usproch kann huelen. Mir begrëssen dat ausdrécklech.

D'Exigenz, e Schlussrapport vun engem Beamten ze verlaangen, wann en an d'Pensioun geet, ass fale gelooss ginn. Mir fannen dat gutt esou, och wa wahrscheinlech d'Ewechfale vum Trimestre de faveur mat zu där Décisioun bäigedroen huet.

D'Mobilité interne ass méi lücht gemaach ginn.

Duerch d'Aféiere vun enger Gestion par objectifs komme mer enger Gestiou vun der Performance méi no. All Verwaltung soll hir Objektiv festhalen an dann hir Moyenen ofstëmme, fir zu desen Ziler ze kommen.

De Code de bonne conduite ass ënnerwee, och wann en elo komplett aus dem gesetzleche Voleit vun haut erausgeholl ginn ass.

Am Sënn vun der Unerkennung vun den Diplomer gëtt mat der Reform och den Doktertittel an de Sciencen unerkannt. Sou ass eng Prime vun 20 Indexpunkte virgesi fir déi Leit, wou den Doktertittel, an dat ass wichteg, eng Valeur ajoutée fir d'Missioun um Poste bitt.

Duerch d'Prinzipie vum Lifelong Learning an d'Unerkennung vun der Beruffserfahrung ginn d'Carrière beim Stat dynamiséiert. Déi nei individualiséiert Approche gëtt de Beamten d'Méiglechkeet, duerch Weiterbildung an eng méi héich Carrière agestuift ze ginn. Sou ass zum Beispill den Accès an d'Carrière supérieure duerch d'Redaktioun vun engem Mémoire méiglech.

Här President, mir stëmme haut e wichtige Reformpak, dee jorelaang verhandelt gouf a wou véier Parteien an der Regierungsresponsabilitéit an de Verhandlungen implizéiert waren. déi gréng hunn ëmmer fir e staarken an effizienten éffentlechen Déngscht plädéiert. Mir hunn eis ëmmer géint eng ultraliberal Politik ausgeschat, déi gemengt huet, just e méiglechst schlanke Stat wier e gudde Stat.

Éffentlech Déngschtleschtunge sinn en Déngscht un der ganzer Gesellschaft. Ee Stat, dee gutt fonctionnéiert, ass kee Luxus. A fir datt e Stat gutt fonctionnéiert, brauch e genuch Beamten, déi gutt forméiert sinn, déi motivéiert sinn, déi loyal an onofhängeg sinn, déi sech selwer am Déngscht vun de Matbirger gesinn. E modernen éffentlechen Déngscht muss op Berodung an Ennerstëtzung setzen an engem Émfeld, wou d'gesetzlech Prozeduren net ëmmer méi einfach ginn.

Ech kommen zum Schluss.

Ech hu mer natierlech och nach eng Kéier opmierksam den Optréit vum Generalsekretär vun der CGFP als Invité vun RTL gëschter Moien ugehéiert. Zwoe Punkten hu mech haaptsächlech interpelléiert. Den Här Wolff seet, an ech ginn him recht, datt d'Aarbecht mat deem Accord nach net ofgeschloss wier - den Här Cruchten huet an engem Interview gëschter oder haut am „Wort“ datselwech ge-





sot - an datt déi eigentlech Aarbecht eréischt géif ugoe mat der Emsetzung vun der Reform an deene verschiddene Secteure vun der Fonction publique. Hien huet vu groussen Härtefäll geschwat, déi da missten diskutéiert ginn, an indirekt d'Police, d'Éducateuren an d'Chargéen domat gemengt.

Wat seet eise Minister dozou? Wéi vill Spillraum huet hie bei der Emsetzung?

Dann huet den Här Wolff och gemengt, dat wier keng Jorhonnertreform, wat mer hei géife stëmmen, well ënner enger Jorhonnertreform géif hie sech eppes ganz anescht virstellen. A grad just dat géif mech wierklech interesséieren: Wéi stellt ee Generalsekretär vun der representativer Gewerkschaft aus dem öffentlichen Dénsgscht sech eng Jorhonnertreform vum öffentlichen Dénsgscht vir? Sollten déi Iwwerleeungen eng Kéier a Buchform oder an digitaler Form public ginn, ech wier en interesséierte Lieser.

Ech sinn esou fräi, och nach e klengen Denkstouss fir eng Reform ze ginn. Geschter si bei eis doheem, bei eis privat doheem, zwee Zieledele fir d'Wahle vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics ukomm. Deen een, dee war fir d'Éducateurs gradués an der Ediff, déi d'äerfen dann an der Grupp G wielen. D'Grupp G ass: «employés, chargés de cours et volontaires de l'Armée et de Police». E bësse komesch ass dat schonn.

An der Kategorie G gëtt et 10.343 Wieler a si d'äerfen zwee Vertrieder wielen. An der Kategorie B, der Carrière moyenne, gëtt et 4.423 Wieler. Si d'äerfe fënnf Vertrieder wielen. An an der Kategorie F vun de Ministres du culte catholique gëtt et 344 Wieler. Si d'äerfen ee Vertrieder wielen. Also déi Pensionéiert d'äerfe matwielen, duerfir sinn et der esou vill.

#### (Hilarité)

Mir kréie jo elo nei Kategorien. Ech sinn iwwerzeugt, datt mer dann och méi eng gerecht Verdeelung vun de Vertrieder an der Statsbeamtekummer kréien.

Här President, léif Kolleegen a Kolleginnen, ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu deenen aacht Projets de loi aus dem Gesamtpak an zum Projet de loi 6757 an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Adam. Als nächsten geschriwwene Riedner ruffen ech den Här Fernand Kartheiser op d'Tribün. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Villmools Merci, Madame President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, Dir Häre Ministeren, Vertrieder vun der Regierung, ech soen och als Aleréisch eisem Rapporteur, dem Här Cruchten, Merci fir e ganz interessanten a komplette Rapport an enger Matière, déi wierklech extrem komplizéiert ass. Ech mengen, et si jo zéng Joer Verhandlungen, och eng ganz Rei Sessiounen vun der zoustänneger Chamberskommission sinn ënner senger Presidentschaft gewiescht. Do ass vill Aarbecht gemaach ginn an dat muss een och honoréieren.

Mir hunn als ADR jo och vläicht déi Roll, als éischt Partei ze schwätzen, déi desén Accorde méi kritesch géintwuersteet. Et ass jo esou, datt eben, wéi et och ënnerstrach ginn ass, déi dräi Regierungsparteien, awer och d'CSV hiren Accord zu dese Projete ginn. Mir sinn do e bësse méi distant. Mir wäerten net all Projet matstëmmen.

Fir eis ass dat do elo emol eng hallef fäerdeg Reform. Et héiert ee jo och aus Regierungskreesser, no der Reform wär virun der Reform. An et héiert een hei souger an der Chamber haut, de Vertrieder vun der DP hat et gesot: „Et ass eng Reform, déi Härtefäll provoziert.“ Da froen ech mech awer, ob een als Regierung higoe kann an eis e Gesetz dohinnerleeë kann, wat en Härtefäll provoziert. Et wär eppes anescht, wann ee géif higoen an e Gesetz net stëmmen, oder wann ee géif soen: „Mir kënnen elo nach net alles léisen, et bliwen nach Härtefäll a mir këmmen eis gläich drëm.“ Mä fir eis e Gesetz dohinnerzeleeën, wat - Zitat - „Härtefäll provoziert“, dat ass awer eppes, wou mir mengen, datt dat net dee richtige Wee ass.

Et ass eng Reform, déi fir eis eng Rei Fragezeeche mat sech bréngt, wat de Contenu ugeet, dorobber kommen ech ze schwätzen. Wat den Zäitpunkt ugeet, hat den Här Gras a senger Interventioun gesot, mir wäeren och un Datume gebonnen. Ech weess net, ob e sech do op déi aktuell Sozialwahle wollt referéieren oder op soss eppes. Dat weess ech net. Mä awer och, wat déi Method ugeet, wéi déi heite Gesetzespropositionen zustane komm sinn, hu mir gewësse Froen.

Ass do wierklech déi Dialogbereitschaft tëschent der Regierung an de Gewerkschafte

gewiescht? Mir héieren déi Kritikke vun de Gewerkschafte, wann et heescht, dat wär net de Fall. An dat, wat mer elo op der Strooss heierliewe virun der Chamber, datt eben esou vill Beruffsorganisatiounen, sou vill Leit sech mobiliséieren, fir ze demonstréieren an ze protestéieren, dat weist jo awer, datt vläicht net genuch Dialog geféiert ginn ass.

Eenzel Beruffsorganisatiounen soen, si hätten iwwerhaupt keng Entrevuë kritt, obscho se bei hire Ministeren Entrevuë gefrot hunn. Dat ass vläicht d'Praxis vun enger Regierung, déi awer ugetrueden ass ënner dem Fändel vun Dialog an Transparenz, Gesprächsbereitschaft, alles frësch, alles nei maachen. An awer sti mer virun enger Realitéit, déi deem Usproch net gerecht gëtt.

Wann hei d'Regierung seet, si wéilt d'Beamte bewäerten op hir sozial Kompetenz, dann denken ech, datt, wann d'Beamten haut missten d'Regierung bewäerten op hir sozial Kompetenz, kee ganz gutt Resultat dobäi géif erauskommen. Awer mir wësse jo, eng grouss Bewäertung kënn 2018, an da kucke mer eis dat nach eng Kéier un.

#### (Interruption)

Mir begrëssen als ADR déi Geleeënheet, déi eis haut offréiert gëtt, fir iwwert d'Fonction publique ze schwätzen. An et ass d'Geleeënheet och, fir de Bléck e bësse méi wäit ze werfen, op dat, wat mir eis virstellen ënner der Fonction publique. Mir denke se op jidde Fall net géint de Privatsektor, mir denken dem öffentlichen Sektor an de Privatsektor net géinteneen, mä mateneen. Ee brauch deen aneren.

Den öffentliche Sektor ass niewent senge souveränen Aufgaben e wichtege Dénsgschtleeschter fir de private Sektor, deen, dee garantéiert, datt eist Land gutt funktionéiert, eis Economie ka funktionéieren. An dofir ass et och wichtig, eben déi zwee grouss Secteure vun eiser Gesellschaft mateneen ze denken.

A wien dat wëllt harmonesch gesinn, dee kann also och elo schlecht oprechnen, datt d'Fonction publique nëmmen aus Lëtzebuurger besteet oder zu engem groussen Deel aus Lëtzebuurger, an dorauer e Genre vun Désavantage oder vun enger Besonderheet wëlle kontrolléieren (veuillez lire: wëllen ofleeden). Dat ass an eisen Ae selbstverständlech, datt d'Fonction publique ebe vu Ressortissanté vun deem jee-weilege Land besat gëtt. Dat ass an all Land esou. Dat ass hei keng Ausnahm. Mir hu souguer als Lëtzebuerg verhältnisméisseg vill Ausländer an der Fonction publique schaffen, elo schonn.

Wat wënsche mir eis vun der Fonction publique? Mir hätte gär eng öffentliche Funktion, déi politesch neutral ass. Et wär also eng Geleeënheet gewiescht, fir eng Legislatioun ze schaffen, déi politesch Cabineté fir Ministere virgesinn hätt. Mir hunn haut zwou Regierungsparteien héieren, souwuel d'Demokratesch Partei wéi och déi gréng, déi déi Méiglechkeet an d'A gefaast hunn.

Wann zwoe vun dräi Regierungsparteien dat wëllen, firwat ass et net gemaach ginn? Et wär dach gutt, wa mer elo net erëm an déi al Reflexen (veuillez lire: an déi al Reflexen géien zréckfallen). Et gëtt jo ëmmer gesot, den CSV-Stat hätt sech doduerch charakteriséiert, ënner anerem, datt ebe Parteigänger vun der CSV op déi richteg Plaze gesat gi wäeren. Wann ech Presseartikele kucken, déi an der leschter Zäit publizéiert gi sinn, da si Lëscht vu Sozialisten, Demokraten, Gréngen elo a wichtege Regierungsfonctionen opgeféiert ginn.

An da muss ee sech d'Fro stellen, ob dann net déi nei Équipe..., wann dat da wouer war vum CSV-Stat - ech perséinlech mengen, et wär wouer -, mä dann ass dach awer de Reflex net, fir dat ze änneren, mä da kënn elo de Gambia-Stat nom CSV-Stat!

Ass dat eng Verbesserung? Neen! Dann hätt ee sollen higoen an et hätt een déi Eierlechkeet sollen hunn an eng Rei vu politesche Funktioneren niewent de Ministeren dann definéieren vu Leit, déi mat de Ministere kënnen kommen, eng Zäit dann do kënnen bliwen an déi mat hire Ministeren nees ginn. Awer ech mengen, dat wär eng éierlech Saach gewiescht. An domadder wär de Rescht vun der Fonction publique awer an der Situation vun der politescher Neutralitéit bliwen. Dat ass e wichtege Element.

Eng zweet Saach, déi mir och als ADR d'äitlech ënnersträchen, dat ass, datt d'Fonction publique en Deel ass vum souveräne Lëtzebuerg. An dat heescht - ech weess, datt verschidde Leit aus der Regierung déi Begrëffer net méi esou gär benotzen, mä si sinn awer wouer a wichtig -, dat heescht, datt d'Fonction publique beim Ausschaffe vu Positionen bedeelegt ass, déi eis national Interessen erëmस्पигelen a se och international vertrieeden.

Firwat soen ech dat hei? Ma, well dat a Fro gestallt ass duerch déi Diskussioun elo am Abléck

ëm d'Ausländerwahlrecht. Mir hunn am Abléck an der Fonction publique eng Rei vu Funktioneren, déi Hoheitsfunktioneren, d'Fonctions régaliennes, déi reservéiert si fir Lëtzebuurger, déi souverän Funktioneren ausüben. Wa mer elo hingginn a soe mer emol, et géif zur Aféierung vun engem Ausländerwahlrecht kommen, da kéinte jo d'Ausländer bei der Schafung vun de Gesetzer matwierken duerch hir Stëmm an et géif argumentativ ëmsou méi schwéier ginn, fir ze argumentéieren, datt se zwar bei der Bestëmmung vum politesche Pouvoir hei am Land kënnen matwierken, awer bei der Ausféierung vun de Gesetzer net.

Mir géifen also ëmmer méi an eng Situation kommen, wou mer d'Justificatioun vun der Reservéiertheet vun den Hoheitsfunktioneren fir Lëtzebuurger Statsbierger géifen a Fro stellen. Et gëtt do en Zesammenhang. Et ass eng vun deenen Ursachen, firwat d'ADR sech géint en Ausländerwahlrecht ausschwätzt, well mer mengen, datt déi souverän Interesse vum Land sollte vu Statsbierger vun deem jee-weilege Land vertrueden an ausgeschafft ginn. Dat géllt net nëmme fir Lëtzebuerg, dat géllt fir all Land op der Welt.

Mir soen och, datt déi lëtzebuergesch Fonction publique soll, muss - net nëmme soll, mä muss! - Lëtzebuergesch schwätzen. Mir hunn hei och an deene Gesetzer, déi eis haut proposéiert ginn, Dispositionen, déi soen: Et kann een op déi administrativ Sprooch vum Land verzichten, ënner gewësse Konditione, wann eng Rei dovunner erfëllt sinn: zwee Examen an et hätt sech kee geeegnete Kandidat da gemellt an esou weider.

Dat ass dee falsche Wee! Mir sinn iwwerzeugt, datt, wa Leit wierklech eng Plaz an der Lëtzebuurger Fonction publique wëllen, déi och eng wichteg Qualifikatioun matbréngen, déi vläicht hei am Land net esou einfach ze fannen ass, mä se kréien doduerch eng flott Plaz, eng interessanten Plaz, eng, déi hire Qualifikatiounen entsprécht, eng, déi am Verhältnis zum Ausländer relativ gutt bezuelt ass, da fannen ech et normal, datt een, wann ee motivéiert ass, fir esou eng Plaz ze kréien, dann och higeet an et léiert een déi Sprooch, déi ee muss kënnen - nämlech Lëtzebuergesch -, fir déi Plaz dann och ze kréien.

Dat ass eng Erwaardung un en zukünftege Salarie, Fonctionnaire, Employé, déi méi wéi justifiéiert ass. Et gëtt keen anert Land op der Welt, souwäit ech weess, wou gesot gëtt: Du kanns zwar bei eis an der Fonction publique schaffen, mä du brauchst d'Sprooch vum Land net ze kënnen. Dat ass eng Evolution, déi falsch ass! Mir sollen deen Usproch integral behalen.

Et ass wichtig, datt d'Lëtzebuergesch d'Sprooch vun der Lëtzebuurger Fonction publique ass op allen Niveaueen an alle Fonctionen. An et ass wichtig, datt déi Fonction publique sech och op Lëtzebuergesch un d'Leit adresséiert, datt d'Sitte vun de Verwaltungen op Lëtzebuergesch sinn, datt de Wëllen do ass, Lëtzebuergesch duerchzesetzen.

An ech ka schlecht verstoen, datt mer hei eng Reform vun enger Verfassung presentéiert kréien, an där dann drasteet - endlech! -, Lëtzebuergesch ass d'Sprooch vum Land, qan da gi mir awer hin an de Beamtegesetzter a mir fänke schonn nees un, Ausnahmen ze redigéieren. Dat ass net logesch. Et ass net kohärent. Et ass fir eis och net akzeptabel!

Mir wëlle weider als ADR keng plethoresch Fonction publique. Mir wëllen natierlech, datt, wann de Stat Aufgabe kritt, genuch Leit do sinn, fir déi Aufgaben ze erfëllen ënner anstännege Bedingungen, och qualitativ. Mä mir wëllen net, datt d'Fonction publique ëmmer weider wiisst. Mir soen: esou vill Stat wéi néideg, awer och esou mann Stat wéi méiglech. An et ass wichtig, datt een och, wann een dee Prinzip unhëlt, wéi mir en unhuelen als ADR, datt een dann awer och konsequent weidergeet.

Wann een elo zum Beispill higeet, wéi des Regierung, an d'Familljepolitik esou gestalt, datt d'Famill net méi geféiert gëtt, am Hibleck, fir d'Famillje méi oder manner ze forcéieren, fir d'Kanner a Crèchen ze stichen, da geet een hin an et schafft een duerch esou eng Moosnam, duerch d'Vernoléissegung vun der traditioneller Famill, eng Situation, wou ëmmer méi Leit mussen vum Stat oder vun öffentliche Kollektivitéiten engagéiert ginn, fir da kënnen déi Plazen ze schafen.

Wann een higeet a wéi mir d'Famill férdert an de Leit awer de Choix léisst, ob se och wëllen hir Kanner an enger Institution erzéien, an enger Crèche, dann heescht dat gläichzäitig och, datt ee manner Emploien an der Fonction publique kreéiert an de Leit méi Zefriddenheet a méi Fräiheet léisst.

Mir wëllen och eng Fonction publique vu qualitativ héijem Niveau. Mir hu gesinn an deene leschte Joren, datt d'Examensresultater a villen Examen ëmmer méi schlecht gi sinn. Dat huet

domat ze dinn, datt den Niveau an de Schoulen - loosse mer et dach éierlech zouginn -, an deene leschte Joren dramatesch gefall ass, dramatesch gefall! An d'Konsequenze ginn awer net gezunn.

Mir hätte jo gär Beamten, déi kënnen redigéieren an deene verschiddene Sproochen, wou se et musse maachen. A mir hätte gär Schoulmeeschteren, déi net mussen vun den Eltere korrigéiert ginn, well Feeler gemaach ginn am Franséischen. Ma da mussen mer higoen an d'Konsequenze zéien.

An d'Konsequenze kann nëmme sinn, datt mer de Schoulniveau erëm mussen an d'Luucht schrauwen. Dat gëtt awer net gemaach. An et ass awer dat, wat mer gär als Land hätten, datt mer eng Qualitéit gär hätten. Och an eiser Fonction publique ass dat net ze verhéieren an net ze évitéieren. Et ass dorunner och zu engem gudden Deel, wou d'Zukunft vum Land drunhängt, un enger Verbesserung erëm vum Niveau vun eise Schoulen.

De Statut, dee mer elo virleien hunn, ass net deen, dee mir als ADR geschriwwen hätten. Et ass...

► **Une voix.** - Gott sei Dank!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Jo, Gott sei Dank, jo. Well mir als Partei, mir hu ganz aner Iddien. Mir hunn zum Beispill vun Ufank u gesot, datt mir net fir e Bewäertungssystem am öffentlichen Dénsgscht sinn. A mir wësse genee firwat.

#### (Interruption)

Mir wësse genee, firwat mir net fir e Bewäertungssystem am öffentlichen Dénsgscht sinn an och net fir eng Gestion par objectifs. Dat ass emol fir unzefänken eng schrecklech Bürokratisierung vun der Fonction publique. Dat heescht, datt de Stat sech ëmmer méi muss mat sech selwer beschäftegen. Dat kann dach net de Sënn an den Zweck sinn!

Mir hätte gär eng schlank Fonction publique, eng effikass. A wat maache mer oder wat proposéiert d'Regierung eis haut? Datt mer e gudden Deel vum Verwaltungsapparat benotzen, fir Detailbeschreibungen auszeschaffen, wéi eenzel Fonctionne sollen ausgesinn, wat eenzel Beamte solle maachen.

Ech weess net, wéi Är Erfahrung ass. Meng ass, nodeems ech awer ganz laang beim Stat geschafft hunn, meng Erfahrung ass, datt dat alles vläicht e Joer gutt ass, vläicht zwee Joer, an da muss et erëm frëschgeschriwwen ginn. Well d'Zäiten änneren, well dee Fonctionnaire, déi puer Leit, déi mer hunn, flexibel mussen sinn, well déi Verwaltungen sech dauernd mussen upassen un nei Erausforderungen. Oder Dir gitt hin an Dir maacht Beschreibungen, déi vläicht eng laang Zäit gutt sinn, awer vun enger Banalitéit a vun enger Iwwerflächlechkeet, datt mer eis den Exercice direkt kéinte spueren!

Wa Beamten do sinn, déi Problemer hunn, da kritt Der dat souwisou... Och elo schonn, am aktuelle System, konnt een déi Saachen ugoen. Wann een awer higeet an et mécht een e Bewäertungssystem, esou wéi Dir en eis presentéiert hei, dann ass dat ganz schwéier duerchzeziehen, aus psychologesche Grënn och. Dir hutt Verwaltungen, déi ganz kleng sinn. Déi ganz kleng sinn! Wann Der do higgitt an Dir wëllt eng Bewäertung maachen, da stéiert Der de sozialen Zesammenhalt vun esou enger Verwaltung méi wéi Der Problemer kënn opspieren, déi souwisou bekannt sinn, oder verbesseren.

Wann Der e Bewäertungssystem aféiert: A verschiddene Strukturen beim Stat, do ass et bal net ze maachen. An der Magistratur, fir et ze nennen, oder am Enseignement - ech kommen nach vläicht dorobber zréck - ass et extrem schwéier, iwwerhaupt realistesch esou eppes duerchzeziehen wéi e Bewäertungssystem.

Dir hutt eis hei Propositione gemaach, wat d'Konsequenze vun deem Bewäertungssystem wäeren. Och dat ass infantil! Ech huelen emol d'Beispill vun engem Professor am Secondaire: Wann dee gutt schafft, da kritt e vläicht dräi Deeg Congé zousätzlech. Mä e Professor am Secondaire, dee wëllt keng dräi Deeg Congé supplémentaire. Déi hu genuch Congé. Ech hunn nach ni héieren, datt eng Professionsorganisation gesot hätt: Mir hätte gär méi Congé. Mä wann Der dat bei de Professeren net maacht, déi dräi Deeg Congé méi, wat ass dann den Avantage par rapport zu anere Beruffsgruppen? Ech mengen, alles dat ass net realistesch. Et ass esou e bëssen, wéi gesot, et ass e bësse kannereg.



Dir hutt och de groussen Nodeel, wann Der e Bewäertungssystem aféiert, dat ass an engem klengen Land wéi deem heiten - mir wësse jo, wéi d'Realitäten dacks sinn - och de Risiko vun der Politiséierung. Gutt ass deen - an dat wär jo mat deem ale Modell nach vill méi schlëmm gewiescht, deen neien ass all net grad esou schlëmm -, mä dee grouse Risiko ass ëmmer do, datt dee gutt ass, dee grad d'Parteikaart vum Minister huet.

Zemoos bei deenen héije Fonctiounen, zemoos bei den Direkteren a bei deene Fonctiounen dirigentes, do geet et wahrscheinlech net drëm, datt en Direkter vläicht exzellent ass an och de Courage huet, kritesch ze si géint iwwer där enger oder anerer Proposition vum sengem Minister, neen, do ass et da wahrscheinlich: Wie mir am beschte passt - an ech ginn lech nach Beispiller herno -, dann ass et deen, dee gutt ass.

Et ass de Risiko vun der Politiséierung vum enger effentelecher Fonctioun, déi mir gär neutral hätten, well mer gär hätten, datt all politesch Partei an all Bierger hei am Land kann datselwecht Vertrauen an eis Fonctioun publique hunn. Wien d'Dier opmécht fir eng politiséiert Bewäertung oder Nepotismus, deen ass um falsche Wee!

Mir hätten op dee ganze Bewäertungssystem vun Härze gär verzicht a mir hätten eppes anescht gemaach. Mir hätten do punktuell Verännerungen am Statut vum de Beamte virgeholl, wou richteg existéierend Problemer am Abléck net kënnen effikass genuch ugepaakt ginn. Dat wäire bei Eenzelfäll medezineschen Ännerungen, dat gëtt et bei Alkoholiker, bei anere Saachen, wou Verbesserungen néideg gewiescht wäiren, fir déi Leit kënnen ze ënnerstëtzen, fir se aus Verwaltungen eng Zäit erauszehuelen, fir se besser kënnen a méi lücht a Kuren ze schécken, an esou weider an esou virun. Oder bei Disziplinarfall hätte mer punktuell Reformen am Disziplinarrecht gemaach.

Mä fir esou Problemer elo unzegoen duerch eng ganz allgemeng Aféierung vum engem Bewäertungssystem, ass nach ëmmer e bürokratescht Monster. Ech gi gär zou, et ass net méi esou grouss, wéi et ugeduecht war an där Regierung virdrun, mä et ass nach ëmmer e bürokratescht Monster, wat u sech net vill bréngt oder guer näischt bréngt!

Mir hätten och aner Ännerunge gemaach, wéi zum Beispill d'Protection du fonctionnaire verbessert. Wéi dacks hu mer héiere vu Fonctionnaires, déi sech am Stach gelooss fille vun hirem eegene Stat, déi an eng Noutsituatioun geroden, wou se géife soen: „Majo, de Stat soll mer dach bäistoen, e soll u mech gleewen, ech sinn dach an enger Loyautébeziehung zu mengem Patron.“

Wéi zum Beispill d'Police. Wann engem Polizist eppes geschitt, firwat seet de Stat net direkt: „Ech stinn elo emol direkt zu mengem Polizist. Ech ginn dovun aus, deen ass onschëlleg. Ech vertrieben en.“? A wann dann no engem Gerichtsprozess vläicht erauskënn, datt e Feeler gemaach huet, datt de Stat eventuell en Droit de recours oder eppes huet, dat ass eng aner Diskussioun. Mä deen éischte Reflex vum Stat muss dach dee sinn, sech mat sengem Beamte solidaresch ze erklären.

Ech gesinn, den Här Minister wëllt onbedéngt eppes soen. En huet bestëmmt eng Fro.

**► M. Dan Kersch, Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Sécher hunn ech eng Fro! Ech wollt lech just soen, dass dat Lescht, wat Der gesot hutt, Här Kartheiser, dass dat selbstverständlech och schon esou ass beim Stat...

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ma neen,...

**► M. Dan Kersch, Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - ...an dass mer eng ganz Rei vun Dossiere bei eis traitéieren, wou Leit juristesche Bäistand vum Stat froen an och kréien. Ech mengen, dat ass déi aktuell Gesetzelag. Déi gëtt och net geännert mat deem heite Reformpaquet. Ech wollt lech just drop opmierksam maachen, dass dat, wat Der elo hei gefrot hutt, scho besteet.

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Majo, Här Minister, ech kennen de Statut. Ech weess och, datt dat besteet. Ech weess och, datt et applizéiert gëtt. Mä ech soen lech, et gëtt net genuch applizéiert. An et gëtt ëmmer erëm Problemer, wou Beamten, wou Polizisten notament an enger Situatioun sinn, wou se sech misste kënnen direkt op déi onbürokratesch a spontan Solidaritéit vum Déngschthär verloossen a wou et net de Fall ass! An et ass dat meng Kritik. Ech weess och, datt et

heiansdo gemaach gëtt. Mä ech soen, dat wär dee Punkt, wou mir et vill méi automatesch gemaach hätten.

Da wollt ech elo vläicht op e Sujet kommen, deen a mengen Aen ee vun deene graavste Problemer ass, dee mer an dëser Gesetzgebung hunn. Dat ass dee ganze Kapitel ad nutum amovilis, deen Artikel 53, wou et elo drëm geet, fir déi héich Beamte kënnen einfach esou ofzesetzen an notament - notament! - d'Cheffe vun der Police, vun der Arméi a vum Geheimdéngscht. Bis elo huet keen doriwuer geschwat.

Mä wa mir an engem demokratesche Rechtsstat sinn, da muss et dach eng Evidenz sinn, éischens, datt all Beamte muss kënnen op déiselwecht Rechter, seng eege statutaresh Rechter zielen. De Statsrot huet dat kritiséiert. Ech wëll dat net hei alles widderhuelen, mä jiddwieren, dee sech fir d'Matière interesséiert, soll dat liesen, datt mer hei en dehors vum Droit commun, en dehors vun deenen normale rechtsstaatleche Prozeduren, higin an héich Beamten ofsetzen, well se vläicht - an dat ass de Statsrot, deen dat elo seet -, vläicht well se net docile genuch sinn, vläicht well se hirem Minister net passen. An dat sinn net meng Formuléierungen, dat sinn déi vum Statsrot!

Do gëtt dann argumentéiert, dat wär da besonnesch wichteg, well dat wäire jo Cheffe vun der Force publique notament, déi hätten esou vill Méiglechkeeten, fir Waffen anzusetzen oder fir d'Libertéiten anzeschranke vun de Leit. Dat ass wouer. Awer ech soen lech, wou de Punkt läit: De Punkt läit doranner, datt et besonnesch wichteg ass, datt net d'Regierung duerch esou Willkür-Dispositiounen sech praktesch d'Force publique ënneruerdnet, datt kee Chef de corps méi de Courage huet, engem Minister ze widersprechen, zum Beispill aus rechtsstaatlechen lwwerleeungen eraus, well e muss em seng Plaz fäerten. Et ass eng Aschränkung vum dem demokratesche Rechtsstat!

An ech maachen hei eng Bréck. An engem neie Verfassungsentwurf oder engem neie Verfassungsentwurf, wéi Dir en eis wëllt proposéieren, gëtt jo net méi erwaart, datt de Grand-Duc dann de Chef vun der Arméi ass. D'Regierung selwer, déi gëtt sech elo méi Rechter doriwuer. An d'Regierung behält sech gläichzäiteg dat Recht vir, e Chef de corps oder och de Chef vum Renseignement op e Wénk ze entloossen, ausserhalb vun deenen normale Gerichtsprozeduren. An dat ass eng Gefor fir de Rechtsstat.

Fir mech, wéi ech dat hei gelies hunn, wor dat Éischt eng Lex Schiltz, wou mer jo wëssen, datt e Minister vun der Force publique fréier en héijen Offizier wollt lassginn an do viru Gericht gescheitert ass. Elo soll dat hei da sécher legal nodréiglech erméiglecht ginn. An d'Ofsetzung vum Service de Renseignement ass fir mech eng Lex Juncker, wou eppes Ähnlech soll a posteriori méiglech gemaach ginn, wat deemools net méiglech war.

Dat ass net richteg! Et ass och net richteg, well jo - an ech mengen, ech sinn net deen Eenzege, ech wëll hei elo den Här Wiseler zitieren, e sëtzt hei, ech si ganz frou, datt en hei sëtzt -, well de Sënn vun deem Gesetz hei ass jo an der Interpretatioun vun deene Parteien, déi et wëlle stëmmen, datt e Vertrauen, en absolut Vertraue muss herrschen téschent engem Minister a sengem Verwaltungschef, soss wär dat jo net gutt, soss misst e jo kënnen entlooss ginn, an notament am Beräich vun der Force publique.

Elo hate mer awer d'lescht Woch e Fall vun engem héije Beamten, deen ofgesat ginn ass, aus Vertrauensmangel. De Minister, den zoustännege Minister, hat net méi dat néidegt Vertrauen an dee betreffende Beamten. An da liesen ech, wat den Här Wiseler an engem Interview seet: «Finalement, ...», Numm vum Minister, «nous a avoué que le principal motif de récusation était la rupture de confiance et l'absence d'identité de vues. Mais si c'est le cas, tous les fonctionnaires ont du souci à se faire. Nous entrons alors dans une autre relation avec la fonction publique.»

Ce qui est bien vrai! Mä wann dat hei kritiséiert gëtt vun engem héije Vertrieber vun der CSV, dem Chef vun der CSV-Fraktioun, firwat soll dat dann elo hei Gesetz ginn? A firwat ass d'CSV dann domadder d'accord?

Wou ass déi Justificatioun rechtsstaatlech, fir den héije Beamten op en einfache Vertrauensbewäis, ouni all aner juristesche Prozedur, kënnen esou ze entloossen, an notament déi vun der Force publique?

**(Interruption)**

Jo, a senger Funktioun. Also ech wëll elo net dee prezise Cas hei diskutieren.

**(Interruptions diverses)**

Mir wësse genau, datt en awer als President vun engem bestëmmter Institutioun hei am Stat ofgesat gouf!

Dann, deen nächste Punkt, well ech wëll lech jo net enttäuschen, Dir lauschert jo bestëmmt gär no.

**► Plusieurs voix.** - Oh neen! Neen!

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech wousst et.

Wéi ass et méiglech, wéi ass et méiglech, datt an engem Land, wat jo awer - den Här Schneider ass elo leider net méi hei, den Här Etienne Schneider, Minister vun der Force publique -, an engem Land, dat jo awer dauernd Problemer huet, seng souverän Funktiounen a seng militäresch Obligatiounen géintwärt dem Ausland ze erfüllen, well net genuch Leit an der Arméi sinn, well net genuch Volontären an der Arméi sinn a well d'Regierung och keng Efforte mécht, fir genuch Volontären ze rekrutieren, wéi ass et méiglech, datt mat deem Gesetz zwou Carriären, déi bis elo exklusiv de Volontären vun der Arméi virbehale waren an domadder gehollef hunn, fir der Arméi awer de Rekrutement ze erliichteren, elo och fir aner Rekrutementsoptionen opgemaach ginn?

Ech géif dat verstoen, wa mer genuch Volontären hätten an der Arméi. Oder ech géif et verstoen, wa gläichzäiteg d'Regierung géif aner Efforte maachen, fir genuch Volontäre fir d'Arméi ze rekrutieren. Mä wat Dir hei maacht, dat ass fir d'Arméi manner attraktiv ze maachen, eng Arméi, déi scho Rekrutementsproblemer huet. Do ass och keng Kohärenz.

Wat elo d'Salären ugeet an der Fonctioun publique, d'Paien, do wëll ech och emol vläicht ufänke mat där Interventioun, déi d'Demokratesch Partei hei de Mëtte gemaach huet.

**► Plusieurs voix.** - Aah! Endlech!

**(Brouhaha)**

**► Une voix.** - Et gëtt emol endlech interessant!

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech hunn de Wahlprogramm...

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence.)**

...vun der DP nogelies.

**► Plusieurs voix.** - Aah!

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An ech liesen do:...

**► Une voix.** - Ech hat en net nogelies.

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - „Wir wollen nicht“, den „wir“ ass déi Kéier d'DP, „Wir wollen nicht auf der einen Seite die öffentlichen Gehälter verbessern und zur Gegenfinanzierung dieser Entscheidung auf der anderen Seite Ausgaben kürzen oder Steuern erhöhen.“ Dat ass vernünfteg.

Mä wann eng DP dat an e Wahlprogramm schreift, da wousst se jo och deen Abléck, wou se an d'Wahle gaangen ass, wat den aktuelle legale Stand da wär, nämlech en Accord téschent der aler Regierung an der CGFP. Wéi kann een dann eppes dohischreiben an e Wahlprogramm, vun deem een da weess, datt, wann een an d'Regierung kënnt, datt een et dann net anhält? Well un der legaler Situatioun hätt sech jo deen Abléck absolutt näischt geännert. Wien da seet: „Elo muss mer et maachen, well Pacta sunt servanda“, dee wousst jo och am Wahlprogramm, wéi et da war!

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Mir ginn lech recht! Mir ginn lech recht. Dir hutt jo recht. Well wat geschitt? Fir dat do ze finanzieren, da maacht Der, mä Dir maacht jo Steiererhéijungen! Dir hutt am Zukunftspak jo eng Rei Verschlechterunge matgedroen. Et ass eng nei Steuer vun 0,5% agefouert ginn. Dir hutt d'TVA erhéicht. Dir hutt d'TVA um Logement erhéicht. Dir hutt am Zukunftspak den Trimestre de faveur ewechgeholl. Dat si sechs Milliounen, déi Der gespuert hutt.

**(Brouhaha)**

Dir maacht dat dach! Dir huet dach mat där enger Hand ewech, an zwar der Allgemeinheit, wat Der braucht, fir op där anerer Säit diesen Accord kënnen weinstens zum Deel ze finanzieren. An Dir kommt heihinner an Dir maacht esou, als misst Der dat elo maachen. Mä Dir wousst et och am Wahlkampf!

Mir soen als ADR: Mir sinn do anescht wéi d'DP. Mir hunn, mir soen...

**(Brouhaha général et hilarité)**

Jo! An ech soen lech och, firwat mer anescht sinn: Well mir halen eist...

**(Brouhaha général)**

...Wuert, wat mer ginn.

**(Brouhaha général)**

Mir hunn nämlech am Wahlkampf gesot: „Mir stëmmen dat do net!“ Mir stëmmen dat do net.

**(Interruption par M. Xavier Bettel)**

**► Une voix.** - Gott sei Dank!

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo. Well mir, mir hunn nämlech gesot am Wahlkampf: „Mir stëmmen dat do net.“ An ech stinn haut hei a mir stëmmen dat do net!

An zwar aus intellektuellen... Et wär jo méi einfach, mir géifen eis jo och méi beléift maachen an der Fonctioun publique, wa mer elo géife soen: „Mir stëmmen dat.“ Mir maachen dat net, well mir stinn zu eisem Wahlprogramm. Mir wëssen, an engem Stat... An ech wär frou, wann Der lech bewosst wäert, datt mer jo hei net an engem Vase clos sinn. Mir liewen an engem Stat, dee stark verschëllt ass. Mir liewen an engem Stat, wou déi Regierungskoalitioun, déi mer elo hunn, eis nach ëmmer e Budget Joer fir Joer heihinnerleet, dee mat enger Milliard am Defizit ass.

**(Interruption)**

An da gitt Der hin... Mir hunn hei Spuerpropositione gemaach! Kuckt meng Ried, déi ech gehalen hat, an do hu mir Spuerpropositione gemaach!

**► Une voix.** - Et war näischt dran ausser waarmer Loft!

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Mä Dir gitt hin, Dir maacht weider Scholden op d'Käschte vun deene Generatiounen, déi kommen. Dir maacht weider Scholden an da gitt Der hin an Dir maacht elo hei e Cadeau fir en Deel vun der Fonctioun publique. Et ass net, datt mer deene Leit dat net gënnen, mä et ass gesamtwirtschaftlech net responsabel!

**► M. Eugène Berger (DP).** - Eise Budget wäert 2018 am Équiliber sinn, Här Kartheiser!

**► Une voix.** - Oh neen!

**(Interruptions diverses)**

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Et ass gesamtwirtschaftlech net responsabel.

Mir hunn och...

**► M. Eugène Berger (DP).** - Eise Budget wäert 2018 am Équiliber sinn, Här Kartheiser.

**(Brouhaha général)**

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech mengen, Här President, den Här Minister fir d'Fonctioun publique wëllt eng Fro stellen.

**► M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann Dir wëllt?

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Oh gär. Gär!

**► M. Dan Kersch, Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Här Kartheiser, ech wëll lech froen - no där leschter Ausso iwwert de Gehälteraccord hu mer jo Är Meinung matkritt: Sidd Der dann och der Meinung, dass déi Unerkennung vun de Carriären, dass dat och dee falsche Wee war, oder sidd Der der Meinung, dass dat e richtige Schrëtt war?

**► M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also ech kommen dorobber. Ech sinn awer frou, Här Minister, datt Der lech scho freet op de Rescht vu menger Ried.

**(Interruptions)**

Also, wat hätte mir gemaach? Awer ech kommen... bon, ech kann dat e bësse virzéien. Mir soen net... Wat mir soen, ass: Mir wëlle keng allgemeng Erhéijung vum Punktwäert, well mer et fir ekonomesch net responsabel fanne bei engem Stat, dee schwéier verschëllt ass. Dat heescht net, datt mir géint de Redressement vun Ongerechtegkeeten am Kader vun der Fonctioun publique wäiren. An dorop kommen ech, well dat ass nämlech eppes anescht, ob een higeet an et mécht een eng allgemeng Punktwäerterhéijung, déi de Stat ganz vill Geld kascht, oder et geet een hin an et redresséiert een Ongerechtegkeeten, déi et a bestëmmte Carrière gëtt. Dat ass dat awer, wat mir gemaach hätten. An ech kommen nach dorobber.

Mir hunn och déi Stagedispositionen héieren. Et muss ee sech awer froen, ob wierklech... Well ech mengen, Dir wëllt dat harmoniséieren. Dat kann een och novollzéien, mä et muss ee sech awer wierklech froen, ob deeselwechte Stage fir all Carrière beim Stat wierklech néideg ass.

Et muss ee sech och froen, ob een net hätt misse méi punktuell virgoen. Et ass richtig, dat soe mir och, datt do, wou eng Konkurrenz existéiert téschent den Handwierkerbetriber an dem Stat a wou d'Leit net méi wëllen an d'Handwierk goen, well eben de Stat vill besser bezilt, datt een do muss Moosnamen huelen, jo, selbstverständlech! Mir kënnen jo net engem Secteur vun der Economie schueden, fir nëmmen engem aneren ze notzen. Ech mengen, do muss een Arbitrage gemaach ginn.

Mä datt een higeet an et generaliséiert een elo déi dräi Joer Stage, wou et vläicht och an een-





zelle Berufsweeër net onbedéngt néideg ass - och aner Parteien hunn dat schonn ukléngé gelooss -, do muss ee sech awer froen, ob dat eng zilorientéiert Politik ass an ob se differenziéiert genuch op d'Problemer zougeet.

Mir hunn hei, wéi d'DP jo sot, et gëtt mat dem Gesetz oder et gi mat deene Gesetzer, déi mer elo hunn, eng Rei vun Härtefall geschafen. Ech wëll hei véier Kategorie vu Leit, vu Beruffer ernimmen, nëmmen als Beispiller, net fir exhaustiv ze sinn. Well et sinn der iwwer zéng. Et sinn iwwer zéng Kategorie beim Stat, déi wierklech Doléancen hunn, déi ee kann novollzéien. Mä ech nennen hei just Beispiller.

Dat Éischt sinn d'Professeren am Enseignement, déi verléieren d'Bis-Graden en fin de carrière. Hinnen entstinn och Nodeeler, well d'Carrière plane E ersat gëtt duerch déi A-Carrière. Ech mengen, Dir kennt dat. An d'Professeren hunn e bëssen dat Gefill, dass se och mat enger Hand eppes kréien a mat där anerer Hand et erëm ewechgeholl kréien. Da muss een och kucken, dass si, anescht wéi aner Carrièren, och nach duerch déi Affär vum Coefficient réducteur sech eesäitig benodelegt fillen. An et muss een och nach feststellen - dat ass eng Diskussioun, déi mir net féieren, mä déi awer am Abléck gefouert gëtt -, dass souguer Leit hei am Stat elo de Statut vum Fonctionnaire vun den Enseignanten a Fro stellen.

Gutt, ech mengen, dass ass elo d'Kategorie vun de Professeren. D'Éducateuren an d'Éducateurs gradués: Ech mengen, si hu jo déi Demonstratioun elo. An et ass wouer, dass hir aktuell Situatioun e Progrès ass géintwuer deem, wat war, well se jo elo de Bachelor unerkannt kréien.

Mä mir verstinn awer absolutt als ADR hir Enttäuschung, dass se d'Anciennetéit net unerkannt kréien! Dat ass eppes, wat ee ka mënschlech novollzéien. A mir hu mat deene Leit geschwat - wéi mir alleguer heibanne mat hinne geschwat hunn - a mir hu gemierkt, dass et eng Verletzung ass vun der Eier, eng Verletzung vun den Erwaardungen. Well si hu jo, och géintwuer eis, a ganz sécher och géintwuer lech, gesot, dass se scho frou gewiescht wäeren, wa weinstens e Geste komm wär vun der Regierung. Mä och dee Geste ass jo refuséiert ginn! An d'Resultat ass eng berechtigt Roserei an eng Frustratioun, wéi se se elo do-baussen eis awer matdeelen.

Mir hätte gär, an ech kommen drop an enger Motioun, déi ech hei am Numm vun der ADR d'äerf déposéieren, dass d'Regierung emol hi-geet an eppes mécht, wat se bis elo net gemaach huet: emol déi Revendicatiounen chifféieren. Well mir hu keng Zuelen, wat dat géif kaschten. Kee Mënsch kann eis soen... Dir hutt et vläicht gerechent bei lech am Ministère, mä déi Zuele sinn net bekannt, wat et géif kaschten, wierklech, déi Doléancen opzehiewen. Mir wëssen, wat d'Punktwärterhéijung eis kascht, op jidde Fall weinstens, wat den direkte Statsbudget ueget, an da muss een nach kucken. Mä mir wëssen net, wat déi aner Doléancen, wat de Redressement vun deene géif kaschten.

Bei der Police ass d'Situatioun och dramatesch. Et ass jo elo och eng Conciliatioun, mengen ech, ugefaange ginn. An d'Police, déi mer all brauchen - mir brauchen och d'Éducateuren an esou weider, dorun ass jo guer keen Zweifel -, mä d'Police ass e Beruff, deen extrem schwéier ass, well déi Leit jo och hiert Liewen op d'Spill setzen an hir perséinlech Sécherheet.

A si hunn am Zukunftspak verschidden Avantagë verluer. Dir kennt se. Mir hunn och de Problem mat den Déngschtwunnengen elo, wou kee Konzept do ass. Bei der Douane ass en ähnleche Problem. Mir hunn de Problem vum Casernement bei dem zweete Joer an der Polizeischoul. D'Police huet schonn den Androck, an ech mengen och zu Recht, dass se vun dëser Regierung net gutt behandelt gëtt.

An da komme mer hin an dann hu mer eng objektiv Verschlechterung bei de Commissaires en chef, wat den Accès zu de Postes à responsabilité particulière ueget. Et wär duergaangen, am Vergläich zum jëtzegen Zoustand keng Verschlechterung erbäizeféieren. Da wär d'Police zefridden. Mä Dir hutt eng Verschlechterung vun hirer Carrière agefouert. An dat ass, op jidde Fall fir eis, net nozevollzéien.

D'Police huet och recht, wa se seet, dass muss op de Rekrutement an op d'Astufung vun de Carrière bei hinne gekuckt ginn. Et ass wouer, dass d'Police ëmmer méi op dem Niveau vu fénnef Joer rekrutiert. Et ass och néideg, dass ze maachen, well déi Protokoller, déi se schreiwen, déi Dokumenter, déi se produzéieren, déi mussen viru Gericht duerhalen. Si brauchen e Schoulniveau, deen héich genuch ass, fir esou ze redigéieren, dass déi Protokoller gerichtlech auswärtbar sinn.

D'Police muss mat der Zäit goen an hiren Niveau, och hire Schoulniveau, muss der Zäit

ugepasst ginn. A wa si haut seet, dass se net an enger richteger Carrière agestuift ass, dann ass dat fir eis op jidde Fall eng Opfuederung, fir elo nach eng Kéier dee ganze Rekrutement bei der Police ze kucken. An dat heescht och, dass mer deene justifiéierte Revendicatiounen, déi d'Gewerkschafte vun der Police hunn, och Rechnung droen.

Genausou mat de Chargés de cours an de Chargés d'enseignement. Mir behandelen déi Leit an der Politik net gutt. An d'DP an déi gréng hunn dat viru Joren, genausou wéi mir, och schonn an de Chambersdebatten hei gesot!

Mir hunn nogelies, wat den Här Berger gesot huet, deen am Numm vun der DP geschwat hat sengerzäit, wou mer d'Gesetz geholl hunn iwwert d'Chargéen. An e seet och: „Si ginn also gebraucht. Si maachen déiselwecht Aarbecht, viru deeneselwechte Schüler, wéi een, deen iwwert de Concours agestellt ginn ass. Mä si gi manner gutt bezuelt a si hu méi schlecht Aarbechtskonditiounen. (...) Et gëtt een d'Gefill net lass“, seet d'DP, „dass se als nützlich an als bëlleeg Aarbechtskraaft benotzt gi sinn. An et ass och e bësselche schued.“

An déi gréng sinn an déiselwecht Richtung gaangen. Ech wëll elo net hei déi ganz Debatten zitieren, mä Dir kënnt se jo noliesen. Mir gesinn haut, dass eigentlech zwar Deelverbesserung gemaach ginn, awer prinzipiell dee leschte Schrëtt, déi wierklech Unerkennung vun de Chargéen als en Deel vun eisem Enseignementssystem, natierlech net op deemselwechten Niveau wéi d'Professeren - dat froe se jo och net, mä dass se weinstens anstänneg a mat Respekt behandelt ginn endlech -, dat ass nach ëmmer net de Fall!

No dese puer Explikatiounen muss ech lech also soen, dass mir gär bereet sinn, déi Gesetzer matzestëmme, déi fir d'Fonction publique wierklech Verbesserung bréngen. Mä mir kënnen net d'accord si mat engem Statut, deen esou wäit geet, dass e souguer d'demokratesch Grondrecht a Fro stellt, wéi de 6457 bei deenen Ad-nutum-Dispositiounen, déi do ewell drastinn.

Mir kënnen net d'accord si mat engem Accord salarial, deen de Stat deier kascht an zwar am Kontext vun engem Statsdefizit, deen awer enorm ass. A mir kënnen net d'accord sinn, dass eenzel Gehältergruppen, eenzel Berufsgruppe beim Stat duerch dëst Gesetz, an ech zitieren dann nach eng Kéier d'Demokratesch Partei, „eréischt zu Härtefall gemaach ginn“. Dofir wäerte mir dräi vun deene Gesetzer net matzestëmme.

Mir wëllen awer och eng Motioun déposéieren, Här President, andeem mer eigentlech op dee Wee wëlle goen, fir deene recht ze ginn, fir deene Satisfaktioun ze ginn, déi gerechtfertigt Fuerderungen hunn.

Mir froen d'Regierung, fir eis eng Lëscht vun alle Revendicatiounen ze maachen, déi nach opstinn, fir dass mer emol e Gesamtwuerbléck hunn.

A mir froen d'Regierung, fir dat ze chifféieren, wat dat géif heeschen, dass mer dat emol wëssen. Well mir féiere jo hei eng Diskussioun, wou d'Regierungsparteien eis soen: „Dat kënnen mer net maachen, dat ass ze deier!“, ouni eng Ziffer, ouni iergenddeppes op den Dësch ze leeën, fir eis dat ze weisen.

Mir wëllen, dass d'Regierung Stellung hält zu deene Fuerderungen, dass se de Courage huet ze soen, wat dann elo richteg ass a wat net a wat hirer Meenung no falsch ass.

A mir wëllen, dass mer e Kalenner hunn, wéini dann déi Ongerechtheete redresséiert ginn, déi et awer ouni Zweifel gëtt.

Ech d'äerf lech déi Motioun iwwerreechen, Här President.

#### Motion 4

*La Chambre des Députés, considérant*

- que la réforme du statut, des traitements et des carrières dans le secteur public, entamée par le Gouvernement précédent, a subi de nombreuses adaptations des textes ainsi que de changements;

- que le texte actuel ne tient pas compte ni offre de solutions pour de nombreuses situations litigieuses, dont certaines font l'objet de procédures de contentieux;

invite le Gouvernement

1. à présenter à la Chambre des Députés, dans un délai de deux mois, une liste exhaustive des revendications et contestations émanant de carrières de fonctionnaires et d'employés au sein du secteur public, respectivement de leurs représentations ou syndicats, en rapport avec la réforme du statut, des traitements et des carrières dans le secteur public,

2. à chiffrer sur cette liste les coûts à imputer au budget de l'Etat des mesures qui seraient nécessaires pour satisfaire aux dites revendications et demandes,

3. à prendre position quant au bien-fondé des différentes revendications en rapport avec le statut, des traitements et des carrières dans le secteur public,

4. à présenter un calendrier relatif au redressement des injustices ou autres griefs repris dans cette liste.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat gesot, soen ech lech villmools Merci. D'ADR wäert also d'Projete 6457, '58 an '59 net matstëmme. Villmools Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ganz gutt! (Hilarité)

► **Une voix.**- Grouss Zoustëmmung!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. D'Wuert huet dann deen nächste Riedner, den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. Erlaabt mer, dass ech de Kolleegeen a Kolleegeen Deputéierte soen, dass dat hei eigentlech sollt meng lescht Sitzung sinn, mä dass deem awer elo net esou ass.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci!

(Hilarité)

Et ass nämlech esou, dass den 28. Abrëll den David Wagner sollt vereedeget ginn, an dass d'Regierung der Conférence des Présidents proposéiert huet, fir deen Dag d'Interpellatioun LuxLeaks ze maachen, soudatt dann déi Vereedegung vum David een Dag méi spéit wäert stattfannen.

Dat virausgeschéckt, kann ee soen: endlech.

(Interruption)

Ech mengen, dass d'Regierung sech dat soll iwwerleeën, ob se se soll verleeën oder net.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Et ass, fir lech kënnen ze halen, Här Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, et ass d'Conférence des Présidents, déi den Ordre du jour fixéiert,...

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Mir halen eis ganz eraus, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...an dat, mengen ech, ass am Accord mat der Regierung geschitt.

(Hilarité)

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Gutt. No 30 Joer Waarde kënnt et dann elo endlech zu enger Gehälterrevisioun, gekoppelt mat enger Reform vum Statut am gesamten öffentliche Dëngsch.

Mä d'Geschicht ass fréi ugaangen. 1948 ass fir d'Éischt e richteg Gehältergesetz gemaach ginn. Et ass schonn eng Zäitchen hier. '51, '54 sinn Upassung gemaach ginn, plus ass dat Gehältergesetz op de Gemengesector iwwerdroe ginn. An et ass deemools, '54, wou ofgemaach ginn ass, dass all zéng Joer eng Gehälterrevisioun géif stattfannen, dass all zéng Joer géif gekuckt ginn: Stëmme d'Fonctionen, d'Diplomer nach mat de Gehältertabellen iwwereneen?

Dat ass '63 och geschitt, duerch d'Aféierung vun enger Gehälterskala mat Graden, engem Punktesystem, esou wéi mer en haut nach kennen. Dat waren deemools Verhandlungen, déi hu gedauert vun 1959 bis 1963.

Zéng Joer duerno, 1974, '73-'74, ass eppes aneschters geschitt, wat wesentlech war a wat de Moment zum Deel a Fro gestallt gëtt, nämlech d'Opwärtung vun deenen ënneschte Carrièren. Vis-à-vis vun engem Handwerker oder engem Aarbechter am Privatsector bei der ARBED krut ee beim Stat déizäit Hongerlén.

An d'Leit hunn derfir gekämpft, mat hire Gewerkschaften zesummen, fir dass aus deenen Hongerlén een uerdentleche Loun sollt ginn. Si hu sech mobiliséiert a si hu sech duerchgesat. Enner anerem mat engem Streik, mat enger Manifestatioun de 4. Abrëll 1974 vun de Buschaufferen, déi deemools schonn eng ganz wichteg Roll gespilt hunn an hirer Gewerkschaft, fir d'Opwärtung vun den ënneschte Carrièren.

An déizäit gouf et och nach Ministeren, sozialdemokratesch Ministeren, déi nach wossten, vu wou se hierkéimen, déi an der Regierung derzou bäigedroen hunn, dass déi Opwärtung géif geschéien.

1986 ass et esou, dass, dass ass virdu scho gesot ginn, d'Harmoniséierungs- an d'Härtefallgesetz gemaach ginn ass, ënner dem Minister Marc Fischbach. An duerno näischt méi. Vun do un, vun 1986 un, waarden déi öffentliche Beamten op déi längst fälleg Revisioun, déi 1996 hätt solle gemaach ginn, mä déi dunn net geschitt ass.

Wat ass '96 gemaach ginn? Majo, '96 ass gesot ginn: Anstatt eng Gehälterrevisioun maache mer elo d'Pensiounsreform. An déizäit huet d'Wuert „Reform“ och schonn „Kierzung“ geheescht, soudatt mer den 21. Juli 1998 an enger spezieller Chamberssëtzung bei zegausende Leit um Knuedler, well déizäit huet d'Chamber an der Märei getaagt, dass mer eis do mobiliséiert hu géint dee falschen Ersatz fir d'Gehälterrevisioun, nämlech d'Pensiounskierzungen.

An ech ka mech nach erënneren, dass beim Minister Frieden gemengt ginn ass, e wier vun engem Pavésteen getraff ginn, mä et war just eng Tomat.

2006, zéng Joer duerno,...

(Interruption)

Et ass awer en Ennerscheid. Et ass awer en Ennerscheid, ob ee seet: „Hei gëtt mat Pavésteen gehäit“, oder ob eng Tomat flitt.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Jo. Ech muss awer soen, Här Turpel: Dat dote schockéiert mech e bëssen. Mir ginn alleuerten herno hei eraus, a fir dat doten esou duerstellen, wéi wann dat eng Banalitéit gewiescht wär, dass fannen ech ganz schlëmm.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Ech hu just kloergestallt, dass deemools e Minister behaupt huet, an dat kënnen mer nosiche goen iwwer Pressekonferenzen, hie wier mat engem Pavésteen behäit ginn. Fir Gewerkschaften, déi Manifestatiounen organiséieren, esou ze kriminaliséieren, ass net an der Rei. An dat huelen ech net un.

(Brouhaha général)

An et gëtt een Ennerscheid, ob eng Tomat flitt. An et wäerten nach Tomate fléien, wann Der esou weiderfuert, och op anere Punkten.

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Oh!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Et si Menacen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech wëll lech soen, dass et net an eise Gepflogenheiten ass, dass mat Pavésteen gehäit gëtt oder och mat Tomaten.

► **Une voix.**- Et si Menacen.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà. Also...

(Interruption)

Sou, ech géif lech dann elo bieden, Här Turpel, an deem ganz serene Klima, dee mer bis elo haten, weiderzefueren.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Richteg. 2006, wéi déi nächst Gehälterrevisioun du sollt geschéien, do huet d'Regierung, déi deemoleg CSV/LSAP-Regierung, op Niklosdag gesot: Et gëtt näischt. 2008 huet se eng Etüd uegekënnegt. An 2009 stoung erëm am Koalitionsprogramm, et géif eng Gehälterrevisioun gemaach ginn, mä et gouf erëm näischt.

An am Abrëll 2010 gouf endlech e Regierungspabeier virgeluecht iwwert d'Konklusioun vun der Etüd, déi gemaach gi war, déi d'Ministere Biltgen a Modert de 27. Oktober 2010 um Kierchbiert allen am öffentliche Sector representative Gewerkschafte virgestallt hunn. Do goufen d'Eckpfeiler virgestallt. An net méi spéit wéi ee Joer duerno, de Juli 2011, gouf een Accord mat der CGFP zu der Gehälterrevisioun an zum Gehälteraccord ënnerschriwwen. Mä domadder war d'Reform nach net a ware mir nach net um Enn vun eiser Péng.

Elo, no enger ganzer Rei Upassungen, op déi ech net aginn, an Annerungen, déi noutwendeg waren, hu mer ee Pak virleie mat souwuel Verbesserung wéi Verschlechterungen a vill bleiwenden Onkloerheiten.

Ech wëll fir d'Éischt op déi positiv Aspekter vun där Reform do goen. Een éischte Punkt, deen ee muss ervirsträchen, dee schonn e puermol ervirgestrach ginn ass, ass d'Veereinfachung vun de Carrièren, fir méi eng einfach Gehälterstruktur ze hunn a fir vun där einfacher Gehälterstruktur ze profitéieren, fir endlech och d'Unerkennung vum Bachelor als Diplom festzeschreiwen. Domadder verbonne war och eng





Reklasséierung vu verschiddene Carrièren, déi laang dorobber gewaart hunn, an op déi ech nach zrëckkommen.

Een zweete positive Punkt war d'Harmoniséierung vun den Opstiegsbedéngungen, wat wierklech ee Problem war am Gesetz vun '63 an och nach vu '86, d'Harmoniséierung vun den Opstiegsbedéngungen, wou, jee nodeem wéi vill Leit viru mer waren, ech am Cadre fermé immens laang hu misse waarden, fir iwwerhaapt nach kënnen en Avancement ze kréien oder eng Promotioun ze kréien, wann ech et iwwerhaapt nach kritt hunn. Déi ginn elo harmoniséiert, och wa verschidde Waardezäiten elo méi laang si wéi virun. Zum Beispill, fir an den Niveau supérieur eropzekommen, deen ale Cadre fermé, muss een elo mindestens zwielef Joer hunn, wat virun net onbedéngt de Fall war. A fir an dee leschte Grad ze kommen, muss ee mindestens 20 Joer Déngscht hunn, wat virun och net de Fall war.

Eng drëtt Verbesserung, déi ech wëll ervirsträichen, dat ass d'Unerkennung vun der Experiéenz, déi een huet, wann ee bei de Stat schafft kënn, déi ee virun am Privatsecteur hat, wann een eng ähnlech Aarbecht gemaach huet. Do feelt awer nach de Règlement grand-ducal, fir ze präzisieren, op wat déi Unerkennung soll baséieren. Mä ech ginn awer dervun aus, datt déi Saache relativ schnell nogereecht ginn.

Souwäit zu de wesentleche Verbesserungen. Dann zu de Kierzungen. Well, ech hunn et virun schon ugedeit, d'Wuert „Reform“ fänkt un, an deene leschten zéng, 20 Joer eng aner Bedeutung ze kréien. Soss huet „Reform“ ëmmer geheescht „Verbesserung“. An dat hunn d'Gewerkschaften ëmmer esou verstanen, dat hunn d'Leit dobaussen et esou verstanen. Mä am neien Troika-Jargon heescht „Reform“ meeschtens „Verslechterung“. An do huet sech eppes agebiegert, wat hei zum Deel iwwerhol ginn ass, offiziell, fir déi Verbesserung gëigenfinanzéieren, ech kommen nach dorobber zrëck, mä a Wierklechkeet, fir enger Spuerpolitik, déi europawäit diktiert ass iwwer Stabilitéitspak, Semestre européen, Genugtuung ze ginn.

Eng Austeritéitspolitik, eng Stabilitéitsplangpolitik, déi insgesamt méi wéi fragwürdeg ass an déi katastrophen Resultater an enger ganzer Rei Länner huet an total kontraproduktiv ass. An zu där, an dat wëll ech dem Här Adam da soen, et och Alternative ginn, um Niveau vu Steierreform, um Niveau vun Ëmverdeelung, déi onbedéngt misst geschéien.

Zu de Kierzungen. Déi éischt Kierzung, déi evident ass, dat ass déi, déi direkt dräimol a Bezuch op de Stage geschitt. Dräimol. Éischtens, well de Stage ëm ee Joer verlängert gëtt, oder, éischtens, well d'Indemnitéit während dem Stage gekierzt gëtt - 80/80% - a well se dann, zweetens, ëm ee Joer verlängert gëtt, wou dann nach ee Joer mat enger Kierzung vun 10% nach eng Kéier derbäikënn.

Woubäi ee sech muss d'Fro stellen, an ech kommen erëm bei engem Amendement dorobber zrëck, ob e Stage vu generell zwee Joer iwwerhaapt Sënn mécht an ob ee Stage vun dräi Joer dann elo méi sënnavoll ass, wat ech wierklech woen unzweifelten. Et gëtt Carrièren, et gëtt Beruffer, do géif ee Stage vu sechs Méint duergoen. Et ginn aner, do brauch een zwee Joer oder dräi Joer. Mä en eenheetleche Stage vun dräi Joer gëtt hei kloer agefouert, fir während där Zäit Suen ze spueren. Et schéngt, wéi wann dat 13,6 bis 30 Milliounen d'Joer wieren.

A wann da gesot gëtt, vläicht spuere mer net esou vill - d'Regierung sot dat -, vläicht spuere mer déi Suen net, well mer jo elo manner Leit astellen, also geet d'Rechnung net méi op, da fannen ech dat awer relativ allerhand an ënner aller Klarinet. Natierlech, wa mer manner Leit astellen, da spuere mer och bei manner Leit um Stage, mä insgesamt spuere mer awer vill méi wéi dat, wat mer géife spueren, wa mer just de Leit 80%, 90% vun hirer Stageindemnitéit géife ginn.

Déi drëtt Verschlechterung am Stage besteet doranner, datt d'Stagezäit an Zukunft net méi zielt fir d'Urechnung vun de Virdéngschtzäiten, déi een huet, wann ee seng Carrière opgestallt kritt. Déi dräi Joer, bis elo zwee Joer, hunn ëmmer 100% geziel, fir d'Carrière opgestallt ze kréien. Déi dräi Joer zielen an Zukunft iwwerhaapt net méi. An dat bedeit ganz kloer eng Kierzung vun den Ufanksgehälter vu 5, 8 bis 10%.

Et gëtt Ausnahmen. Et gëtt Ausnahmen, dat sinn déi Leit, déi duerch d'breet Unerkennung vun enger Erfahrung am Privatsecteur näischt

verléieren, well dat dat da kompenséiert oder souguer kann iwwertreffen. Mä fir déi meescht Leit, déi net aus dem Privatsecteur opgrond vun enger preziser Erfahrung rekrutiert ginn, bedeit dat doten, an ech kann lech Beispiller ginn, eng Kierzung vun den Ufanksgehälter vu 5 bis 10%. Inklusiv an der Pensioun, well och an der Pensioun schléit dat sech nidder, well déi Leit jo agestallt ginn am neie System. An am neie System zielt dat, wat een a senger Carrière bezilt, an net méi d'Endgehalt. Also ginn déi Leit och ëm dee Betrag do an hirer Pensioun bestrooft.

Een zweete Punkt vu Spuermoosnamen, dat sinn d'Majorations de l'indice, ass virun gesot ginn, dat mécht 10 bis 14 Milliounen d'Joer, déi de Stat domadder aspuert. Dat sinn an der Regel, wann een dat kuckt, jee no Carrière 2%, déi d'Leit an hirer Carrière verléieren.

An da kommen déi Saachen aus dem Spuerpak derbäi. Spezifesch fir de Secteur public, wéi den Trimestre de faveur, dee mer och hei da sollen direkt fir d'Gemengebeamte matstëmmen. D'Proratisierung vum Congé, deen een am leschte Joer nach zegutt huet.

Et kënn derbäi d'Postes à responsabilité particulière, wou net d'Zuel ännert, mä wou ännert, wien esou ee Poste kritt. Dat heescht, d'Bis-Graden an d'Substitutionsgrade ginn ofgeschaf a se ginn ersat duerch Postes à responsabilité particulière. An do sinn et net méi déi, déi zum Schluss vun der Carrière sinn, déi se kréien, mä do ka queesch duerch all Cas, duerch all Grade kënnen Leit erausgepléckt ginn, fir dat ze kréien. Do wäerten wéi Leit a Pensioun goe mat méi enger niddreger Pai wéi déi, déi se sech eigentlech konnter erwaarden an déi se an hirer Expektativ haten. Ech kommen herno nach an engem Beispill dorobber zrëck.

An dat lescht Beispill, wat ech wëll soe vu Kierzungen, ass awer trotzdeem och, datt de Gehälteraccord verschobe ginn ass, e puermol, an datt doduerjer och een Erspuernis fir de Stat effektiv sech ergëtt.

Zum Gehälteraccord selwer. D'Prime vun 0,9% respektiv d'Punktwäerterhéijung vun 2,2%.

Ech sinn iwwerzeegt, wa mer dat ausrechnen - an ech hunn d'Rechnung gemaach, ech wëll dat just net am Detail hei elo virleeën -, wa mer dat ausrechnen, da ginn déi Erhéijung vun deenen 2,2% an och déi Prime unique net der, fir dat ze kompenséieren, wat d'effentlech Beamten an deene leschte Jore vu Reallounverloschter haten. Eleng d'Majoration de l'indice, déi kënn an Zukunft, kascht jiddwereen an der Regel 2%. Eleng déi plus déi aner Saachen, déi derbäikommen. Also weder no hannen nach no vir geet et duer, fir dat ze kompenséieren, wat vu Reallounverloschter geschitt ass.

A wann dann, an et ass scho gesot ginn, d'DP an hirem Wahlprogramm, déi DP, déi 1999 ugetrueden ass, fir ze soen, Pacta sunt servanda, wann déi nämleche DP dann 2013 an hirem Wahlprogramm schreift, et kéint net sinn, an aus den Hänne vun hirem Generalsekretär, d'DP géif net zu deem Accord salarial do stoen, et kéint net sinn, datt een eng Mehrwärtsteierhéijung misst maachen, fir dat doten ze bezuelen, dann ass dat net nëmme politesch falsch, esou wéi et och falsch ass, datt d'ADR elo seet, et soll een dat net stëmmen - et ass elo kee méi do, bon soit -, datt et falsch wier, datt een dat soll stëmmen, mä da widdersprecht dat och Konventiounen, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet!

D'OITs-Konventioun 151 seet ganz kloer, datt ee Parlament de Vertrag, deen tëschen enger Regierung gemaach ginn ass an hire Gewerkschaften en due forme, datt d'Parlament sech deem net kann entziehen.

Et ass wéi ee Verwaltungsrot an engem Privatsecteur. Wann d'Direktioun vum Privatsecteur - dat seet net d'Direktiv, mä dat soen ech -, wann d'Direktioun am Privatsecteur ee Vertrag ënnerschriwwen huet, dee gëtt jo och net vum Verwaltungsrot approvuiert. Hei muss e vum Parlament approvuiert ginn. Mä d'Direktiv seet ganz kloer, an och d'Erklärung zu der Direktiv sprécht „eine deutliche Sprache: Sie lassen nicht zu, dass «das Parlament ein Abkommen, das zwischen der Regierung und den Organisationen der öffentlichen Bediensteten abgeschlossen wurde, abändert oder verwirft.“

An dat ass kloer. Dat stëmmt natierlech fir d'Majoritéit vum Parlament. Dat stëmmt net fir all einzelnen Deputéierten; dee muss kënnen stëmmen, wéi e wëllt, dat ass kloer. Mä wann d'Majoritéit vum Parlament een Accord, deen ënnerschriwwen ass, net géif stëmmen, da géif se hei widerstousse géint d'OITs-Konventioun 151.

An da ginn esou Argumenter gebraucht, déi falsch sinn, well se op falschen Donnéeën baséieren, wéi zum Beispill d'effentlech Beamte

kriten ëmmer bäi an aner net. Neen, d'effentlech Beamte kréien net méi vill bäi a leschter Zäit! Et ass virdu scho gesot ginn, 2,2% op zéng Joer plus d'Prime ass net vill. An dat an enger Situatioun, wou d'Realléin zrëckgaange sinn a leschter Zäit. Net d'Nominalléin, wéi de Rapporteur virdu gesot huet oder de Spracher vun der LSAP. Ech weess net méi, ob en et am Ufank gesot huet oder herno, mä wou d'Realléin am effentleche Secteur ganz kloer zrëckginn.

An da gëtt dacks versicht, fir deen ee géint deen aneren auszespillen. D'Gehälter vun den effentleche Beamte misst finanzéiert ginn duerch d'TVA-Erhéijung, déi jiddweree géif bezuelen. Et ass jo awer näischt méi falsch wéi dat!

Wie bezilt dann hei Steieren an deem Land, wann net souwuel d'effentlech Beamte wéi d'Leit, déi privat schaffen? A wie bezilt keng Steieren hei am Land? Net nëmmen hei am Land, mä och a Griichenland, Portugal, Spuenien? Wou kéipt sech de Räichtum op vun deem, wou jiddwereen hei derzou bäidréit, souwuel am effentlechen Déngscht wéi am Privatsecteur, fir deen ze schafen, a mat wéi enge Konsequenze vu Virbereedung vun enger neier Spekulationskris?

An, loosse mer net vergiessen, d'effentlech Beamten hunn zu Lëtzebuerg ëmmer mat hire Gehälter, souwéi d'Leit aus dem Privatsecteur och, hire Méiglechkeeten entsprechend derzou bäigedroen, datt mer Kleng- a Mëttelbetriber hunn, déi zu Lëtzebuerg fonctionnéiert hunn. Well d'effentlech Beamten hunn hir Paien dohinner gedroen, an de Commerce, viles a Konsum, déi d'Wirtschaft beliewe gedoen hunn, am Géigesaz zu deenen 1% oder 10% Leweschten, déi hir Suen, déi se ofschäffelen, an d'Spekulatioun investéieren.

An dann, mengen ech, datt déi 2,2% op zéng Joer, datt dat net ee positiv Signal ass fir de Privatsecteur, fir déi Leit, déi do schaffen, mä e positiv Signal ass fir d'Patronen am Privatsecteur, déi dat dote wäerten notzen, fir och am Privatsecteur d'Leit ze bremsen. An ech mengen, datt ass eigentlech d'Iddi, déi och hannendrusteet.

Well et ass jo och dat, wat gesot gëtt, wann ee misst d'Gehälter an d'Ufanksgehälter kierzen, an dat ass jo elo hei geschitt, während dem Stage, mä och bei den Ufanksgehälter selwer gi se gekierzt, dat ass jo d'Argument, wat ëmmer gesot gëtt, den effentleche Secteur hält dem Privatsecteur all d'Leit ewech, well de Privatsecteur net dat ka bezuelen. Natierlech gëtt et och Betriber am Privatsecteur, déi dat net kënnen bezuelen. Mä déi, déi et am haartste soen, dat sinn déi, déi et eigentlech kéinte maachen. An do gëtt net ugepaakt, fir datt korrekt Paien am Privatsecteur bezuelt ginn. Et gëtt ëmgedréit gemaach: D'Paien am effentleche Secteur gi gekierzt!

Den drëtten Punkt, op deen ech wollt agoen, dat sinn déi Dealer vum Gehälter-, also vum Pak, déi ongenügend behandelt sinn.

Deen éischte Punkt, deen ongenügend behandelt ass, dat sinn déi sougenannte Carrières reclassées, vun deenen elo schon e puermol hei geschwat ginn ass a vun deenen zwou Kategorien dobause stinn, fir hir Rechter an hir Unerkennung ze mobiliséieren. Dat sinn d'éducativ Beruffer, dat sinn awer och d'Gesondheitsberuffer an et sinn och eng Rei aner Fonctiounen, wéi Ingénieurs an esou weider an esou fort. Ech mengen, et ass wichteg, fir emol ze verstoen, wéi dee Mechanismus do ass, a wéi dat sech an deene leschte puer Jore entwéckelt huet, déi Diskussioun.

Fir d'Éischt waren allegueren déi Leit, déi an deene Beruffer schaffen, emol frou, wéi gesot ginn ass vun där Regierung virun: Mir maachen elo eng Revaloriséierung vun der Carrière, jiddweree kritt säin Diplom unerkannt. Dat war: hurra! Net, well déi Leit dat da rëckwierkend kriterien, mä well se vun dësem Moment u Genugtuung krite fir d'Unerkennung vun hirem Diplom. A wéi se dunn emol dat Klenggedréckent gelies hunn, hu se erausfonnt, datt do dra-stoung, an deenen éischte Projeten, datt dat awer eigentlech eréischt an zéng Joer wier! Datt eréischt an zéng Joer fir een, deen elo do ass, déi Unerkennung kéim, an datt och een, deen elo kéim, eréischt an zéng Joer drukéim.

An dunn huet de Minister Biltgen gesot: Okay, ech si bereet, fir op där Fro nozeverhandelen. Du si weider Diskussiounen entstanen. An du sinn déi zéng Joer gestrach ginn. An du war erëm eng Kéier: Hurra, elo hu mer endlech déi Unerkennung, déi mer brauchen, wéi se beispillsweis zum Deel och bei de Schoulmeeschtere geschitt ass, bei der Revaloriséierung vun hirer Carrière. Soit datt bei de Schoulmeeschteren eng kolossal Dommheet geschitt ass. Nämlech, datt et op d'Käschte gemaach ginn ass vun hirer Tâche, mat all deem, wat dat heescht, a vu Leit, déi sech haut krank maachen, well se déi Tâche net méi packen.

Mä déi zéng Joer sinn elo ewech. Déi zéng Joer sinn ewech. Dat ass kloer. Mä dowéinst kréien déi Leit awer net hir Unerkennung ab elo. Si kommen zwar an de Grad, mä si kréien, se behalen de facto den Échelon, dee se elo hunn. Wann et deen Échelon am neie Grad net gëtt, dann huele mer einfach deen driwwer, och wann dat dräi, véier Punkte méi sinn. Mä et sinn net déi dräi, véier Punkten, déi der Kaz e Bockel maachen, fir ze soen, se kriterien elo déi Unerkennung.

A wann da gesot gëtt, et kéint een d'Vergaangenheet net änneren. Et geet deene Leit net drëm, fir d'Vergaangenheet ze änneren! Et geet net drëm, fir rëckwierkend op hir Astellung, wou se bei de Stat komm sinn, déi Suen ze kréien. Déi Leit, déi wëssen, op wat se verzichten hunn. A rechent emol eng Kéier aus, op wat déi Leit wierklech verzicht hu während all deene Jore, wou jiddwereen haut d'accord ass, datt et eigentlech richtig ass, datt se déi Unerkennung kréien, datt dat hir Pai misst sinn, wat se all déi Jore net kritt hunn! An dowéinst wier et nëmmen normal, datt een deene Leit géif soen: Ab elo kritt Der dat, wat Der am Fong geholl scho laang verdéngt hätt, mä awer eréischt vun elo un.

A wann da gesot gëtt, et géif keen Neie bevirdelegt gi par rapport zu engem, dee scho méi laang do ass, da stëmmt dat nëmmen am Absolutten. Natierlech wäert keen, deen elo erakënn, een iwwerhuelen, deen elo schon do ass. Dat ass kloer. Dat huet och, mengen ech, ni een esou gesot. A wann dat esou gesot ginn ass, da war et falsch. Da war et falsch, well dat ass net de Fall.

Wat awer de Fall ass, datt een, deen elo zéng Joer do ass, elo manner wäert hu wéi een, deen elo kënn an deen dann zéng Joer do ass. Zéng Joer Anciennetéit wäerten et elo an a fënnf Joer an an zéng Joer net dat nämleche sinn. Een, deen elo schon 20 Joer do ass, oder elo zéng Joer do ass, dee wäert an zéng Joer, wou en 20 Joer do ass, manner hu wéi een, deen elo ufänkt an 20 Joer.

Dat heescht, d'Anciennetéit, d'Leit ginn net gläich behandelt. A Leit, déi scho méi laang do sinn, bleiwen hannendran, wat dee System do ugeet, bis datt se, wa se laang genuch derbäi sinn, effektiv dann déi Expektativ kënnen erreechen, oder bis datt se 55 Joer kréien. Déi Dispositioun ass jo Gott sei Dank awer mindestens emol nach drabliwwen.

An eigentlech ass jo jiddwereen d'accord, fir ze soen, déi Leit hätten dat zegutt, vun elo un. Mä da kommen ëmmer d'Finanze mat an d'Spill: Dat ass net ze bezuelen! Aner Saachen, ech wëll elo net hei polemisch ginn, déi sinn awer ze bezuelen, och beim Militär an NATO-Flieger. Mä ech mengen, haaptsächlech d'Realitéit ass eng aner. D'Realitéit ass eng aner!

D'Verdeelung vun deem geschafene Méiwäert, vu jiddweringem geschafene, am Privatsecteur an am effentleche Secteur, déi gëtt ëmmer méi ongläich. An ech brauch lech net d'Statistike virzeliesen, ech brauch lech net ze soen déi Rapporten, déi all Jore erauskommen, vun Oxfam, vun aneren Organisatiounen, vum Statec zu Lëtzebuerg, fir ze weisen, datt déi lewescht ëmmer méi hunn an déi Ennescht ëmmer manner, an datt mer haut Situatiounen kréie vun Aarmut, déi Ausmoossen unhuelen, déi iergendwann eng Kéier zu sozialen Explosiounen wäerte féieren.

An dann zu Lëtzebuerg ass den Undeel, deen de Stat kritt um geschafene Räichtum, duerchweegs méi niddreg wéi an aneren europäesche Länner. Also, d'Sue si fir mech ganz kloer do ee Prätext, fir Austeritéitspolitik ze rechtfertigen, an net eng eigentlech Ursach, fir deene Leit dat ze ginn, wat se zegutt hunn.

An duerfir begrëissen ech, an ech hoffen, datt déi, déi hei sinn, dat och maachen, duerfir begrëissen ech den Asaz vun deene Leit, déi dobause sti fir hir Cause, fir hire Beruff. Well et geet och drëm, et geet och ëm ee Stolz, deen déi Leit hu fir déi Aarbecht, déi se maachen, déi net einfach ass. An déi Leit, déi stinn do, fir ze soen: Eis Aarbecht interesséiert eis. A wann Der sot, datt mer dat zegutt hunn als Unerkennung, da gitt eis et och a maacht net just de Géigendeel doduerch, datt mer elo esou laang musse waarden!

Ech hunn an deem Sënn och eng Motioun proposéiert, op déi ech herno zrëckkommen, déi e Komproméss soll maachen tëschen deenen zwou Positionen, der Position vun der Regierung, fir ze soen: „Neen, just de Grad an net den Échelon.“, an der Position vun deene Betraffenen, déi soen: „Neen, mir hätte gären d'Rekonstitioun, net nëmmen, wat de Grad ugeet, mä och, wat den Échelon ugeet.“

An eng aner Kategorie, déi dobause steet, dat ass déi vun de Chargés de cours. D'Geschicht vun de Chargé-de-cours ass och eng al, ass och eng laang Geschicht. Déi éischt Chargé-



de-coursen, déi agestallt gi sinn, dat war eng aner Kategorie wéi déi, déi elo agestallt ginn. Déi éischt Chargé-de-coursen, déi agestallt gi sinn, dat ware Leit, déi net den Diplom haten, déi awer gebraucht gi sinn, fir datt eis Schoul iwwerhaupt géif fonctionnéieren.

An ech hu laang mat deene Leit gekämpft, datt se d'Recht emol kriteen op Existenz, datt et se iwwerhaupt gétt, datt se Recht kriteen op e feste Vertrag, datt de Secteur public an d'Schoul net eng aarbechtsrechtsfräi Zon wier zu Lëtzebuerg, wéi dat jorelaang de Fall war. A mir hu missen op d'Gerichter goen, fir dat duerchsetzen. A fir e Recht ze kréien op Weiterbildung. Op Weiterbildung, déi esou wäit gaangen ass, datt iwwer 100, 150 vun deene Leit haut een Diplom hunn als Schoulmeeschter, deen opbaut op hirer Erfahrung plus Weiterbildung plus Coursen an esou weider. Duerfir huet misse gekämpft ginn.

An och dee Kampf ass nach net fäerdeg. E gétt just elo begleet vun engem zweete Kampf, an dat ass dee vun deene Leit, déi sech elo déi lescht Zäit zu Wuert gemellt hunn. Dat sinn déi, déi Diplomer hunn, mä déi net agestallt ginn an der Fonctioun, déi se net hunn (veuil-lez lire: déi se sollten hunn).

An déi d'Diplomer hunn, fir déi Fonctioun ze erfëllen, mä déi net agestallt ginn an der Fonctioun, déi se hunn. Aus enger Rei Ursachen, iwwert déi ee ka schwätzen, mat der Konsequenz, datt se emol hiren Diplom net bezuelt kréien! Mir haten ëmmer eng Regelung am Enseignement, och am Postprimaire, datt jiddweree sengem Diplom no géif bezuelt ginn, mat enger klenger Verschiebung: Et ass een ëmmer ee Grad ënnert deem bezuelt ginn, wat ee krit, wann een an der Fonctioun och fonctionariséiert wier.

Een, deen en Diplom hat fir Proff ze ginn am E6, gouf als Chargé de cours am E5 bezuelt. Een, deen en Diplom hat fir E4 ze kréien, gouf als Chargé de cours am E3 bezuelt. Dat ass laang esou gemaach ginn. An ech mengen, dat hat och eppes Richteges. An zwar hat et dat richtig, datt net d'Ästellung vu Leit, déi den Diplom hunn, mä d'Fonctioun net kréien, esou geholl gétt, fir ze spueren. An dat ass awer dat, wat am Moment massiv geschitt am Enseignement.

An ech hat eng Question parlementaire gemaach, wou de Minister och drop geäntwert huet. Et kann een ausrechnen, datt massiv gespuert gétt, well 20, 25% vun de Leit, déi do schaffen, Chargé-de-coursé sinn an effektiv net d'Pai kréien, zwar vum Schoulmeeschter oder vum Proff, mä emol net déi vun hirem Diplom.

An ech mengen, datt déi Leit recht hunn. An ech hoffen, datt ech de Claude Adam virdrun och richtig verstanen hunn, wéi e gesot huet, hie géif dat Uleies deelen a mer géifen dorobber zréckkommen. Dat schéngt mer eng ganz wichteg Saach ze sinn. Well et net ka sinn, datt d'Schoul spuert opgrond vun deenen, déi dann och nach eng Tache hunn, déi méi héich ass, op déi ech elo net wëll agoen, well ech an där Zäit, déi ech trotzdeem hunn, net op alles kann agoen.

Dann d'Problematik vun der Police. Jiddweree vun lech kennt d'Problematik, mä et gétt awer keng Léisung offréiert. Et ginn Usätz vu Léisungen offréiert, déi de Minister gesot huet. An ech kommen op déi ze schwätzen.

Deen éischte Punkt ass deen, datt d'Police seet: Mir hu Leit, déi fënnf Joer Postprimaire musse maachen, eng Onzième, eng Troisième, an déi dann hei elo op eemol an eng Carrière D1 agestuft ginn, woubäi déi normal Astufung vun deene Leit, déi fënnf Joer Postprimaire hunn, eng Carrière C1 ass.

Wéi mer dat opgeworf hunn, seet de Minister eis, doriwwer wäert geschwat ginn. Esou wéi och iwwert déi zweet Saach wäert geschwat ginn, datt ass déi, datt d'Police an där Hisiicht eng Ausnahm ass, wou d'Leit bei der Police hir Postes à responsabilité scho besetzen, wa se de Substitutionsgrad nach net hunn. An dat war och ëmmer een Acquis. D'Leit hunn déi Posten am P7 besat, net alleguer, mä hu se besat, well se wossten, datt se praktesch der Anciennetéit no de Substitutionsgrad kriteen.

Elo ginn d'Substitutionsgraden ofgeschaaft. Se ginn ersat duerch Postes à responsabilité particulière. An et gétt gesot, do ass de Prozentsaz limitéiert. Deen ass elo emol eng Kéier eropgehéicht ginn, well de Problem awer unerkannt ass. Ob en awer duergeet, bezweifelen ech. Mä et gétt haaptsächlech elo driwwer gefeilt, ob dee Poste à responsabilité, deen d'Police bis elo hat, ob dat dee Poste à responsabilité particulière ass, deen dat neit Gesetz virgesäit.

Also, hei gi wierklech Hoer a siwe gespléckt, fir ee Problem ze ëmgoen, deen am Fong geholl relativ einfach ass. An de Problem ass an där Hisiicht einfach, wou déi Leit, déi elo schonn d'Poste besetzen, déi sollen d'Recht behalen, fir och dee Substitutionsgrad ze kréien. An duer-

fir hu mer proposéiert an der Kommissioun, datt effektiv da fir d'Police déi Dispositioun vum Substitutionsgrad, fir déi Leit, déi elo do sinn - fir déi Leit, déi elo do sinn! -, als Iwwergangsbestimmung soll bäibehale ginn. An de Minister huet eis gesot, do wieren d'Verhandlungen amgaang mam zoustännege Minister.

Ech hunn elo erausfonnt, déi Verhandlungen hätte mat der zoustännege Direktioun stattfonnt. Déi Verhandlung wiere gutt verlaf. Ech mengen, et war och elo eng Sëtzung gëschter, wou Der nach doriwwer geschwat hutt - de Minister wäert eis dat dann herno alles zielen -, wou d'Leit, d'Gewerkschaften zouversichtlech waren, datt se d'Ennerstëtzung hu vun hirer Direktioun, fir ze soen: Okay, déi Posten, déi Dir elo besetzt, si Postes à responsabilité, nämlecht wéi Postes à responsabilité particulière, an déi Leit, déi sollen d'Expektativ behalen, fir dann effektiv och déi 15 Punkten do ze kréien.

Par contre, deen zweete Punkt, deen iwwert d'Astufung vun der Carrière D1 oder C1, ass bis elo net offiziell diskutéiert ginn. An do-wéinst ass eng Conciliatioun ugefréiert ginn, déi dat dann elo soll traitéieren, wann elo déi Conciliatioun ass. An d'Conciliatioun ass ugefréiert ginn, obschonn d'Police jo kee Streikrecht huet. Si hunn et gemaach, wëssend, datt se kee Streikrecht hunn, an der Hoffnung, datt do an der Conciliatioun verstännege Leit sëtzen oder e Mediateur kënn, dee seet: Okay, ech verstinn lech, hei ass meng Propositioun.

Meng Angscht ass awer déi, datt hinne ganz genee dat nämlecht geschitt wéi der FEDUSE an der Carrière supérieure, wou och eng Mediatoun war doriwwer, iwwert déi Dispositioun, datt een d'Expektativ huet, fir weiderzkommen, déi elo soll limitéiert ginn an deenen éischte Joren - um Ufank war gesot ginn dräi Joer, elo sinn et fënnf Joer - op zwee Avancementer. Och do, an der Mediatoun, huet de Mediateur gesot: „Annert dat, wann ech gelift! Annert et wann ech gelift an deem Sënn, datt et wuel op sechs Joer geet, dräimol!“ An esou weider.

A wat seet d'Regierung eis an der Kommissioun, wéi mer dat wollte festschreien? „Mir erkennen d'Mediatioun awer net un.“ Esou einfach ass et! A wann et esou einfach ass, dann ass eppes falsch hei am Stat. D'Police geet an eng Mediatoun, well se seet: „Mir wëllen net streiken - mir hu souwisou d'Recht net, fir ze streiken -, well mer eis op d'Mediatioun verlossen.“ A parallel geet d'Regierung hin a seet: „Mediatoun hin oder hier, mir erkennen et net un, da musst Der ebe streiken.“

Also, ech fannen déi Aart a Weis, fir mat Sozialpartner ëmzegoen, ech fannen déi Aart a Weis vum Respekt oder vum Netrespekt vu Streikprozeduren a Conciliatiounsprozeduren, déi fannen ech einfach relativ schapppeg, muss ech soen!

An ech hoffen, datt d'Regierung sech et nach eng Kéier iwwerleet a souwuel déi Mediatoun mat der FEDUSE unerkennt, well de Mediateur, deen huet do net Partei ergraff. En huet net Partei ergraff! An déi aner Sait war d'accord, fir se unzeerkennen. An et wier nëmme normal, datt d'Regierung se och géif unerkennen an datt déi Problematik vun der Police als Härtefallproblematik, déi jo haut warscheinlech net geléist gétt, mä kuerzfristeg awer géif drop zréckkommen. Ech kommen herno a menge Motiounen dorobber zréck.

An dann den Enseignement: Mir hu proposéiert am Enseignement, fir net Rapp a Klapp ze kréien ënnert de Leit, datt déi Dispositioun iwwert d'Postes à responsabilité particulière, esou wéi d'Gewerkschaften dat gefrot hunn, datt déi net sollen do applizéiert ginn. Da gétt gesot: Dat kënne mer net maachen, well se Partie prenante vun der Fonctioun publique sinn. Parallell gi mer awer hin, mer soen: Den Enseignement ass anescht, do behale mer Iwwergangsbestimmungen, se behalen hir Graden an et si just déi nei, déi doran erakommen. Also hätte mer och d'Méiglechkeet gehat, fir dat doten ze maachen a fir do Rapp a Klapp ze verhënnere.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Här Präsident!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Däerf ech den Här Turpel just drop opmierksam maachen, well ech mengen, dass en e klenge Feeler elo gemaach huet bei senger leschter Ausso? Anescht wéi d'Gewerkschaften et gefrot hunn, et gétt en Zousazaccord tëschent der viregter Regierung an där representatiivster Gewerkschaft aus dem Secteur vum Enseignement vun der Grondschoul, fir genau déi dote Postes à responsabilité ze definéieren. Deem misst een awer och Rechnung droen, wann een hei op der Chambertribün schwätzt.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Ech komme genee op déi dote Problematik zréck, wa mer schwätzen iwwert d'Verhandlungsrechter am öffentliche Dénsgsch. Et ass léif, datt Der mer dat gesot hutt.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Et gétt deen Justin.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Jo, ech kommen dorobber.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Okay. Tëschtent der representatiivster Gewerkschaft aus dem Enseignement...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, am Moment huet just den Här Turpel d'Wuert.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Ech kommen dorobber. Ech kommen dorobber bei deem Punkt iwwer all déi Hallefheeten an Ongekläertheeten, iwwert déi ech wëll schwätzen, an do-fir fänken ech och elo domadder un.

Dat Éischt, dat ass dat Ist-gleich-Zeichen, wat ëmmer gemaach ginn ass an der Vergaangeneheet zwësche Gestion par objectif a Bewäertung, wat total zweeërlee ass. Et kann een eng Gestion par objectif maachen, ouni mussen eng Bewäertung ze maachen. Et kann een eng Bewäertung maachen, ouni eng Gestion par objectif an deem Mooss ze maachen, wéi mer se hei wëllen.

An ech mengen, datt dat, wat déi nei Regierung aus der Gestion par objectif opgrond vun den Awänn vum Statsrot gemaach huet, e Fortschritt ass. Net nëmme opgrond vun den Awänn vum Statsrot, mä och well se iwwerzeegt ass, datt do wierklech iwwerdriwwer ginn ass an den individuelle Bewäertungen, datt do vill Energie géif dragestach ginn, se huet Kierzungen, déi sech doraus erginn, ofgeschaaft. Mä se ass leider op hallwem Wee stoe bliwwen.

An ech mengen, et wier wichteg, fir dat erëm op d'Féiss ze setzen, an zwar an deem Sënn, datt et wichteg ass, datt mir am öffentlichen Dénsgsch Leit dozou kréien, fir zesummenzschaffen.

Eis Verwaltung brauchen Objektiv. An et ass jo dat, wat elo och festgeschriwwen ass. D'Leit solle kucken, gemeinsam, wat d'Viraussetzung sinn, fir déi Objektiv ze erreechen. Wéi si se? Wat sinn d'Viraussetzungen?

Et ass natierlech dann och eng Ufuerderung un d'Chef-de-servicen an un de Stat, fir och déi Viraussetzungen ze schafen. Wann eng Insuffisance professionnelle besteet, hunn ech ëmmer gesot, muss ee kënnen reagéieren. Mä da soll et Punkt sinn, da soll et fäerdeg sinn. Dat, wat elo gemaach gétt mat där hallwer Bewäertung, wou dann awer Leit a Gesprécher an a Prozedure bewäert gi vun eent bis véier, dat wäert just dozou féieren, datt vill Leit vill Energie dra-stiechen, fir mat den lelebéi ze schafen, fir sech schéin dohinnerzstellen am plaz fir d'Verwaltung ze schafen.

Ech ginn elo net weider dorobber an, well mat deene 40 Minutten, déi ech hunn, mer d'Zäit awer fortleeft. An déi dräi Deeg Congé, déi déi solle kréien, déi elo wierklech gutt sinn, dat si grad déi, déi warscheinlech keng Zäit hunn, fir se kënnen ze huelen.

Een zweete Punkt vun Hallefheeten, dat sinn d'Wahlen, an ech kommen herno bei de Motiounen dorobber zréck, d'demokratesch Wahlen am öffentliche Secteur.

Een drëtten Punkt, dat ass d'Streikprozedur, wou mer ganz vill Problemer hunn an eiser Streikprozedur. Mir sinn engersäits iwwerreglementéiert, well mer Aschränkunge maachen, déi net d'äerfte sinn, an anersäits Rechter net unerkennen, déi mer missten unerkennen. An iwwert déi Problematik vun de Verhandlungsrechter am öffentlichen Dénsgsch kommen ech da bei de Motiounen zréck, well d'Zäit mer soss fortleeft.

Ech wëll nach e puer Sätz soen zu der Roll vum öffentlichen Dénsgsch. Mir hunn e gudden öffentliche Dénsgsch. Net iwwerall, well et plazeweis u Leit feelt. Net well d'Leit net wëllen, mä well et u Leit feelt, a well déi, déi do sinn, sech krepéieren an och dropmaachen.

An et ginn zwou Tendenzen. Déi eng Tendenz ass déi, fir den öffentlichen Dénsgsch un eng modern Gestoun, Teemaarbecht, Gruppennyamik, Identifikatioun mat der öffentliche Dénsgschleeschtung vu Personal a vu Bierger an esou weider unzepassen. Déi aner Tendenz, dat ass éischer déi, déi den Här Kartheiser verteidegt, schlank, kleng, déi d'DP och eng Zäit verteidegt huet, deen neoliberalen „new public management“, fir ze soen, esou kleng wéi méiglech, esou vill wéi méiglech privatiséieren, wat awer schifgaangen ass. An ech ginn net op d'Bilanen a vun all deem, wat do schifgaangen ass.

An ech géif och warne virum dem Wonsch vu weidere Privatiséierungen. D'öffentlech Hand muss ganz vill maachen, wat de Privatsecteur net bereet ass ze maachen, net ka maachen. An et kann net sinn, datt elo weider versicht gétt, aus dem Transport, aus anere Beräicher, aus der Kannererzëung, aus der Schoul, d'Filletstécker erauszuschneiden, wou ee ka Bonie maachen, an dem Stat de Rescht iwwerloossen.

Mir brauche Leit mat Statut, déi onofhängeg sinn, neutral sinn, jiddweree gläich behandelten, uerdentlech bezuelt sinn. Mir brauche genuch Leit. A ville Verwaltung feelt et u Leit, an ech bedauern dat. Vill Projeten, déi missten ëmgemat ginn, kënnen net ëmgemat ginn, well d'Verwaltungen net méi nokommen, fir d'Projeten opzeschaffen oder fir se ëmzesetzen.

Mir brauche qualifizéiert Leit, net nëmme an den hoheitsrechtliche Beräicher, mä am gesamten öffentliche Dénsgsch, deen och fir sozial Kohäsion noutwendeg ass, och op lokaler Ebene.

Ech wëll op eppes hiweisen, wat, mengen ech, awer och wichteg ass, well et virdrun hei uge-deit ginn ass, dat ass: Den öffentliche Dénsgsch ass net nëmme op fir Lëtzeburger. Effentlechen Dénsgsch ass op fir all EU-Bierger. Et gétt just de Moment eng Konditioun op deene meeschte Plazen, dat ass d'Sprooch. Doriwwer eraus ass den öffentliche Dénsgsch op fir all EU-Bierger, bis op e puer Ausnahmen. An déi Ausnahme sollen Ausnahme bliwen.

An ech fäerten, datt mer do nach mussen dru schaffen, datt net mat deenen Ausnahmen iwwerdriwwer gétt, mä datt dat Ongläichgewiicht, wat de Moment besteet zwëscht Urlëtzeburger an Netlëtzeburger Awunner, déi am öffentliche Dénsgsch schaffen, fir dat aus der Welt ze schafen.

Code de conduite, dorop ginn ech elo net an. Wat mir schéngt e wichtige Punkt ze sinn, dat ass den Zougang vun de Bierger zu der Verwaltung. Net nëmme en Droit d'accès aux informations, wou de Premier eis en neie Gesetzesprojet versprach huet, deen hoffentlech och hält, wat mer eis dovunner erwaarden, mä och Zesummenaarbecht.

Mir brauchen ee strukturéierten Dialog mam Usager an eisen öffentliche Verwaltungen. Mir brauche beispillsweis e Reklamatiounsregëster, wou jiddwerengem seng Uleissen, deen eppes mell, wou déi wouergeholl ginn, wou déi an dee Regëster gesat ginn a wou mat de Personalvertrieeder um Enn vum Joer ee Rapport gemaach gétt iwwert d'Uleissen an doriwwer, wat ënnerholl ginn ass, fir dat ze änneren.

Mir brauchen eng Diskussioun iwwert d'Vertreieder vum Stat an de Verwaltungsreit. Ech ginn elo net op d'Diskussioun an, datt d'Chamber nach ëmmer verheemelecht krit, wien déi Vertreieder sinn, oder muss rod, wie se sinn.

Ech ginn einfach op d'Problematik an, datt ech mer d'Fro stellen: Ass et gutt, wann héich Beamten, déi wichteg Aufgaben hunn an hire Ministeren, wann déi elo nach e gewësse Cumul vu Mandater niewebäi hunn, déi menger Meinung no realistesch net kënnen ausserhalb vun der Aarbechtszäit gemaach ginn? Brauche mir net d'Fonctioun vun engem Fonctionnaire administrateur, deen dat zu senger Aufgabe ka maachen?

Domadder kommen ech zum Schluss vun deem, wat ech wollt soen. Ech hunn eng Rei Motiounen preparéiert, op déi ech herno nach ze schwätze kommen.

Ech soe Merci der Kommissioun fir d'Diskussionen, déi mer haten. Ech mengen, d'Diskussion an der Kommissioun huet gewisen, datt wann een iwwert d'Problemer schwätzt, datt een och zu Léisunge ka kommen. Ech bedauern, datt eng ganz Rei Léisungen elo net zréck-behale gi sinn, déi a mengen Amendementer mat dra sinn.

Ech wäert awer drop halen, datt mer et fäerdegbréngen, fir ee Bilan ze maachen. Ech hat dat ugeknegt. Ech hat eng Motioun gemaach, wou ech gesot hunn, datt mer au fur et à mesure, wou sech Härtefälle géife stellen, déi solle léisen a spéitstens no engem Joer soll een dat dann iwwerschaffen.

D'CSV huet eng ege Motioun gemaach, op déi ech nach ze schwätze kommen, well ech se net richtig verstinn. D'Majoritéitspartei hunn och eng ege gemaach, wou se d'Iddi iwwerholl hunn, grondleend, just op zwee Joer gesat hunn an au fur et à mesure Saachen erausge-looss hunn. Ech kommen herno bei der Diskussioun iwwert d'Motiounen dorobber zréck.

Dat gesot, soen ech lech Merci an hoffen, datt mer bei der Diskussioun iwwert d'Amendemen-



ter an d'Motiounen nach kënnen e klenge Schrack no vir maachen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Ech géif dem President dann och d'Motiounen an d'Amenementer hei offiziell iwuerreechen.

**Amendements concernant les projets de loi 6457, 6459 et 6465**

**6457** - Projet de loi modifiant:

1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; 2) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

3) la loi du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l'État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l'État;

4) la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique;

5) la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique;

6) la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire et

7) la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

**I.- Modification de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État**

**Amendement 1 (durée du stage)**

[Article 3 du projet de loi]

À l'article 3, paragraphe 3, l'alinéa b) est modifié comme suit:

b) L'alinéa 3 est remplacé par la disposition suivante:

«La durée du stage est de 6 mois à trois ans pour le stagiaire admis au stage à un poste à tâche complète, en fonction des besoins de formation et d'insertion professionnelle, dont le contenu, le déroulement et la durée exacte sont fixés par règlement grand-ducal et de quatre ans pour. Pour le stagiaire admis au stage à un poste à temps partiel de cinquante pour cent ou de soixante-quinze pour cent d'une tâche complète, la durée du stage est de 9 mois à quatre ans; la durée exacte est fixée par le même règlement grand-ducal. Nonobstant l'application éventuelle de l'alinéa 12 du présent paragraphe, la durée minimale du stage ne peut être inférieure à deux années 6 mois en cas de tâche complète, ni ne peut être inférieure à trois années 9 mois en cas de service à temps partiel.»

Motivation:

Les besoins de formation et d'insertion professionnelle ne sont nullement les mêmes pour les différentes professions et fonctions et un stage d'une durée uniforme de trois années ne correspond ni aux besoins, ni aux réalités en la matière. Les besoins varient non seulement en fonction des catégories et groupes, mais même à l'intérieur des groupes. Partant, il y a lieu d'arrêter pour chaque fonction la durée du stage en fonction des besoins réels, la durée exacte pouvant être fixée par le même règlement grand-ducal.

**Amendement 2 (Gestion par objectifs, titre du chapitre)**

[Article 5 du projet de loi]

L'article 5 est modifié comme suit:

Il est ajouté, entre les articles 3 et 4, un nouveau chapitre intitulé comme suit:

«Chapitre 2bis. - Développement professionnel du fonctionnaire La gestion par objectifs»

Motivation:

Ech mengen, an dat ass och schon aus de Riedebäitrag vun eenzelne Leit hei ganz kloer ervirgaangen, et geet hei net nëmmen drëms, fir eng Épargne ze maachen, mä et geet hei haaptsächlech drëms, fir dee Stage ze reforméieren, fir säin Inhalt un d'Ufuerderunge vun der Fonction publique unzepassen, fir e strukturéierte Stage kënnen ze offréieren, deen en Agent besser op dat virbereet, wat en herno a senger Fonction erwaart.

De Stage wäert an Zukunft eng Phas Formation générale hunn, mat enger allgemenger Introduction an d'Administration publique, wou eng kloer Partie derbäi ass, wou eng Formation commune ass, déi jiddwer Beamte wäert matmaachen, déi um INAP gemaach gëtt, an eng Partie individuelle. An och dat ass wichtig ze betounen, well dat menger Meenung no virdu an eenzelne Riedebäitrag net esou erauskomm ass. Och eng Partie individuelle, déi ebe ganz genau vun där Administratioun ausgeschafft gëtt, wou de Beamten zukünfteg soll hi-kommen. Zu där Phase générale gehéieren och Tester an et gehéiert och en Examen de fin de formation générale vun der Formation générale dozou.

An da kënt, an och dat, mengen ech, sollt een hei soen, eng Phas vun der Formation spéciale, Mission spécifique, déi och vun der Administratioun ausgeschafft gëtt, e Programm vun der Administratioun ausgeschafft, zesumme mam INAP, mat engem Volet théorique an engem Volet pratique. Et geet also drëms, och da ganz kloer e Plan d'insertion professionnelle dem Stagiaire mat op de Wee ze ginn, wou e ganz genee gesot kritt, wat vun him erwaart gëtt a wourunner dass e sech muss orientéieren.

A last but not least, well ech och mengen, dat ass e wichteg Element, gëtt et an Zukunft e Patron de stage fir all eenzelne Stagiaire, dee bei de Stat schaffe kënt. Och dat ass eng Neierung, déi menger Meenung no ganz kloer hir Friichte wäert bréngen.

Da Lifelong Learning, e Stéchwuert, wat ech schon ugeschnidde hunn, eng Rei vu Mesuren, déi geholl ginn, déi et dem Beamte sollen erlaben, eng kloer Formation continue ze maachen, an awer och ënner Ëmstänn, ënner verschiddene Bedéngunge souguer kënnen vum Déngscht fräigestallt ze ginn, fir zousätzlech Diplomer ze errechen. Och dat ass eppes, wat eng Neierung ass, déi eis kéint virbréngen. Et bréngt deem Eenzelnen eppes, mä et bréngt och der ganzer Fonction publique eppes.

Den Développement vun de Kompetenzen: Et geet drëms, d'Unerkennung vum Wësse vun deem Eenzelne méi konkret ze faassen, an zwar net nëmmen dat Wëssen, dat den eenzelnen Agent sech an der Schoul ugëeegent huet, mä och dat, wat e sech duerno op senger Aarbeitsplaz ugëeegent huet oder souguer ausserhalb vu senger Aarbeitsplaz ugëeegent huet an enger privater Formatioun oder duerch seng Liewenserfahrung. Och dat wëlle mer probéieren, op eng aner Aart a Weis ze revaloriséieren, wéi dat bis elo méiglech war.

Den Développement vun de Kompetenze geet selbstverständlech de pair mat der Gestion par objectifs, déi mer wëllen an all eenzel Verwaltung aféieren. Et geet hei drëms, e Suivi vun der Leeschtung vun der Administratioun ze kréien an e Suivi vun der Leeschtung vun all Eenzelnen, deen an dëser Administratioun sollt schaffen.

D'Gestion par objectifs gëtt gefaasst, an och dat ass, mengen ech, net ganz kloer gewiescht bei all Riedner, déi virdu hei geschwat hunn, net eng Kéier festgehalte fir dann de Rescht vun der Zäit, mä soll schon an engem Cycle vun dräi Joer all Kéieren erëm nei definéiert ginn, well se soss effektiv kee Sënn géif maachen.

Esou eng Gestion par objectifs gesäit och vir, dass mer fir all Administratioun e Programme de travail d'administration hunn, en Organigramm emol opstellen an all Administratioun, u sech eng Selbstverständlechkeet. An ech hu misse mat Schrecke feststellen, dass dat a ganz ville Verwaltungen nach absolut net de Fall ass.



Selbstverständlich, zu esou engem Organigramm gehéiert och eng Description de poste vun all Eenzelnem. An et soll och esou sinn, dass an Zukunft en Entretien individuel e Recht gétt fir all Agent, deen e ka mat sengem Supérieur hiérarchique féieren, fir dass en do kann op seng Bewäertungen an op seng Uspréich, déi hien un d'Fonction publique stellt, opmierksam maachen.

An et gehéiert selbstverständlich och dozou e Plan de travail individuel vun all eenzelnem Agent, deen dann awer och kéint eng Basis duerstelle fir de Système d'appréciation, dee mer fir all eenzelnem Agent wëlle maachen. Ech weess, dass dese Systeme d'appréciation net bei jiddwerengem op grouss Géigeléift stéisst. Ech mengen awer trotzdem, dass een et soll woen, des nei Erausfuhrerung unzuegoen.

Dee Système d'appréciation ass net dofir do, fir Leit ze schikanéieren, mä en ass do, fir opgrond vun objektive Kritäre festzustellen, wéi deen Eenzelne sech a senger Verwaltung erëmfeint. A virun allem ass déi Appréciation net do, fir den eenzelne Beamten enner Drock ze setzen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Si ass och an hirer Zuel limitéiert. Si zielt selbstverständlich an de Stagejoren, wou se all Joers gemaach gëtt, an da vum Passage vum Niveau général an den Niveau supérieur, an duerno nëmme bei de Promotiounen um Niveau supérieur, wou eben esou eng Appréciation sollt gemaach ginn.

Selbstverständlich, éier d'Appréciation gemaach gëtt, och dat setzt viraus, dass matenee geschwat gëtt. En Entretien d'appréciation, dee mer wesentlech vereinfacht hu par rapport zu deem, wat virun ugeduecht war, téschent dem Agent a sengem Supérieur hiérarchique, an enner Emstänn, wann en dann drop hält, kann och de Chef d'administration dorun deeluelen.

Ech hat gesot, ganz kloer Critères d'appréciation, déi och opgrond vun enger Rei Awänn vum Conseil d'Etat vereinfacht gi sinn, wou elo d'Performance professionnelle gekuckt gëtt an da selbstverständlich och gekuckt gëtt, awéifern deen eenzelnen Agent dann och säi Plan de travail individuel erfüllt.

An et ass virdu scho gesot ginn, et sinn insgesamt véier Niveauen. Déi, déi extra gutt bewäert ginn, sollen e Congé de récompense kréie vun dräi Deeg, ze huelen ennerhalb vun deem Cycle, wou mer dra sinn. An déi, déi ganz gutt bewäert ginn, wéi gesot, dräi Deeg Congé. An déi, déi da schlecht bewäert ginn am Niveau 1, do muss ee mat deene Leit e seriöt Gespréich féieren, well se ganz einfach den Erwaardungen net entsprechen.

An do ass dann och virgesinn, dass déi Leit net direkt d'Messer op d'Broscht gesat kréien, mä dass se e ganz konkrete Programme d'amélioration des performances professionnelles kréien, wou se d'Méiglechkeet hunn, während engem Joer Coursen ze beleeden an hir perséinlech Leeschtunge kënnen ze verbessern. No engem Joer gëtt da gekuckt, wou mer mat deem Agent dru sinn. A wann nach eng Keier sech erausstellt, dass d'Bewäertung insufficient ass, da kënn déi Procédure d'insuffisance professionnelle, déi da ka bis bei eng Révocation als Répercussion goen.

Ech hoffen awer, dass mer mat deem Modus, dee mer hei etabliert hunn, déi Fäll, déi ech elo zulescht ugeschwat hunn, nämlech d'Révocation eben, an deenen allermeeschte Fäll kënnen vermeiden. Et ass net dat d'Zil vun deem Ganzen. Am Géigendeel, et ass d'Zil, fir d'Leeschtung vun de Leit ze verbessern an net se enner Drock ze setzen.

Eng Rei Nouveauté bei de Carrièren, déi ech probéiere stéchwuertarteg unzeschwätzen.

D'Restrukturatioun a fënnf Rubricen ass scho gesot ginn. D'Fixatioun vum Traitement nom Stage am véierten Echelon amplat, wéi et bis elo war, am drëtten Echelon. Ech wëllt och soen, dass dat eng Mesure ass, déi en faveur vun deene jonke Leit hei am Land geholl ginn ass. Et ass also falsch, emmer ze behaupten, deesen Accord an dese Reformpaquet géif sech haaptsächlech géint déi Jonk riichten.

100% Unerkennung vun de Virdéngschzäiten, wann ee bei enger internationaler Organisation war. Och dat ass en Novum.

10% Unerkennung vun de Virdéngschzäiten, déi een am Privatsecteur geleescht huet, enner der Bedéngung, dass dee Posten, deen een am Privatsecteur beluecht huet, an enger direkter Relatioun mat deem neie Poste beim Stat steet.

Och dat ass en Novum, wann ee weess, dass bis elo do e Maximum vun zwielef Joer Unerkennung do war. Dat ass an Zukunft also anescht a mécht eis d'Dier op, och Leit aus dem Privatsecteur ze rekrutéieren, déi scho méi laang do aktiv sinn.

Dann d'Harmonisatioun vun den Délais d'avancement. Och dat ass schon ugeschwat ginn, mat praktesch engem Automatismus, fir an den Niveau supérieur ze kommen no zwielef Joer, an och no 20 Joer dann eng Nominatioun an de leschte Grad. Och dat ass eppes Neits. Eng ganz Rei vu Beamten haten de Privileg ni, am leschte Grad unzekommen, duerch déi kompliziert Steigungsméiglechkeeten, déi mer an eisem System haten. Dat ännert elo. Hei kritt jiddweren d'Garantie, dass en no deene bestëmmteneen Délaien och an déi Graden erakënn.

An dann d'Possibilitéit vun der Majoration d'échelon fir déi Leit, déi e Poste à responsabilité unhuelen. Och dat eng Form vun Unerkennung fir Leit, déi bereet sinn, sech méi an den Déngscht vum Stat ze setze wéi anerer.

An als Lescht géif ech dann ernimmen nach d'Prime de spécificité vum Doktorat. Och do ass virdu gesot ginn, do muss een oppassen, dass kee Schindluder domat gedriwwen gëtt. An ech mengen, dat ass och esou an den Texter virgesinn, dass deen Doktorat selbstverständlich muss och a Relatioun si mat engem Posten, deen een da beim Stat beleet.

D'Aféiere vun der Retraite progressive. Och eppes, wat kuerz hei schon zu Wuert komm ass. Am Prinzip limitéiert op dräi Joer, mä awer mat enger Méiglechkeet, entweder nach 75% oder 50% och scho vun der Pension zu profitéieren. Ech mengen, dass dat e ganz grouse Virdeel fir deen eenzelnen Agent kéint duerstellen. E kann hei op des Aart a Weis e luesen Abschied vum Déngscht huelen an op där anerer Säit säi Wëssen och nach, an ech kommen nach drop zrëck, an den Déngscht vun der Administratioun bréngen.

D'Ännerung vun der Allocation de famille ass erstaunlecherweis haut ganz weing diskutéiert ginn. D'Optioun vun den zwee Systemer, och dat sollt ech hei soen, bleift bestoen. Fir déi Leit, déi am Moment eng Allocation de famille hunn an déi net wëllen, dass sech eppes ännert, do wäert sech näscht änneren. Mä fir déi Leit, déi an Zukunft an de System erakommen, wäert et esou sinn, dass se 27 Punkte fir all Partner, dee beim Stat schafft an onofhängeg dovunner, ob e gepacst, bestuet oder als Célibataire leeft, d'Bedéngung, fir dass een dann an de Genoss vun deene 27 zousätzleche Punkte ka kommen.

An ech betounen nach eng Keier: An Zukunft kann dat Mann a Fra sinn, déi an egal wéi enger Form zesummeliewen oder zesummegeleift hunn. D'Bedéngung, fir dass een an de Genoss kënn, ass eben, dass een e biologeschen Elterendeel ass oder awer e Kand adoptéiert huet. Da kënn een an d'Recht vun deser Prime oder Allocatioun. Selbstverständlich, soubal d'Charge ophält, wou d'Kand à charge ass, fält déi Allocatioun an Zukunft dann och ewech. Dat ass eng Ännerung par rapport zum aktuelle System, wou ee se jo praktesch iwwert d'ganz Carrière behält.

Ec erspueren lech, wéi gesot, well ebe scho ganz viles gesot ginn ass, elo nach eng ganz Rei vun aneren Detailer, wat d'Technik ugeet. Viles ass schon hei ugeschwat ginn, viles wäert och nach an Zukunft an der Diskussioun bleiwen, well nach grouss Erausfuhrerungen op eis waarden.

Här President, et geet mir hei ganz sécher net dréms, d'Verdéngschter, an ech hat et virdu gesot, vu menge Virgänger ze schmälere, déi oui Zweifel ganz grouss ware bei der Ausaarbechtung vun deser Reform. Ech deelen, an dat wëll ech awer och ganz kloer hei soen, awer net den Enthusiasmus, fir d'est quasi als eng Jorhonnertreform duerzestellen. Wat mir hei ofstëmme - an ech hoffen, d'Chamber wäert et herno ofstëmme - ass sécherlech e Schrëtt an déi richteg Richtung, mä sécher net e Schrëtt an déi onbedéngten an endgültig Gléckseilegkeet.

Dës Reform ass net perfekt. Si ass a si huet awer virun allem de Verdéngscht, dass se viles harmoniséiert, wat bis elo mat villen extrae Bestëmmungen duerchgewuss war a wat den Duerchbléck praktesch onméiglech gemaach huet. Ech erënnere mech drun, dass ech an engem Cours um INAP eng Keier gesot kritt hunn, dass ee praktesch scho misst Jurist a wahrscheinlech och nach Ingenieur sinn, fir kënnen eng Pai beim Stat auszerechnen. Duerch déi Harmoniséierungsbestriewungen, déi mer elo hei hunn, duerch déi Vereinfachungen, déi mer hei solle virhuelen, wäert dat an Zukunft e bësse méi einfach ginn.

Wann ech hei soen, des Reform ass net perfekt, da widerhuelen ech och ganz haart dat, wat

ech schonns öffentlech verküent hat, nämlech dass mer bereit sinn, och an Zukunft nach iwwert déi Saachen, déi mer haut ofstëmme, ze diskutéieren. Mir si bereit, iwwer alles ze schwätzen, alles och nach eng Keier a Fro ze stellen. Net alles, wat gutt geduecht ass, wäert sech herno an der Praxis bewähren. Net alles, wat an der Theorie logesch ass, wäert an der Praxis kënnen emgesat ginn.

Wa sech erausstellt, dass verschidde Saachen net machbar sinn, da maache mer se net! Der Politik, an domat mengen ech eis allegueren, fält iwwerhaupt keen Zacken aus der Kroun, wa se déi Upassunge mécht, déi d'Fonction publique brauch, fir sech ze moderniséieren am Déngscht vum Bierger an am Déngscht vun engem gudder Service um Bierger.

Dës Reform, an et ass schon e puermol hei gesot ginn, ass net ofgeschloss mat deem Vote vun haut, am Géigendeel. Si geet dann eréischt un. D'Emsetzen an den Administratiounen wäert entscheedend sinn, fir déi endgültig Bewäertung vun deem Reformpaquet, dee mer haut zur Ofstëmmung bréngen. D'Emsetze geet sécher net géint d'Beamten. Mä d'Viraussetzung, dass d'Beamte matmaachen, muss geschafe ginn, fir dass mer iwwerhaupt eng Chance op Réussite kënnen hunn. Ech si motivéiert, alles dozou bäizuedroen, dass mer dat kënn realiséieren.

Et ass eng grouss Erausfuhrerung fir eis. Un éischer Stell fir de Ministère vun der Fonction publique. Un zweeter Stell och fir d'Leit vum INAP. Och fir de Kolleg Meisch. An ech si frou, dass en d'Gedold hat mat eis allegueren, dee ganze Mëtten hei deser Debatt nozelauschteren. Och fir de Kolleg Meisch kommen nach eng ganz Rei vun groussen Erausfuhrerungen, et ass och schon hei an der Debatt ugekënnegt ginn, a mir schaffen, géif ech soen, op eng exemplaresch Aart a Weis zesammen, fir all deene Problemer do, déi op eis duerkommen, nach ze begéinen.

Mä et gëtt, an dat wëll ech hei ervirsträchen, och fir all eenzelne Beamten, dee beim Stat schafft, sief et als Fonctionnaire, sief et als Employé, eng ganz grouss Erausfuhrerung, wa mer gären hätten, dass mer hei zu engem konstruktive Resultat kommen.

D'Madame Modert hat et virun, zu Recht, ugeschwat, datt mer... Am Kader vun den normale Remplacemeter hu mer et fäerdegbruecht, eis den Know-how vun engem Responsable fir d'Ressources humaines ze sécheren, wat de Ministère vun der Fonction publique ugeet, eng Fra, déi scho grouss Erfahrungen an deem Beräich gemaach huet. A mir si frou, si an eise Reie kënnen ze begréissen.

Bis elo hu mer ganz bewosst, aus Käschtegrënn, drop verzicht, eng Opstockung vum Personal am Ministère an och am INAP virzehuelen, fir dee ganze Reformpaquet unzuegoen. Ech soen awer elo scho viraus, dass mer dat fir 2016 an där Form do net wäerte packen, well et evident ass, dass, wa mer an déi konkret Emsetzungsphasen kommen, och de Ministère vun der Fonction publique déi néideg Ressources humaines muss zur Verfügung gestallt kréien, fir dat kënnen ze begleeden.

Et wäert lech net wonneren, datt ech genau deen dote Wee wäert wielen, fir kënnen op déi commend Erausfuhrerunge preparéiert ze sinn. Astellung vu Leit, déi beim Stat Verantwortung och fir dese Reformprozess sollen droen, vill léiwéi wéi de Réckzuch op extern Berodung, déi mer ganz vill an deem Ministère haten. Mir hunn an deene leschte Wochen a Méint eng Hällewull vu Berodungskontrakter opgeléist, well mer dovun iwwerzeegt sinn, dass et besser ass, mat eegene Kräften un des grouss Erausfuhrerungen erunzuegoen.

Här President, ech sinn als Minister vun der Fonction publique ganz houfreg, des Reform dierfen ze begleeden. Dës Reform ass e Ganz. Si beinhalt nieft dese Verbesserungen, déi ech virun ugeschwat hunn, wat d'Paï ugeet, wat nei Carrièren ugeet, och eng ganz Rei vun neien Usätz zur Moderniséierung vun der Fonction publique, déi genausou iwwerfällig ware wéi déi personalpolitesch Décisiounen, déi mer haut wäerten huelen. Si beinhalt och e puer Usätz, déi d'Personal net wäerten esou erfreen: D'Limitatioun vun den Ufanksgehälter ass en Thema, d'Verallgemengerung vum Stage op dräi Joer, ech hat et virdu scho gesot, gefält och nach laang net jiddwerengem!

Dës Reform ass e Kompromess. Et ass d'Realisatioun net vun deem, wat onbedéngt wünschenswäert war, mä et ass d'Realisatioun vun deem, wat zu dem Zäitpunkt machbar war. Dës Reform gëtt vun der iwwerragender Majoritéit vun de Statsbeamte begréisst. Wéi wär et soss ze erklären, dass mer déi scho bal regelméisseg an emmer méi rose Stellungnahme vun der CGFP, gedroe vun hiren iwwer 60 Ennerorganisiatiounen, déi eis gedrängt hunn, virunzemaachen, souwéi de President et vun der CGFP ausgedréckt huet, mir sollen elo endlech

dalli maachen, fir des Reform dann och elo endlech emsetzen. Ech ka mer schlecht virstellen, dass wann eng Majoritéit vun Beamten net mat deser Reform averstane wäeren, dass dat dann d'Fuhrerung vun der CGFP gewiescht wär.

D'Reform gëtt selbstverständlich vun deser Regierung an hirer ganzer Étendue gedroen. An och ech sti mat vollem Häerzen hannendrun. Mir hunn, wéi ech virdu gesot hunn, dalli gemaach an enger, géif ech soen, praktesch schonn Action exceptionnelle vu 36 Sitzungen, wéi de Rapporteur et virdu gesot huet, ganz no openeen! Mat groussen Erausfuhrerungen un d'Personal och vun der Chamber, hu mer esou séier gemaach wéi mer konnten, fir elo endlech hei kënnen ze stoen, fir dat kënnen zesammen iwwert d'Bühn ze bréngen.

Et wär vläicht méi einfach gewiescht, esou wéi eenzel Leit dat un eis erugedroen haten, einfach guer näscht ze maachen, drop hinzeweisen, dass mer an enger schlechter Budgetsituatioun sinn an dass et am Moment net opportun wär, eppes ze maachen. Och dat, wat am Moment ofleeft am Kader vum sougenannte Fonctionnaires-Bashing, géif déi doten Theorie éischer ennerstetzen.

Mir hunn nach des Woch oder d'lescht Woch eng ganz Rei vun onqualifizierten Ugrëff op d'Fonction publique missten nolauschteren, leider och vum Vizepräsident vum Wirtschafts- a Sozialrot. D'Regierung veruerteelt esou Provokatiounen, well se d'Leit net weiderbréngen, well se Neid a Sträit solle schüren, do wou mer Konsens a Solidaritéit brauchen.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Mir sollten eis d'est Reformwierk, wat mer haut hei zur Ofstëmmung bréngen, och net zerriede loosse. Net vun eenzelne Beruffsverbänn, déi vläicht hir e bësse korporatistesch Vue drun hënnert, de Bléck fir dat Ganzt ze behalen. Och net vu Provokatiounen vu baussen, wéi ech se virun erwähnt hunn an och net vu schlecht informéierten Informationsquellen, déi probéieren des Reform esou duerzestellen, wéi wa se géint d'Personal gerichtet wär.

Ech wëllt dofir nach eng Keier ganz kloer soen, a fir déi, déi et nach net verstanen hunn, dann och fir matzeschreien: Dës Reform gëtt vun der grousser Majoritéit vun Personal begréisst. Si gëtt net géint d'Personal, mä mam Personal gemaach!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - A jo, d'Statsbeamten hunn en Urecht drop, dass et no iwwer sechs Joer erëm zu enger Erhéijung vun 2,2% vun hirem Punktwäert kënn. A jo, dat kéint vun eenzelnen och als Zeechen un de Privatsecteur gedeit ginn. Et alors?, froen ech.

Et ass och net esou, wéi wa mer des Reform, esou wéi dat nach de Moien iwwer e grouse Radiosender erzielt ginn ass, dass mer des Reform 1:1 géifen emsetzen, esou wéi se vun der viregter Regierung proposéiert ginn ass. Dat zielt wuel fir de Volet financier, mat deenen 0,9% Joresprime an 2,2% Punktwäerterhéijung. Dat zielt och fir de Volet vun der Neigestaltung vun de Carrièren, inklusiv dem Mechanismus, wéi déi Carrièren ugepasst ginn. Dat war eng Regelung, wéi se vun der viregter Regierung ausgeschafft ginn ass a wéi se vun der jëtzege Regierung iwwerholl ginn ass.

Déi Emsetzung 1:1 zielt awer net fir de Volet vun der interner Reform. Et ass en neien Accord komm téschent der Regierung, dem neie Minister an der CGFP. D'Ewechfale vum Rapport d'expérience professionnelle ass virdu bedauert ginn. Ech weisen an deem Kontext just drop hin, dass och de Statsrot net ganz vill vun där Iddi do gehalen huet an och d'Gewerkschaften alles aneschters wéi froch mat deser Iddi waren. D'Ewechfale - ech kommen duerno awer nach drop zrëck - vum finanziellen Impakt vun der Bewäertung ass, mengen ech, och awer en Element vun deem, wou mer soen, dass mer déi Bewäertung an eng ganz aner Logik erabruecht hu wéi déi, déi virun ugeduecht war.

Ech mengen net, dass hei ee sëtzt, deen eeschthaf d'ro gegleef hätt, dass mer e Beamten, deen offensichtlech gewisen huet, dass e sech net wëllt um Reformprozess bedeelegen, dass en net wëllt säin deeglecht Engagement weisen, fir en anstännege Service um Client, um Bierger ze maachen, dass mer deen dozou beweegt hätten, seng Positioun ze änneren, andeems dass mer em gesot hätten, e kéint sechs Méint éischer vu senger Biennale profitéieren. Dat war menger Meinung no dee falsche Wee. An dofir hu mer dat och réckgäנגeg gemaach.





Dat erspuert eis an Zukunft vill Sträit an der Fonction publique, vill Sträit, deen hätt um Geriicht missen ausgedroeg ginn, wat och erëm Belaaschtunge fir eis Geriichtbarkeit duergestallt hätt an et erspuert eis och eng ganz Rei vu Kommissionen, enner anerem och déi vum Médiateur.

Och d'Ewechfale vum der Mobilitéit während dem Stage ass hei ugeschwat ginn a bedauert ginn. Ech mengen och, dass dat eng Iddi war, déi vläicht e bëssen ze kuerz geduecht war. Et war als Obligation praktesch ugeduecht. Et war praktesch eng Méiglechkeet wëlle schafen, déi awer an der Praxis, onser Meenung no, esou net besteet. Dat verhënnert awer net, wëll ech der Madame Modert hei ganz kloer soen, dass een déi Iddi an enger anerer Form och nach eng Kéier opbréngt. Ech wäert mech deem jiddefalls net widersetzen.

D'Vereinfachung vum de Critères d'appréciation, och dat war an deem neien Accord dran. Hei ass et dréms gaangen, fir all Equivoque auszuschléissen. Mat där neier Formulatioun hu mer dat, mengen ech, fäerdegbruecht.

An d'Eenegung op engem ganz entscheidende Punkt, nämlech deem vum den Ufanksgehälter, wou et keng Eenegung ginn ass tëscht der viregter Regierung an der CGFP. Interpretationsdifferenzen ass, mengen ech, e ganz feinen Ausdruck fir dat, wat do ofgelaf ass an der Aussenansetzung. A mir hunn dann, no laange Verhandlungen, eis derzou décidéiert, dass am drëtten Joer vum Stage, wou also 90% bezuelt ginn, dat net am drëtten Echelon geschitt, mä am véierten Echelon. Och dat e Kompromëss, dee mer fonnt hunn, deen eis et erspuert huet, hei a grouss Litigen eranzegoen. An ech verstinn eigentlech net, firwat dass net och schonn déi viregt Regierung et fäerdegbruecht huet, des Léisung ze realisieren.

Et sinn déi administrativ Vereinfachungen, wëll ech hei och kloer soen - well den Accord, dee mer hei fonnt hunn, deen huet natierlech och e finanziellen Impakt -, mä et sinn déi finanziell (veuillez lire: administrativ) Vereinfachungen, déi ech virduen ugeschwat hunn, wéi d'Ewechfale vum Médiateur, d'Évitée vum dauerhafte Litigen an esou weider, déi eis den néidege finanzielle Spillraum geschaf hunn, fir d'ëscht finanziell Zougständnis och vis-à-vis vum deene jonke Leit an der Fonction publique ze maachen.

Ech soen et nach eng Kéier, d'ëscht ass eng Mesure, déi ganz kloer an Intérêt vum deene jonke Leit ass. Mä dat erkläert vläicht, firwat dat net onbedéngt à la une vum den Noriichte war, well dat ass jo eng positiv Geschichte an dofir gëtt dat och net esou bericht wéi aner Problemer, wou da probéiert gëtt, Sträit ze séien.

► **Une voix.** - Richtig!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Eppes wëll ech nach ganz kloer soen - och well den Ulass vum d'ëscht Débat anscheinend de Moien och Ulass war, fir e bëssen LSAP-Bashing dann ze maachen -, ech perséinlech hunn iwwerhaupt kee Problem dermat, als Politiker kritisiert ze ginn. Dat gehéiert zu deem Job wéi d'Klatz bei d'Keespill.

Ech hunn awer e Problem domat, dass eng Majoritéit vu Fonctionnaires, déi mat d'ëscht Accord hei zefridde sinn, onverhältnisméisseg weineg zu Wuert komme par rapport zu eenzelen Berufsverbänn, déi op hir berechtigt oder manner berechtigt Fuerderungen - dorop kommen ech och nach zrëck - opmierksam maachen. An ech hunn e Problem domadder, dass probéiert gëtt, meng Partei quasi als Sozialverräter duerststellen, well se elo d'ëscht Rahmenaccord - an eenzel Leit heibannen hunn an déi nämlech Richtung gedréint, eis als Sozialverräter duerststellen -, well se elo d'ëscht Rahmenaccord hei dréit, wou, wéi gesot, eng Gehaltspobesserung vum 2,2% dran ass.

Ech sinn houfreg an engem Land ze liewen, wou d'Leit d'Recht hunn op d'Strooss ze goen, fir op hir Doléancen opmierksam ze maachen. An ech si frou an engem Land ze liewen, wou Leit op d'Strooss ginn, fir ze reklamieren, dass se, hirer Meenung no, net genuch bäikreien. Ech mengen, dat ass zumindest an der EU schonns eng Situation unique, zumindest wat den öffentleche Secteur ugeet.

An ech hu grousst Versteesdemech fir déi Leit, déi sech op der Strooss fir hir Rechter asetzen. D'Policegewerkschaft huet op eng speziell Situation higewisen, déi bei hinnen organesch entstanen ass duerch eng zweifelhaft Ausleeung vum de bestehenden Texter. D'Regierung huet gesot, nodeems den Audit iwwert d'Police fäerdeg ass, d'Situatioun nach eng Kéier op de Leescht ze huelen. D'Gesprécher mat de Policegewerkschaften lafen, haaptsächlech wat déi Fro ugeet vum de Postes à responsabilité.

Eng aner Saach ass d'Astufung vum de Carrières. Och hei ass et, ouni Zweifel, eng speziell

Situatioun. An et ass virduen drop higewisen ginn, keen heibanne bestreit, dass de Beruff vum Polizist ee speziellen ass. An et ass och richtig, fir ze soen, dass d'Polizisten bei där neier Astufung u sech zwielef Punkte manner am Ufanksgehalt hu wéi en Expéditionnaire aus der Administratioun: 156 Punkte par rapport zu 168 Punkten.

Mä da misst een awer och vläicht fairerweis dobäi soen, dass déi nämlech Polizisten am Endgehalt siwe Punkte méi hu wéi den Expéditionnaire aus der, soe mer emol - an Anführungszeichen - „normaler“ Administratioun. An et misst een awer och fairerweis vläicht dobäi soen, dass déi nämlech Polizisten, vum éischten Dag un, wou se schaffen, 57 Punkten indicielles u Primmen dobäikreien, déi déi aner Leit net hunn.

An ech soen et hei eng Kéier ganz kloer: En Expéditionnaire, dee mat fénnef Joer Secondaire bei de Stat schaffe kënn, deem seng Carrière evoluéiert vum 168 Punkten op 339 Punkten. An duerch de Mechanismus vum deene Primmen, déi ech virduen ugeschwat hunn an déi all Polizist huet, evoluéiert d'Carrière vum Inspecteur de Police vum 203 Punkten op 403 Punkten, wat en Énnerscheid ass, wou jiddweree sech et selwer kann ausrechnen. An ech verzichten drop, fir d'ëscht Moment och nach d'Chifferen ze nennen, well ech ganz genau weess, dass eenzel Leit déi erëm géife benotzen, fir op d'Fonction publique ze klappen!

Ech soen, dass ech an deem dote Beräich, genaousou kloer wéi ech gesot hunn, dass ech, wat deen éischte Beräich ugeet, wat d'Fuerderung vum der Police ugeet, ganz vill Spillraum gesinn, soen ech awer ganz kloer, dass ech an deem dote Beräich net méi vill Spillraum gesinn.

Bei den Éducateuren, an et ass virduen hei schonn e puermol gesot ginn, war d'Reform iwwerfällg. Dat, wat den Här Adam hei gesot huet, speziell zu där Carrière, deem gëtt et bal näischt méi bäizefügen. Si sinn déi Carrière, wou d'Ongerechtheit vum der Astufung am kloersten zum Virschäin komm ass. Am kloersten nach an der Carrière vum Educateur diplômé, nach vill méi kloer wéi an der Carrière vum Educateur gradué, wou et awer och scho schlém genuch war.

Mir haten och d'Geleeënheet hei bei engem öffentlechen Hearing ganz genau d'Problematik duergeluecht ze kréien. A bei deem Hearing, an dat hunn ech deemools positiv ervirgestrach, ass eben net nëmme iwwert déi finanziell Fro geschwat ginn - zwar och, awer net nëmme -, mä et sinn och eng ganz Rei vu Froen vum der Aarbechtsorganisatioun an d'Spill komm, Froen vu Contingenten, wéi vill Leit bei wéi vill Kanner, vum der Qualitéit vum de Services. An dat éiert dee Berufsstand. Et gesäit een, dass eng allgemeng Onzefriddenheet amgaangen ass, sech do auszubreeden. A mir si gutt beroden, op déi Leit och nach an Zukunft duerzegoen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Ech wëll awer och hei soen, dass déi Carrière - an och dat, mengen ech, misst der Fairness halber an och der Objektivitéit halber eng Kéier hei gesot ginn -, dass déi Carrière schlussendlech, mat deem, wat mer haut hei stëmmen, em 39% opgewäert gëtt.

An et ass falsch ze soen, wéi dat de Moien och mat enger Regelméissegkeet iwwert den Äther gaangen ass, déi ee schonn e bësse rose mécht, et ass ganz einfach falsch ze soen, dass déi Verbesserungen, déi déi jonk Leit elo an d'ëscht Beruff kréien, dass dat um Bockel wär vum deenen, déi elo schonns méi laang do wäeren. Dat géif nämlech heeschen, dass déi elo géife manner kréien, déi méi laang do wäeren, wéi déi aner. An dat ass tout simplement falsch!

Jiddweree, och vum den Éducateuren, wäert vum d'ëscht Reform profitieren, egal wéi al en ass, egal wéi laang en dobäi ass. Richtig ass, dass net jiddweree an deem nämlechten Tempo vum de Reforme profitiert. Dat läit awer, mengen ech, e bëssen an der Natur vum der Saach, wann een erëm op dee Reformmechanismus zrëckkënn... op deen Upasungsmechanismus vum de Carrières zrëckkënn, deen ech virduen schonn ugeschwat hunn.

Jonker, déi ufänken, profitieren vum d'ëscht Reform voll. Duerfir ass et och falsch ze soen, d'ëscht Reform wär eng Reform géint déi Jonk. All Mënsch, deen an der Carrière vum Educateur ass, sief et diplômé, sief et gradué, profitiert spëitstens mat 55 Joer voll vum d'ëscht Reform. Den Diplômé, wéi gesot, eropgesat vum 339 Punkten op 470 Punkten.

Mä ech sinn der Meenung, dass dat heiten eng Saach ass, déi an déi richtig Richtung geet, déi endlech unerkennt, wat déi Leit un Diplomer hunn, wat se un Aarbecht leeschten. An ech

soen et nach eng Kéier: Allegueren déi, déi net direkt voll vum d'ëscht Erhéigung profitieren, gi lues a lues, iwwert de Wee vum de Biennallen, dorun erugefouert, wat dat neit Endgehalt wäert sinn. An dat ass och gutt esou!

D'Problematik vum de Chargéen, an ech kucken nach eng Kéier op de Claude Meisch, ass natierlech och eng besonnesch Situatioun. Mir hunn et ze di gehat, an der Education, mat enger Explosioun vum de Schülerzuelen an domadder och mat enger Explosioun vum de Chargéen. D'Regierung, an dat wëll ech hei ganz kloer soen, fënnit déi Situatioun do net gutt. An et ass op jidde Fall kee Mëttel, fir an Zukunft Sue beim Stat ze spueren, wéi dat elo hei zum Deel schonn ennerstallt ginn ass. Eist Zil ass et, fir d'Zuel vum de Chargéen lues a lues erëm zrëckzeféieren. An eist Zil ass et, dass an der Schoul Schoul gehale gëtt vu Professoren, déi och an der Professorscarrière sollte bezuelt ginn.

De Claude Meisch an ech selwer souzen och scho mat de Vertrieeder vum de Chargéen zesammen. An och do hu mer gemierkt, dass niewent deene finanzielle Fuerderungen, déi zum Deel berechtigt sinn, och eng ganz Rei vum anere Problemer do sinn, déi ganz schwéier op d'Gemitt drécken. Enner anerem d'Sécurité de l'emploi, wéi séier Kontrakter gewieselt ginn, wéi ee vun enger Schoul kann an déi aner versat ginn, d'Fro vum den Examen, déi nach eng Kéier muss nei gekläert ginn. Mä do weess de Claude Meisch wahrscheinlech méi dozou ze soen, wa mer an den Detail ginn, wéi ech selwer.

Mir hunn als Regierung och an d'ëscht Beräich ganz kloer Gesprächsbereitschaft signaléiert. Och déi Leit, déi sech elo hei engagiert hunn, déi sech zesummedoen hunn an enger Organisatioun - wat hiert gutt Recht ass -, an déi jo och den Owend zu enger Manifestation opgeruff hunn, hunn erkannt oder hunn och unerkannt, dass se sech relativ spëit manifestéiert hunn. Mir hu gesot - an ech stinn och dozou -, dass mer bereet sinn, iwwer hir spezifesch Fuerderungen nach eng Kéier nei ze diskutieren.

Ech géif mer wënschen, dass mer, och wa mer eng Aussenansetzung an d'ëscht Gesellschaft féieren, wou jiddweree probéiert, seng Intérèten ze verteidegen, eis heiansdo méi Zäit géifen huelen, fir déi Knackpunkten och éierlech an éffentlech an a voller Transparenz mateneen ze diskutieren. An och déi éffentlech Duerstellung vum deenen Différenden ass a mengen Aen immens wichteg.

Et soll kee sech Illusioune maachen, dass en net genuch Verantwortung hätt, wéi och iwwert déi Aussenansetzungen, déi hei gefouert ginn, bericht gëtt. Dat zielt fir d'Vergaangenheet an dat zielt och fir déi Berichter, déi mer muer oder den Owend an der Press nach wäerte virféieren.

E weidere Punkt, deen ech wollt uschwätzen, well e menger Meenung no ganz wichteg ass a well en och vum eiser Médiatrice, Médiateure oder Ombudsmann oder Ombudsfra opgeworf ginn ass, ass dee vun der Deontologie. Dat ass e Stéchwuert, wat vill diskutiert ginn ass am Virfeld vum der Reform an et huet ee musse feststellen, dass mer jo elo, och opgrond vum den Awänn vum Statsrot, bei engem gewesene Status quo verbliwwe sinn.

En Deontologiekodex fir d'Chamber hu mer kritt. Mir hunn ee fir d'Regierung kritt. Mir hunn ee fir de Statsrot kritt. D'Gemengepolitiker sinn amgaangen drun ze schaffen. D'Journalisten hu scho laang een. A mir brauchen och en erweiderten Deontologiekodex fir d'Fonction publique.

D'Deontologie war, wéi gesot, en Thema, mä mir hunn et missen, well mer vum Statsrot - zu Recht, mengen ech awer an der Tëschenzäit - ausgebremst gi sinn, op e spéideren Zäitraum verleeen.

Déi Diskussioun sinn, wéi gesot, net eriwwer, si gi virun, no d'ëscht Reformpaket. Ech hat et virduen scho gesot, et si grouss Diskussiounen, déi nach op eis duerkommen, mat de Gewerkschaften a mat allen anere Concernierten, och am Kader - an dat ass och schonn haut um Rand ugeschwat ginn - vum engem moderniséierten Disziplinarrecht, wat ech onbedéngt och nach eng Kéier wëll uschwätzen. D'Regierung ass jiddefalls fest décidéiert, och op deem Plang virunzokommen.

D'Regierung hat sech engagiert - an et ass virduen och schonn e puermol gesot ginn, de Rapporteur huet drop higewisen, den Här Graas huet drop higewisen -, dass mer dat, wat vum der viregter Regierung ofgemaach ginn ass mat der repräsentativer Gewerkschaft aus der Fonction publique, géifen anhalen. Pacta sunt servanda. Engagementer sinn ze respektieren a mir maachen dat.

Dat maache mer och elo, nodeems mer deene sëllechen Awänn vum Conseil d'État Rechnung gedroen hunn. D'Madame Modert hat gesot,

et waren der iwwer 100. Si huet zu Recht drop higewisen, dass et awer och vill Texter waren, dass et vill Gesetzer waren, dass eng grouss Komplexitéit an deenen Texter louch. An ech mengen och, dass muss Schluss sinn, dass an d'ëscht Land Politik gemaach gëtt mat dem Nombre vum den Awänn vum engem Conseil d'État.

E Conseil d'État, genau esou wéi d'Chamber, genau esou wéi d'Regierung, ass do, fir seng Aarbecht ze maachen, a wann e mengt, dass e Gesetzestext, dee proposéiert ass, net der Legalitéit entsprécht, dann huet en drop opmierksam ze maachen. Ni plus, ni moins.

D'ëscht Regierung huet sech net engagiert - dat wëll ech awer och kloer soen -, fir d'Défaillancen, déi an där Ofmaachung stinn tëscht der viregter Regierung an der Gewerkschaft, erëm riicht ze bëien, wann et sech da sollt als néideg erweisen. Well d'Praxis - an dat hu mer geléiert - ass ëmmer méi schlau wéi d'Theorie. Eng Rei vum deenen Défaillancen, déi huet déi nei Regierung am Accord vum Januar 2014 mat der CGFP schonns ausgemäert an ech hunn et schonn ugeschwat. Awer wäerten ausgemäert ginn, wann et sech dann als noutwendeg erweist.

Madame Modert, wann ech lech richtig verstannen hat bei Ärem Bäitrag - deen ech iwwerengs am Allgemengen als ganz konstruktiv bewäert hunn... Wann ech dat richtig verstannen hunn, huet si awer gemengt, alles dat, wat si ausgeschafft huet, wär gutt a richtig, an alles dat, wat mer nodrëglech geännert hätten, wär schlecht a falsch. Ech mengen, dass et net grad esou einfach ass. D'Netaféiere vum Médiateur...

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Hunn ech net grad esou gesot!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Da sinn ech frou, wann Der dat net esou gemengt hutt.

D'Netaféiere vum Médiateur ass, menger Meenung no, eng logesch Konsequenz vum der Ofgliederung vum der Appréciation vum de Beamten. Et gëtt manner kompliziert. Déi zweifelhaft finanziell Bestrofung falen ewech. Duerch fällt och eng Hällewull vum ze erwaardene juristeschen Aspréch ewech - ech hat et scho gesot - an dofir brauche mer dee Médiateur och net an där Form, wéi Dir en ugeduecht hutt.

Den Ofschlossbericht...

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Genau op deem Punkt hat ech jo eppes aneres gesot. Ech hat et zu engem anere Volet gesot.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Pardon. Den Ofschlossbericht, deen all eenzelne Beamte sollt maachen, an deem d'Madame Modert och e bëssen notrauert, ass fale gelooss ginn. Ech soen et nach eng Kéier, och nodeems de Statsrot e praktesch an der Luucht zerrappt hat, ech mengen och wierklech, wann ech mat lech eens sinn, dass et wichteg ass fir eng Administratioun, dass se dat Wëssen, wat deen eenzelnen ugeheeft huet a senger laangwieriger Tätigkeet, dass ee sech dat erhält. Dass dat heite vläicht net dee richtige Wee wär, fir hei och e bësse mat der finanzieller Keul ze wëken. An dofir mengen ech, dass mer eis do och nach musse weider Mëttele iwwerleeen, wéi mer dat Wëssen an der Fonction publique kënnen weider gebrauchen, och wann een ausscheet.

A sécherlech - an ech hat dat virduen scho gesot - ass och d'Retraite progressive en éischte Schrëtt an déi dote Richtung. Wou d'Leit also lues a lues aus dem öffentlechen Déngscht ausscheiden a lues a lues hiert Wëssen och kënnen weiderginn un déi, déi se dann duerno wäerten ersetzen.

Ech hat och ee Moment gehofft, d'Madame Modert géif der Versuchung widerstoen, sech bei all deene léift Kand ze maachen, déi elo nach hir spezifesch Fuerderungen, souzese fënnel fir zwielef, an d'Woschuel bruecht hunn. Leider ass dat hir net ganz gelongen. Dat beweisen, mengen ech och, déi zwou Motioune vum der CSV.

Bei dem Méchanisme d'adaptation vum der Carrière - ech mengen, och dat ass virduen schonn hei gesot ginn - ass dee Mechanismus ganz kloer vum der viregter Regierung, d'ëscht le début, festgehal ginn. Se war och Géigendstand vum Diskussiounen, Sträitdiskussiounen, net jiddweree war domadder averstanen an d'Madame Modert huet jo selwer gesot, dass eng aner Léisung, aus Käschtegrënn, vum hir selwer net konnt zrëckbehalen ginn.

Ech gesinn et dofir och als zumindest zweifelhaft Approche un, wann een elo an enger Mo-





tioun d'Auswierkung vum deem Mechanismus vum Uppasse vun de Carriären, deen eventuell géif Härtefäll produzéieren, dann elo an enger Motioun hei wëllt ervirsträchen. Ech mengen, dass dat eng gewëssen duebel Strategie ass, déi, mengen ech, eis selwer an och d'Leit do-bausse net ganz vill weiderbréngt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, d'Madame Modert wollt kuerz reagieren. Dir hutt se jo och drop...

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Selbstverständlich, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà.

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Merci, Här President. Ech mengen, Här Minister, ech hunn lech awer elo ganz gutt nogelasscht an Dir sot awer och dat eent an de Géigendeel. Dir sot jo och, Dir géift alles hei e bëssen iwwerwücken. A wann ech d'Motioun kucken, déi ee vun der Majoritéit déposéiert huet, déi kann een awer och a Richtunge liesen, wou Dir elo gemengt hutt do misst een eppes aneres soen. Also, ech mengen, op d'allermannst kënne mer do géigendeleger Meinung sinn, wat mer ze verstoen hätten. Merci.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Ech verstinn Är Bemierkung elo esou, dass Der dervun ausgitt, dass déi Motioun, déi d'sozialistesche Fraktioun abruucht huet, dass dat dat ass, wat Der wollt ausdrécken. Wann dat esou ass, dann...

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Et geet just vill méi wäit.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- ...wäerte mer herno jo bei der Diskussioun vun der Motioun nach eng kéier kënne dorop agoen.

Jiddefalls, Här President, wär ech frou, wann ech de Sënn, esou wéi et elo do steet bei lech... Ech wëll lech net ënnerstellen, dass dat onbedéngt d'Absicht dovu war, mä esou wéi et elo do steet, Här President, mengen ech awer der Madame Modert missen ze soen, dass ech bestëmmt net - an dat wësse vill Leit heibannen - un engem Manktum u Selbstbewusstsein géif stierwen.

(Hilarité)

Mä ech muss lech awer soen...

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Dat géif ech jiddefalls net soen.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Mä ech muss lech awer soen, Madame Modert, dass dat, wat Der mer elo an Är Motioun do ofverlaangt, dass ech dat net wäert fäerdegbréngen. Also Härtefäll ze léisen, déi der duerch de Mechanismus vun der Adaptatioun vun der Carrière geschaf hutt, ouni d'Philosophie vun deem Mechanismus a Fro ze stellen an och ouni een Impakt op de Budget ze kréien, dat wäert ech net fäerdegbréngen, och wann ech, wéi gesot, ganz oft vu mir selwer vläicht ze vill iwwerzeegt sinn, wéi enzel Leit mer ëmmer erëm gäre soen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Déi zweet Motioun beschäftegt sech da mat dem Litige tëschent der FEDUSE an der Regierung iwwert den Artikel 41, dee während enger Période transitoire vu fënnf Joer da sollt nach kënne ausbezuel ginn. Zweek weider Avancementer si jo do virgessinn.

Och dat war Géigendstand vun de Verhandlungen tëschent der viregter Regierung an der Gewerkschaft. Dat war en Thema wat ganz kontrovers diskutéiert ginn ass. Déi viregt Regierung hat am Ufank dräi Joer proposéiert, wou nach kéinten zweek Avancementer kommen, a keng fënnf. An herno ass sech da mat engem Kompromëss drop geeneegt ginn, fënnf Joer an zweek Avancementer. Esou steet et och elo am Text. An ech géif och proposéieren, dass mer bei deem Arrangement do bleiwen, an net mat der berühmter Salamitaktik déi ganz Dispositioun u sech da absurdum féieren.

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Jo mä, Här Minister, et war elo... Entschëllegt, wann Der erlaabt. Et war elo eng Mediatioun an et ass op dat jo am Fong geholl, op wat mir agaange sinn, wat ech och eng kéier an enger Chamberskommissioun gefrot hat. Dat ass jo och en Instrument, wat hei natierlech och eng aner Valeur nach mat drabrängt.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Ech be-

streiden net, dass et eng Mediatioun ginn ass. Mä ech soen hei ganz kloer, dass déi ganz Geschicht eng Virgeschicht huet, déi och bei der Mediatioun an eisen Aen net berücksichtig ginn ass. An dofir hu mer och déi Propositioun vun der Mediatioun net ugeholl.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Här President, ech...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Also jiddwereen hat d'Geleeënheet, fir sech auszudrécken. Bon, wann den Här Minister d'accord ass, nach eng Zwëscheffro, an da géife mer awer weiderfuereen.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Ech si bal mat allem averstanen, Här President.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- An de Rapporte vum Mediateur a vum Conciliateur sinn déi Antécédente jo awer alleguete berücksichtig ginn. An de Mediateur ass jo awer, an där legaler Aufgab, déi en huet, zu enger Konklusioun komm, datt dat, wat hie virschléit, fir déi zwou Säite gutt wier. Déi gëtt vun där anerer Säit ugeholl, vun der Regierung net. Dat entsprécht jo awer net dem Geescht an dem Sënn vun enger Mediatioun, wou wierklech déi Saache berücksichtig ginn, och wann een net honnert Prozent recht kritt. Dir werft deenen anere vir, si hätten ëmmer gären honnert Prozent recht. Hei kritt Dir net honnert Prozent recht, et gëtt eng Mediatioun gemaach an déi wëllt Der net unerkennen! Ech verstinn dat net.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Ech mengen, dass Dir de Geescht vun der Mediatioun net verstanen hutt. De Geescht vun enger Mediatioun besteet doranner, fir en Accord ze fannen tëschent zwee Partner. An hei ass einfach ganz kloer en Désaccord tëschent zwee Partner. Deen ass einfach emol festzestellen.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Et geet em de Mediateur. Deen ass hannendrun...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift, mir kréien nach d'Geleeënheet, iwwert de Rapport vum Mediateur ze diskutéieren. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Ech wëll just soen, dass, wa mer eppes géifen hei änneren an der Carrière supérieure, well et ass jo doriwwer, wou geschwat gëtt, dat natierlech och eng ganz Rei Répercussioune op déi aner Carriären hätt. Well op jidde Fall kann ee jo net domat averstane sinn, dass mer hei géifen eng Ausnahmegenehmung just fir d'Carrière supérieure maachen, an déi aner Carrière géifen dann à leur faim bleiwen. Och dat kann ech also net akzeptéieren. An dofir muss ech och soen, dass d'Regierung net kann der Chamber recommandéieren, déi zweet Motioun vun der CSV hei unzehuelen.

Ech hunn och héieren am Débat, d'Gestion par objectifs wär eng schrecklech Bürokratisierung vun der Fonction publique. Dat nämlecht géif fir d'Bewäertung zielen. Dobäi ass awer genau d'Bewäertung een Element, wat u sech de Privatsektor schonn zënter Laangem huet. An déi nämlecht, déi eis elo soen, mir géifen d'Fonction publique bürokratiséieren, déi soen, mir sollen d'Fonction publique esou opbaue wéi de Privatsektor opgebaut ass. Also, do sinn zwou verschidde Fuerderungen an enger, wou et, mengen ech, ganz schwéier wäert ginn, déi zwou politesch enner een Hutt ze bréngen. An dofir mengen ech och, dass ech deem muss widdersprieche, wat hei vun ADR-Säit gesot ginn ass.

Déi Motioun vun der ADR ass a mengen Aen iwwerflësseg, well se einfach oppen Dieren aräist. Well se insinuéiert, dass mir net an engem konkreten Dialog mat de Gewerkschaften an den Interessengruppen wieren. Dat si mer. Well mer och all dat, wat an där Motioun gefrot gëtt, an der Chamberskommissioun diskutéiert hunn. All déi sektoriell Fuerderunge sinn do selbstverständlich an deene parlamentareschen Aarbechten zur Sprooch komm, souwäit wéi se dann nach aktuell waren an deenen och Rechnung gedroe gouf, mat all deene Répercussioune, déi dat och op den Accord hat.

An ech kann nëmme bedauern, dass d'ADR, obscho se net Member ass an där Kommission, mä awer d'Recht huet, wéi all eenzelne Deputéierten, selbstverständlich och an deene Kommissionssätzungen derbäi ze sinn, wann ech mech richtig erënneren, vun deene 36 Sätzungen, wou mer genau dat diskutéiert hunn, wat Dir do frot, waart Der mengen ech een- oder zweemol do. Och dat léisst relativ déif blécken.

Ech hunn den Här Turpel héieren, an anescht wéi d'Madame Modert; bei him ass et e bëssen anescht. Hie fënnt alles gutt, wat geännert huet. Hie fënnt iwwerhaupt alles gutt, wat de

Stat Sue kascht. An e fënnt alles schlecht, wat d'Ausgabe vum Stat begrenzt. Esou einfach kann ee sech et maachen. Dann ass jiddwereen do-bausse frou mat engem.

En huet och eng Hällewull vun Amendementen eraginn, déi alleguerten, wéll ech awer hei soen, an der Commissioun diskutéiert gi sinn. Ech kann och, wann Der wëllt, zu allen eenzelnen Amendementen, ech sinn nämlech virbereet, Stellung huelen. Ech mengen awer, dass dat enger ganzer Rei Leit hir Gedold géif iwwerstrapazéieren, well, an dat soen ech nach eng kéier, déi Amendementen sinn alleguerten eenzel, esou wéi Der se hei presentéiert hutt, ouni dass e Komma dru geännert ginn ass, an der Chamberskommissioun diskutéiert ginn. Mir hunn lech esouguer do d'Méiglechkeet ginn, se ze presentéieren, obschonn Der wëinst Krankheet an enger ganzer Rei vu Versammlungen net konnt derbäi sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, ech géif lech bieden, lech erëm un d'Chamber ze adresséieren!

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Ech maachen elo mäi Besch. An ech soen dann der Chamber, dass mer dem Här Turpel, trotz Krankheet, d'Méiglechkeet ginn hunn, seng Amendementen virzebréngen, och wa mer schonn an der Chamberskommissioun déi eenzel Gesetzestexte ofgeschafft haten. Ech mengen, och dat gehéiert zu engem gudden Stil, dee mer an deene Chamberkommissiouns-aarbechte gefleegt hunn.

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt (par Mme Cécile Hemmen), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An d'Dispens ass ginn?

(Assentiment)

Merci.

Da komme mer zum Projet de loi 6463. Do kënne mer direkt zum Vote iwwergoen, do hu mer keng Amendemente virleien.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6463 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen an d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 58-mol Jo, 2 Abstentiuonen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An d'Dispens?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

Amendements relatifs au projet de loi n°6465

Da géife mer zum Projet de loi 6465 iwwergoen. An do hu mer en Amendement, den Amendement N°1, iwwert de Paragraf 1 vum Artikel 7, vun déi Lénk virleien. Dësen Amendement betrëfft d'Insuffisance professionnelle.

(Interruption)

Jo?

► M. Justin Turpel (déi Lénk).- Här President.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Kann ech de Saz nach zum Schluss féieren?

► M. Justin Turpel (déi Lénk).- Dir braucht en net.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ah, brauch ech en net?

► M. Justin Turpel (déi Lénk).- Neen. Aus deem ganz einfache Grond, well allegueren déi Amendementer do, bis op eent, indirekt scho behandelt gi sinn, wat Kierzung sinn, déi d'Chamber ofgelehnt huet oder aner Propositionen. Dofir gesinn ech den Zweck net an a wéilt der éirewäerter Chamber och déi Zäit erspueren, fir déi Amendementer...

► Plusieurs voix.- Ooh!

► M. Justin Turpel (déi Lénk).- ...eenzel nach eng Kéier ofzestëmmen. Ausser den Amendement 2, deen net behandelt ass. Dofir wär ech frou, wa mer iwwert den Amendement 2 kéinten ofstëmmen. An déi aner, déi sinn dann iwwerflësseg.

(Brouhaha)

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Majo dann, wann Dir dat esou als Auteur proposéiert, da géife mir dat selbstverständlech och esou maachen. An da géif ech den Amendement N°2 iwwert den éischte Saz vum Paragraf 3 am Artikel 7 - et ass jo deen, dee gemengt ass, deen d'Entloossung aus Gesondheetsgrënn betrëfft...

► M. Justin Turpel (déi Lénk).- Jo, richtig. Mä déi aner awer en bloc dann, well se musse jo awer ofgestëmmt ginn. Mä en bloc.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ah, okay. Neen, ech hat gemengt, Dir hätt eis suggestéiert, dass se schonn ofgelehnt wären. Okay, neen, da maache mir dat esou, wéi Dir dat proposéiert hutt. Also all déi Amendementen, ausser den Amendement 2, do géife mer elo ofstëmmen.

Vote sur les amendements n°1 et n°3 à n°7 concernant les articles 7, 20, 61 et 63 du projet de loi n°6465

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An dann ass de Vote ofgeschloss.

2-mol Jo, 32-mol Neen, 26 Abstentiuonen. Domat wären d'Amendementen N°1, N°3, 4 a 5, N°6 a 7 ofgelehnt. An all déi betreffen Artikelen, déi géifen esou bleiwen, wéi d'Kommissioun dat proposéiert huet.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Gilles Roth), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Mar-



cel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

A mir géifen dann direkt zum Amendement 2 iwwergoen, deen ech jo da scho virgestallt hunn. Voilà, da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

### Vote sur l'amendement n°2 concernant la suppression de la première phrase du paragraphe (3) de l'article 7 du projet de loi n°6465

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

An den Amendement ass mat 2 Jo-Stëmme bei 32 Nee-Stëmme a 26 Enthaltungen ofgelehnt an den Artikel 7 bleift an där Form bestoen, wéi d'Kommissioun et proposéiert huet.

Le bulletin de vote électronique n'ayant pas comporté le détail des votes nominatifs en raison d'un problème technique, M. le Président a reconstitué ultérieurement les votes nominatifs en demandant aux membres de la Chambre des Députés réunis en séance plénière comment ils ont voté.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Gilles Roth), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

An ech wollt den Auteur dann nach froen, ob mer domat all Amendementen evaküiert hunn, déi en abruecht huet.

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Deem ass esou. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dat ass de Fall. Da soen ech Merci.

A wéi bei deenen aneren Texter, wollt ech lech just drop opmierksam maachen, dass am Artikel 20 am Tableau vum Paragraf 1 de Buschtaf „d“ als net ënnerstrach ze considéieren ass an der leschter Zeil, an an der Annex am Tableau 2 „Enseignement“ ass duerch d'Textveraarbechtung eng Linn verrutscht. D'Linn iwwert d'Valeur vun den Échelone vum Grad E7 ass net als duerchgestrach ze considéieren.

Ech wëll just soen, dass déi heite Prezisioune vläicht als lüch empfonnt ginn, mä d'Gesetzter mussen mat aller Exactitude formuléiert ginn, fir dass mer net eng Gefor lafen, dass mer nach eng Kéier mussen hei erëmmen. An ech wëll all deene Leit, déi un deene Korrekture beedelegt waren, Merci soe fir hir Opmierksamkeit. Dir wësst jo, wat fir eng Mass vun Dokumenter bei deem heiten Dossier produzéiert ginn ass. Do ass et duerchaus explicabel, dass emol eng Kéier eng Tast spréngt.

Voilà! Dat gesot, géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6465 iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6465 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

#### (Interruption)

Jo, meng Maschinn ass waarmgelaf.

60 Deputéierten hunn direkt oder indirekt um Vote deelgeholl. 58-mol Jo, 2-mol Neen, keng Abstentiuonen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher

(par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt (par M. Claude Haagen), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An déi traditionell Fro.

#### (Assentiment)

D'Dispens ass ginn. Da soen ech lech Merci.

#### (Concertation interne)

D'Maschinne sinn och nëmme Mënschen. An dofir beim Amendement Nummer 2, Artikel 7 vum Projet de loi 6465 kréie mer wuel d'Resultat eraus, mä mer kréien awer net eraus, wie fir wat gestëmmt huet. Ech wollt da vläicht froen, den Non, dat schéngt mer d'Majoritéitsparteien ze sinn. D'Abstentiuon schéngt mer déi gréisst Oppositionspartei ze sinn plus ADR. An de Oui schéngt mer d'Auteuren ze sinn.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et ass ëmgedréint, Här President.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir sinn d'Oppositionspartei.

#### (Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Plus d'CSV.

#### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Also, maacht mat serië Saachen net de Geck!

► **Une voix.**- Et ass alles an der Rei.

#### (Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Villmools Merci. Also mir hätten domat och de Projet de loi 6465 ofgestëmmt an dispenséiert vum zweete Vote.

An da géife mer zum Projet 6757 iwwergoen an direkt mat der Ofstëmmung iwwert de Projet 6757 weiderfuere.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6757 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme an dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Un der Ofstëmmung hu 60...

#### (Interruptions diverses)

Also, et ass alles an der Rei. 58-mol Jo, 2-mol Neen. De Projet ass ugeholl.

#### (Interruption)

Et ass kee Problem.

#### (Brouhaha)

Dat kënnt och nach eelere Semestere vir.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Taina Bofferding), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Also, de Projet ass ugeholl.

An d'Dispens vum zweete Vote gitt Der och?

#### (Assentiment)

Da soen ech lech villmools Merci.

Domat hätte mer elo emol de legislativen Deel vun eiser Aarbecht gemaach an de Paquet „Fonction publique“ wär hei an der Chamber akzeptéiert, votéiert a geet bei de Statsrot dann zrëck.

Voilà! Mir géifen dann nahtlos zu de Motiounen iwwergoen.

► **Une voix.**- D'Dispens vum zweete Vote?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Neen, d'Dispens ass gefrot. Ah, maacht mech elo net onsecher. Maacht mech...

#### (Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et ass alles an der Rei.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

### Motions relatives aux projets de loi n°6457, n°6458, n°6459, n°6460, n°6461, n°6462, n°6463 et n°6465

Also, da géife mer zu de Motiounen iwwergoen. Zu enger spezifescher oder...

#### (Interruptions diverses)

Gutt. Also mir fuere schéin der Rei no. Fir d'Éischt déi éischt Motioun, déi abruecht ginn ass vun der CSV. An do hunn ech direkt eng Wuertmeldung vum Fraktiounschef vun der CSV. Den Här Wiseler.

### Motion 1 de Mme Octavie Modert (projet de loi n°6459), motion 4 de M. Fernand Kartheiser et motion 6 de M. Justin Turpel (projets de loi n°6457, n°6458, n°6459, n°6460, n°6461, n°6462, n°6463 et n°6465)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Just fir ze soen, mir hunn och déi Motiounen duerno gelies an déi Motioun, déi vun de Majoritéitsparteien - d'Motioun 3 - erabruecht ginn ass, géif ech froen, ob ee kéint déi zesumme mat där heiten traitéieren, well et awer inhaltlech méi oder wéineger datselwecht ass.

Wann Der mer dat erlaabt, Här President, géif ech nämléich gär eng Proposition maache vu Modifikatioun vun der Motioun 3, déi eis et géif erlaben, d'Motioun 1 zrëckzezéien. Ech wëll lech net an dese Stonnen, no deene ville Votten, ze vill duerchernee bréngen, mä ech mengen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Neen. Also, wann hei Brécke gebaut ginn, da sinn ech ni deen, deen dat verhénnert.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech géif da proposéieren, mir kéinte mat der Motioun 3, dat heescht mat der Motioun vun der Majoritéit liewen, wann eng Modifikatioun vun deem leschten, deem zweeten „invite“ géif gemaach ginn. An deelweis dat, wat mir an eisem zweeten „invite“ och drastoen hunn, ech géif et virlesen, wéi ech et géif proposéieren.

Dat heescht, an der Motioun den zweeten „invite“: «à prendre, le cas échéant, les initiatives législatives et/ou réglementaires nécessaires afin de» an dann de Rescht vum Saz ewechgestrach an iwwerhuelen: «afin de proposer une solution adéquate pour les cas de rigueur, tout en s'assurant que la solution ainsi proposée ne rompe pas la philosophie de la réforme».

Dat wär fir mech eng Proposition, déi eis et géif erlaben, déi éischt Motioun zrëckzezéien, wann dat an där drëtter géif akzeptéiert ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Also, fir d'Éischt d'Auteure vun där Motioun, déi beträff sinn. Den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här President, mir kënnen domadder averstane sinn, wann domadder, wéi gesot, déi éischt Motioun dann zrëckgezu gëtt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Voilà! Da géife mer elo net iwwert déi... Jo, den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, ech soen lech Merci, och den Här Wiseler a Bodry. Wat d'ADR ugeet, wäerte mir eis bei där Motioun enthalen, ganz einfach, well deen Text, dee mir als ADR proposéiert hunn, vill méi wäit geet. Ech mengen, mir hätte gär, dat wierklech déi Injusticien, déi et unni Zweifel gëtt, och redresséiert ginn.

Hei gëtt just gesot, et géifen der eventuell constatéiert ginn. Dat ass no all deene Rieden,

déi haut gehale gi sinn, einfach net realistesch an der Situatioun net ugemies!

Mir kënnen also dës Motiounen nëmme mat Enthaltung quittéieren an hoffen, dass eis ugeholl gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Merci, Här President. Déi Motioun vun de Majoritéitsparteien, hat ech jo scho virdu gesot, déi ass e bësse calquéiert op dat, wat mir als Motioun deenen anere Fraktiounen ginn haten, mat awer substanzialen Ennerscheeder.

Een Ennerscheid ass... Also, wou mer eis eens sinn, dat ass de Suivi vun der Mise en œuvre an de Bilan. Een éischten Ennerscheid ass deen, dass mir der Meenung sinn, dass au fur et à mesure missten dann déi Moosnamen och ergraff ginn, déi ee bräicht, fir kënnen direkt ze reagéieren. Dat ass an der Majoritéitsmotioun net dran. Ech wier frou, wann d'Majoritéit géif akzeptéieren, fir dat mat dran ze huelen: «de soumettre au fur et à mesure à la Chambre des Députés les propositions d'adaptations législatives nécessaires».

Dann deen zweeten Ennerscheid ass deen, dass mir proposéiert hunn, ee Bilan ze maachen no engem Joer, an d'Majoritéit proposéiert, ee Bilan ze maachen no zwee Joer. Dee Bilan zwee Joer ass d'autant, dass weit d'autant méi laang, well effektiv eng ganz Rei relativ krass Saache virleien, déi ee sollt léisen.

An deen drëtten Ennerscheid, deen ass awer geléist, wann dat ugeholl ass, wat d'CSV elo proposéiert huet, dass déi Cas de rigueur, dass déi sollen do berücksichtegt ginn. Dat Eenzegt, wat mer do net gefält, dat ass: «sans rompre avec la philosophie». Do kann ee villes dran interpretéieren. Mä domadder kéint ech nach liewen, wann d'Majoritéit déi aner zwou Saachen, den «au fur et à mesure» an «au plus tard dans un an» géif unhuelen, da géife mir eis Motioun zrëckzeien.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Neen, ech mengen, mir géifen dat net akzeptéieren, well soss, mengen ech, brécht och den Accord mat der CSV op deem anere Punkt. Duerfir géife mer do bei eisem Text bleiwen. An ech géif och, opgrond vum Artikel 87, froen, dass d'Motioun 3 vun der Majoritéit eng Prioritéit krit op déi aner Motiounen, déi déiselwecht Sujete behandelen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo. Ass d'Chamber domat d'accord? Musse mer do...?

#### (Assentiment)

Jo?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Do hätte mer dann awer gären e Vote doriwwer, well...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, iwwert d'Prioritéit?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...ech fannen et elo awer traureg, dass d'Majoritéitsparteien am Fong hei elo d'Motiounen vun der Opposition einfach iwwert deen dote Wee wëllen eliminéieren, well se net de Courage hunn, fir zu deene Motiounen do Furf hei ze bekennen.

#### (Brouhaha général)

Dach, et ass genau dat! Et ass genau dat, well Der net de Courage hutt,...

► **Une voix.**- Här Gibéryen, allez!

#### (Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir hutt net de Courage, fir zu deene Motiounen Furf ze bekennen. Duerfir frot Der lech elo d'Prioritéit. Mir hunn dat doten an der Vergaangenheet kennt. Do hu mer dat jo kennt?

► **Une voix.**- Jo!

#### (Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- An elo war et awer bei där neier Regierung Usus ginn, dass iwwer all Motiounen ofgestëmmt ginn ass...

► **Une voix.**- Wouhier!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...an datt net méi d'Prioritéit gefrot géif ginn.

► **Une voix.**- Wouhier, wouhier!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jiddwereen heibanne soll Furf bekennen zu deene Motiounen.





► **M. Alex Bodry** (LSAP).- D'Reglement gëtt applizéiert. Dir sidd President vun der Reglementskommissioun!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Heimadder dokumentéieren d'Majoritéitsparteien, datt se déi reell Problemer, déi entstinn, datt se déi net wëlle léisen.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

(Interruptions diverses)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Des gros mots, vum President vun der Reglementskommissioun!

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- D'Reglement, Artikel 87: Ech wier natierlech frou gewiescht, wa mer dat och bei Palästina ugewannt gehat hätten.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Jo, effektiv. Dann hätte mer net zwou kontradiktöresch Décioune geholl. Mä den...

(Interruption)

Et ass kloer. Neen, neen, mir sinn eis do eens, mir sinn eis do eens. Ech soe just, de 87 bezitt sech op d'Motioun du même objet oder du même sujet. An ech soe ganz kloer, datt bei eis de Sujet net deen nämlechten ass, well mir wierklech gär iwwert den „au fur et à mesure“ Propositionen hätte vun der Regierung. A mir hätte gären ee Bilan no engem Joer, deen dat wierklech an deem Zäitraum géif behandelen. An ech mengen, datt et een aneren Objet ass, an ech géif et och nëmme fair fannen, wann d'Chamber déi separat géif ofstëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, fir déi, déi den Artikel 87 net sollten auswenneg wëssen oder vläicht vergiess hunn, seet den Artikel 87: «Si la Chambre est appelée à se prononcer sur plusieurs motions ou résolutions traitant du même sujet...», schéngt deeselvechte Sujet ze sinn, och wann aner Konkursiounen doraus gezu sinn, «...elle décide au préalable de la priorité à accorder à l'une d'elles.»

Wat elo d'Motioun zu Palästina ugeet, muss ech soen, dass jiddweree beim Fale goe léiert an dass eben esou Saachen net zweemol virkommen. An duerfir, vu dass hei d'Demande gestallt ass iwwert d'Prioritéit... Här Bodry?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Mir missten eng Kéier preziséieren, wat fir Motioune heimader gemengt sinn, well et si jo nach méi Motioune do. Wéi ech dat gesinn, géif dat d'Motioun 4 vun der ADR betreffen a 5 a 6 vun déi Lénk. Dat sinn déi, déi am Fong déi dote Sujete behandelen.

► **Une voix**.- Jo, 4, 5 a 6.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Mir froen awer ganz aner Saachen.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Neen, neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also et sinn d'Motioun 4, 5 a 6, déi betraff sinn. Den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Neen, also et deet mer leed, d'Motioun 5 huet awer wierklech en anere Sujet. D'Motioun 6 kéint ech à la limite nach, do kéint een dat nach draliesen, mä d'Motioun 5 ass eng Kompromissmotioune par rapport zu de Carrièren, déi reklasséiert ginn, fir eng Kompromisspropositioun hei ofzestëmmen. Ech fannen, déi soll een do erausloossen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Also esou seriö soll mer awer bleiwen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- 4 a 6.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo, d'Argumentatioun liicht an. Also ass et d'Prioritéit tëscht 3, 4 a 6. Also stëmme mer elo of, wie fir d'Prioritéit ass. Et ass gefrot, der Motioune 3 d'Prioritéit ze ginn.

**Vote sur la priorité à accorder à la motion 3 modifiée**

Wien also mat där Proposition d'accord ass, stëmmt mat Jo, a wien net d'accord ass mat där doter Proposition, stëmmt mat Neen.

D'Ofstëmmung ass amgaangen. Sou, an elo ass d'Ofstëmmung eriwwer. Jo, si ass eriwwer.

58 Participatiounen un der Ofstëmmung: 54-mol Jo a 4-mol Neen.

Résultat définitif après redressement: la priorité pour la motion 3 modifiée est accordée par 55

voix contre 5 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Zeimet), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Soudass mer elo an der Situatioun sinn, dass mer keng Motioune 1 méi hunn, well déi zrëckgezunn ass, well e Kompromëss fonnt ginn ass, mä awer nach eng Motioune 2 hunn, a mer awer elo iwwer 3 geschwat hunn,...

(Hilarité)

...an da misste mer elo iwwert d'Motioun 3 ofstëmmen an d'2 iwwersprangen.

(Interruption)

Voilà!

(La motion n°1 de Mme Octavie Modert est retirée et les motions n°4 de M. Fernand Kartheiser et n°6 de M. Justin Turpel sont déclarées caduques.)

**Motion 3 modifiée de M. Yves Cruchten (projets de loi n°6457, n°6458, n°6459, n°6460, n°6461, n°6462, n°6463 et n°6465)**

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Déi modifizéiert Versioun vun der 3.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo. Dat wär jo dann elo d'1.

(Hilarité générale)

**Motion 3 modifiée**

La Chambre des Députés,

- vu le paquet législatif en matière statutaire et salariale dans le secteur public déposé à la Chambre des Députés en date du 26 juillet 2012, élaboré par le Gouvernement précédent sur base des accords signés avec la Confédération générale de la Fonction publique (CGFP) en date du 15 juillet 2011 et de l'avenant du 27 avril 2012;

- vu l'engagement du Gouvernement issu des élections du 20 octobre 2013 à respecter les accords conclus entre la CGFP et le Gouvernement précédent;

- vu l'accord conclu entre le Gouvernement et la CGFP en date du 31 mars 2014 visant à revoir certains points critiques de la réforme projetée, à savoir les dispositions concernant le système d'appréciation, le rapport d'expérience professionnelle, la mobilité des agents pendant le stage ainsi que la fixation des indemnités de stage;

- considérant les modifications apportées aux projets de loi initiaux, qui tiennent compte des remarques, recommandations et oppositions formulées par les différents intervenants dans la procédure législative dans leurs avis respectifs;

- vu l'étendue des réformes soumises au vote des députés en ce jour et l'impact divergent que ces dernières auront sur les différentes carrières dans la fonction publique;

- considérant que ces réformes permettront de moderniser l'appareil étatique et en même temps d'abolir certaines injustices et incohérences existantes au sein de la fonction publique;

invite le Gouvernement

- à suivre de près la mise en œuvre de la réforme et de dresser un bilan, deux ans après son entrée en vigueur;

- à prendre, le cas échéant, les initiatives législatives et/ou réglementaires nécessaires afin de proposer une solution adéquate pour les cas de rigueur, tout en s'assurant que la solution ainsi proposée ne rompe pas la philosophie de la réforme.

(s.) Yves Cruchten, Claude Adam, Gusty Graas.

Also, d'modifizéiert Motioune 3 steet zum Vote.

**Vote sur la motion 3 modifiée**

D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

55-mol Jo fir d'modifizéiert Motioune 3, 2-mol Neen an 3 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt (par Mme Cécile Hemmen), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Voilà, nodeem mer dann d'Motiounen 3, 4 a 6 an 1 evakuéiert hunn oder zrëckgezunn hunn, géife mer op d'Motioun N°2 goen.

► **Une voix**.- Richteg!

**Motion 2 de Mme Octavie Modert (projet de loi n°6459)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wuertmeldungen zur Motioune 2?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géife mer direkt iwwert d'Motioun 2 ofstëmmen.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

An d'Motioun 2 huet 25 Jo-Stëmme kritt, bei 32 Neen an 3 Abstentiounen. Domat wär d'Motioun 2 ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

**Motions 5, 7 et 8**

Da géife mer op d'Motioun 5 kommen. Dozou eng Wuertmeldung vum Auteur?

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech wollt just soen, den Här Turpel huet proposéiert, déi dräi Motioune beieneen ze presen-

téieren. Ech mengen, do géife mer em de Go ginn.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Merci. Ech hunn theoretisch nach bal eng Véirelstonn, mä ech wäert se awer net notzen.

(Hilarité)

Ech hätt léiwer méi Zäit gehat virdu fir d'Amendement, mä et ass egal.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, et verléiert een heiansdo vill Zäit, andeem een iwwert d'Zäit schwätzt.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Tjo.

(Hilarité)

Dat ass esou am Liewen.

Ech wollt d'Motioun 5 als Éischt virstellen. D'Motioun 5 geet ganz einfach dodrëms, fir ze soen: Kommt, mer sichen een Auswee aus deenen zwou géintiwwergestallten Haltungen vun de Berufssorgansatioune vun de reklasséierte Carrièren an der Regierung! D'Berufssorgansatioune vun de reklasséierte Carrièren, nach eng Kéier, dat sinn net nëmme d'Éducateurs diplômés a gradués, mä dat sinn och d'Infirmieren, dat sinn d'Maitres de cours, Ingenieuren an esou weider an esou fort.

Dir kennt, Dir wësst, wou den Ënnerscheid läit. Ech mengen, dat ass an der Zwëschenzäit elo hei kloer genuch ervirkomm. D'Regierung seet, mer ginn hinnen déi nei Carrière, mer ginn hinnen de Grad, mä am Échelon bleiwe se elo emol direkt do ongeféier, wou se sinn. An d'Berufssorgansatioune soen, mir hätte gären net réckwierkend, mä ab elo hätte mer gären d'Anceinetéit souwuel fir de Grad wéi fir d'Échelon.

An d'Kompromësspropositioun ass déi, fir ze soen, wéi dat ganz dacks bei Kompromësser de Fall ass: Kommt, mir deelen d'Bier oder den Apel an der Mëtt a mer kucken, wat d'Differenz ass bei jiddwerengem tëscht dem Échelon, deen e krit laut Proposition Regierung a laut Proposition Représentation, also Berufssorgansatioune! A mer huelen d'Mëtt do dervun.

Mer rënnen dat zwar op op den nächsten Échelon, well mer musse bei engem Échelon sinn, éischten. Zweetens soe mer dann, fir datt déi Leit awer an engem absehbaeren Délai un déi Expektativ erukommen, déi se eigentlech zegutt hätten, datt déi Biennallen an deene Fall, wou se net un der Carrière dru sinn, datt do d'Biennallen net am Zweekjoresrhythmus, mä am Joresrhythmus erfalen. An dréttens, een, dee mat enger lwwergangszäit, déi ass jo hei allgemeng op fënnf Joer chiffriert ginn, net dodrunner ass, dee kritt dann awer a fënnf Joer spéitstens déi nei Carrière unerkannt.

Ech géif mengen, dat wier eng ganz valabel Proposition, fir ze soen, wéi een et kéint maachen. Natierlech kann ee mir elo virwerfen, ech hätt keng Fiche financière hei virgeluecht, fir dat ze evaluéieren. Ech wëll awer drun erënnere, datt Fiche-financière virleeën d'Aufgab vun der Regierung ass, entwerder beim Projet de loi, respektiv och... Neen, ouni dorobber wëllen ze polemiquéieren. Well ech weess, dat kënnt jo elo.

► **Plusieurs voix**.- Neen, neen.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Ech weess, dat kënnt jo elo. Den eenzelnen Deputéierten, deen en Amendement oder eng Proposition de loi mécht, huet net d'Méiglechkeet, fir d'Evaluation financière ëmmer ze maachen. Ech kann eng ongeféier maachen. Mä ech weess net, ob déi méi richteg ass wéi déi, déi vun der leschter Regierung gemaach ginn ass, oder wéi déi, déi dës Regierung wëllt maachen, well eigentlech keen der virgeluecht huet, déi ganz seriö sinn. Dat wollt ech soen.

An duerfir mengen ech, datt eng Gesellschaft wéi déi, wou mir sinn, déi och méi Recetten huet, wéi se am Fong geholl selwer gemengt hat, déi un eng Steierreform kënnt, wou hoffentlech och emol aner Leit belaaucht gi wéi déi, déi bis elo an der Vergaangenheet ëmmer belaaucht gi sinn, datt déi misst dat dote paken.

An deem Sënn géif ech d'Chamber bieden, fir deem Kompromëss zouzestëmmen, deen net jiddwereen dobaussen zefriddestellt, well een net direkt dat huet, wat ee gären hätt, mä dee menger Meenung no eng valabel Kompromëssléisung wier fir jiddwereen.

Déi zwou aner Motioune, 7 an 8.

D'Motioun Nummer 7. Dat sinn eng Rei Amendement, iwwert déi Der elo ofgestëmmt hutt. Heiansdo... Jo, also ech hunn dat mat Interesse beobacht, wéi ofgestëmmt ginn ass. Ech hunn och mat Interesse beobacht, wéi mer an der Kommissioun doriwwer diskutéiert hunn. Ech





huelen einfach elo emol zwee Amendementer eraus, déi eppes heimadder ze dinn hunn.

Et war een Amendement do, wat gesot huet, wann eng Description de poste gemaach gëtt, da soll d'Personaldelegatioun pour avis gefrot ginn. Dat ass ofgelehnt ginn, hei an och an der Kommissioun. An der Kommissioun mam Argument, dat géif souwisou just de Chef de service eppes ugoen.

Et war een Amendement hannendrun, wat gesot huet, d'Organigrammer, d'Aarbechtsprogrammer an esou weider, déi solle mam Personal a mat der Personaldelegatioun beschwat ginn. Dat ass ofgelehnt ginn an der Kommissioun mam Argument, dat wier jo evident, datt een dat géif mat deenen zesummen diskutéieren.

Ech muss awer elo soen, d'Beschreibung vun de Posten an deem éischten Amendement, wat ech elo gesot hunn, ergëtt sech menger Meinung no aus den Aufgabe vun der Delegatioun, wéi se am Artikel 36 drasteet. Wou kann een da soen, dat ass dem Chef de service eleng seng Saach, do gëtt d'Delegatioun net gefrot?

Natierlech ass et seng Attributioun, fir se festzeleeën, mä et gëtt vill Saachen, wou et eng Attributioun ass vum Chef de service, fir et festzeleeën, wou een awer seng Delegatioun soll consultéieren, well dee Sozialdialog wichteg ass an engem Betrib. An dat stëmmt doudsicher par rapport zur Postebeschreibung a par rapport zu Prozeduren an, wéi et eben am Artikel 36 steet, allgemeng zu de Questions d'organisation de service.

An ech mengen, do ass viles onkloer. Et kann een net eng kéier soen, et ass evident, an déi aner kéier soen, et kéint net a Fro. An duerfir mengen ech, datt et wichteg ass, datt mer déi Rechter vun den Delegatiounen preziséieren.

Déi zweet Saach, déi mer muss preziséieren, dat ass, datt mer trotzdeem zu Lëtzebuerg do an engem Cas unique sinn am Artikel 36, wou mer higinn a soen: An all Betriber zu Lëtzebuerg iwwer 15 Leit ginn op eng demokratesch Aart a Weis Delegatiounen gewielt. Do huet jiddweree Wahlrecht, deen eng gewëssen Zäit am Betrib ass an deen e gewëssen Alter huet, ausser beim Stat. Et ass och bei de Gemengen esou, et ass bei der Eisebunn esou an et ass am ganze Privatsektor esou.

Beim Stat ass et net esou. Beim Stat gi mer hin am Artikel 36 a mer soen, eng Association professionnelle, wa méiglech am Numm vun enger Carrière, ka vum Minister als Représentant du personnel agréiert ginn, an dann ass hire Comité d'Représentation du personnel. An dee Comité gëtt wuelverstane gewielt vun deene Membere vun där Association professionnelle, an net vun deenen, déi net an enger Gewerkschaft sinn.

Mir sinn do an engem Unikum zu Lëtzebuerg, datt ee muss an enger bestëmmter Association professionnelle sinn, déi vum Minister agréiert ass, fir kënne säi Représentant ze wieren. An ech mengen, datt mer solle seriö driwwer nodenken, ob mer net och beim Stat sollen demokratesch fräi gewielten Delegatiounen aféieren, wou natierlech all Gewerkschaft an all Associatioun seng Lescht ka presentéieren, mä wou jiddwereen, deen eng gewëssen Zäit am Betrib ass, matwielt, onofhängeg dovunner, ob en an a wéi enger Gewerkschaft oder Association datt en organiséiert ass.

Ech géif mengen, et wier un der Zäit, datt ee géif driwwer diskutéieren. Ech weess, datt déi lescht Regierung och schonn driwwer diskutéiert hat, et falegelooss huet. Mä ech mengen, et wier un der Zäit, datt mer eis dat dote géife seriö iwwerleeën.

An ech wëll hei ganz kloer soen: Dat ass net géint ee gericht, och net géint eng bestëmmten Associatioun oder een Daachverband vun Associatiounen, déi de Moment do d'Personal representéieren. Well ech sinn iwwerzeegt, datt déi, déi representativ sinn, aus deene Wahlen och wäerten ervirgoen. Dat gesi mer och am Gemengesektor, dat gesi mer bei der Eisebunn. Dat ass iwwerhaupt kee Problem. Dat wäert beim Stat och de Fall sinn. Duerfir wier ech... An de Sënn vun der Motioun ass deen, fir ze soen, ob d'Regierung net soll legislativ Propositione maachen, fir dat ze erreechen.

Ech sinn awer d'accord, wann hei eng Bereetschaft ass bei der Chamber a vläicht och bei der Regierung, fir ze soen: Dat doten, dat ass eppes, wou ee seriö soll driwwer diskutéieren, wat ee sech wierklech muss iwwerleeën, fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, a fir do kënne eng seriö Diskussioun driwwer ze féieren. Domadder wier ech d'accord, wann de Soupçon vu Bereetschaft do ass, fir déi Problematik do wierklech seriö ze diskutéieren.

An déi lescht Motioun, déi betrëfft dat, wat mer virdrun och schonn ugeschnidden haten: Mat wem gëtt verhandelt am öffentlechen Déngscht? Dir wësst, et ass eng Praxis vun den 80er Joren un, datt just mat der nationalrepresentativer Gewerkschaft vum Stat verhandelt gëtt fir dee ganze Secteur public. A mat där Gewerkschaft - ech nenne se mam Numm, well jiddweree weess, ëm wien et geet, et geet ëm d'CGFP - gëtt verhandelt, fir de Stat, fir d'Eisebunn, fir d'Gemengen, an indirekt och fir de Secteur assimilé.

An ech hunn näischt dergéint, datt mat der CGFP verhandelt gëtt, loin de là. D'CGFP ass absolut representativ beim Stat an ech sinn iwwerzeegt, datt wa mer d'Wahrscheinlechkeeten déi waren, vun de Chambres professionnelles an déi nächst, datt dat sech och wäert bestätegen.

Also, an deem Sënn riicht dat dote sech och net géint d'CGFP. Mä et ass awer ganz kloer, datt d'CGFP net representativ ass sektoriell fir d'Gemengebeamten, a se ass net representativ sektoriell fir d'Eisebunn. Op der Eisebunn ass et bis dato de Landesverband an de Syprolux, a bei de Gemengen ass et bis dato d'FGFC an de Landesverband. An ech mengen, dat ass eng Praxis, déi een net esou soll bäibehalen, esou wéi et beim assimiléierten Secteur den OGB-L an den LCGB ass, wéi bei den Aarbechter a beim Stat och.

An duerfir proposéiert déi Motioun, fir dat ze iwwerdenken, awer och aus enger Ursach eraus, déi ech virdu schonn an engem anere Punkt ugeschnidden hunn: Dat ass d'OIT-Konventioun 151. D'OIT-Konventioun 151 seet ganz kloer, datt d'Verhandlung muss stattfanne mat all Organisatioun, déi d'Personal representéiert.

A fir elo ze soen, de Landesverband oder d'FGFC géifen d'Eisebunner oder d'Gemengebeamten net representéieren, oder den OGB-L oder den LCGB géifen d'Aarbechter net representéieren, ech mengen, dat mécht keen hei. An dowéinst mengen ech, wa mer wëlle raisonnablement do virgoen, wa mer wëllen déi Konventioun, déi mer ënnerschriwwen hunn, selwer respektéieren, ouni elo hei Chaos ze maachen - et geet jo net drëm, fir déi Verhandlung elo opzesplittieren op véier, fënnf verschidde Verhandlungen -, gëtt et déi Méiglechkeet, déi schonn dacks diskutéiert ginn ass a proposéiert ginn ass, fir ze soen: Kann een net eng global Verhandlung maache fir de gesamte Secteur public, wou all déi Gewerkschaften, déi representativ sinn - dat sinn och déi, déi 2010 vum Här Biltgen a vun der Madame Modert op de Kirchberg ageluude gi waren, fir d'Reform virzustellen -, wou een all déi un Dësch huet, mengetwegen och op der Patronatssäit, de Syvicol an déi Organisatiounen, an den Detail vun deem, wat do als Enveloppe ausgehandelt gëtt, gëtt dann an deenen eenzelne Beräicher - beim Stat mat der CGFP, bei de Gemenge mat der FGFC a mam Landesverband; also iwwerall mat deenen, déi representativ sinn - ëmgesat?

Ech mengen, datt dat wierklech och vläicht méi eng déif Diskussioun wäert ass, notament och d'Iwwerprüfung, ob déi Praxis, déi mir hunn, iwwerhaupt nach konform ass zu der OIT-Konventioun. An duerfir, och op deem Punkt wier ech bereet, wann eng Bereetschaft do ass, fir dat seriö ze iwwerprüfen, fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, fir datt een eng kéier kéint seriö driwwer diskutéieren.

Am Résumé mengen ech, datt mer déi Komproméssléisung fir déi Carrières reclassées, Komproméss zwëschen den Associations professionnelles an der Regierung, hei sollen unhuelen. A wann d'Bereetschaft do ass fir déi aner zwee Punkten, demokratesch fräi Wahlen beim Stat souwéi an deenen anere Secteuren, plus wéi d'Verhandlung sollen an Zukunft lafen, fir déi an der Kommissioun eng kéier seriö ze diskutéieren.

Ech géif lech Merci soen dofir.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Weider Wuertmeldungen zu deene Motiounen? Et ass eng Proposition komm vum Auteur.

Ah, den Här Kartheiser, dann duerno den Här Minister.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här Präsident, ech soen dem Här Turpel Merci fir déi Presentatioun, déi en eis gemaach huet. Wat d'Motioun 5 ugeet, kann ech am Numm vun der ADR soen, datt mir déi wäerte matdroen. Mir hu jo als ADR gefuerdert eng Motioun, iwwert déi leider net ofgestëmmt ginn ass, datt mer sollen deene Leit dat ginn, wat hinnen zousteet, dat heescht, déi komplett Anciennetéit. Dat heiten ass elo e Schrëtt an déi richteg Richtung a mir droen dat dowéinst och ganz gär mat.

Mir haten och gefuerdert, datt d'Regierung sollt déi verschidde Propositione chiffréieren.

Dat heescht, si soll eis déi Zuelen emol endlech ginn, datt mer kéinten ofschätzen, wat de Redressement vun deenen Ongerechtegkeeten, déi mer elo hunn, vun deenen Härtefäll, wat dat géif kaschten. Och dat heiten ass eppes, wat den Här Turpel gesot huet. En huet gesot, et wär net un hinnen, fir dat ze chiffréieren, et wär un der Regierung. Dat gesi mir och esou. Mir wäere frou, wa mer déi Ziffere kéinte kréien. Wéi gesot, mir droen dat hei, also d'Motioun 5, als ADR gär mat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Keng weider Wuertmeldungen aus eise Reien. Dann den Här Minister.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Jo, Här Präsident, ech mengen, d'Chamber huet elo viru Kuerzem an engem laangen Akt eng ganz Rei vu Gesetzer hei ofgestëmmt. An ech mengen, mir hunn iwwert déi Saachen, déi elo an dese Motiounen ervirbruecht ginn, des Laangen an des Breeden diskutéiert an d'Chamber huet viru Kuerzem tranchéiert.

Ech géif et e bësse komesch fanne vun der Approche hier, wa mer dat, wat mer elo virun enger hallwer Stonn hei ofgestëmmt hunn, elo schonn erëm géifen a Fro stellen. Dofir kann ech am Numm vun der Regierung mat där éischter Motioun mech net onbedéngt averstanen erklären.

Bei där zweeter ass et déi nämlecht Geschicht. Do hu mer och hei des Laangen an des Breeden driwwer diskutéiert. D'Rechter vun der Delegatioun sinn an dese Gesetzer, déi mer elo verabschit hunn, ganz kloer definéiert ginn, hunn och bis elo an der Praxis nach ni Ulass ginn zu Kritik. Ech mengen, all déi Delegatiounen, déi beim Stat do sinn, hunn déi Rechter, déi se brauchen, fir hir Aarbecht kënne anstänneg ze maachen.

Wéi gesot, et ass elo grad vun der Chamber ofgestëmmt ginn, an ech géif et komesch fannen, wann elo an enger Motioun déi Ofstëmmungen, déi mer elo geholl hunn, erëm eng kéier géife kuerz drop a Fro gestallt ginn.

Wat déi drëtt Problematik ugeet vun der Verhandlung: Et ass effektiv wouer, mat der CGFP ass verhandelt ginn, mä dat huet d'Regierung nach ni dru gehënnert, och eng ganz Rei vu Consultatiounen mat allen anere Gewerkschaften ze féieren, déi an der Fonction publique aktiv sinn. Och deenen hir Meinung ass an diesen Accord mat agefloss an dat wäert an Zukunft och net anescht sinn.

Ech mengen also net, dass mer déi Motioun do mussen unhuelen, well mer géifen do oppen Dieren arennen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà. Et war nach d'Proposition do, fir eng vun de Motiounen an d'Chamberskommissioun ze transferéieren. Dat schéngt net op Géigeléift ze treffen.

Da géife mer iwwert d'Motiounen ofstëmmen.

**Motion 5 de M. Justin Turpel (projet de loi n°6459)**

Fir d'Éischt iwwert d'Motioun N°5.

**Vote sur la motion 5**

D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

55 Deputéierten hu sech géint d'Motioun ausgeschwatt a 5 derfir, soudass d'Motioun N°5 verworfen ass.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

**Motion 7 de M. Justin Turpel (projet de loi n°6457)**

Dann d'Motioun N°7.

**Vote sur la motion 7**

D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 55-mol Neen, 3 Abstentiuonen. Domat ass d'Motioun N°7 ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Diane Adehm), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

**Motion 8 de M. Justin Turpel (projet de loi n°6457)**

An da bleift d'Motioun N°8.

**Vote sur la motion 8**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 55-mol Neen, 3 Abstentiuonen. Domat wär och déi lescht Motioun ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet; MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).


Mir bleift da just nach Merci ze soe fir déi gutt Diskussiounen, déi mer de Mëtten haten. Merci deene successive Regierungen, déi un deenen Texter geschaff hunn, a virun allem och eise Responsabelen an der Kommissioun, ob dat déi politesch Responsabel sinn oder d'Personal, fir déi exzellent Aarbecht. A selbstverständlech och Merci gesot, zwar net fir d'Begleitmusek, mä awer fir déi disziplinéiert Manifestatioun virun der Dier, do wou ee selbstverständlech hei zu Lëtzebuerg ee Privileg huet.

Merci gesot. An da wënschen ech lech gutt heemzekommen a ginn lech Rendez-vous fir den 28., 29. an 30. Abrëll. Merci lech alleguer.

An domat ass d'Sëtzung eriwwer.

**(Fin de la séance publique à 20.59 heures)**





## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 3. 6797 - Proposition de loi relative à l'assistance médicale à la procréation

- Déclaration de recevabilité

### 4. Ordre du jour

- M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Gast Gibéryen

- Vote sur l'ordre du jour (adopté)

### 5. Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar

- M. Laurent Mosar, M. Marc Angel, M. Laurent Mosar, M. Fernand Kartheiser, Mme Viviane Loschetter, M. Eugène Berger, M. Serge Urbany, M. Marc Angel (renvoi de la résolution en commission)

### 6. Heure de questions au Gouvernement

Question n°99 du 27 avril 2015 de M. André Bauler relative à la maintenance des tunnels au Grand-Duché, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- M. André Bauler - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question n°100 du 28 avril 2015 de M. Marco Schank relative à la tarification transfrontalière avec la Belgique en matière de transports en commun, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- M. Marco Schank - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question n°101 du 28 avril 2015 de M. Roger Negri relative aux conditions d'admission des écoles européennes, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- M. Roger Negri - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°102 du 28 avril 2015 de M. Gast Gibéryen relative au chômage des jeunes, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- M. Gast Gibéryen - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Question n°103 du 28 avril 2015 de Mme Joëlle Elvinger relative aux travaux dans le cadre de la mise en place du «Groupe des pensions», adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

- Mme Joëlle Elvinger - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

Question n°104 du 28 avril 2015 de M. Laurent Zeimet relative à la nouvelle organisation des fabriques d'églises, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- M. Laurent Zeimet - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur

Question n°105 du 28 avril 2015 de M. Max Hahn relative à d'éventuelles modifications de PAP suite à l'arrêt de la Cour administrative en date du 12 février 2015 (PAP «Am Pecher»), adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- M. Max Hahn - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur

Question n°106 du 28 avril 2015 de Mme Martine Hansen relative au démantèlement d'un réseau de trafic de viande de cheval, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- Mme Martine Hansen - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Question n°107 du 28 avril 2015 de M. Henri Kox relative au projet de nouvelle centrale nucléaire «Hinkley Point C», adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- M. Henri Kox - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement

### 7. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller à la Cour des Comptes

- Vote sur le premier candidat

- Vote sur le deuxième candidat

- Vote sur le troisième candidat

### 8. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État

- Vote sur le premier candidat

- Vote sur le deuxième candidat

- Vote sur le troisième candidat

### 9. Question élargie n°5 de M. Gérard Anzia relative à l'Office National du Tourisme

- M. Gérard Anzia - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie

### 10. 6796 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Franz Fayot

- Discussion générale: Mme Joëlle Elvinger, Mme Viviane Loschetter

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi

### 11. Interpellation de M. Justin Turpel sur «LuxLeaks»

- Exposé: M. Justin Turpel (dépôt d'une motion et d'une résolution)

- Débat: M. Laurent Mosar, M. Eugène Berger, M. Franz Fayot, M. Henri Kox, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (M. Justin Turpel intervient)

- Motion 1: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Alex Bodry

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

- Vote sur la résolution 1 (rejetée)

### 12. 6796 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 (suite)

- Dispense du second vote constitutionnel

### 13. Hommage à M. Justin Turpel

- M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Justin Turpel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Pierre Gramegna, Dan Kersch, Claude Meisch et Mme Carole Dieschbourg, Ministres; Mme Francine Closener et M. Marc Hansen, Secrétaires d'État.

**(Début de la séance publique à 14.32 heures)**

## 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- E schéine gudde Mëtteg. Ech maachen heimat d'Sézung op. An déi éischt Fro traditionell: Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

► **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Neen, Här President, dat ass net de Fall.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci, Här Statsminister.

## 2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen an den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sézung...

Wann ech gelift! D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sézung an der Administration deponéiert gi sinn, gouf de Fraktiounen zougéckéiert.

3) An d'Lëscht vun den neie Petitiounen ebenfalls.

**Communications du Président - séance publique du 28 avril 2015**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

**6798** - Projet de loi portant approbation

1. de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des États-Unis d'Amérique en vue d'améliorer le respect des obligations fiscales à l'échelle internationale et relatif aux dispositions des États-Unis d'Amérique concernant l'échange d'informations communément appelées le «Foreign Account Tax Compliance Act», y compris ses deux annexes ainsi que le «Memorandum of Understanding» y relatif, signés à Luxembourg le 28 mars 2014

2. de l'échange de notes y relatives

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 27.03.2015

**6799** - Projet de loi modifiant

1) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

2) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions

dirigeantes dans les administrations et services de l'État

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 27.03.2015

**6800** - Projet de loi concernant les ascenseurs et les composants de sécurité pour ascenseurs et modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 31.03.2015

**6801** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à des missions d'observation de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe d'élections présidentielles, parlementaires ou municipales en 2015

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 10.04.2015

**6802** - Projet de loi portant approbation de la Convention en matière de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Albanie, signée à Luxembourg, le 27 octobre 2014

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 15.04.2015

**6803** - Projet de loi portant modification de l'article 161 du Nouveau Code de procédure civile

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 17.04.2015

**6804** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 13 mai 2008 portant création d'une École préscolaire et primaire de recherche fondée sur la pédagogie inclusive

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 20.04.2015

**6805** - Projet de loi portant

1. transposition de la décision 2009/426/JAI du Conseil du 16 décembre 2008 sur le renforcement d'Eurojust et modifiant la décision 2002/187/JAI instituant Eurojust afin de renforcer la lutte contre les formes graves de criminalité,

2. modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 27.04.2015

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:



*Demande de pétition publique n°498 - Établissement d'un barème officiel de toute prestation d'un avocat*

Dépôt: 23.03.2015 par M. Théodore Bradara

*Demande de pétition publique n°499 - Herbicide cancérigène probable: Le Luxembourg doit prendre des mesures immédiates de retrait des pesticides à base de glyphosate*

Dépôt: 27.03.2015 par M. Pietro Fornara

*Demande de pétition publique n°500 - Construction d'un P&R sur les friches de l'ARBED à Rodange à l'identique de celui de Hollerich*

Dépôt: 30.03.2015 par M. Benoît de Vleeschouwer

*Demande de pétition publique n°501 - Pour un aménagement adapté des infrastructures routières bordées d'arbres ou autres obstacles similaires*

Dépôt: 07.04.2015 par M. Ivan Stupar

*Demande de pétition publique n°502 - Interdiction de la vente des produits alimentaires et autres qui ne correspondent pas aux droits humains des hommes - Verbuet vum Verkaf vu Liewensmëttel an anere Produiten, déi géint Mënscherechter verstoussen*

Dépôt: 10.04.2015 par M. Philippe Waxweiler

*Demande de pétition publique n°503 - Introduction de la carrière du Bachelor au sein de la fonction publique*

Dépôt: 05.04.2015 par Mme Cheryl Ury

*Demande de pétition publique n°504 - Pour le remboursement du lecteur de glucose en continu pour les patients insulino-dépendants*

Dépôt: 20.04.2015 par Mme Elizabeth Correia de Sousa

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. 6797 - Proposition de loi relative à l'assistance médicale à la procréation

#### Déclaration de recevabilité

An hiner Réunion vum 23. Abrëll 2015 huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6797 iwwert déi medezinesch assistéiert Procréation ausgeschwat. Déi Proposition gouf de 24. Mäerz vum Här Fernand Kartheiser deponéiert.

Ass d'Chamber mam Virschlag vun der Präsidentekonferenz d'accord?

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

**(La proposition de loi n°6797 est renvoyée à la Commission juridique.)**

### 4. Ordre du jour

D'Präsidentekonferenz huet dann e Projet d'ordre du jour un d'Fraktioun geschéckt.

Zu der Proposition vun der Präsidentekonferenz: den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, esou wéi ech et an der Präsidentekonferenz schonnoncéiert hat an och duerfir an der Präsidentekonferenz net dem Ordre du jour zougestëmmt hunn, hunn ech d'Wuert elo hei gefrot fir ze erklären, firwat datt dat de Fall ass. An zwar hu mer haut als drëtter Punkt um Ordre du jour d'Opstellung vun enger Lëscht vun dräi Kandidaten fir e Poste, dee vakant ginn ass am Conseil d'État.

Ech mengen, jiddere versteet, wann ech haut hei d'Wuert ergräifen, well dat an der Vergaangenheet och bei dësem Punkt all Kéiers de Fall war, och wann et de Risiko ass, datt ech mech haut wäert widderhuelen. Mä vu datt d'Situatioun net geännert huet, wäert och meng Interventioun net änneren.

Ech mengen, mir diskutéiere scho jorelaang hei iwwert d'Prozedur, wat d'Zesummesetzung vun der Nominatioun, wat d'Zesummesetzung vun dem Conseil d'État ubelaangt. Mir wëssen, datt dat op engem Arrangement an der Vergaangenheet berout tëschen deenen dräi Parteien, wéi dat fréier de Fall war, der CSV, der LSAP an der DP, déi sech eens gi waren eng Kéier, wéi d'Verhältnis tëschen deenen dräi Parteien sollt am Conseil d'État sinn.

Duerno sinn eis gréng Kolleegen mat bäikomm, andeem si och ee Member an de Conseil d'État ginn hunn. Dunn huet dat Arrangement also

net méi aus dräi, mä aus véier Parteien bestanen. Et ass also eng parteipolitesch Zesummesetzung vun dem Conseil d'État, wou véier Parteien Leit ofwiesselnd oder am Verhältnis nominéieren, wéi se an de Conseil d'État kommen.

Mir hunn och näischt dergéint, datt dat eng parteipolitesch Nominatioun gëtt, mä mir soe just, wann dat esou ass, da misst dem Wielerwëlle Rechnung gedroe ginn. An an dësem Fall ass dat net geschitt, well hei dem Wielerwëllen net Rechnung gedroe gëtt. Wann dem Wielerwëlle Rechnung gedroe géif ginn, esou wéi d'Chamberswahlen dat ausweisen, da misst d'ADR mindestens eeg, wann net zwee Memberen am Conseil d'État hunn, an och eis Léin Kolleegen hätte Recht op e Member am Conseil d'État.

An der Regierungserklärung vun der neier Regierung ass och eng Reform vum Conseil d'État ugekënnegt ginn. Den Här Statsminister huet och d'lescht Joer am Hierscht den eenzelne Parteien e Questionnaire zoukomme gelooss, wou eng Rei vu Froen gestallt si ginn, wéi ee géif déi Reform - déi eenzel Parteien - gesinn. An d'Parteien hunn dat och bis zum 31. Dezember gemaach. An och an deem Questionnaire war d'Fro gestallt iwwert d'Zesummesetzung vun dem Conseil d'État.

D'CSV huet do an hiner Äntwert vun enger „repräsentativité équilibrée“ geschwat. D'LSAP huet vun „certain équilibre“ geschwat. An déi gréng hunn am Fong gesot, datt déi Parteien oder Gruppen, déi sous-représentés hei an der Chamber, am Conseil d'État wieren, datt déi missten e Poste oder deementsprechend Posten am Conseil d'État kréien.

Vum Projet de loi, op dee mer awer hei waarden, hu mer zënterhier näischt méi héieren. An de Verdacht läit duerfir op der Hand, well eben elo grad eng ganz Rei vu Posten am Conseil d'État mussen ersat ginn, datt d'Strategie elo déi ass, datt mer fir d'Eischt dann elo laut deem ale System, laut deem alen Arrangement déi Poste besetzen an datt eben do hannendrun et dann eng Kéier eng Reform gëtt, déi vläicht jidderengem da Satisfaktioun gëtt, mä da sinn d'Poste fir eng ganz Rei vu Jore besat.

Och den Här Statsminister huet hei a senger Regierungserklärung gesot, datt d'Regierung géif beabsichtigen, fir eben eng Reform vum Conseil d'État an dëser Legislaturperiode ze maachen. An do besonnesch huet en d'Nominierungsprozedur hei bei der Deklaratioun vun der Regierungserklärung zu deem dote Punkt gesot. Mir stellen also haut fest, datt déi Regierung elo bal zwee Joer am Amt ass, datt an där doter Hinsicht näischt geschitt ass an datt elo weiderhin déi Posten esou benannt ginn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Här President, ech wëll mech am Fong duerfir haut de Wiederer vum Här Bausch a vum Här Bettel uschléissen, an zwar deenen, déi si zwee hei am Oktober 2012 gesot hunn, wéi se nach an der Opposition waren hei an der Regierung (veuillez lire: hei an der Chamber) mat eis zesummen a wéi och Nominatiounen gemaach gi sinn a wou am Fong deemools souwuel d'DP wéi och déi gréng mat där Prozedur net averstane waren. A si zwee, den Här Bettel an den Här Bausch, hunn deemools dat gemaach, wat ech elo haut hei och erëm eng Kéier maachen a soen: Mir verlaangen, datt de Punkt vum Ordre du jour erofgeholl gëtt, bis eben déi nei Nominierungsprozedur an engem Gesetz festgeschriwwen ginn ass.

Duerfir, mat allem, wat ech elo am Fong soen, kann ech mech zu 100% uschléissen, wann ech déi Häre Bausch a Bettel - erlaabt mer, datt ech déi nach eng Kéier, ech hunn et scho gemaach, mä et kann een et net dacks genuch maachen, datt een nach eng Kéier hei ernimmt, wat déi...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech wëll lech just drop opmierksam maachen, dass déi fënnf Minutten ofgelaf sinn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, da maachen ech dat kuerz: Op jidde Fall, den Här Bettel huet hei eng fundamental Ännerung gefuerdert an en huet geschwat vun „Ontransparenz“, vun „Ondemokratie“, an datt d'DP net méi géif un engem Vote deelhuele fir d'Nominierungen an datt si souguer géifen déi nächste Kéier de Sall verlossen, wann dorunner sech näischt géif änneren. An datselwech huet den Här Bausch gesot, deen och gesot huet, dat wier ondemokratesch...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...an...

#### (Problèmes techniques de sonorisation)

...verloossen, wann et net vum Ordre du jour géif geholl ginn.

Duerfir, Här President, verlaangen ech am Numm vun der ADR, datt haut erëm eng Kéier gefuerdert gëtt, datt dee Punkt vum Ordre du

jour kënnt. Sollt dat net de Fall sinn, wäerte mir beim Vote wäiss stëmmen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dir bleibt am Sall setzen?

► **M. Serge Urbany (déi Léin).** - Här President, ech froen och d'Wuert zur Dagesuerdning.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, den Här Urbany huet direkt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mir bleiwen hei, fir datt eng Majoritéit ass heibannen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An elo huet just den Här Urbany d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mä den Här Bodry hat mech eppes gefrot.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, mä awer huet just den Här Urbany d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et war eng ganz gutt Fro.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Urbany.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et war eng ganz gutt Fro.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

#### (Hilarité)

► **M. Serge Urbany (déi Léin).** - Jo, ech froen d'Wuert, Här President, well ech och en Antrag hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, all Kéiers wann et hei drëm geet, fir erëm eng Kéier e Member an de Statsrot ze wieren, da fale meeschtens Kraaftausdréck. Dee Kraaftausdréck, deen am meeschten ëmmer gefall ass an der Zäit, dat war, et wier jo eng „Farce“. Deen Ausdréck ass, wéi gesot, gefall scho vum Här Bausch, vum Här Bettel, vum Här Gibéryen souwisou. Souguer d'leschte Kéier huet den Här Wiseler dat widerholl, well senger Meinung no d'CSV elo nëmme méi aacht Membere vun 21 Membere am Statsrot hatt.

Et gëtt gesot dacks, d'Geschicht géif sech als Farce widerhuelen. Ech fäerte just hei, déi ganz Geschicht ass eng Farce, zënter e puer Joer! An ech fannen et eigentlech ganz traureg, dass et ëmmer nëmme bei där Geschicht em eppes geet: Wien huet Accès zu deem Club fermé, dee sech Statsrot nennt?

Mir hunn als déi Léin de Statsrot ëmmer a Fro gestallt. Dee Statsrot ass, wéi der alleguerte wësst, entstanen aus engem Coup d'État vum Wëllem III. géint d'Revolutioun, géint déi demokratesch Revolutioun vum 1848. En ass haut nach ëmmer formell d'Instrument vun der Monarchie, déi een Drëttel vun de Membere nennt, dorënner och e Vertrieeder vum Haff, gewéinlech. D'Chamber selwer nennt nëmmer een Drëttel dovunner. An de Rescht geschitt duerch Kooptatioun an deem illustre Verain.

A Wierklechkeet ass awer dee Statsrot en zousätzlecht legislativt Instrument vun der Regierung a vun deene Parteien, déi traditionell an d'Regierung wëlle goen. Alles dréit sech am legislative Prozess em Avise vum Statsrot, deem seng Votte geheim sinn an deem seng Membere keng Rechenschaft schëlleg sinn.

Et ass scho laang versprach ginn, eng Reform vum Statsrot ze maachen. Déi Reform vum Statsrot ass och Deel vum Programm vun dëser Regierung. Mir selwer hunn och an deem Kader eis Virschléi agereecht. Mir hunn och nach eng Kéier an eiser alternativer Verfassung gesot, wéi mir d'Roll vum Statsrot gesinn. A wat méi konkret d'Besetzung ugeet, wëlle mer eischtens, dass eleng d'Chamber de Statsrot soll zesummesetzen, an zweetens, dass de Statsrot zur Halschecht och aus Vertrieeder vun der Zivilgesellschaft soll bestoen an zu där aner Halschecht aus Vertrieeder, wou all d'Parteien, déi an der Chamber vertritt sinn, e Virschlagsrecht hunn.

An - do divergéiert eis Meinung vun där vum ADR - a kengem Fall menge mir, dass et wichteg wier, dass de Statsrot och genau d'Zesummesetzung vun der Chamber a vun hirer Majoritéit erëmispigelt. An eise Virschlag kritt de Statsrot och iwwregens beschränkte Pouvoiren, op d'mannst zum Deel beschränkte Pouvoiren.

Mir stelle just fest, esou wéi och schon den Här Gibéryen virun eis, dass nach ëmmer dee laang versprachene Projet vun der Regierung net virläit. Trotzdeem nenne mer elo alt erëm eng Kéier fir 15 Joer en neie Member an de Statsrot. Et ass, wann ech richtig geziel hunn, schonn dee sechste Member ënnert dëser Regierung, dee fir 15 Joer gewielt gëtt. Zweek Membere sollen nach eng Kéier ersat ginn am nächste Joer. An e weidere Member soll nach eng Kéier ersat ginn am Joer duerno.

Dat heescht, da wieren am Ganzen néng nei Membere innerhalb vun e bësse méi wéi zwee Joer genannt ginn op laang Dauer, op 15 Joer

am Prinzip. Och wann all Parteien heibannen d'accord sinn, fir d'Mandatsdauer op zweief Joer erofzesetzen, mir wësse jo awer nach net, ob dat och géllt fir déi, déi elo genannt ginn, oder ob dat nëmme géllt fir déi, déi an Zukunft solle genannt ginn.

Virun engem Joer ass vun deene Gréng gesot ginn hei, mir kéinte jo roueg de Vertrieeder an de Statsrot wieren, deen deemools och e gréng Vertrieeder war - dee mir iwwregens och net a senger Persoun a Fro gestallt hunn, kengesfalls -, mir kéinten e roueg wieren, well dës Regierung géif jo am Contraire zu deene Regierung vu virdrun elo endlech seriö maache mat enger Reform vum Statsrot.

Mir hunn awer nach ëmmer näischt virleien, wëll ech nach eng Kéier hei widerhuelen. A wann een nach virun engem Joer e bësse Vertraue konnt hunn an d'Regierung, dass se och wierklech seriö mécht mat hirem Kapitel, dass se méi Demokratie wëllt an dass se e frësch demokratiesche Wand wëllt an d'Land eraloesen, da mengen ech, dann ass awer elo dat Vertraue fort, wéinstens elo de Moment.

Duerfir beantrage mir och, dass dee Punkt hei vun der Dagesuerdning geholl gëtt, soulaang net konkret de Projet fir d'Reform vum Statsrot virläit. A wann deen Antrag zur Dagesuerdning net ugeholl gëtt, da wäerte mir och net un deem Vote hei deelhuele.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Urbany. Mir sinn also mat zwee Anträge konfrontéiert, fir de Punkt, d'Désignatioun vun...

#### (Interruption)

Ah, den Här Statsminister.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Merci, Här President. Tatsächlech, dat wat den Här Gibéryen an och den Här Urbany gesot hunn, ass richtig. D'Regierung ass amgaangen, en neie Prozedere fir d'Nominatiounen vun de Membere vum Statsrot auszeschaffen.

Ech wëll just soen, dass eng Regierung fir fënnf Joer vum Parlament e Vertraue kritt huet an d'Deputéiert och fir fënnf Joer genannt gi sinn. An dass mer..., ech muss mech entschëllege bei der Opposition, wa mer nach net dee ganze Koalitionsaccord an deene 17 Méint, wou mer do sinn - an net zwee Joer, Här Gibéryen, esou wéi Dir et gesot hutt - duerkritt hunn.

#### (Interruption par M. Serge Urbany)

Jo, ech kann och net wéinst dem Kalenner, Här Urbany. Dir werft mir vir, et wieren elo sechs Membere. Wann ech lech géif nolauschten, dann hätte mer och déi sechs Membere net dierfen nennen, da wiere mer haut mat engem Conseil d'État do, deen net kéint schaffen a wou mer iwwerhaupt keng Gesetzgebung méi kéinte stëmmen. Ass dat dat, wat d'Opposition am léifste gären hätt?

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech muss lech soen, d'Regierung net!

Mir sinn hei amgaangen, an ech erlobe mer, Här President, ze zitieren, wat am Koalitionsaccord drasteet, an der Déclaration gouvernementale: «La procédure de nomination des membres du Conseil d'État ainsi que la question de la publicité de ses travaux seront examinées. La composition du Conseil d'État assurera une représentativité équitable des courants politiques siégeant à la Chambre des Députés. La durée du mandat sera ramenée à 12 ans.»

Déi Examinatiounszäit hu mir gemaach. An net méi spéit wéi nach virun e puer Deeg hunn ech mech mam President vun Ärer héijer Chamber zesumme getraff, och fir justement weider ze kucken, wéi mer un deem dote Projet solle schaffen. Mir hunn Är Propositionen och kritt, déi mer vun de verschiddene Fraktiounen erakritt hunn. Dir sidd lech net all eens op deene verschiddene Punkten och. Do gëtt et der, déi déi eng Richtung hunn. Déi eng, zum Beispill eng Partei, Här President, géif d'Zuel vun de Conseillere gären an d'Luucht setzen, déi aner net. Déi eng hätte gären iwwert d'Nominatioun, dass alles iwwert d'Chamber soll lafen, oder net. Dofir ass et wichteg, dass mer hei net iergendeen Projet iwwert de Knéi brieden, iwwer eng vun de wichtegsten Institutionen, déi awer un der Elaboration législative vun eisen Texter matschafft!

An dofir si mir an där Examinatiounszäit, also an där Examinatiounszäit gutt weiderkomm. Mir sinn am Moment..., mir hoffen, e Projet kënnen an deenen nächste Wochen oder Méint fäerdeg ze maachen. Eis dräi Generalsekretären, den Här Friesen, den Här Senninger an den Här Besch, sinn do awer amgaangen, nach Consultatiounen ze féieren. An dofir géif ech et net opportun fannen, virun allem och, well mer





eng Zuel hunn - an Dir wéist et jo och - an den Texter, wéi vill Juriste mer am Conseil d'État brauchen. Net dass de Conseil d'État op eng Kéier an eng Situatioun kënnt, wou en iwwerhaapt déi Konditioun, fir kënnen ze schaffen, och net méi erfëllt, mat der Zuel vu Juristen. Hei ass eng Proposition vum enger Partei komm, fir e Jurist och ze nennen. An ech mengen, et wier net opportu, Här President, elo dat dote, vum Ordre du jour - Dir sidd Maître vum Ärem Agenda -, mä et elo vum Ordre du jour ze huelen.

Ech huele just dat Engagement, wat och am Koalitiounsaccord steet, Här President: dass mir als Majoritéit eis engagéiert hunn, dass an dëser Legislativperiod déi Fro vun der Repräsentativitéit vun de Sensibilité-politicken, déi heibanne sëtzen, tranchéiert gëtt. Elo si Froen, ob dat elo just dës Legislativperiod ass, ob dat zwou Legislativperioden sinn, ob dat dräi Legislativperioden sinn. Kommt, mir loosse eis elo net presséiert an den Eck drécken, fir dann iergendwéi eppes iwwert de Knéi ze brieche, wou mer duerno méi Problemer hu wéi mat deem aneren.

Ech géif lech bieden elo, wann ech et fäerdegbréngen, wier ech frou, nach virun der grousser Vakanz e Projet kënnen ze déposéieren, soss bei der Rentrée, fir dass mer et fäerdegbréngen, do, wou scho Jorzéngte vun Injusticé geschwat gëtt, endlech da méi Transparenz och iwwert d'Arbechte vum Statsrot an och bei der Prozedur vun der Nominatioun ze bréngen an dat dote kënnen och an déi richteg Richtung ze bréngen.

A mir kommen dann och - dat, wat den Här Gibéryen gesot huet - an déi Richtung, dass och déi Parteien, déi... Dir hutt vu véier Parteien geschwat, hei si Parteien..., well et muss een emol d'Prozenter och nach rechnen, wéi déi Mode-de-calcullen och muss gemaach ginn. A gleef mer et, hei wier et wierklech kee gutt Zeechen, fir ze soen, elo blockéiere mer eng Nominatioun, wann Der elo eng Regierung hutt, déi wierklech wëllt an där doter Direktioun schaffen, déi Der alleguerten och heibanne gären hätt!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Statsminister. Den Här Gibéryen, dee Parole après ministre freet.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech si frou iwwert déi Deklaratioun, déi den Här Statsminister elo hei gemaach huet, déi och am Sënn ass vun deem, wat en am Kader vun der Regierungserklärung gemaach huet. An ech mengen, dass een awer muss soen, dass och elo déi Nominatioun geschéien opgrond vun engem Arrangement tëschent Parteien, ouni dass et duerfir eng legislativ Basis gëtt. Dat heescht, wann de politesche Wëlle wierklech besteet, fir och deem politesche Verhältnis, wéi et hei an der Chamber besteet, Rechnung ze droe bei den Nominatiounen, dann hätt een dat och elo scho kënnen maachen, ouni dass een en neit Gesetz huet.

Et kann ee sech also net hannert engem Gesetz verstoppen, well elo hu mer och schon Nominatiounen gemaach ouni gesetzlech Basis, wéi se gemaach ginn tëschent de Parteien. Dann hätt een also kënnen fairerweis soen: Och wa mer nach keen neit Gesetz hunn, mir kucken awer, dass dem Verhältnis tëschent den eenzelne Parteien bei den Nominatiounen Rechnung gedroen gëtt.

Dat ass dat, wat mer bedauern. Mir begréissen awer op där anerer Säit, dass d'Regierung de feste Wëllen huet, fir d'Gesetz ze änneren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech mengen, et ass alles gesot, an da géife mer zur Ofstëmmung iwwert den Ordre du jour iwwergoen.

**Vote sur l'ordre du jour**

Déi Kolleegen, déi mat der Proposition vun der Presidentekonferenz averstane sinn, déi stëmme mat jo. Déi Kolleegen, déi den Antrag vun dem Här Gibéryen respektiv dem Här Urbany géifen ënnerstëtzen, stëmme mat Neen.

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hu 56 Deputéierter, déi um Vote deelgeholl hunn. 51 si fir den Ordre du jour an där virgeschloener Form. 5-mol Neen.

Résultat définitif après redressement: l'ordre du jour est adopté par 53 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz,

Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Domat ass den Ordre du jour, esou wéi e vun der Presidentekonferenz proposéiert ginn ass, ugehall.

Dann hunn ech eng Demande fir den Dépôt vun enger Motioun vum Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert. Entschëllegt, vun enger Resolutioun.

## 5. Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Ech wëll effektiv hei am Numm vun menger Fraktioun eng Resolutioun zum Centenaire vum armenesche Génocide déposéieren.

### Résolution

*La Chambre des Députés,*

- considérant que l'année 2015 marque le centenaire du génocide arménien perpétré par l'Empire ottoman à partir de 1915;

- considérant qu'un nombre important et croissant de parlements à travers le monde, et notamment d'États membres de l'Union européenne, reconnaissent le génocide arménien comme génocide au sens de la Convention des Nations Unies sur la prévention et la répression du crime de génocide de 1948;

- considérant que le Parlement européen l'a reconnu en tant que tel dans sa résolution du 18 juin 1987, rappelée dans la résolution commémorative du centenaire du génocide arménien adoptée par le Parlement européen le 15 avril 2015;

- considérant que la mémoire et la reconnaissance de la vérité historique sont des facteurs essentiels dans la construction de l'avenir et dans les efforts de chaque génération pour éviter la répétition des tragédies du passé, et que la négation de la vérité historique empêche la réconciliation;

- considérant que la reconnaissance des crimes commis contre les Arméniens à la fin de l'Empire ottoman comme génocide constituerait, après le récent «partage» turc des «souffrances des enfants et petits-enfants» arméniens, un geste national et européen important et honorable pour la République turque;

1. reconnaît que les crimes et atrocités commis à partir de 1915 par les autorités de l'Empire ottoman contre la nation arménienne sur le territoire ottoman constituent un génocide;

2. en cette année qui marque le centenaire du début du génocide arménien, s'incline devant un million et demi de victimes de ce génocide, rend hommage à leur mémoire, et se joint à la commémoration du centenaire du génocide arménien dans un esprit de solidarité et de justice européennes;

3. rend hommage à toutes les victimes de tous les génocides et crimes contre l'humanité, et se joint à l'appel du Parlement européen pour que soit instituée une Journée de commémoration internationale de tels crimes afin de rappeler le droit de tous les peuples et nations à travers le monde à la paix et à la dignité;

4. note les manifestations paisibles de milliers de personnes en Turquie en faveur de la reconnaissance du génocide arménien et de la réconciliation entre Turcs et Arméniens sur base d'une lecture commune de leur passé douloureux; encourage les autorités de la République turque à faire face au passé avec courage et honneur, permettant ainsi la réconciliation des nations et des peuples turc et arménien dans la dignité et le respect mutuel.

(s.) Laurent Mosar.

Déi Resolutioun ass am Moment just vu mir ënnerschriwwen, well mer och deenen anere Fraktiounen a Gruppe wëllen d'Méiglechkeet ginn, sech där doter Resolutioun unzeschleissen. Ech wär och frou, Här President, wa mer kéinten nach dës Woch iwwert dës Resolutioun ofstëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mosar. Dozou de Marc Angel, President vun der aussepolitischer Kommissioun.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt dem Här Mosar eng Propos maachen. En huet effektiv déi Resolutioun gëschter an der aussepolitischen Kommissioun eis scho gewisen, fir se haut hei ze déposéieren. Mir hate keng Zäit, fir driwwer ze diskutéieren.

Ech géif him proposéieren - an ech hunn dat och mam Ausseminister ausgemaach, hien hätt Zäit -, dass mer muer de Mëtteg, wann d'Chambersitzung fäerdeg ass - mir hu jo Projeten um Ordre du jour, wou den Ausseminister präsent ass -, uschleissend eng aussepolitisch Kommissioun géife maachen, wou mer da géifen um Text vläicht jiddwereen nach Propose kënnen maachen.

Ech hu mer den Text ugekuckt. Ech hunn och eng Propos gemaach, déi ech dem Här Mosar wollt virleéien. Ech hu mech ganz enk ugelehnt un den Text vum Europaparlament. Ech weess jo aus anere Motiounen a Resolutiounen, dass d'CSV ëmmer gär un den Texter vum Europaparlament hänt. An ech hunn, wat d'Terminologie ubelaangt, och déi Terminologie geholl.

Ech hunn och déi englesch an déi franséisch Versioun gekuckt vun der Resolutioun vum Europaparlament an ech géif mengen, wa mer da muer konstruktiv zesummeschaffen an en neien Text kéinte maachen, dass een dann an enger vun deenen nächste Wochen - esou séier wéi méiglech - déi Resolutioun hei kéint stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Angel. Dat kënnt Der jo dann, wann et vum Här Mosar och esou gesi gëtt, muer de Mëtteg...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, mir sinn, Här President, natierlech d'accord, dass muer d'aussepolitisch Kommissioun dann à l'issue vun eiser ëffentlecher Sitzung zesummekënn, fir och iwwert déi Resolutioun do ze schwätzen. Prinzipiell hu mir och kee Problem domat, dass een eventuell nach déi eng oder aner Adaptatioun zu eisem Text erabréngt, quitte dass awer ëmmer de Sënn an den Éspirit vun där Resolutioun mussen déiselwecht bleiwen.

Allerdéngs wëlle mir insistéieren, dass déi Resolutioun nach dës Woch ofgestëmmt gëtt. Ech gesinn och do kee grössere Problem, well wa mer eis muer eens ginn, wat ech emol hoffen a wou ech och dovun ausginn, da kënnen mer jo dann déi Resolutioun en Donneschdeg de Mëtteg hei en séance plénière stëmmen.

Well ech muss lech soen, Här President, et wär net gutt, wa mer elo nach géifen do 14 Deeg verléieren, well ech hu virdrun a menger Introduction gesot, et geet och hei e bësselchen em dee Centenaire. Ech mengen, dass ass jo kee Gebuertsdag an deem Sënn, mä et soll een awer ëmmer den Datum respektéieren. Duerfir wäer mir awer frou, Här President, wann nach dës Woch iwwert den Text géif ofgestëmmt ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mosar. Dann den Här Kartheiser, an den Här Angel nach eng Kéier.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der ADR soen, dass mir de Prinzip vun esou enger Resolutioun ausdrécklech begréissen. Meng Partei huet scho viru 14 Joer déi éischte Kéier eng Resolutioun hei der Chamber virgueluecht, fir de Génocide un den Armenier als solchen unzëerkennen. Deemools an och 2004, wéi mer déi Saach nach eng Kéier zur Sprooch bruecht hunn, an och bei anere Geleeeënheete war d'ADR ëmmer eleng.

Mir begréissen et also elo, dass d'CSV a vläicht och aner Parteien op dee Wee ginn, nodeem déi international Unerkennung ëmmer méi breet ginn ass an och d'Europaparlament elo dee Geste gemaach huet. Wéi gesot, meng Partei huet dat scho viru 14 Joer proposéiert.

Wat elo d'Prozedur ugeet, ech mengen, mir freeën eis selbstverständlech drop, fir muer eng Diskussioun kënnen iwwert dee Sujet an der aussepolitischer Kommissioun ze féieren. Mä och mir, wéi d'Kolleege vun der CSV, géife soen, mir mussen och an der Plénière doriwwer ofstëmmen. Et kann net sinn, dass wéi an der Vergaangenheet, dee Sujet an eng Kommissioun verweise gëtt, fir do feierlech begruuewen ze ginn! Dofir ass de Sujet vill ze vill wichtig a vill ze vill relevant.

An ech mengen, dass effektiv déi Okkasioun vum honnertste Gebuertsdag vum Génocide un den Armenier soll fir eis e moraleschen Appell sinn, fir endlech och als Parlament zu där Saach Stellung ze huelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. Här Angel, ech géif

der Madame Loschetter vläicht virdrun d'Wuert ginn an da géif ech lech zum Ofschloss d'Wuert ginn. Madame Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, mir begréissen dës Motioun (veuillez lire: dës Resolutioun) vun der CSV och. Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass et eng seriö an eng wichteg Resolutioun ass, wou hei dat Parlament och opgefuerdert ass, Stellung ze huelen. An à l'instar zum Beispill och vun anere Parlamentarier mengen mir, dass et wichteg wier, dass mer eng uerdentlech Diskussioun an der zustänneger Kommissioun féieren, fir dass mer méiglechst zesummen, wéi Dir dat sot, Här Mosar, och kënnen dës Resolutioun bis zréck hei an de Plenum begleeden. Dofir: Jo zu dëser Proposition!

Mä mir mengen, dass et net onbedéngt soll op e puer Deeg ukommen an dass mer elo net solle muer eng Diskussioun bäcléieren, déi eigentlech verdéngt, uerdentlech gefouert ze ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Loschetter. Dann nach den Här Eugène Berger an dann de Marc Angel.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Mir ënnerstëtzen och déi Proposition, fir dass mer déi Resolutioun an der zustänneger Kommissioun kucken, diskutéieren eventuell, wéi dat och proposéiert ginn ass vum President vun der Kommissioun, fir se nach op deem engen oder anere Punkt kënnen ëmzënnieren.

Mir sinn awer och der Meenung, dass een hei elo net solle eppes iwwert de Knéi brieche, wann dat eventuell e puer Deeg méi hëlt. Mir sinn elo net Demandeur, fir ze soen: d'nächst Joer, mä wann dat awer vläicht e puer Deeg méi géif an Usproch huelen, schuet dat sécherlech näischt dem Parlament, fir dass mer herno, wa méiglech, eng gemeinsam Position och kënnen festleéien.

An deem Sënn: Jo fir de Verweis an d'Kommissioun. A kommt, mir loosse eis awer och déi néideg Zäit, fir dann en uerdentlechen, oder net en „uerdentlechen“, mä awer och en Text ze fannen, dee vu jiddweringem ka gedroen ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Berger. Nach eng Sekonn Gedold. Den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, mir schléissen eis och deem Virschlag vun der Majoritéitspartei heien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet de Marc Angel d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Merci. Ech wollt de Kolleegen hei Merci soen, dass se domat d'accord sinn, d'Resolutioun an déi aussepolitisch Kommissioun ze verweisen. An ech kann dem Fernand Kartheiser och versécheren, dass déi do net wäert verschwannen. Déi ass och am Joer 2001 net do verschwonnen. Ech hunn dat nach extra gutt nogekuckt. Do ass an der Kommissioun driwwer diskutéiert ginn an do huet den Auteur gemierkt, dass e keng Majoritéit géif kréien. An dunn huet e se selwer net méi an d'Chamber bruecht. A mir haten eng Diskussioun an der Kommissioun driwwer.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat war den Här Henckes deemools.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Ech war deemools nach net derbäi. Mä dat kann een awer noliessen. Ech wäert mech verbiergen, dass mir...

**(Interruption par M. Gast Gibéryen)**

Ech wäert mech verbiergen... Deemools, Här Gibéryen...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Äre fréiere Member, den Här Henckes.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Deemools, Här Gibéryen, woussst een, dass d'Türkei an Armenien eng Kommissioun huet, dass se verhandelen. An do war ëmmer nach d'Hoffnung do, dass fir deen traurege Centenaire vun deene Gräueltate vläicht eng Solutioun géif fonnt ginn. Déi ass leider net fonnt ginn.

An der Motioun (veuillez lire: Resolutioun), déi ech proposéieren, wäerte mer och nach déi zwou Parteien encouragéieren, deen Dialog weiderzeféieren, fir dass se zu enger Léisung kommen. En tout cas wäerte mer muer an der Kommissioun fläisseg zesumme mam Auteur Laurent Mosar an där Resolutioun schaffen. An dann ass et och nach wichteg, dass all Interlocuteur Zäit huet, fir nach Kontakter dobaussen



ze hunn, fir och mat der Zivilgesellschaft a mat verschiddenen Diplomaten doriwuer ze diskutieren.

An da sinn ech iwwerzeegt, dass mer an der éischter Woch am Mee, wou mer Chamber hunn, bestëmmt en Datum fannen, wann d'Conférence des Présidents an de President dat wëllen, wou mer dat hei géifen ofstëmme.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech mengen, domat ass alles gesot. De Wëllen ass do, fir ganz kuerzfristeg an deenen nächsten Deeg dat zréck an d'Parlament ze bréngen. An d'Conférence des Présidents wäert deem Wonsch dann och Rechnung droen.

Dat gesot, géife mer dann zu der Froestonn iwwergoen. Ech mengen, Dir kennt de Prinzip: All Deputéierten huet zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen. An d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir ze äntweren. Ech géif och en Appell un lech riichten, fir déi Zäit strikt anzehalen.

Als éischt Fro hu mer d'Fro N°99 vum Här André Bauler un den Nohaltegekeetsminister iwwert den Ennerhalt vun eisen Tunnelen. An den Här Bauler huet direkt d'Wuert.

## 6. Heure de questions au Gouvernement

- **Question n°99 du 27 avril 2015 de M. André Bauler relative à la maintenance des tunnels au Grand-Duché, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures**

► **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Woch war den Tunnel Gousselerbiérg a Richtung Norden dräi Deeg fir d'Circulatioun gespaart, dat wéinst Maintenanceaarbechten. Och dës Woch ass et de Fall, dës Kéier awer Richtung Zentrum/Süden. Et kënnt dacks vir, datt dësen Tunnel gespaart muss ginn.

Ech wollt an deem Kontext op méi eng allgemeng Thematik agoen, an zwar déi vum Entretien vun den Tunnelen hei am Land. An dofir wollt ech den Här Minister Folgendes froen: Wéi dacks ginn esou Aarbechten iwwerhaapt duerchgefouert? Wéi vill Deeg am Joer ass en Tunnel, wéi zum Beispill dee vum Gousselerbiérg, an der Moyenne wéinst verschiddenen Aarbechte gespaart? Gëtt et vergläichbar Statistike fir aner europäesch Länner? Wéi gesäit de Maintenanceplang fir déi aner Tunnelen vun der Nordstrooss aus, de Stafelter an den Tunnel Grouft, déi jo elo am September wäerten opgoen?

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Bauler. An d'Wuert huet direkt den Nohaltegekeetsminister, den Här François Bausch.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech wollt dem Här Bauler och Merci soe fir seng Fro. Et ass esou, datt am Prinzip déi Maintenanceaarbechten an den Autobunnstunnelen zweemol am Joer duerchgefouert ginn. Et ass och esou, datt natierlech dat immens vill ofhänkt vun deenen einzelnen Tunnelen nach derbäi, dat heescht, vun der Längt vun den Tunnelen, der Komplexitéit vun de Sécherheitséquipementen. Also zum Beispill déi Tunnelen, déi elo gläich wäerten am Hierscht opgoen, déi besonnesch laang sinn, do ass dat sécherlech méi komplex.

Da sinn och nach verschidde regulär Remplacementer virgesi vu verschiddene Saachen, Installatiounen, déi an den Tunnelen sinn. An dann natierlech hänkt et och nach vum Trafic an den Trafikskonditiounen of, dovunner, wéi vill datt den Tunnel befuer gëtt.

Op engem Tunnel wéi de Gousselerbiérg oder de Markusbiérg zum Beispill, do kann een dovunner ausgoen, datt een zwee bis dräi Deeg pro Tube muss rechnen. Oder beim Houwald ass et een Dag pro Tube. Dat heescht, dat sinn am Fong d'Gronddeeg, déi ee brauch, fir datt déi Tunnelen ennerhale bleiwen.

Da kënnt nach derbäi, datt een-, zweemol d'Joer och muss gebotzt ginn. An dat muss regelméisseg gemaach ginn, fir ze verhënneren, datt et zu Urgencé kënnt, well Urgencen ass dat Schlechtst, wat ee ka maachen. Éischters kann een déi net ukënnege laang virdrun, dat kritt een net gutt organiséiert an dat féiert ganz sécher zu vill méi komplizéierten Incidencé fir den Trafic.

Et gëtt keng Statistiken - also jiddefalls hunn ech keng -, wéi d'Maintenance am Ausland ass. Mä wéi gesot, et hänkt ganz sécher ëmmer vill of vun all deene Kritären, déi ech virdrun opgezitt hunn, dat heescht, wéi laang, wéi komplex den Tunnel ass an esou weider. Duerfir kann een do och ganz schwéier ee Land oder een Tunnel, eng Regioun mat där anerer vergläichen.

Wat elo den Tunnel Grouft ubelaangt, do si véier Deeg pro Tube virgesinn. Ech hu gesot, dat si méi laang Tunnelen, dat ass natierlech méi komplex. An d'Sécherheitsbestëmmung sinn, dat muss ee soen, och an deem Tunnel besonnesch groussgeschriwwen. An da fir den Tunnel Stafelter sinn et dräi Deeg pro Tube, déi virgesi sinn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Nohaltegekeetsminister.

Déi nächst Fro ass d'Fro N°100 an déi kënnt vum Här Marco Schank, erëm un den Här Nohaltegekeetsminister, dee bal net brauch op seng Plaz ze goen. An do gett et iwwert de Präis vum grenziwwerschreidenden öffentliche Transport am Verkéier mat der Belsch. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n°100 du 28 avril 2015 de M. Marco Schank relative à la tarification transfrontalière avec la Belgique en matière de transports en commun, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures**

► **M. Marco Schank (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt effektiv de Minister fir Nohaltegekeet an Infrastrukture froen am Kontext vun enger schréfflecher Question parlementaire, déi ech am Februar 2015 gestallt hunn, wéi et elo mat der grenziwwerschreidender Tarifikatioun virugeet, besonnesch an engem Punkt, wou ech elo keng Äntwert krut.

Dir hat mer geäntwert, Här Minister, datt Der mat Ärer Homologie aus der Belsch geschwat hätt, ech mengen, dat war de 5. Februar, fir e Groupe de travail ze chargéieren, fir eben e Projet vun enger Tarification unique auszeschaffen tëschent der CFL an der SNCB, an zwar fir d'Mise en place vun enger reduzéierter grenziwwerschreidender Tarifikatioun fir d'Gare vun Arel a fir dee geplangte Point d'arrêt vu Stockem, wou jo dann dee grouss Park & Ride geplangt ass.

Do wollt ech awer och wëssen, ob dësen Aarbechtsgrupp och soll eng Tarifikatioun ausschaffe fir am Norde vun eisem Land, nottamment fir en Tarif op Gouvy respektiv Vielsalm oder Trois-Ponts.

Dir hat mer och geäntwert op déi Question parlementaire, datt d'CFL den mPass op déi belsch Grenz wëllt ausdehnen, esou wéi et schonns mat Frankräich gemaach ginn ass. An den mPass, dee kéint jo hei un e Supplément d'abonnement kombinéiert gi mat de Partié Klengbetten, Grenz a Réseau Belsch, an dat vum Oktober 2015 un. Dat hutt Der mer och geäntwert. An ech wollt awer da wëssen effektiv: Heescht dat, datt den mPass och vun Elwen op Gouvy géif ausgedehnt ginn?

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Marco Schank. An d'Wuert huet den Här Nohaltegekeetsminister.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- D'Äntwert ass ganz einfach, Här President: Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Majo, dat do, dat ass jo Weltrekord!

Ma da géife mer direkt zu der nächster Fro iwwergoen. Déi kënnt vum Roger Negri a si betrëfft d'Opnahmebedéngunge fir d'Europaschoulen. Den Här Negri huet d'Wuert.

- **Question n°101 du 28 avril 2015 de M. Roger Negri relative aux conditions d'admission des écoles européennes, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. No der Ukënnegung vum Éducatiounsminister Claude Meisch, eng dréit Europaschoul zu Déifferdeng ze bauen, wat mer als LSAP ausdrécklech begrëissen, an déi e gratis Accès fir all Kanner kritt, wollt ech de Minister froen, wéi an den Europaschoulen, eng um Kierchbiérg an zwou zu Mamer, d'Ophuelkonditiounen an d'Frais d'inscription si fir déi Kanner, deenen hir Elteren net bei den europäeschen Institutiounen schaffen. Déi vun den EU-Institutiounen kënne jo do gratis an d'Europaschoul goen, wat jo och den Haaptzweck vun deene Schoulen ass.

Virun zwou Wochen huet eise Premier Xavier Bettel an der Héichschoulkommissioun enner anerem gesot am Kader vun der Prospektionsrees aus den USA, dass ganz oft héich

qualifizéiert Leit zécken, fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen, well se net ëmmer déi optimal Schoule fir hir Kanner virfannen an d'Privatschoulen zum Deel och ze deier fannen. Och ënnert de 45,9% net Lëtzeburger Residenten, wéi déi lescht Zuele vum Statec weisen, gëtt et e gewëssen Interessi fir d'Europaschoulen.

Ënnert dësem Bléckwénkel wollt ech de Minister da froen, ob an den Europaschoulen um Kierchbiérg an zu Mamer eventuell Capacitéiten an deem Sënn fräi wäeren. A wa jo, wéi d'Contingenten an d'Frais d'inscription fir d'Kanner, deenen hir Elteren aus dem Ausland op Lëtzebuerg wëlle schaffe kommen, ausgesinn.

Ech soen lech Merci, Här Minister, am Virus fir Är Äntwert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Negri. An d'Wuert huet direkt den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci och dem Roger Negri fir déi Fro, wou ech eng Rei vu Prezisiounen kann drop ginn.

Effektiv, déi agreéiert Europaschoul, déi mer zu Déifferdeng maachen, ass en öffentliche Lycée. En ass gratis. Dat hutt Der och betount. E gëtt géréiert vum Lëtzeburger Stat, ass also net direkt gläichzesetzen, virun allem vum Fonctionnementstypus hier, mat deenen Europaschoulen, déi mer hunn zu Mamer an um Kierchbiérg, wat typesch klassesch Europaschoule sinn.

Esou agreéiert Europaschoule gëtt et awer och an anere Länner. An den europäesche Länner gëtt et der insgesamt nach néng aner. Déi zu Déifferdeng, dat war dann déi zéngt.

Dir hutt gefrot: Wéi ass d'Tarifstruktur? Wie kann an déi normal Europaschoul goen um Kierchbiérg an och zu Mamer? Nun, eigentlech jiddwereen. Mä, wéi Der richtig gesot hutt, d'Kanner vun Europafonctionnaires hu gratis Zougang. Si si jo och eigentlech concipiéiert ginn a geduecht gi fir d'Kanner vun den Europafonctionnaires.

Da gëtt et awer nach en zweeten Typ vu Schüler, dat ass deen, wou d'Eltere bezuele respektiv d'Entreprise, wou d'Eltere beschäftegt sinn, wat da meeschtens och international Enterprise sinn, oder Elteren aus der internationaler Communautéit hei zu Lëtzebuerg, déi finanzéieren do mat.

Da gëtt et awer och nach en drëtten Typ. Do sinn d'Frais d'inscription méi niddreg. D'Eltere bezuele wuel. Allerdéngs ass et do och keng Garantie, datt een eng Plaz kritt. Do ginn eigentlech nëmme Klassen opgefëllt, wann een esou ka soen. Wa souwisou de Fonctionnement vun där Klass assuréiert ass an et sinn zéng Schüler vläicht an der Klass, da gëtt bis op e gewëssene Contingent opgefëllt. Mä dat kascht och eppes.

Déi Frais d'inscription, déi leie jee nodeem, wat fir en Typ et dann ass, den zweeten oder den drëtten Typ, tëschent 6.000 a 14.000 Euro d'Joer, wat sécherlech e ganz zolitte Montant ass a wat net jiddweree sech kann erlaben, deen zu Lëtzebuerg op der Sich ass no enger internationaler Schouloffer. An déi Motivatioun, déi ka ganz ënnerschiddlech sinn.

Dat kann, wéi Der den Här Premierminister zitéiert hutt, effektiv sinn, well ee mat senger Entreprise op Lëtzebuerg komm ass, eng Zäit laang berufstätig hei ass, vläicht och erëm eng Kéier wëllt weiderzéien, mat senger Famill dann och wëllt weiderzéien. Dat kann awer och sinn, datt een zu Lëtzebuerg opgewuess ass, méi spéit an d'Land komm ass, vläicht net déi Sprooch schwätzt doheem oder deen Accès zu deene Sproochen huet, déi an eiser öffentliche Schoul momentan awer vu grousser Bedeutung sinn. Et kann awer och sinn, datt ee vläicht als Lëtzeburger Schüler einfach op der Sich no enger Alternativ ass.

An duerfir si mer am Kontext vun enger Diversifizierung vun der gesamter Offer vun eisem Schoulsystem higaangen a mir hunn eben eng agreéiert Europaschoul an der öffentliche Schoul wëllen ubidden, fir eben och ouni Frais d'inscription jiddwerengem esou eng Schoul kënnen zougängelech ze maachen.

Et soll awer och net deen eenzege Projet sinn. Et soll och net deen eenzege Projet bleiwen. Et gëtt d'ailleurs och schonner öffentliche Schoulen, öffentliche Lycées, déi hir Offere gemaach hunn. Zum Beispill zanter dem leschte September och vu Septième un am Lycée Michel Lucius kann ee bis op Première en engleschsproocheg Bac maachen, deen da gläichgesat ass mat den A-Levels. Mir hunn de Bac international engleschsproocheg am Atheneum. Mir hunn de Bac international op Franséisch am Lycée technique du Centre.

An ech encouragéiere ganz staark och déi aner traditionell Lëtzeburger Schoulen, méi staark

och op de Wee ze goe vun internationale Filiéren, well et mer einfach wichteg ass, datt och d'Communautéiten do zesummewuessen. Well wann déi eng, déi international Communautéit, just herno a Privatschoulen ass, meeschtens och nach deier bezuelt, oder an enger Europaschoul ass, wou deier bezuelt gëtt fir do eran, an anerer sinn an der öffentliche Schoul, da wiisst eis Gesellschaft do éischter ausernee, wéi datt se zesummewiisst.

Datt d'öffentlech Schoul och do erëm hir Fonctionion ka wouerhuelen, fir datt eng ganz Generation zesummen opwiisst, wat en daitleche Bäitrag och zur Cohésion sociale wär, duerfir d'äerf déi Politik och mat enger agreéierter Europaschoul fir Déifferdeng net ophalen, mä muss eigentlech richtig doduerjer ugoen.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Erzéiungsminister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Gast Gibéryen, riicht sech un den Aarbechtsminister a geet em d'Jugendgarantie. Här Gibéryen!

- **Question n°102 du 28 avril 2015 de M. Gast Gibéryen relative au chômage des jeunes, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire**

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Laut dem leschte Bulletin vun der ADEM waren am Mäerz dëst Joer 2.066 Jugendlecher enner 25 Joer ageschriwwen, fir eng Aarbecht ze fannen. D'Jugendgarantie ass eng Initiativ, déi vun der Europäescher Kommissioun lancéiert gouf, fir all - ech betounen: all - de Jugendlechen enner 25 Joer eng qualitativ héichwäerteg Offer bannent 24 Méint (veuillez lire: bannent véier Méint) ze proposéieren, nodeems se aus der Schoul kommen oder d'Aarbecht verluer hunn.

Dës Garantie gouf hei zu Lëtzebuerg am Juni 2014 emgesat. Am Februar huet den Här Aarbechtsminister op enger Pressekonferenz en éischte Bilan vun der Jugendgarantie gezunn. An duerfir hätt ech eng Rei vu Froen un den Här Minister:

Éischters emol, ob den Här Minister eis haut ka scho méi aktuell Zuele presentéieren.

Mä méi speziell wollt ech awer dës Froen opwerfen, bezunn op d'Zuelen aus der Pressekonferenz vum Februar, Froen, wéi se och am Sozialalmanach vun der Caritas gestallt si ginn.

2.741 Jugendlecher hunn d'Ugebuet vun der Jugendgarantie ugehall. An heivun hunn der 523 effektiv eng qualitativ Offer kritt, déi sech wéi folgt opdeelt: 325 hunn eng Léier ugefaangen, 11 sinn an enger Léier fir Erwuessener, 30 sinn zréck an d'Schoul an 168 sinn an enger sougenannter „mesure spécifique“. Also hu vun 2.741 nëmme 523 oder manner wéi 20% eng effektiv Offer kritt.

Meng Froen duerfir: Wéisou hunn nëmme knapps 20% effektiv vun der Jugendgarantie bis elo kënne profitéieren? Dat kann eventuell och dermat ze zesummenhängen, well se eréischt am Juni 2014 hei am Land emgesat ginn ass.

Wat maachen déi vill Jugendlecher, déi keng qualitativ Offer proposéiert kruten? Wéisou kruten dës keng Offer gemaach?

A wat wëllt d'Regierung ennerhuelen, fir datt all concernéiert Jugendlecher och kënne vun der Jugendgarantie profitéieren?

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. An d'Wuert huet direkt den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Merci, Här President. Ech mengen, wéi Der et elo richtig gesot hutt, d'Jugendgarantie ass u sech eng wichteg Initiativ, déi geholl ginn ass, net nëmme vun der Kommissioun, mä zesumme mat de Memberstater, fir eben derfir ze suergen, datt engem Maximum vu Jugendleche schnell eng Offer gemaach gëtt, fir se schnell aus der Aarbechtslosegkeet erauszehuelen. An duerfir och déi véier Méint, fir eben ze verhënneren, datt e Jugendlechen ze vill laang an enger Situatioun vun Aarbechtslosegkeet ass an domadder eigentlech säi ganz zukünftegt Berufsliewen dovu markéiert ass.

Elo hutt Der eng Rei vun Zuele genannt. Ech mengen, Dir hutt do verschidde Saache vermëscht, Additiounen gemaach, déi sech net esou einfach additionnéieren. Et muss ee jo wëssen, datt d'Jugendgarantie ugeluecht ass op véier Méint, dat heescht, deen, dee scho véier Méint dran ass, an deen, dee geschter drakomm ass. Et kann een also net déi zwou Kategorie matenee vermëschen an da Prozentsätz dodraus degagéieren, esou wéi Dir dat maacht. Mä ech verstinn, datt et net ëmmer ganz einfach ass, an där Zuelenzalot eens ze





ginn an déi richteg Interpretatioun ze fannen. Ech ginn lech also déi nei Zifferen, och mat de Prozenter, déi e bëssen anescht ausgesi wéi Ar.

Säit dem Lancement vun der Jugendgarantie, esou wéi Der richteg gesot hutt, am Juni vum leschte Joer, sinn 3.973 Jonker, déi an der ADEM eng Propositoun gemaach kruten oder hätte kënnen gemaach kréien. Dat heescht, bal 4.000 Jugendlecher hunn eigentlech d'Recht gehat, vun der Garantie jeunes ze profitéieren. Dat ass awer eng Zuel vu virgëschter arrétéiert, dat heescht, bis den 22. Abrëll 2015. Dat heescht, do sinn der drënner, déi eréischt e puer Deeg am der ADEM sinn an eréischt e puer Deeg am Programm „Jugendgarantie“. Déi kënnen mer also elo net zielen a soen: Ma déi hu jo nach näischt kritt! Déi si jo och nach net laang do.

Wa mer also ons baséiere vun all deenen, déi säit Juni iwwert d'Jugendgarantie gaange sinn, da si mer do op 3.973 Jonker. A mir kommen awer eigentlech op déi, déi entweder véier Méint schonn dra waren, respektiv déi, déi opgehale hunn. Well 645 jonk Leit hunn eigentlech en cours de route opgehale.

Elo kënnst Du mech froen: Firwat hu se opg ehalen? Do gëtt et vill Ursachen. Entweder heiansdo, well se en Job selwer fonnt hunn, well se net am Land bliwwen sinn oder ganz einfach, an dat ass méi dramatesch an doriwuer mussen mer ons Gedanke maachen, well se „kee Bock“, wéi déi jonk haut géife soen, méi haten, fir dee Parcours matzemaachen.

Mir schwätzen also vun deenen, déi richteg en cause sinn, vu bal 2.000 Leit, 1.939 jonk Leit, dat sinn also déi 49% vun där globaler Zuel bis virgëschter, déi am Programm vun der Jugendgarantie waren.

An da kucke mer: Wéi vill hu vun deenen, déi also déi véier Méint hanneru sech hunn, an déi, déi ofgezielt si ginn, déi, déi opgehale hunn, fir déi mer eigentlech net kënnen, mä wou mer awer müssen Effort maachen, soen ech nach emol, well se iergendwou an der Landschaft, zum Deel zumindest, sinn an net onbedéngt an engem Emploi sinn, wat hunn déi offréiert kritt?

Ben, vun deenen 1.939 waren 1.406 Jonker, dat sinn also 73% vun deenen, déi véier Méint hanneru sech hunn, déi eng Offre de qualité kritt hunn. Wat heescht eng Offre de qualité? Dat heescht natierlech en Emploi. Dat ass déi bescht Offre de qualité. Dat kann heeschen eng Mesure pour l'emploi. Dat heescht, dee Jonke geet an en Aarbechtsprozess, mä et ass nach net en definitiven Emploi. Oder et kann awer och en Apprentissage heeschen oder et kann heeschen, dass mer dee Jonken erëm dozou bréngen, zréck an d'Schoul ze goen, wat och heiansdo eng Réussite ass. Also 73% vun deenen, déi véier Méint hanneru sech hunn - dat ass also e bësse méi wéi Ar 20% -, déi hunn eng Offre de qualité kritt.

Heiansdo, an dat gestinn ech gären an, hu mer méi wéi véier Méint gebraucht. Well à peu près e bësse manner wéi 60% hunn dat bannent véier Méint kritt an en Deel si gaange bis sechs Méint, ier mer mat hinnen de Parcours haten, fir se op iergendeng Offre de qualité ze bréngen. Dat hânt natierlech och e bëssen zsumme mat deene Jugendlechen, ob se prett si fir an den Aarbechtsmaart, ob se prett si fir erëm zréck an d'Schoul. Heiansdo brauch e méi wéi véier Méint, fir dat ze errechen.

Elo soen ech nach e leschte Chiffer. Jo, dee leschte Chiffer ass: Wéi vill vun deene Jonken no véier Méint hunn en Emploi kritt? Eh ben, 41% vun deene Jonken hunn en Emploi kritt, dat heescht hunn eng Aarbechtsplaz fonnt, wat déi bescht Offre de qualité ubelaangt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Déi nächst Fro kënnst vun der Madame Joëlle Elvinger, riicht sech un de Minister vun der sozialer Sécherheet an dréit em deen ugekënnegte Pensionsgrupp, deen d'Bilanzéierung vun der Pensionsreform soll maachen. An d'Madame Elvinger huet d'Wuert.

- **Question n°103 du 28 avril 2015 de Mme Joëlle Elvinger relative aux travaux dans le cadre de la mise en place du «Groupe des pensions», adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Merci, Här President. 2012 si verschidde punktuell Annerunge vun Pensionsregime agefouert ginn, dat, fir eis Dépensen op deem Niveau am Équilibre ze halen. D'IGSS sollt an deem Kontext all fennef Joer en aktuariellen Avis maachen, fir ze kucken, ob d'Reform déi finanziell Auswirkungen hätt, vun deenen een ausgegangen ass.

Wann hei en Dérapage festgestallt sollt ginn, misste weider Ajustement virgeholl ginn. Am

Koalitionsaccord war och festgehale ginn, dass e spezielle Groupe des pensions zsumme-gestallt géif ginn, fir op Basis vun den Aarbechte vun der IGSS ze iwwerpräieren, wou eis Pensionsausgaben dru sinn.

Well d'ës fir Métt vun der Legislaturperiode ugedeit war, wollt ech de Minister vun der sozialer Sécherheet froen, wou d'Aarbechten an deem Dossier dru sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Elvinger. An d'Wuert huet den Här Minister fir d'sozial Sécherheet, den Här Romain Schneider.

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.** - Merci, Här President. Merci och der Madame Elvinger fir des Fro, well se effektiv zu engem Zäitpunkt kënnst, wou mer eis druginn, fir des Aarbechtsgrupp zsummenzestellen an effektiv déi Évaluation à mi-parcours ze maachen, déi mer jo och am Regierungsprogramm virgesinn hunn. Ech mengen, et ass effektiv esou, dass wéi des Pensionsreform 2012 gemaach gouf, den 1. Januar 2013 a Kraaft getratt ass, ass et deenen enge schonn ze wäit gaangen, deenen aneren net wäit genuch gaangen.

Eent kann een hautdesdaags op jidde Fall emol festhalen, wann een d'Évolution vun de Pensions gesäit: dass all déi Parametere, déi deemools geholl goufen, an och deemools déi, déi d'Pensionsreform gemaach hunn, Här President, eigentlech eng Trajectoire ageschloen hunn, an op där Trajectoire leie mer ganz genau de Moment mat deenen eenzelne Prozentsätz, déi do festgesat goufen, fir des Pensionsreform ze maachen.

Et ass richteg, wéi d'Madame Elvinger gesot huet, dass déi Evaluatioun, déi soll gemaach ginn all fennef Joer säitens vun der IGSS, dass vun deser Regierung decidéiert gouf, déi no vir ze zéien an dass mer dann 2016 dat géife maachen. An deem Kontext si mer amgang, fir 2015 een éischten techneschen Aarbechtsgrupp zsummenzesetzen, mat Vertrieeder aus der Sécurité sociale, de Finanzen an de Chamberen. Desen technesche Rapport wäerte mer da weiderginn an e Groupe de travail, deen énnert der Leedung vun der Sécurité sociale wäert zsummekommen, dese Rapport analyséieren an déi néideg Recommendationen da virginn, déi virginn un d'ësst Parlament, wou se dann diskutéiert ginn a wou dann d'Konklusiounen sollen doraus gezu ginn.

Ech sinn op jidde Fall der Meenung, dass déi Reform, déi deemools beschloss gouf, an dat gesi mer de Moment, dass déi op de richtege Féiss ass, dass se de richtege Wee gaangen ass an dass se de Moment och schonn déi éischt Friichte kann droen.

An derniewent, mengen ech, ass et jo kloer, dass mer virun allem probéieren, och an deenen nächste Joren eng ganz Rei vu Leit aktiv am Aarbechtsprozess ze halen. An dofir si begleetend eng Rei vun anere Gesetzer, déi an deenen nächste Méint och wäerte gestëmmt ginn, zum Bspill dat vun Reklassement zsumme mat deem vun Contrôle médical. Derniewent eent, dass de Minister vun dem Travail et de l'Emploi op de Wee ginn huet, dass Mesurë fir d'Politique des âges virgesäit. An derniewent awer och déi eenzel Saachen, wat d'Aktivatioun betrëfft vun Demandeur âgé, dee sougenannt „Fit4job“. All déi Saachen also och, fir deene Leit, déi nach fäeg sinn, um Aarbechtsmaart ze schaffen, d'Méiglechkeet ze ginn, méi laang am Aarbechtsprozess ze bleiwen.

Voilà. Ech soe Merci fir d'Fro a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Sozialminister.

Déi nächst Fro kënnst vun Här Laurent Zeimet, dee scho prett ass, riicht sech un den Innenminister an dréit em déi zukünfteg Organisatioun vun de Kierchfabriken. Här Zeimet.

- **Question n°104 du 28 avril 2015 de M. Laurent Zeimet relative à la nouvelle organisation des fabriques d'églises, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur**

► **M. Laurent Zeimet (CSV).** - Merci, Här President. Et geet effektiv em déi Circulaire vum 24. Abrëll, vum leschte Freideg, iwwert d'Kierchfabriken. An deem Kontext wollt ech froen: De Syvicol hat am Februar e Brëif un de Premier geréicht - ech huelen un, deen ass weidergaangen un den Innenminister - mat enger ganzer Rei vu Froen am Zsummenhang mat deene Regelungen, déi da virgesi sinn an deene Konventiounen mat der Kierch. Do ass awer bis elo nach keng Antwort komm. Dofir d'Fro, ob des Circulaire dann och als Antwort op dee Courrier ze interpretéiere wär.

An dann de Fall, wann elo eng Kierch de Besëtzt, d'Propriétéit ass vun enger Gemeng an

et géif ee sech dann eens ginn, et soll eng Kierch bleiwen a se géif un de Fong iwwer-goen. D'Fro ass jo dann, no der Konventioun kéint d'Gemeng net méi kofinanzéieren. Dann ass et jo d'Propriétéit vum Fong, woubäi sech d'Fro stellt, ob eng Gemeng wëllt déi Propriétéit un de Fong einfach eriwirginn.

Am anere Fall, wann d'Kierch d'Propriétéit vun der Gemeng ass an d'Gemeng der Meenung ass, dass soll och an Zukunft eng Kierch bleiwen, dat heescht, de Gemengerot decidéiert, et kann eng Kierch bleiwen, muss de Gemengerot dat nëmmen emol decidéieren? Gëllt dat da fir all Éiwegkeet? Kann dat an enger Konventioun esou festgeschriwwen ginn? Oder kann dat och eng Kéier, wann eng aner Majoritéit am Gemengerot ass, erëm opgeléist ginn?

An déi wichtegst Fro awer och: Wéi ass et da mam Kofinanzement? Verstinn ech dat richteg, dass an deem Fall awer ëmmer nach d'Gemeng ka sech un de Käschte bedeelegen, déi dann ufalen, fir déi Gebaier an der Rei ze halen?

A schliisslech: Kann een och déi Circulaire, déi elo erausgaangen ass, dann als Opfuerderung un d'Gemenge verstoen, Här Minister, fir dann elo scho mat den Négociatiounen unzufänken, wëssend, dass déi gesetzlech Basis jo nach guer net do ass?

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Zeimet. An d'Wuert huet direkt den Här Innenminister, den Dan Kersch.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Merci, Här President. Ech wär och ganz fro gewiescht, wann ech och schonn de Mëtten um zwielef Auer gewusst hätt, wat Der inhaltlech géift froen, dann hätt ech lech vläicht kënnen méi detailléiert op déi eng oder aner Fro hei Äntwert ginn.

Ech wollt just soen, dass déi Circulaire, déi mer elo erausginn hunn, effektiv d'Resultat ass vu véier Informationsversammlungen, déi mer zsumme mam Syvicol organiséiert hunn an och zsumme mat de Gemengen organiséiert hate queesch duerch d'Land, wou ganz vill Leit do waren, wou och ganz vill Froen opgeworf gi sinn an och ganz interessant Diskussiounen sech draus entwéckelt hunn an och eng Rei vun deene Froen, ech géif esouguer soen, bal alleguerten déi Froen, déi de Syvicol un d'Regierung geréicht huet, domat och beäntwert gi sinn.

Dat ännert awer näischt drun, dass mer eis nach ëmmer an der Verflüchtung gesinn, dem Syvicol och eng offiziell Äntwert ze ginn. Dat maache mer meeschtens och a Réuniounen, déi mer mam Syvicol organiséieren. An doriwuer eraus mengen ech, dass et jo elo dréms geet, fir konkret an d'Emsetzungsphas vun deem Ganzen ze kommen.

Dir hutt eng Rei vu konkrete Froen gestallt. Wann ech se alleguerter richteg verstanen hunn, ass et esou: De Fall gesat, d'Gemeng ass Propriétaire vun enger Kierch an hätt gär, dass an Zukunft d'Propriétéitsverhältnissen wiessele, wëllt déi Kierch an de Fong ginn, dann ass et evident, dass an deem Fall de Fong Propriétaire ass vun der Kierch an dann och eleng fir den Ennerhalt vun der Kierch muss opkommen.

Den anere Fall gesat, d'Gemeng decidéiert, se géif Propriétaire vun der Kierch bleiwen, dann ass et esou, dass se muss eng Deliberatioun huelen, dass se gären hätt, dass déi Kierch desakraliséiert gëtt. An deem Fall ass et och esou, dass se da misst desakraliséiert ginn, dass steet jiddefalls esou an der Konventioun. Am anere Fall ass et esou, dass déi Kierch och nach ka weider als Kierch gebraucht ginn, mä da muss d'Gemeng sech bewusst sinn, dass si eleng muss fir den Ennerhalt vun där Kierch opkommen, well si ass Propriétaire dovunner a si kann domadder net méi de Fong belaaschten.

Ech hoffen, dass domadder Är Froen souwäit beäntwert sinn. De Kofinanzement soll effektiv ausgeschloss ginn. An zwar soll et esou sinn, dass de Fong herno keng Done vun de Gemenge kann unhuelen, fir eben de Fonctionnement vun de Kierchen ofzesécheren. Och dat ass en Deel vun deem Accord, dee mat der kathoulescher Kierch getraff ginn ass.

A selbstverständlech ass d'circulaire esou ze interpretéieren, dass een elo sollt ufänke mat verhandelen. Ech weess och, dass eng Rei vu Gemengen dat scho ganz konkret maachen. Ech selwer hat mech elo nach kierzlech nach eng Kéier mam Bistum getraff, fir och mat eenzelne Gemenge konkret a Kontakt ze trieden, fir elo séier kënnen mat deene Verhandlungen unzufänken. Ech ginn dovun aus, dass déi meescht scho wëssen, a wéi eng Richtung dass et soll goen an dass een an deene meeschte Gemengen och zu verstännegen Accorde kënnst.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Vläicht just eng kleng Informatioun: De Problem vun de spartanesch formuléierte mëndleche Froen ass bekannt. Et ass awer duerchaus net verbueden, wann e Minister zousätzlech Informatiounen wëllt, dass en den Deputéierte kontaktéiert. Dat ass vläicht e gudde Wee, fir da kënnen nach méi konstruktiv ze schaffen. Villmools Merci!

An da géif ech d'Wuert un de Max Hahn ginn, vun deem déi nächst Fro un den Innenminister kënnst iwwert déi méiglech Konsequenze vun engem Arrêt vun der Cour administrative op de PAP.

- **Question n°105 du 28 avril 2015 de M. Max Hahn relative à d'éventuelles modifications de PAP suite à l'arrêt de la Cour administrative en date du 12 février 2015 (PAP «Am Pescher»), adressée à M. le Ministre de l'Intérieur**

► **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Dir hutt et richteg gesot, Här President, meng Fro riicht sech un den Innenminister. An zwar ass et esou, dass an der Baubranche eng gewëssen Onrou ze spieren ass wéinst enger Jurisprudenz vun PAP „Am Pescher“ zu Stroossen. Déi Jurisprudenz dréit eigentlech dozou bäi, dass mer e bësse vun där gängeger Praxis, wat d'PAPen ugeet, wéi se bis ewell gehandhabt ginn ass, eweckkommen.

Bis ewell ass et esou, dass een eigentlech, wat d'Densitéit vun de PAPen ugeet, iwwert d'Wäerter, iwwert den COS, de Coefficient d'occupation du sol, an den CMU, de Coefficient maximal d'utilisation du sol, bestëmmt huet, wat d'Densitéit, déi bebaubar ass iwwer e Gesamt-PAP, also e Gesamtterrain, géif festleeën.

Dobäi ass bis ewell eigentlech ëmmer gekuckt ginn, fir eng Moyenne ze fannen. Dat heescht, wann een e gréissert Lotissement hat, huet ee gekuckt, fir iwwert dat Gesamtlotissement déi Wäerter vum CMU a vum COS anzehalen.

Sou, elo ass et dann zu där Jurisprudenz vu Stroossen komm, an déi seet eigentlech, dass et net méi duerget, fir déi Wäerter just fir de gesamte PAP, also de gesamte Projet vu méi Unitéiten anzehalen, mä dass een dat eigentlech pro Lous, also pro Parzell muss anhalen, dat heescht, pro Bauplaz.

Spréch: Et huet een elo e Lotissement vun 100 Haiser, da muss een dat fir all eenzelt Haus anhalen. An Dir wësst, wann een eng gewësse Mixitéit wëllt erhalen, déi jo och gewënscht ass, dann ass dat sécherlech, déi maximal Wäerter, déi et jo eigentlech sinn, dann ass dat relativ einfach, fir déi anzehale bei engem Eefamilienhaus. Wann een awer scho bei Jumelée respektiv Reienhaiser geet oder Appartementshaiser, da gëtt dat awer relativ komplizéiert voire bal onméiglech, fir dat pro Parzell anzehalen.

Dowéinst hunn ech an deem dote Kontext dräi Froen un den Innenminister:

Déi éischt ass, wat d'Konsequenze fir d'Bauprojet sinn, déi aktuell en cours sinn. Musse Projeten zréckgezu ginn an adaptéiert ginn? Féiert dat heiten zu Retarden?

An déi zweet Fro wier: Wat mussen d'Gemenge maachen? Mussen d'Gemengen Upassunge maachen an hirem PAG, beispillsweis an hirem Partie écrite?

An déi drëtt an déi lescht Fro un den Innenminister wier dann, wat den Innenminister gedenkt an deem heite Fall ze maachen, fir eben deem Blocage an där Onrou, déi awer am Baubranche sinn, fir deenen entgéintzewierken.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Hahn, deen informéiert soll sinn, dass en eng hallef Minutt iwwerzunn huet.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Merci, Här President. Den Här Hahn huet eng hallef Minutt iwwerzunn, mä duerfir huet en eng ganz Rei Detailler ginn, déi wichteg sinn, fir och kënnen konkret op d'Fro ze äntwerten.

Et muss ee festhalen, dass de Problem zréckgeet op e Règlement grand-ducal vum 25. Oktober 2004, wou et effektiv em d'COsen an d'CMUe geet, loosse mer et méi einfach maachen, u sech em de Bebauungsgrad, deen op den Terrainen dierft erlaabt sinn.

An der Tëschenzäit ass et esou, dass de Règlement grand-ducal, em deen et geet, ofgeschafft ginn ass. En ass am Joer 2011 ofgeschafft ginn, mä trotzdem sinn eng ganz Rei vu Gemenge vun deem Uerteel betraff: an zwar allegueren déi Gemengen, déi e PAG vun der Generatioun 2004 hunn a wou net kloer definéiert ass, dass den COS an den CMU als Moyenne unzegesi sinn, an allegueren déi Gemengen, déi an hi-



rem aktuelle PAG - also och déi, déi e PAG vun der 1937er Generatioun hunn - Zonen ausgewisen hunn an Exekutioun vum Règlement grand-ducal vun 2004, vun deem ech virdu geschwat hunn, ouni dass dann do och preziséiert gi wär, dass dat muss als Moyenne ugesi ginn.

Fir all déi Zonen hei am Land, vun deenen ech elo geschwat hunn, déi entweder no der 37er Gesetzgebung oder no der 2004er Gesetzgebung ausgewise gi sinn a fir déi net kloer definiert gouf, dass dee festgeluechten COS an CMU als Moyenne fir de gesamten Terrain vun engem PAP unzugesinn ass, bedeit dat also, dass fir all einzelnen Terrain dee festgeluechten COS an den CMU mussen respektéiert ginn, fir all eenzelne Lot, deen an deem neie PAP festgeluecht ginn ass.

Ech brauch lech net ze soen, dass d'ëscher net zu enger gudder urbanistescher Planung vun engem PAP bäidréit, fir net ze soen, et mécht se souguer um Deel onméiglech. Et féiert och dozou, dass eng Rei vu PAPen, an dat ass en Deel vun der Äntwert un den Här Hahn, dass eng Rei vu PAPen, déi elo kuerz virum Ofschluss stoungen, an där virgeluechterer Form net kënnen approvouéiert ginn an och net kënnen realiséiert ginn. Dat ass méi wéi bedauerlech, well elo am Joer 2015 eng ganz Rei Leit mussen Nodeeler a Kaf huele fir Feeler, déi 2004 geschitt sinn.

D'Cour huet awer och an hirem Uerteel net nëmmen, wann ech mech där esou ausdrécken, Problemer opgeworf oder geschafen, mä si weist, wann och verstoppt, zumindest e Wee an eng deelweis Léisung, andeems se unerkennt, dass fir déi Terrainen, wou am kommunale PAG-Reglement kloergestallt ginn ass, dass d'COsen an d'CMUen als Moyenne mussen ugesi ginn, dat och duergeet, fir et herno kënnen esou ze maachen.

Dat féiert eis also dozou, dass mer am Intérieur elo amgaange sinn, un enger Textpropositioun ze schaffen, déi mer de Gemenge per Circulaire wëllen zoukomme loossen a wou mer de Gemenge soen, si sollen déi esou schnell wéi méiglech an hir Partie écrite vun hirem PAG iwwerhuelen, fir de Problemer an deem Beräich aus dem Wee ze goen.

Ech fir mäin Deel ka mech dann och just fir den Intérieur engagieren, dass mir déi Reglementer, déi da geännert gi mat där Textpropositioun, déi mir maachen, esou schnell wéi méiglech wäerten ëmsetzen an och approvouieren.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Déi nächst Fro kënnst du von der Madame Martine Hansen, geet un den Här Landwirtschaftsminister a betrëfft e Réseau vum Pärdsfleeschhandel mat internationale Ramifikatiounen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n°106 du 28 avril 2015 de Mme Martine Hansen relative au démantèlement d'un réseau de trafic de viande de cheval, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs**

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Sécurité alimentaire läit eis alleguer um Häerz. Ech mengen, dat kann ech esou behaupten. Gutt zwee Joer nom leschte Pärdsfleeschskandal ass bei europawäite Razzien een neie Skandal opgedeckt ginn. Doduerch, dass Dokumenter gefälscht gi sinn, ass Fleesch, dat net méi fir d'Consumatioun geeegent war, awer op de Marché bruecht ginn. An och hei zu Lëtzebuerg sollen, laut Presseberichter, Razzien duerchgefouert gi sinn.

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech géif lech bieden, der Madame Hansen nozelauschten, wann ech gelift.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci!

Laut Press ass och dovunner ausgeginn, dass et sech ëm e grenziwwerschreidend organiséiert Verbrechen handelt.

An elo meng Fro un den Här Minister Etgen: Kënnst Dir bestätegen, dass och zu Lëtzebuerg Razzien duerchgefouert goufen? Wéi wäit ass Lëtzebuerg involvéiert? An der Press stoung „kaum involvéiert“. Wat heescht „kaum“?

Ass d'äers Fleesch och op de Lëtzebuerg Marché komm? Wéi fälschungssécher ass des Aart vun Dokumenter, sinn des Identitéitspabeieren? An eng lescht Fro: Wéi ginn hei zu Lëtze-

buerg Kontrollen organiséiert, fir esou Skandalen, virun allem beim Import vu Fleesch a Fleeschprodukter, ze verhënneren?

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Hansen. An d'Wuert huet direkt de Landwirtschaftsminister, den Här Etgen.

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.** - Merci, Här President. Merci och der Madame Hansen fir déi Fro do. D'Lëtzebuurger Justizkrut iwwer Eurojust, dat ass déi europäesch Koordinéierungsplaz fir d'Zusammenaarbecht vun den nationale Justizautoritéiten bei der Poursuite vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit, eng sougenannt „commission rogatoire“ vun de belsche respektiv vun de franséische Justizautoritéiten.

Doropshin hunn hei zu Lëtzebuerg Perquisitiounen stattfont, wouriwwer d'Justiz awer keng Detailer gëtt, well des ënnert de Secret de l'instruction falen. Des Weidere waren och d'Police an d'Justizautoritéiten vu Frankräich, der Belsch, Däitschland, Irland, Holland an England an deen dote Prozess involvéiert.

D'Informatiounen, déi hei bei deene Perquisitiounen fonnt goufen, ginn un déi auslännesch Autoritéiten weidergeleet, déi dann och d'Auswärtung vun deene Resultater maachen.

Gewosst ass awer, dass keng Lëtzebuurger Persounen a Betriber viséiert waren, mä dass et ëm eventuell Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg vun engem belschen Händler, deen och säi Sëtz an der Belsch huet, gong.

Laut Informatiounen vun Eurojust ass d'Ursach vun der Aktioun en illegalen Trafic vu Pärdsfleesch, wat net fir d'Chaîne alimentaire geduecht war a wat dann och kloer am Pärds-pass als „non admis à la consommation humaine“ markéiert muss ginn. Dat kann zum Beispill domadder ze dinn hunn, dass d'Päerd Medikamenter kritt haten, déi net fir de mënschleche Konsum zougelooss sinn.

Duerch d'Fälsche vun den Déierepass ass d'ëscher Fleesch trotzdeem als „apte à la consommation humaine“ deklaréiert ginn, wat e Verstooss géint déi europäesch Legislatioun duerstellt, wou d'Traçabilitéit vun all Zort Fleesch ëmmer garantéiert muss ginn.

D'Enquête war am November 2012 an der Belsch ugelaft, ass duerno 2013 a Frankräich ugelaft, bis dass dann Enn Abrëll vun deem Joer et zu deser gemeinsamer Aktioun koum.

E puer Resultater nach vun deser internationaler Aktioun: 26 Persounen si verhaft ginn, 37.000 Euro si bor saiséiert ginn. Méi wéi 200 Päerd wäerten nach vun de Veterinären ënnersicht ginn. E puer Dose Perquisitiounen goufen bei Entrepreneuren a bei Privatleuten ënnerholl a méi wéi 800 Pärdspass, Medikamenter, Mikrochips a Computer goufen saiséiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Landwirtschaftsminister.

Mir kommen dann zu der leschter Fro fir haut de Mëtten. Déi kënnst du von Här Henri Kox, riicht sech un d'Ëmweltministesch a betrëfft d'staatlech Bähilf vum engleschen, britesche Stat beim Bau vun enger neier Atomkraftzentral. Den Här Kox huet d'Wuert.

- **Question n°107 du 28 avril 2015 de M. Henri Kox relative au projet de nouvelle centrale nucléaire «Hinkley Point C», adressée à Mme la Ministre de l'Environnement**

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Haut ass am offizielle Journal vun der EU bekannt ginn, dass dat rechtskräfteg ass, wou d'EU-Kommissioun mat enger Décisioun vum 8. Oktober 2014 der englescher Regierung erlaabt, massiv Subventiounen engem Atomkraftwierk oder besser gesot zwee Atomkraftwierker ze gewähren. Dat ass d'Diskussion ëm Hinkley Point C, wou, wéi gesot, op där Plaz weider Atomreaktoren kënnen gebaut ginn.

Den Hoke bei där Saach ass, dass déi Atomreaktoren nëmmen da kënnen längerfristeg wirtschaftlech och funktionéieren, wann de Stat massiv investéiert, de Stat am Ganze praktesch 22 Milliarde wëllt an déi Atomreaktoren investéieren. Wat nach méi schlëmm ass, dat ass e garantéierten Aspeisungspräis vun 11 Cent pro Kilowattstonn, an dat iwwer 35 Joer!

Et muss een haut soen, dass d'Fotovoltaik an Däitschland bei ganz groussen Anlage schonn op deem Präis ukomm ass. A wann een d'Tendenz kuckt, déi geet ganz kloer no ënnen, soudass souguer hei laut enger rezenter Diskussion, déi mer an der Sous-commissioun haten, souguer fir Lëtzebuerg bis 2020 e Präis ëm déi Gréisstenuerdnung kann entstoën, soudass d'Fotovoltaik bei Wäitem, ouni Subventiounen, da méi wirtschaftlech ka funktionéieren wéi d'Atomkraft.

Dofir meng Fro un d'Ëmweltministesch: D'Ëmweltministesch oder d'Regierung huet gesot, si géif sech enger Klo vun der eisträichescher Regierung uschlëssen, fir géint déi doten Décisioun unzegoen. Wa jo, wéi geet dat vir sech? An zweetens: Wéi eng Auswierkung kann des Politik op déi europäesch Energiepolitik am Allgemengen hunn?

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kox. An d'Wuert huet direkt d'Ëmweltministesch, d'Madame Carole Dieschbourg.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Här Kox, villmools Merci fir déi Fro. Här President, Dir Dammen, Dir Hären, déi Décisioun vun der EU-Kommissioun ass den 8. Oktober gefall an de 15. schonn hu mir an der Regierung eis ganz kloer prononcéiert an hu beschloss, dass mir eis enger Klo wäerten uschlëssen. Enger Klo, déi a sech Eisträich schonn am Virfeld warnend prononcéiert hat a wou mir de 15. als Regierung beschloss hunn, dass mer deen Hinkley-Deal net einfach wëllen onbemierkt duerchgoe loossen an dass mer dergéint wëlle virgoen, an zwar am Sënn vun enger konsequenter Politik géint Atomkraft, eng Politik, déi Lëtzebuerg zanter Jore verfollegt.

Et ass esou, dass mat der Publikatioun, déi mer haut hunn, mer elo eng Aachtwochfrist hunn, fir déi Klo kënnen anzerechen. Ab haut leeft also d'Frist. A mir wäerten eis dann den Eisträicher, mat deene mer ganz gutt zesummeschaffen an deem Dossier, uschlëssen.

Firwat kloer mer? Dat betrëfft dann déi zweet Fro. Wa mer mat Hinkley Point massiv öffentlech Gelder an Atomenergie steechen, an eng Energie, déi a) net sécher ass a b) net rentabel, wéi et och scho gesot gouf, da maache mer eigentlech keng konsequent Politik, mä mir ënnerstëtzen eppes, wat mat laangfristige Subventiounen Auswierkungen op e Maartpräis huet, e Maartpräis, deen duerch des Subventiounen immens gedréckt gëtt. An dat léisst eis am Beräich vun den erneierbaren Energien eis Ziler, déi ambitiéis sinn, déi mer eis op EU-Niveau gesat hunn, net errechen. Dat erschweiert des Missioun.

A wa mir wëllen als EU an als Lëtzebuerg eng konsequent Energie- a Klimapolitik maachen, wa mer net hei nëmmen dat eent erzielen a soen, mir si géint Atomkraft, mä eis och zanter Jore géint Cattenom an awer och elo wëllen op europäeschem Plang eis als Regierung kloer géint des Energieform stellen, déi net sécher ass, da si mer bereet, dee Wee matzagoen an ze kloen. An dofir gi mer mat den Eisträicher zesummen deen heite Wee.

Villmools Merci.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Ëmweltministesch. Domat wäere mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mir géifen elo zu der Wahl vun enger Lëscht vun dräi Kandidaten fir de Poste vun engem Conseiller oder enger Conseillère à la Cour des Comptes iwwergoen.

## 7. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller à la Cour des Comptes

Esou wéi d'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Organisatioun vun der Cour des Comptes an d'Artikelen 114 bis 126 vum Chambersreglement et virgesinn, stelle mer also haut eng Lëscht vun dräi Kandidaten fir e Poste vum Conseiller bei der Cour des Comptes op.

No den Dispositiounen vun den Artikelen 118 an 119 vum Chambersreglement huet d'Präsidentenkonferenz den 23. Abrëll eng Kandidatelëscht mat dräi Persounen arrétéiert, déi un all Deputéierte verdeelt ginn ass.

Dat sinn an alphabetescher Reiefolleg: d'Madame Marie-Jeanne Conter, Conseiller oder Conseillère de direction adjointe am Finanzministère, den Här Marc Reiter, Secrétaire parlementaire adjoint, an den Här Yves Weber, Affekot.

D'Chambersreglement gesäit vir, dass d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et dierf een also net par procuratioun ofstëmmen. Nëmme d'Votten iwwert déi offiziell déposéiert Kandidature si valabel. D'Wahl vun Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongëlteg Wahlziedelen net a Betruecht gezu ginn.

De Fall, wou déi absolut Majoritéit net sollt erreicht ginn, erspueren ech lech elo an engem éischten Tour. Ech géif dorop zrëckkommen, wann déi absolut Majoritéit net erreicht wär.

Ech muss lech soen, dass hei en elektronische Vote net geet, well mer a Präsenz si vu méi Kandidaturen a well mer eng Reiefolleg musse

maachen. Also musse mer dee klassesche Vote maachen, wou d'Wahlziedele verdeelt ginn, an déi mussen dann ausgezield ginn.

An dat geschitt dann elo och direkt. Merci villmools.

**Vote sur le premier candidat**

Also, et ass och esou, dass eng Stëmm ze verginn ass. Wichtig Informatioun! Also net méi wéi eng ofginn, soss ass den Ziedel net gëlteg.

Sou, mir sammelen dann elo d'Wahlziedelen an an ech ruffen d'Nimm vun den Deputéierten eenzel op. Do, wou et méiglech ass, just mat de Familjennimm. Do, wou Verwiesslung këinte sinn, huelen ech och deen aneren Numm nach derbäi.

**Appel nominal**

Voilà, deen éischten Tour hätte mer geschafft. Ech géif da vläicht, fir auszezielen, kuerz d'Sëtzung ënnerbriechen.

(**La séance est suspendue à 15.54 heures.**)

\*\*\*

(**La séance est reprise à 15.59 heures.**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Sëtzung ass erëm op.

Mir hu 57 Leit, déi um Vote participéiert hunn. 2 Bulletins blancs, 1 nul, bleiwe 54 gëlteg Stëmmziedelen.

52-mol Conter an zweemol Weber.

Domat wär als éischt Kandidatin d'Madame Conter gewielt.

**Vote sur le deuxième candidat**

Da géife mer zum zweeten Tour iwwergoen. D'Stëmmziedele wann ech gelift verdeelen!

Si mer prett?

(**Assentiment**)

Ech mengen, mir si prett, fir d'Wahlziedelen anzesammelen.

**Appel nominal**

Voilà. Da si mer um Enn vum zweeten Tour an ech géif nach eng Keier d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen.

(**La séance est suspendue à 16.08 heures.**)

\*\*\*

(**La séance est reprise à 16.11 heures.**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Sëtzung ass erëm op.

Mir hunn 58 Deputéierter, déi sech um Vote bedeelegt hunn. 5 Bulletins blancs, domat 53 valabel Bulletinen.

46 Stëmmen falen op den Här Reiter a 7 op den Yves Weber.

Domat wär den Här Reiter als zweete Kandidat vun eis bestëmmt a mir géifen da vläicht an enger Minutt...

**Vote sur le troisième candidat**

(**Concertation interne**)

Just no enger kuerzer Ofstëmmung hei ënner eis: Vu dass et dräi Kandidaturen nëmme gouf, en éischten am éischten Tour kloer duerchkom ass, en zweeten am zweeten Tour als Nummer zwee designéiert ginn ass, ass eigentlech automatesch deen Drëtten den drëtten Kandidat, wann d'Chamber dat esou wëllt.

An dofir stellen ech lech d'Fro, ob Dir dat esou wëllt.

(**Assentiment**)

An dat schéngt de Fall ze sinn. Dann ass et esou decidéiert, dass deen drëtten Kandidat den Här Weber ass.

Villmools Merci.

Da géife mer festhalen, dass den éischten Kandidat den Här Reiter ass.

► **Plusieurs voix.** - Neen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Pardonn, d'Madame Conter.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Elo wollt ech et ze gutt maachen. D'Madame Conter éischt Kandidatin, zweete Kandidat den Här Reiter, an drëtten Kandidat den Här Weber.

Voilà, da géife mer zu der Designatioun vun dräi Kandidaten fir de Poste vun engem Conseiller oder enger Conseillère d'État iwwergoen.

## 8. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État

Sou wéi d'Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert d'Reform vum Statsrot an d'Artikelen 115 bis 125 vum Chambersreglement et virgesinn, stelle mer haut eng Lëscht op vun dräi Kandidaten fir de fräie Posten am Conseil d'État.





No den Dispositiounen vun den Artikelen 118 an 119 vun eiselem Règlement huet d'Présidentekonferenz an hirer Réunioun vum 23. Abrëll eng Kandidateléscht mat néng Kandidaten arrétéiert.

Et sinn an alphabetescher Reiefolleg: den Här Luc Aniset, Dokter; den Här Maurice Bauer, Secrétaire général vun der Bourse; den Här Jean-Marie Bauler, Affekot; den Här Jean-Marc Cloos, Dokter; den Här Henry De Ron, Affekot; den Här Charles Hurt, Affekot; den Här Jean-Luc Linster, Direkter vu Linster Bureautique; den Här Jeannot Nies, Premier avocat général um Stater Parquet, an den Här Robert Schons, Affekot.

D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et daerf also net par procuratioun ofgestëmmt ginn. D'Votten iwwert déi offiziell déposéiert Kandidaturen, nëmme d'Votten iwwert déi déposéiert Kandidature si valabel. Erëm eng Kéier ass hei d'absolutt Majoritéit an deene verschiddeenen Tier, déi zielt. A jiddwereen daerf nëmme eng Stëmm ofginn.

Wat passéiert, wann d'absolutt Majoritéit net ginn ass, soen ech lech herno.

**Vote sur le premier candidat**

Mir géifen dann direkt zur Ausfüllung vun de Wahlziedelen iwwergoen, déi amgaang sinn, verdeelt ze ginn.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Här President, wéi ugekënnegt verlosse mir dann elo de Sall.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech huelen dat zur Kenntnis.

Huet jiddweree säin Ziedel? Nach net just. Dat ass awer elo de Fall. Sidd Der prett?

**(Assentiment)**

Gutt, da géife mer dat erëm esou maachen, wéi mer dat elo scho gewinnt sinn.

**Appel nominal**

Voilà. An da géife mer erëm kuerz ënnerbriechen.

**(La séance est suspendue à 16.21 heures.)**

\*\*\*

**(La séance est reprise à 16.26 heures.)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Sëtzung ass erëm op.

An hei d'Resultater vum éischten Tour: Mir hate 57 Deputéierter, déi sech um Vote bedeelegt hunn. Dobäi 4 Bulletins blancs, 1 nul, bleiwen 52 valabel Bulletinen.

46 Stëmme falen op den Här Nies, 2 op den Här Bauler, jee 1 op déi Häre Linster, Bauer, Aniset a Schons. Domat wär de Jeannot Nies am éischten Tour als éischte Kandidat designéiert.

**Vote sur le deuxième candidat**

A mir géifen dann direkt iwwergoen zu dem Vote iwwert den zweete Kandidat.

Wéi wäit si mer? Ech ginn dovun aus, dass mer d'Ziedelen alleguer verdeelt an och ausgefëllt hunn, soudass mer se elo kënnen asammelen. Sidd Der prett? Okay, da fuere mer duer.

**Appel nominal**

Voilà, mir géifen d'Sëtzung erëm fir e puer Momenter ënnerbriechen.

**(La séance est suspendue à 16.31 heures.)**

\*\*\*

**(La séance est reprise à 16.36 heures.)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Sëtzung ass erëm op.

Mir hu 57 Deputéierter, déi sech um Vote bedeelegt hunn. 4 Bulletins blancs, 1 nul, 52 valabelen.

43 Stëmme falen op de Jean-Marie Bauler, 3 op Aniset, 2 op Cloos, 2 op Linster, 1 op Bauer an 1 op Schons.

Domat wär am zweeten Tour den Här Bauler als zweete Kandidat fir e Poste vum Conseiller d'État vun der Chamber designéiert.

**Vote sur le troisième candidat**

Hei muss mer en drëtten Tour maachen, well mer nach e ganze Koup Kandidaten iwwereg hunn. A mir brauchen nach e puer Momenter, bis dass d'Stëmmziedelen ausgedeeelt sinn.

**Appel nominal**

Voilà! Domat si mer um Enn vum drëtten Tour a mir ënnerbriechen d'Sëtzung nach eng Kéier ganz kuerz.

**(La séance est suspendue à 16.42 heures.)**

\*\*\*

**(La séance est reprise à 16.49 heures.)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Eis Sëtzung ass erëm op.

Mir hu 57 Deputéierter, déi sech un der Ofstëmmung vum drëtten Tour bedeelegt hunn. Mir hu 4 Blancen, domat sinn 53 Stëmmziedelen okay.

An als Éischte klasséiert sech den Här Maurice Bauer mat 43 Stëmmen, virum Här Aniset mat 5, dem Här Cloos mat 3 an den Häre Schons a Linster mat jee 1 Stëmm.

Domat wäere mer um Enn vum eiselem Wahlgang ukomm an déi dräi Kandidate fir e Posten am Statsrot klasséiert sech der Rei no: éischten den Här Jeannot Nies, virum Jean-Marie Bauler a virum Maurice Bauer. Voilà!

Dann hätte mer fir déi zwee Posten, deen ee vun der Cour des Comptes an den zweete vum Conseil d'État, eis Kandidate bestëmmt a mir géifen dann iwwergoen zu deenen nächste Punkte vun eiselem Ordre du jour.

Als nächste Punkt hu mer d'Question élargie n°5 vum Här Gérard Anzia iwwert den Office National du Tourisme. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

**9. Question élargie n°5 de M. Gérard Anzia relative à l'Office National du Tourisme**

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll de Mëtteg dovun profitéieren, fir eng Fro un d'Madame Statssekretärin Francine Closener am Ekonomiesministère betreffend déi nei Organisatioun vun dem ONT an den ORTen ze stellen.

Et war jo ufanks Mäerz, wéi d'Madame Ministesch eng Modifikatioun oder e Moderniséierungsplang vun den touristeschen Infrastrukturen zu Lëtzebuerg virgestallt huet, wou et eben och drëm gaangen ass, de Rôle vum ONT an och vun den ORTen nei ze definéieren a wou och en neien Office Régional du Tourisme ugekënnegt ginn ass.

A wann Der do eng Kéier - ech maachen eng kleng Parenthèse op - lech d'Landkaart e bësse virum Ae féiert, da gesitt Der, wa mer am Norden en ORT „Ardennen“ hunn, a wa mer dann eriwerginn an de Mëllerdall, deen ofgedeckt ass duerch en ORT, d'Musel iwwer hiren, dann hu mer nach deen am Süden, den „RedRock“, da bleift awer op der Landkaart nach e wäisse Fleck. An dee wäisse Fleck betrëfft mäin eegene Kanton, de Kanton Réiden, awer och de Kanton Capellen.

Déi ginn am Moment, wéi eben och den Zentrum, wéi eben och de Kanton Miersch, iwwert den ONT ofgedeckt, wat jo natierlech nëmme eng Couverture ka sinn, déi a sech der Saach, der Regioun net gerecht gëtt an de Spezifikatiounen vun där Regioun net gerecht gëtt.

Dofir hunn ech hei véier Froen, déi ech wëllt un d'Madame Statssekretärin stellen. Déi Éischt wär: Wat ass de Rôle vun deem Office National du Tourisme no senger Reform? Wat fir en Afloss huet dës Reform op de Fonctionnement vun den ORTen, op déi bestehend oder op deen neien, deen da soll do kommen? Wéi gëtt d'Koordinéierung tëschent ONT an den ORTen assuréiert no dëser Reform? A sinn duerch dës Reform vum Office National du Tourisme d'Bäihëllefen un d'Gemengen, déi sech jo regroupéieren an engem Office Régional du Tourisme, sinn déi dovun betraff? A wann dat esou ass, a wat fir enger Form an a wat fir engem Ausmooss?

Dat wäere meng Froen, an ech sinn da ganz gespannt op d'Antworten. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Wuert huet direkt d'Statssekretärin fir Tourismus an nach vill aner Saachen, d'Francine Closener.

► **Mme Francine Closener**, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Här President, ech wëll dem honorablen Deputéierten Anzia Merci soe fir déi pertinent Froen. Wat ass dem ONT seng Roll no der Reform? Fir dat ze beäntweren, erlaabt mer vläicht fir d'Éischt e puer Wuert, fir ze erklären, firwat déi Reform eigentlech néideg ass am Sënn vun enger Moderniséierung vum ONT.

Esou wéi de Regierungsprogramm et virgesäit, si mer jo am Wirtschaftsministère amgaang, un enger nationaler Strategie fir dee ganzen Tourismus ze schaffen. Déi Strategie huet eng ganz Partie Voleten an d'Promotioun ass natierlech ee vun deene wichtegste Piliere. An datt déi Promotioun nach bei Wäitem net gutt genuch ass, dat weisen Enquëten, déi mer d'lescht Joer maache gelooss hunn am August. Deemno ass Lëtzebuerg trotz allen Efforten, déi mer gemaach hunn déi lescht Joren an der Promotioun, als Vakanzendestinatioun am Ausland oder bei den Touristen nach wäitgehend unbekannt.

Zoustänneg fir déi national Promotioun an och fir déi national Koordinatioun ass den ONT, eng Struktur, an do sinn ech ganz sécher, datt Der dat och esou gesitt, déi an der aktueller Form net méi zäitgeméis ass. Den ONT gëtt et elo zanter 84 Joer, e fonctionnéiert als Asbl. Dat ass e Statut, dee schon 2008 vun der Cour des Comptes a Fro gestallt gouf. Dat ass och e Statut, dee keng kommerziell Aktivitéit erlaabt.

Firwat ass dat net gutt? Ma zum Beispill, well den ONT dowéinst op sengem Internetsite iwwerhaapt guer keng Séjoure vu Lëtzeburger Hotelle verkafe kann. Wann en Tourist esou ee Séjour awer op engem auslännesche Booking-Site keeft, da muss den Hotel hei zu Lëtzebuerg eng ganz zolidd Kommissioun un deen Internetsite bezuelen, an zwar bis zu 28% vum Präis vum Hotelszëmmer!

Ech mengen, dat ass net sënnvoll. Mir wëllen dat änneren. A wann dann an Zukunft esou Séjournen iwwert den ONT-Site verkaaft ginn, da kritt den ONT dofir eng Kommissioun, déi éischters vill méi niddreg ass wéi déi 28%, an zweetens fléissen déi Suen dann erëm integral zréck an d'Promotioun. Dat ass also e Reinvestissement an déi eege Saach.

Et gëtt awer och nach eng ganz Rei aner Defiziter bei der Asbl ONT: a puncto Gouvernance, a puncto Representativitéit an och wat de Financement ugeet, wou den ONT den Uspréich vum 21. Jorhonnert ganz einfach net méi gerecht gëtt.

Stéchwuert Gouvernance: De Wirtschaftsministère subventionéiert den ONT zu 80%. Dat si ronn 3,5 Milliounen Euro d'Joer. Am Verwaltungsrot vum ONT, wou 28 Membere setzen, huet de Ministère awer just eng Stëmm, also genausou vill wéi ee Syndicat, dee 500 Euro d'Joer an den ONT bezilt.

Dann d'Representativitéit: D'ORTen, also déi professionell Akteuren an de Regiounen, déi si guer net am ONT vertrueden. Dovunner ofgesinn ass vum Süde keen eenzege Verrieder an iergendengem Décisionsgremium. D'Musel ass staark ënnervertrueden. An an engem Gremium, dem Conseil de gérance, gëtt et eng ganz Regioun, de Mëllerdall, déi just duerch de Buergermeeschter vun enger Gemeng vertrueden ass.

De Privatsecteur sengersäits, dee spillt kaum eng Roll, eng minimal Roll am ONT, en ass kaum vertrueden. D'Horesca ass zum Beispill just am Conseil d'administration, well se kooperéiert gouf. Och dat kann eigentlech net sinn.

An da gëtt et dee wäisse Fleck an der touristescher Landschaft, vun deem Deputéierte scho geschwat huet, de Westen an den Zentrum, ofgesi vun der Hauptstadt natierlech. Westen an Zentrum spille bei der Vermaartung absolutt guer keng Roll. Do gëtt et jo guer keen ORT. An all déi Attraktiounen, déi et am Westen an am Zentrum ganz sécher gëtt, déi ginn eigentlech absolutt an der Vermaartung total negligéiert.

Wat da finalement nach de Financement ugeet, ass et esou, datt de Ministère, wéi gesot, den ONT jo zu 80% subventionéiert, parallel awer och Suen un d'ORTE gëtt. An engems bezuelen awer och d'Gemengen an d'Syndicaten an d'ORTen a parallel och nach eng Kéier an den ONT. Dat ass alles komplizéiert. Et suert fir vill Duerjerneen an och Onverständnis. Dat ass de Status quo.

Wat wëlle mer elo maachen? Wat wëlle mer mat der Reform erreechen? Abee, mir wëllen e GIE grënnen, e Groupement d'intérêt économique. Déi Struktur huet sech bewährt. Déi gëtt et zum Beispill och fir Luxinnovation, fir „Luxembourg for Business“, „Luxembourg for Finance“. Déi Struktur eegent sech och exzellent fir d'Missioun vum ONT.

Wie gëtt Member? Natierlech, nieft dem Ministère, wieren dat dann déi véier ORTen: Ardennen, Mëllerdall, Musel, Süden. An dann eben och deen neien ORT Zentrum/Westen, dee mer an deenen nächste Méint wëlle grënne.

Awer och aner Partner kréien do hir Plaz, aner institutionell Partner. Ech denken do eben un d'Hauptstad, un den LCTO. An ech géif et och ganz gutt fannen, wann den LCTO méi eng grouss Roll géif spillen an deem neie GIE, wéinst der Erfahrung an der Kompetenz, déi et beim LCTO gëtt. Stad a Land hunn hei jo an engem ganz grouss Mooss déiselwecht Intérëten.

Fir de Privatsecteur huet d'Chambre de Commerce scho laang Intérêt ugemellt, fir derbäi ze sinn. Si si jo ganz interesséiert un der Promotioun vum Land. Et muss ee jo och bedenken, datt direkt an indirekt em déi 20.000 Aarbechtsplaz vum Tourismussektor ofhänken.

An da kënnen och Privatentreprisé vum nationaler Envergure Member ginn am GIE. Ech denken do zum Beispill un eng Luxair oder och eventuell un eng CFL.

Mat där Struktur gëtt dann awer och d'Representativitéit besser. D'ORTE ginn de Relais tëscht dem ONT engersäits an de Gemengen a Syndicaten anerersäits. Mir hunn eng professionell Verriedung vun de Regiounen an d'Regiounen kréien endlech méi Poids an der nationaler Struktur. Mir schafen e besseren Équiliber tëscht dem Secteur public an dem Secteur privé.

Dann a puncto Financement hu mer et mat enger Simplification administrative ze dinn, well d'Gemenge mussen an Zukunft just nach op eng eenzeg Plaz bezuelen, an zwar an hiren ORT.

Dohinner fléisst awer dann och d'Cotisiatioun, déi se bis elo an den ONT bezuelt hunn, well, léif Députés-maires: Dës Reform ass absolutt keng Spuermoosnam! De Stat schrauft seng Subventioun ganz sécher net zréck mat dëser Reform, ganz am Géigendeel. An et ass eben och keng Spuermoosnam fir d'Gemengen, well den ONT-Montant vu bis elo eben an Zukunft dem jeeweilegen ORT zeguttkënnert aus der Regioun. An engems ass et jo dann och fir de Buergermeeschter oder eng Buergermeeschtesch méi einfach ze erklären an nozevollzéien, wat mat de Cotisiatiounen geschitt.

Op alle Fall brauche mer op d'mannst déiselwecht Moyenen, finanziell Mëttele fir d'Promotioun, respektiv ginn ech dervun aus, datt mer herno nach méi Mëttele hu wéi elo, well jo och de Privatsecteur, wann e wëllt Member ginn, e finanzielle Bäitrag muss leeschten, souzeseen en Entréesticket bezilt, fir kënnen Member ze ginn, fir kënnen matzeschaffen an och matzeschwätzen.

Den ONT kann deen Ament sengem Rôle als nationale Coordinateur nees méi gerecht ginn a sech dann och komplett op seng eigentlech Missioun konzentréieren, nämlech op d'Promotioun vu Lëtzebuerg mat alle senger regionalen Attraktiounen. An e kann, wéi gesot, dann och kommerziell Produkter ubidden, wat der ganzer Branche zeguttkënnert.

Wann alles leeft wéi geplangt, an et gesäit ganz gutt aus, dann ass de GIE ONT den 1. Januar d'nächst Joer operationell.

Dann d'Fro: Huet d'Moderniséierung vum ONT en Impakt op de Fonctionnement vun den ORTen? Jo, sécher, kann ech do just soen! Sécher huet dat en Impakt. An Zukunft si jo, wéi gesot, dann net méi d'Gemengen an d'Syndikater direkt Member am ONT, mä et sinn d'ORTen. Domadder kréie si méi Responsabilitéit, d'Responsabilitéit, fir hir jeeweileg Regioun an der nationaler Promotiounsinstanz ze verrieden. Do, wou se och ganz kloer higeheieren, well se jo haut schonn déi touristesch Produkter entwéckelen, definéieren. Si iwwerhuelen also ee fir alle Mol de Rôle vum touristesche Coordinateur an der jeeweileger Regioun.

Et gëtt also e positiven Impakt fir d'ORTen. Hir Missioun bleiwen awer natierlech déiselwecht. Dat heescht also: mat den Instanzen, mat den Akteuren zesummeschaffen, fir gemeinsam Produkter ze entwéckelen an déi touristesch Offer méi visibel ze maachen.

D'Koordinatioun tëschent ONT an ORTen: Alle béid sinn et jo bis elo Asblen, déi mam Wirtschaftsministère konventionéiert sinn. An der jeeweileger Konventioun ass da festgehale, wéi den ONT an déi ORTen zesummeschaffen. Dat gëtt och esou bäibehalen. Dat gëtt och am GIE verankert, fir eben d'Zesummenaarbecht tëscht den Haaptakteuren weiderhin ze garantéieren. A si gi jo dann, wéi gesot, och Member vum ONT, bedeelege sech finanziell, kënnen da matschwätzen, wann et em d'Tourismuspromotioun am Ausland geet.

Nach eng Kéier: D'Regiounen kréie méi Poids. Ech fannen dat ganz gutt a richtig. D'ORTE sinn emgedréit natierlech och responsabel, fir déi national Strategie dann awer och an hirer Regioun ëmzesetzen.

Dann zur Fro, ob déi finanziell Hëllef fir d'Gemengen, déi sech an den ORTe regroupéiert hunn, betraff sinn. Also, de Ministère huet absolutt net wëllen, déi Hëllef fir d'ORTen zréckzeschrauwen. Ganz am Géigendeel. Ech mengen, datt mer eben och, well mer en neien ORT Westen/Zentrum schafen, nach eng Kéier eng gutt Schëpp dropleeën. Hei muss mer kucken, wéi dee Financement herno sech op déi verschidde Regiounen wäert verdeelen. Do si mer amgaangen ze kucken. Mir hu muer nach eng Réunioun, fir ebe genau iwwert dat doten ze schwätzen, mat deene véier ORTen, awer och mat deene Responsabele vu LEADER West, well et jo elo do nach keen ORT gëtt.

A wat déi finanziell Hëllef ugeet fir d'Gemengen, déi an den Tourismus investéieren, déi



ginn natierlech och weiderhi vum Wirtschaftsministerium accordéiert. Dorunner ännert sech näischt. Et sinn net d'ORTen, déi zoustänneg sinn, fir de Gemenge bei den Investissementsprojekten ze hëllefen, dat leeft nach ëmmer weiderhin iwwert de Ministère.

Nach vläicht just ee Wuert zum ORT Westen/Zentrum: Mir wëlle just een ORT grënnen, well et awer fir déi zwou Regiounen net déi néideg Masse critique gëtt um touristesche Plang, déi een ORT pro Region géif erfuerechen oder och justifiéieren. Wéi gesot, et geet hei net ëm d'Haaptstad. Déi huet jo hir eegen Organisation. An déi Hauptstadt spillt am neie GIE eng besonnesch Roll.

Deen neien ORT soll also de Westen ofdecken an alles, wat am Zentrum net Hauptstadt ass. Mir baséieren eis do ganz einfach op de Modell, no deem och schonn déi aner ORTe gegrënt goufen. Deen huet sech bewährt. Fir unzefänke maache mer eng Analys vun de Schwächen a Stärken an da maache mer Workshope mat deene verschiddenen Akteuren, dann e Masterplang. Do komme mer nach op déi verschidden Akteuren zou, fir dat elo esou séier wéi méiglech hinzekréien. Mir hätten dat nämlech gären och operationell fir den 1. Januar, fir datt mer dann do alles aus engem Goss kënnen maachen.

Här President, ech kommen zum Schluss. D'Reform vum ONT ass iwwerfällg. Mir mussen déi Strukturen adaptéieren, fir datt se méi effikass funktionéieren, fir datt d'Regiounen an der Vermaartung an Zukunft besser vertrauede sinn, fir datt de Privatsektor awer och méi ass wéi just eng Zort „Zaugast“, wann et ëm déi touristesch Promotioun geet.

Den Tourismus ass e ganz wichtegen ekonomesche Sektor. A mat der Reform vum ONT maache mer en décisive Schratt, fir d'Potenzial, wat an deem Sektor nach näipt, nach richtig ze notzen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Statssekretärin. Wann den Här Anzia nach eng Kéier wëllt nohaken, kann en dat.

**(Négation)**

Wann en awer eng ganz zefriddestellend Äntwert kritt huet vun der Madame Statssekretärin, dann ass domat déi Question élargie evakuéiert.

A mer géifen zu eisem nächste Punkt kommen, dem Projet de loi 6796, engem klengen Nobrenner zum Statsbudget. An d'Wuert huet direkt - den „Budgetsberichterstatter“, wollt ech soen, respektiv - de Rapporteur vum Projet de loi 6796.

Dir musst zouginn, Här Fayot, ech hunn dat gutt ausgedréckt mam „Nobrenner“.

**(Hilarité)**

## 10. 6796 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Jo, jo! Merci, Här President. De Projet de loi, mat deem mer eis elo befaassen, ass, wéi de Président et sot, eng Korrektioun vun engem Oubli am Budgetgesetz, dat mer am Dezember gestëmmt hunn. Den Artikel 42 aus dem Budgetgesetz ass iergendwann an de leschte Streich vun der Budgetprozedur aus dem Text erausgefällt, soudatt dat gestëmmt a publizéiert Gesetz direkt vum Artikel 41 op den Artikel 43 spréngt.

Bon, dat ass bedauerlech. De Rapporteur hätt dat, mengen ech, och misse gesinn. An dofir géif ech mech och gäre bei der Chamber entschëllegen.

Et ass awer dofir néideg, fir diesen Artikel 42 ouni juristesche Onsicherheit an am Respekt vun eiser legislativer Prozedur uwendbar ze maachen, fir eng nei Loi modificative ze stëmmen.

Bon, et handelt sech bei deem Artikel 42 ëm eng Dispositioun am Beräich vun der Krankenversicherung, déi verschidde konventionell Tariffer um Niveau zum 31. Dezember 2014 fir 2015 afriert, fir se dann op e Pied d'égalité ze setze mat den Tariffer vun de Prestataire, déi par lettre-clé festgesat ginn.

Um Prinzip gëtt et bei deem Gesetz keng Diskussioun. An de Statsrot hat och kee Commentaire zu deser Dispositioun, weder am Kader

vum Budgetgesetz nach am Kader vun deser Loi modificative. Hien opposéiert sech och net der retroaktiver Wirkung vun deem Gesetz, fir dass déi Dispositioun zesumme mam Budgetgesetz kann a Kraaft trieden.

Ech ginn och heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet de loi.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. Wuertmeldungen dozou? Ech hat hei stoen: den Här Wiseler pour accord. Da géif ech emol unhuelen, dass deen Accord do ass. Ech hunn d'Madame Elvinger hei stoe pour accord.

**Discussion générale**

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Ech géif dem Här Fayot Merci soe fir dee kuerzen a gudde Rapport. An ech ginn domat den Accord och vun der DP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Madame Elvinger. D'Madame Loschetter, och fir...?

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Genau datselwecht. Här President, mir soen dem Här Fayot Merci. Eng Kéier e mënschleche Feeler, dat gëtt et. Dofir ass keng Excuse noutwendeg. A mir ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Vu dass et méi oder manner e kollektive Feeler war,...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Eben.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...ass dat net weider verwonnerlech. Weider Wuertmeldungen?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall. Da géif ech dem Finanzminister d'Wuert ginn.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Ech mengen, et ass eis allegueren hei e Feeler ënnerlaf. A mir sinn all rasonabel a mir verbesseren dat. A mir ginn eis domat d'Sécurité juridique, déi mer onbedéngt brauchen. A mir sinn och pragmatesch, andeem mer déi Dispositioun vum 1. Januar u lafe loosse. Domat hu mer elo Clartéit. An et ass dat, wat mer hei brauchen. An ech soen allegueren de Participantë Merci fir hiert Verständnis.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6796 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6796**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

Mir hu 60 Deputéierter, déi direkt oder indirekt um Vote deelgeholl hunn: 57-mol Jo an 3-mol Neen. Dat hei ass selten, dass et esou séier geet. Merci himmools!

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Tess Burton), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Da géife mer zu dem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Et ass eise leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut an et handelt sech ëm d'Interpellation vum Här Justin Turpel iwwer LuxLeaks. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Dir kennt d'Riedezäiten, ech brauch lech se net nach eng Kéier ze soen. An et ass nach Zäit, fir sech anzeschreien.

An elo huet direkt den Här Turpel d'Wuert, wuel fir d'virescht Kéier an deem Parlament, vläicht och net.

Dir hutt d'Wuert.

## 11. Interpellation de M. Justin Turpel sur «LuxLeaks»

**Exposé**

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, léif Kolleegen, ech wëll an néng Punkten duerleeën, wourëms et eis bei där Diskussioun do geet.

Éischt Punkt ass d'Envergure vu LuxLeaks. 25 Joer nodeem domat ugefaange gouf, gëtt elo zu Lëtzebuerg an der Chamber fir d'Éischt iwwer ATAen, „advance tax agreements“, oder Tax Rulings oder Décisions anticipées, Rescrits fiscaux, egal wéi mer se wëllen nennen, diskutéiert.

Et ass awer net déi éischte Kéier, dass an der Politik doriwwer diskutéiert, sech domadder befaasst gëtt. Dat war erwisenermoosse schonn 1997 de Fall, wéi de Jeannot Krecké ee Rapport gemaach huet iwwer Steierhannerzëiung a wéi e sech och mat der Problematik befaasst huet, soit datt, wéi säi Rapport bis definitiv war, déi Säiten draus verschwonnen waren.

Och 2012 huet d'Regierung deklaréiert, de Minister um Fernseh, si géifen en Aarbechtsgrupp asetzen, fir iwwert d'Rulingen ze schwätzen; mä och vun deem Aarbechtsgrupp ass haut keng Spur méi ze fannen.

Et huet missen zu engem gréisseren Leak, genannt LuxLeaks, kommen, fir datt d'Effentlechkeet gewuer gëtt, wat do leeft. An dat, wat do an deem Beräich leeft, ass net vu schlechten Elteren!

Ech wëll just dräi Beispiller ginn, aus 343 Betriber, mat 840 Rulingen, esou wéi se am LuxLeak-1-Skandal bekannt gi sinn.

Éischt Beispill: Op de Benefisser, déi den US-amerikanesche Kuréierdëngscht FedEx no Lëtzebuerg bréngt, gëtt net emol 0,1% Steiere bezuelt. Zweet Beispill: E.ON, ee grouse Multi, dee mer all kennen, bezilt op 130 Milliounen Benefisser 1.600 Euro Steieren. Amazon, fir dann emol ee Betrib ze huelen, deen och zu Lëtzebuerg eng minimal Aktivitéit huet, léisst Benefisser vu 519 Milliounen op Lëtzebuerg komme fir Lizenzgebühren a bezilt domadder iwwerhaapt keng Steieren. Aner Beispiller sinn Apple, Heinz, Pepsi-Cola an esou weider an esou fort.

Och beim LuxLeaks 2 den 9. Dezember sinn aner Firmaen, wéi Disney, Koch, Skype an d'Diskussioun komm, esou wéi déi europäesch an amerikanesch Gewerkschafte vun effentlechen Dëngscht och ee groussen Dossier gemaach hunn iwwert d'Steieroptimiséierung, -hannerzëiung vu McDonald's oder McDo.

Wann een dat gesäit, da versteet een, firwat datt 170 vu 500 där weltgréissten Entrepreneuren eng Succursale zu Lëtzebuerg hunn a firwat datt d'OECD vun aggressiver Steierplanung a vu Radikaliséierung an der Steiervermeidung schwätzt. No Zuele vun der amerikanescher Regierung si vu 95 Milliarden Dollar, déi 2012 duerch Lëtzebuerg geschleist si ginn, just 1,04 Milliarde Steiere bezuelt ginn. Dat heescht, 1,1% Steiere fir déi Betriber, déi iwwer Lëtzebuerg 95 Milliarden Dollar duerchgeschleist hunn.

Wa Konzernner manner Steiere bezuele wéi een Duerchschnittsaarbechter, dann ass eppes faul am Stat. Wann de Bäcker an en Elektrikerbetrib 28% Steiere bezuelen, während ee Multi just brauch 1% oder manner ze bezuelen, da si mer an enger gewaltiger Schiflag. A mir hu missen op d'Revelatiounen vu LuxLeaks de 5. November 2014 waarden, fir dat gewuer ze ginn!

Vill Leit, och an deser Enciente, waren iwwerrascht iwwert d'Ausmooss, dat am Fong geholl de LuxLeaks an d'Rulingen zu Lëtzebuerg haten, an zwar dat mindestens an dräifacher Hisiicht: éischtens, wat d'Unzuel vun de Firmaen ugeet, zweetens doriwwer, ëm wéi eng Firmaen et sech handelt, an drëtzens, wat d'Ausmooss vun der Steieroptimiséierung/-vermeidung ugeet, dat sech do hannendru verstoppt.

Während aacht Méint, vum Abrëll bis November 2014, hunn 80 Journalisten aus 26 Länner eng ganz seriö a wichteg Aarbecht gemaach. Zur Verfügung hate si soss näischt, wéi déi Rulingen vu PwC vun 2002 bis 2010, déi si iwwer verschidde Weeër kritt haten.

Bedenkt een, datt dat just eng Period ass vun aacht Joer, datt d'Rulingen awer vun 1990 un, dat heescht zënter 22 Joer lafen, weess een, datt déi Rulingen nëmmen d'Spëtz vum Aisberg sinn an et kann ee sech d'Ausmooss vun de Rulingen zu Lëtzebuerg, dat bei sécherlech iwwer 10.000, wann net iwwer 20.000 Rulinge läit, ausmolen.

Loosse mer et och kloer soen: D'Ursach vun der Revelatiounen vum Consortium ass net d'Kandidatur vum Jean-Claude Juncker fir d'Présidence vun der EU, mä eng Praxis, déi skandaléis ass! An dat, wat de Jean Asselborn als „Steiertrickereien, déi net méi zougelooss solle ginn“ bezeichent huet, huet eng Kéier missen opfléien. Tatsächlech huet Lëtzebuerg, wéi de Finanzminister eng Kéier gesot huet, „vill ze laang vill ze vill iwwerdrüwen“. Dat ass d'Ursach vu LuxLeaks, an net ee Komplott aus dem Ausland!

Zweete Punkt, eng Stellungnahme vun der Union vun de Fiskalbeamten an Europa. An engem Communiqué vum 2. Dezember erkläert d'UFE, d'Union vun Finanzpersonal a ganz Europa - dat ass d'Personal, wat an den EU-State mat dem Akasséieren a Kontrolléieren vun de Steiere beoptragt ass -, wat si vun där Praxis vu Rulingen halen.

Si schreien: «Si les informations des médias sont exactes, 22 des 28 États membres de l'Union européenne accordent des „rulings“ à des entreprises installées effectivement ou fictivement sur leur territoire.» A si schwätzen net nëmme vu Lëtzebuerg! «L'UFE se demande si les propos des autorités fiscales des pays concernés sur la légalité des „rulings“ sont crédibles. Elle estime qu'ils ne sont rien d'autre que des instruments de fraude, voire même d'escroquerie fiscale, organisée à grande échelle et de manière sophistiquée par les „Big Four“ et les études d'avocats d'affaires, pour ensuite être approuvée par les administrations fiscales des États membres.

L'UFE se doit de rappeler que chaque „ruling“ accordé dans un pays provoque un manque à gagner d'impôts dans un autre pays. Le vrai problème est le fait qu'il ne s'agit pas de millions, mais de milliards d'impôt manquant dans les budgets des États concernés. La conséquence en est qu'en fin de compte tous les États sont obligés de mener une politique d'austérité avec toutes les conséquences sur la croissance, le chômage et les budgets sociaux. Pour ces raisons, l'UFE exhorte les gouvernements européens d'interdire la pratique des „rulings“ dans les pays européens, de conclure des contrats interdisant la pratique des „rulings“ dans tous les pays de l'OCDE (à l'image des accords FATCA).» Enn vum Zitat.

Net, datt Der mengt, d'Union vum Finanzpersonal hätt eppes géint d'Finanzinstitute oder multinational Gesellschaften, wa se dat schreien. Bien au contraire! Si sinn an alle State beoptragt, derfir ze suergen, datt de Stat genuch Akommes huet fir Infrastrukturen an effentlech Dëngschtleschtungen. Och de Syndicat unifié des impôts directs vu Lëtzebuerg ass aktive Deel vun der UFE. An d'UFE liwwert och direkt Propositionen mat, wat ee kuerzfristeg ännere misst. Ech kommen dorobber zrëck.

Drëtte Punkt, organiséierten Déifstäl. Den europäesche State ginn op déi Aart a Weis all Joers 1.000 Milliarde Steierakommes verluer. Dat ass den Equivalent vun europäesche Budget. Dat si Gelder, déi gebraucht gi fir Stroossen, Schoulen, Crèche, Transport an e ganze Koup Dëngschtleschtungen, op déi souguer déi mussen zrëckgräifen, wéi Amazon, Google an esou weider, déi eben näischt zu hirer Finanzéierung bäidroen.

D'Konsequenz dovunner si Spuerprogrammer, Austeritéit, ëmmer manner Steiere fir d'Betriber, ëmmer méi Steiere fir d'Bierger an d'Stéit. Och zu Lëtzebuerg, wou d'Verhältnis vun de Steieren um Kapital zu de Steieren op der Aarbecht sech vu 50 zu 50 iwwer 1:3 elo op 1:4 verlagert huet, natierlech zougonschte vun de Stéit a vun de Bierger. Souguer déi sougenannten Drëttweltlänner verléieren all Joers immens Zommen, déi si bräichten, fir sech weiderzëntwéckelen. Och do geet et ëm Honnerte vu Milliarden Euro.

Wéi sot de Bertolt Brecht an enger ähnlecher Situatioun 1928 an der „Dreigroschenoper“: „Der Bankraub ist eine Initiative von Dilettanten. Wahre Profis gründen eine Bank.“

Haut géif dat richtegerweis heeschen: „Richtig Profie bezuele Beroder, déi hinnen d'Bezuele vu Steieren erspueren.“ A vergiesse mer net, dee gréissten Deel oder e groussen Deel vun deene gespuerte Gelder fléisst a Spekulationsblosen, mat deenen déi nächst Kris virbereet gëtt, fir déi d'Bierger dann erëm berappe mussen.

Véierte Punkt: Wéi funktionéieren déi Rulingen? Zweek vun engem Ruling ass et, fir eng Décisioun ze kréie vun der Steierverwaltung, déi juristesche Sécherheet schafft an déi et de Betriber erlaabt, fir ze vergläichen, wou se am mannste Steiere bezuelen. De Problem ass an där Hisiicht net eleng de Ruling, mä d'Mechanismen, déi sech hannendru verstoppen, d'Mechanisme vu Steieroptimiséierung, déi do hannendru sech verstoppen.

An an dese Fäll, déi elo opgedeckt gi sinn, waren dat der haaptsächlech véier: éischtens, déi berühmt Patentboxen, dat heescht IP-Boxen,



wou een op engem Benefiss, dee mat enger Lizenz, mat engem Brevet gemaach gëtt, direkt 80% vum Benefiss ofschreiwe kann. An op deenen 80% ginn emol direkt keng Steiere bezuelt. D'Steiere ginn op dem Rescht - 20% - bezuelt, wat natierlech direkt eng enorm Konsequenz huet. D'Patentbox ass eppes, wat net nëmme Lëtzebuerg huet; och Holland huet Patentboxen an och aner Länner, och wann dat ënnerschiddlech Formulle sinn. Et ass eng vun deene Saachen, wou de Moment d'Europäesch Union an d'OECD amgaang sinn, dorop ze schaffen a sech dergéint ze wieren.

Zweete Mechanismus: d'Transfertpräisser, d'Prix de transfert. Dëngschtleeschungen, déi e Konzern, eng Duechtergesellschaft oder eng Mammegesellschaft zu Lëtzebuerg mécht fir eng Gesellschaft am Ausland, gi fakturéiert zu engem Präis, wat eigentlech de Maartpräis muss sinn, mä wat net kontrolléierbar ass. An och esou gi grouss Deeler vu Benefisser vun engem Land, wou héich Steiere geschëllt sinn, a Länner transferéiert, wou manner Steiere geschëllt sinn.

Drëtte Mechanismus, deen ëmmer erëm erëmkennt, dee vu Prêts internes, intern uleiend Préten, wou d'Gesellschaften, d'Multinationale selwer eng Bank grënnen, eng intern Bank grënnen, wou se souguer capabel sinn, fir an engem Dag Milliounen ze léinen, zu engem bëllegeren Tarif, an deen Dag drop se mat engem héije Prozentsaz erëmzekeréien, wat jo weist, datt de Prêt u sech net gebraucht ginn ass, mä datt e just do war, fir - wéi de Jean Asselborn seet - „Steiertricksereien“ ze maachen.

An dee leschte Punkt, op deen ech kuerz aginn, dat ass dee vun deene sëllegen (Net)duebelbesteuerungsofkommessen, wat eigentlech Duebelnetbesteuerungsofkommesse sinn. Dat heescht, Lëtzebuerg, souwäit wéi ech weess, mä de Minister wäert mech do rektifizéieren, huet 74 esou Duebelbesteuerungsofkommessen oder Duebelnetbesteuerungsofkommesse mat anere Länner, déi alleguerter bilateral sinn an déi drop erauslaf, datt ee Benefiss oder e Revenue, deen an engem Land besteiert ginn ass, esou minime wéi et och ass, an deem anere Land iwwerhaapt net méi besteiert gëtt.

An d'Kombinoun vun deene Facteuren do, zesumme mat Gesellschaftsgrënningen à tort et à travers - ech huelen un, datt Der lech dat ugekuckt hutt -, féiert zu deem Resultat, wat mer hei gesinn, nämlech datt do Multinationale sech esou berode loosse an esou uleeën, datt se bal keng oder just nach ganz weineg Steiere bezuelen.

Tatsaach ass och, datt muss ee wëssen, datt net nëmme déi „Big Four“ elo Steierberodung maachen, mä och aner Beroder a Geschäftsafekote mat um Wierk sinn.

Eng weider Tatsaach ass et, datt et déi Praxis, ech hunn et scho gesot, net nëmme zu Lëtzebuerg gëtt, mä an 22 oder 26 vun 28 EU-Stat. D'Regierung seet ëmmer 26, ausser Griichenland a Bulgarien. D'EU-Kommission seet ëmmer 22. Ech weess net, wou déi Divergenz do hierkennt, mä dat mécht der Kaz eigentlech och kee Bockel.

Also eng Praxis, déi et a méi Länner, praktesch an allen europäesche Länner gëtt, och wa se zu Lëtzebuerg méi visibel ass. Och Irland, Holland, d'Belsch, Frankräich... Eleng Frankräich huet 333 Nische vu Steierreduktionsmechanismen, déi och Frankräich all Joers 30 Milliarde kaschten. An et ass ze hoffen, datt d'Spezialkommission vun Europaparlament, d'TAXE, datt déi deene Saachen do op d'Spur ginn.

Fënnefte Punkt: d'Legalitéit. Eenzeg explizit Base légale, déi mer hunn, ass eng Circulaire vun 1989, méi net, wou drasteet, ënner anere: Ee Ruling, eng Décision anticipée dierf nëmme gemaach ginn... „ne sont pas fournis“ - dierf net gemaach ginn - „ne sont pas fournis dans le cas où la préoccupation d'obtenir un avantage fiscal est le souci primordial“. An als Beispill gëtt gesot: „schémas aux fins d'épargner des impôts dits „Steuersparmodelle“. A bis elo huet nach kee mir kënnen kloermaachen, firwat datt dat, wat mer do gesinn hunn an deene Rulingen, net Steuersparmodelle sinn. Also hätte se net därefer gemaach ginn. Wat ass do geschitt? Mindestens ass do eppes aus dem Rudder gelaf.

Aner Base-légallen, déi sinn net explizit, héchstens implizit, „Treu und Glauben“, wéi mer gesot kritt hunn. An ech mengen, et ass jo och dowéinst, datt elo eng Legislatioun gemaach ginn ass, déi deem Ganzen emol soll eng Base légale ginn, fir datt d'Feele vun der Base légale, esou wéi et bis elo war, datt net méi brauch doriwuer geschwat ze ginn.

Och wann elo gefaart gëtt, Lëtzebuerg kéint vun der EU-Kommission wéinst Aides de l'État, onlegitim Aides de l'État - ech mengen, et ass den Artikel 104 -, belaangt ginn, dann ass dat reell, mä gläichzäitig ass et awer och eng witzeg Geschicht. Déi eenzeg Handhab,

déi mer elo sollen hunn, fir déi onheemlech Schiff lag do a Fro ze stellen tëschent Multien, déi bal keng Steiere bezuelen, a Stéit a Bierger, déi normal Steiere bezuelen, soll sinn, datt d'Multien net gläich géife behandelt ginn. Also, et ass schon e bësse witzeg, wat do alles elo vun Argumenter mat erakënt.

Mä onofhängeg dovunner, ob d'Rulingen zu Lëtzebuerg, esou wéi se gemaach ginn, an net nëmme zu Lëtzebuerg, eng Base légale, op enger fester Base légale stinn, déi Steiertricksereien, déi Ongläichheete sinn amorallesch a kengesweegs legitim a missten ënnerbonne ginn.

Sechste Punkt: d'Roll an d'Situatioun vun de Whistleblower oder Donneurs d'alerte. Den Antoine Deltour hat eng Kopie gemaach, wéi e fortgaangen ass aus sengem Betrib, ouni direkt Zil, ouni Eegenotz, a se weiderginn, mat Oplagen, datt d'Firma net géif bekannt ginn, datt d'Clienten net géife bekannt ginn. Déi Oplage sinn net respektéiert ginn. Et koum elo zu zwou Inculpatione vun zwee Mataarbechter vu PricewaterhouseCoopers. De Parquet huet den 23.4. e Communiqué erausginn, eng drëtt Inculpation, déi vum Edouard Perrin, dem Journalist vun „Cash Investigation“, dee schon 2012 de Rapport gemaach huet.

An deem Kader muss een eppes soen: Wat kloer ass a feststeet, datt ass d'Wichtigkeet vun der Roll vun de Whistleblower, vun de Lanceurs d'alerte. Wiere si net gewiescht, wéist d'Effentlechkeet haut nach näischt iwwert d'Ausmooss vun deem Skandal, dat sech do hannendru verstoppt. Da géif d'EU haut nach keng Initiativen, hätt d'EU sécherlech net déi Initiativen ënnerholl, déi et elo méiglech maachen, doriwuer ze schwätzen, an déi onméiglech Praxis géif net emol zur Diskussioun stoen. An dowéinst ass et noutwendeg, de Schutz vun de Whistleblower auszubauen.

Muer de Moien ass eng Kommissionssézung, do komme véier Kommissionen zesummen. Ech hat eng Question parlementaire dozou gestallt. An de Minister huet gesot, datt géif muer de Moien an deene Kommissionen behandelt ginn. Ech sinn och zouversichtlech, datt och d'Chamber ouni mäi Matmaachen do déi richteg Konklusiounen zitt, nämlech de Schutz vun de Whistleblower auszubauen. Bis elo ass dee ganz kloer net gutt genuch. Si sinn nëmme geschützt, wa si Legales (veuillez lire: Illegales) opdecken. Si missten also scho selwer bewiesen, datt dat, wat se opdecken, illegal ass. An dee Schutz misst ausgebaut ginn, och fir illegitim Praxissen, esou wéi se hei gewise ginn, fir déi opzedecken.

An dann, wann ech gelift, solle mer ganz gutt oppassen, wéi wäit datt mer ginn, wa mer Journalisten inculpéieren! Den Edouard Perrin ass Member vun internationale Konsortium. An ech mengen, datt Lëtzebuerg sech keen Dëngscht geleescht huet doduerjer, datt elo Journalisten, déi investigativ virginn, hei inculpéiert ginn. Well an där Logik wäert op eemol dee ganzen internationale Konsortium vun de Journalisten zu Lëtzebuerg inculpéiert ginn.

A virun allem, an dat ass fir mech den Haapt-punkt: Nieft dem Schutz vun de Whistleblower gëtt hei zweeërlee Mooss ugewannt. Engersäits déi, déi opdecken, ginn ugeklot, an anersäits geschitt näischt, net emol eng Enquête a Bezuch op déi, déi esou Steierpraxissen organiséieren. Och dat huet Lëtzebuerg geschuet.

Ähnlech hu mer gesinn an de Skandalen vun HSBC oder vun der Commerzbank, wou ech net d'Zäit hunn, fir méi am Detail drop anzegoen.

Ech wëll och soen, datt weder d'Press nach mir hei eleng sinn, fir dat opzedecken, fir déi schändlech Praxissen ze dénoncéieren. Och zu Lëtzebuerg gëtt et ganz vill ONGen, déi an deem Beräich schaffen, déi soen, datt dat net esou ka weidergoen. Och de Cercle des ONG. Et gëtt en Netz vu Leit, déi sech bekannt gemaach hunn ënner dem Titel „Net a mengem Numm“, an ech fannen et ganz legitim a wichtig, datt déi Leit sech mellen. A mir sollen déi seriö huelen.

Siwente Punkt: zwou Froen, déi spezifesch Lëtzebuerg ugin.

Éischt Fro. Oft gi mer gefrot: Hu mir dann net all dovunner profitéiert? Jo, dat ass eng legitim Fro, eng berechtigt Fro. Wéi vill datt mer profitéiert hunn, wësse mer net. Mä sécher hunn déi Grimmelen, déi mir kritt hu vun de Multien, eppes an eis Statskeess bruecht. Mä de Schued, deen ugericht ginn ass, ass sécherlech méi grouss. An et kennt net méi vill eran. A souguer wa mir vill dovun hätten, wier dat keng Rechtfertegung, keng Legitimation fir eng Praxis, déi aner Staten a Bierger méi schuet, wéi se ons hëlleft.

Datt wier esou, wéi wa mer d'Kolonialpolitik géife rechtfertegen, se weiderzeféieren, nëmme well se eis eppes géif bréngen. Neen, dat kann net sinn! An ech sinn iwwerzeegt, eng korrekt a

gerecht gemeinsam Besteuerungsbasis an der EU géif all Stat méi bréngen wéi dat, wat elo erakënt, och Lëtzebuerg. A souguer wann dat net de Fall wier, bräicht Lëtzebuerg eng Strategie vun „opt-out“ aus esou Praxissen, an duerfir brauche mir Transparenz an Opklärung, fir ze wëssen, wou mer dru sinn.

Natierlech huet Lëtzebuerg eng laang Tradition, wat d'Steiervermeidung an och Steierhannerzierung an aner komesch Geschäfte ugeet. Dat ass ugaange bei den Holding '29 iwwert d'SOPARFien, d'Extensiooun vun den Dividende 50%, wat et och an anere Länner gëtt, Bankgeheimnis, Tax-Rulingen, déi elo 25 Joer lafen. Mä alles dat kann net de Geschäftsmodell Lëtzebuerg sinn.

Zum „opt-out“: Dozou gehéiert och eng wierklech Diversifikatioun vun der Wirtschaft. Diversifikatioun, déi ëmmer méi ënner der Dominanz vun der Finanzplaz gelidden huet. Ze vill Dëngschtleeschungen op dem Finanzberäich... pardon, mir hunn ze vill op Dëngschtleeschungen am Finanzberäich achséiert, wouduerjer villes aneres vernoléisseg ginn ass.

An déi zweet Fro, déi sech stellt, déi mer dacks gestallt kréien: Ass dann alles schlecht op der Finanzplaz? Sidd Dir géint d'Finanzplaz? - Neen, mir sinn net géint d'Finanzplaz! D'Lëtzebuerg Finanzplaz huet ee wichtegen Know-how. Se huet eng Rei Aktivitéiten am Kreditwiesen an och anerem, déi wichteg sinn. Se mécht och munches, wat fragwürdeg ass, well ech géif emol gären eng Keier kucken, wat sech alles hannert der Fongenindustrie verstoppt.

Mä mir hunn zu Lëtzebuerg en Know-how a Finanzfroen, deen ausgebaut ka ginn, dee besser genotzt ka ginn, dee vernetzt kéint genotzt ginn, beispillsweis fir solidaresch Wirtschaft, ekologesch Investitiounen, souguer mat positiven Auswirkungen op den Image vu Lëtzebuerg an op d'Schafung vun Aarbechtsplazen.

Aachte Punkt: Wat elo?

Eppes ass kloer: De Steiertourismus, de Fiskaltourismus an Europa däreft net weidergoen! Ech mengen, doriwuer si vill Leit sech eens. Ech mengen awer och, datt d'EU guer net dorunner schafft, fir dee Steiertourismus, Fiskaltourismus ofzeschaffen.

Och a Patronskeesser gëtt doriwuer diskutéiert. Eng Alternativ, déi ëmmer méi offen an neoliberale Kreesser virbruecht gëtt, ass déi, d'Beriber sollen iwwerhaapt keng Steiere méi bezuelen! Dat ass eng ganz seriö Proposition vun neoliberale Kreesser, déi dat och ënnermaueren. Da wier d'Konkurrenz fort, et wier méi gerecht an et wier méi einfach. Dat kann awer keng Léisung sinn! Well wie géif da fir wat opkommen, fir déi Infrastrukturen an déi effentlech Dëngschtleeschungen, déi ee Stat an déi ee Land brauch?

Et ginn och Zwëscheléisunge proposéiert. Ech mengen, datt d'CSV an d'DP de Moment esou eng Zwëscheléisung proposéieren, nämlech fir bei der Betriebssteuer den Taux affichéé vun 28,2% jee no Gemeng op den Taux réel, den Duerchschnitt vun deem, wat wierklech de Moment bezuelt gëtt, vu schätzungsweise 15 bis 16% erfzesetzen an d'Steierkonkurrenz awer bäizebhalen, wat erëm eng Keier géif mat sech bréngen, datt déi sécherlech géif ënnerbueden ginn, wat sécherlech och keng Léisung ass, a scho guer net am Sënn ass vu Steiergerechtegkeet tëschent deene Leit, déi schaffe ginn, an deenen, déi um Benefiss liewen.

Et ass sécherlech och keng Léisung, fir einfach ze waarden, bis esou eng sougenannten „level playing field“-Léisung besteet, wou also iwwerall géif dat nämlech gemaach ginn. Et ass wichtig, datt Lëtzebuerg selwer wierklech matschaft un Alternativen a Reformen, déi net laansch dräi Standbee kënnen féieren. Déi dräi Standbee sinn: Transparenz, eng harmoniséiert Besteuerungsbasis, an drëtens eng minimal Steier a Steiergerechtegkeet. Mir brauchen also Transparenz an alle Steiergeschäfte an der ganzer EU.

Ech wëll awer soen, datt den automateschen Informatiounsaustausch bei de Rulingen dat net wäert garantéieren. An et ass net, wéi den Här Moscovici zu Riga sot, datt dat d'Revolution wier, den automateschen Informatiounsaustausch vun de Rulingen, deen alles géif léisen. Revolutionär ass just dorunner d'Aart a Weis, wéi verstoppt gëtt, datt iwwerhaapt net méi soll iwwert d'Mechanismen diskutéiert ginn, déi sech hannert de Rulinge verstoppen, an et ass fir eis éischer ee Prätext, fir net doriwuer ze diskutéieren. Et si grad déi Mechanismen, déi müssen a Fro gestallt ginn.

Firwat bréngen mer et net fäerdeg, fir vu Land zu Land, an ech hoffen, datt d'TAXE-Kommission dat mécht, déi Mechanismen emol opzuleschten, esou wéi dat iwwerengs verlaangt wier, wa mer de Semestre européen emol géifen applizéieren, dee verlaangt, datt all

Land dat oplëscht, a wou mer versprach kritt hunn, datt dat géif gemaach ginn?

Ee Mëttel fir déi Transparenz, dat wier den „Country-by-country reporting“, deen et gëtt fir d'Finanzinstituter, d'Banken, fir deen auszeweiden op déi grouss Betriber an op d'Multinationale, datt och déi an deem Reporting misste weisen, wat se vu Benefisser maachen, wat hiren Émsaz ass, wat se vu Steiere bezuelen an esou weider an esou fort.

En zweet Mëttel ass e Verméigensregister, dat misst opgestallt ginn.

Drëtens, de Bénéficiaire effectif, deen direkt ersichtlech misst sinn, net nëmme iwwer 36 Etappen. Och misste mer et fäerdegbréngen, iergendwann Transparenz iwwert d'Bankeplaz an d'Finanzindustrie zu Lëtzebuerg ze maachen. Wat gëtt do gemaach? Wiem notzt et? Wiem schuet et?

Zweete Pili: d'Harmoniséierung vun der Besteuerungsbasis. Op wat misste Steiere bezuelt gi bei de Betriber? Ech hoffen, datt d'OECD iwwert d'BEPS do eng propper Basis liwwert. Ech hunn awer meng Zweifel, ob d'OECD eigentlech bereet ass, dat ze maachen, well d'OECD ass eigentlech fir d'Steierkonkurrenz. Se wëllt just verschidden Excésen ofschafen. Mä eng gemeinsam Besteuerungsbasis ass absolut noutwendeg. A mer kéinte jo emol hoffen, datt och d'Europaparlament op deem Punkt méi aktiv géif ginn.

An dat Drëtt, dat ass eng Mindeststeuer. De Prinzip misst jo eigentlech dee sinn, datt de Benefiss do besteiert gëtt, wou e gemaach gëtt. Mir brauchen eng Mindeststeuer an Europa. Mir hunn ee Problem, dat ass, datt d'Steierkonkurrenz am Traité vu Maastricht drasteet. Sou wéi d'Sozialkonkurrenz, aus där e sozialen Dumping gëtt. D'Staten decidéieren dat selwer. Dorauer ergëtt sech eng Konkurrenz an ee sozialen Dumping. Dat nämlech stëmmt bei de Steieren.

An duerfir misst een awer en attendant dovunner, datt een deen Traité ännert, misst ee Mindeststeuersatz festsetzen oder, wéi d'Union vun de Fiskalbeamten an Europa datt gesot huet: «Pour contrer la pratique du „nomadisme fiscal“ en Europe, constituant pour les entreprises multinationales une occasion de localiser leur siège là où l'imposition sur les bénéfices est la plus faible, sans relation avec l'activité effective que l'entreprise exerce dans ce pays, l'UFE propose aux institutions communautaires d'introduire une part incompressible et inconditionnelle d'impôt sur les bénéfices partout en Europe.» Wat ee Stéck wier vun enger Léisung.

Iwwerengs verlaangt d'Union des fonctionnaires och, datt d'Steierverwaltung genuch Leit hunn, fir iwwerhaapt Steieren anzezeien a fir dat ze kontrolléieren, wat jo hoffentlech zu Lëtzebuerg kee Problem ass, mä wat an anere Länner ee Problem ass, well do ganz vill ofgebaut ginn ass.

An dann zum Schluss muss een och eppes kloerstellen: An där Fro hei geet et net ëm Lëtzebuerg géint de Rescht vun der Welt, oder de Rescht vun der Welt géint Lëtzebuerg. Et geet ganz einfach dorëm, d'Interesse vun de Bierger an de Stéit géint d'Profitinteresse vun de Multien a vun der Finanzoligarchie ze verrieden.

An dann dee leschte Punkt: Kommt, mir halen dach op mee blockéieren! Bis elo sinn de Rulingen hir Konsequenzen noléisseg behandelt ginn. Dat ass dat mannt, wat ee ka feststellen, wa mer kucken, wéi d'Diskussion zu Lëtzebuerg gelaf ass. Vlächit war dat gewollt. Wann dat gewollt war, dann ass dat op jidde Fall kritikabel. Wann et net gewollt war, dann ass et och kritikabel.

Wa mer zum Beispill kucken d'Äntwerten, déi ech kritt hunn op déi Froen, déi 36 Froen, déi ech am November gestallt hat - déi Äntwerten, déi ech den 10. Februar kritt hunn -, dann ass dat méi wéi dürfteg.

An ech wëll just dräi Beispiller erausgräifen. Ech hu virdu geschwat vum Rapport Krecké vu '97. An der Äntwert ass gesot ginn: „Jo, esou ee Rapport gouf et '97.“ D'Fro war awer net déi, ob et ee Rapport '97 gouf! D'Fro war déi: Wou sinn déi dräi Säiten a wat steet do dran? Do krute mer gesot: „Jo, mä dat wësse mer net.“

Dat léisst sech awer erausfannen. Also, an engem Stat wéi Lëtzebuerg misst et jo awer méiglech sinn, erauszefannen, wat den Här Krecké an engem Rapport geschriwwen huet, deen an dem Statsminister gewisen huet, an deenen dräi Säiten, déi erausgeholl gi sinn.

En zweet Beispill. De Finanzminister huet gesot, et géif en Aarbechtsgrupp gegrennt ginn 2012,



en interministeriellen Aarbeitsgruppe, dee sech mat Rulinge géif beschäftegen um Niveau vun der Regierung. Mir hu gefrot: Wat ass do erauskomm, wat ass do geschitt an esou weider? D'Regierung seet: „Mir wëssen näischt.“ Punkt. „Mir wëssen näischt.“ Also, dat ass jo awer net seriö! Dat ass jo manifestement de Wellen, fir emol net nozefroen an de Verwaltungen oder bei deenen zoustänneg Resposables vun där Zäit, wat do wierklech geplangt war, wat net geplangt war, d'Rapporten nozekucken an esou weider.

A mir hunn - an dann halen ech op mat de Beispiller -, mir hunn emol kee Relevé vun de Rulinge virun 2008! Vun 2008 u sinn déi informatesch. Mir hunn emol kee Relevé virun, ob-schonn d'Membere vun der Kommissioun kritiséiert hunn, datt ee vläicht esou ee Relevé misst maachen, datt een emol weess, wat zu Lëtzebuerg iwwerhaapt opgefouert ginn ass virun 2008. Et gétt einfach gesot, dat wier ze vill Aarbecht. Mir hu keng Donnéeën. Mir wëssen nëmme dat, wat Whistleblower eis soen. Mir hu keng Donnéeën iwwert d'Zuel, iwwert d'Ausmooss an d'Auswirkungen. Mir wëssen awer, wat d'Auswirkung sinn an Europa.

Mir mengen, et wier och héich Zäit, aner louche Aktivitéiten ze hannerfroen, Kapitalflucht op Lëtzebuerg, wat trotzdem eng Fro ass, déi eng Realitéit ass, Steierflucht aus Lëtzebuerg an och Ausbeutung vun Entwécklungslänner. Ech wëll erënneren un de Rapport vum Rainer Falk, deen do eng Rei Saachen opgewisen huet, wou eng Rei Chifferen ze redresséieren sinn oder ze kläre sinn. Dowéinst ass dee ganze Rapport awer net falsch. An et wier wichteg, datt och do emol eng Kéier d'Wourecht erauskéim.

Zur Transparenz gehéiert och eng Zesummenaarbecht mat anere Staten, wat och e Problem ass, well d'Entraide judiciaire bei Delikter net gräift, nëmme bei Verbrechen. Dat hu mer jo gemierkt bei anere Saachen. An ech wëll och net, datt an der Diskussioun ëmmer erëm d'Steier-, d'Bank- oder d'Berufsgheimnis ee Prätext si géint d'Recht vun der Gesellschaft, fir gewuer ze ginn, wat an eiser Gesellschaft leeft, wéi eng Machenschaften datt do lafen. Och do muss Léisunge fonnt ginn!

Domadder, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wier ech an deenen 30 Minutte prezis zu deem komm, wat ech wollt opwerfen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Méi oder manner.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - Ech géif dann direkt vun deenen zwou an eng hallef Minutte profitéieren, fir d'Motioun virzestellen, wann Der d'accord sidd.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann Der d'Motiounen direkt virstellt,...

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - Ech géif lech se da ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...an herno se net nach eng Kéier frot.

**(Hilarité)**

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Okay. Merci.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le Parlement européen, suite à l'affaire dite «LuxLeaks», entend faire la lumière sur les pratiques et mécanismes d'évitement d'impôts dans les États de l'Union européenne et entend proposer des changements à opérer dans ce domaine, ceci à travers la Commission TAXE,*

*- se déclare prête à collaborer pleinement à cette fin avec la commission TAXE,*

*invite le Gouvernement*

*à collaborer également pleinement à ces travaux de la commission TAXE.*

*(Motion proposée sur base d'une motion identique votée à large majorité au Parlement néerlandais)*

*(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.*

*(La motion du Parlement néerlandais est jointe à la motion 1)*

**Résolution 1**

*La Chambre des Députés,*

*vu le rôle du Luxembourg dans le monde de la finance,*

*vu la volonté de disposer d'une place financière propre et irréprochable,*

*s'engage à commanditer une étude sur le rôle dans le passé, y inclus le passé récent, de la place financière luxembourgeoise et de l'État dans les domaines*

*- de l'évitement fiscal et de la fraude fiscale,*

*- de la fuite de capitaux de et vers le Luxembourg,*

*- des flux de capitaux à partir du Luxembourg de et vers les pays dits en développement,*

*cette étude étant à présenter à une commission ad hoc de la Chambre des Députés, qui en tirera les conclusions qui s'imposeront.*

*(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.*

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - Ech mengen, et ass méi einfach. Da kënnen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - ...déi eenzel Deputéierten och direkt dozou Stellung huelen.

Mir proposéieren eng Motioun an eng Resolution. Déi Motioun ass am Fong geholl relativ einfach, well et ass praktesch e Copy & Paste vun enger Motioun, déi am hollännesche Parlament ofgestëmmt ginn ass, wou d'hollännescht Parlament eppes seet, wat vläicht eng Evidenz kéint sinn oder misst sinn, a wou Der mer vläicht och sot, et wier eng Evidenz hei, mä kommt, mir maachen et, well et ass en Zeechen, wat mer setzen, nämlech datt mer erklären, datt mer als Chamber voll kollaboréiere mat der Commission TAXE - do ass just een Tippfeeler dran, gesinn ech, „TAXE“ kritt en „e“- an datt mer d'Regierung invitéieren, och...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat ass Hollännesch.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - ...dorunner ze kollaboréieren.

Jo! Ech liwweren lech och..., Dir kritt dat ausgedeele. Also, kuckt de Wuertlaut, e misst esou sinn, datt mer eigentlech missten allegueren domadder d'accord sinn. Ech liwweren lech och déi hollännesch Motioun mat, fir datt Der kennt gesinn, déi ass ugeholl gi mat absolutter, mat ganz grousser Majoritéit, just mat e puer Géigestëmme aus engem ganz komeschen Eck.

Dat Zweet, wat mer lech proposéieren, ass eng Resolution, net eng Motioun, mä eng Resolution. An déi Resolution, ech lese se einfach vir, well dann ass et nämlech méi einfach:

«La Chambre des Députés, vu le rôle du Luxembourg dans le monde de la finance, vu la volonté de disposer d'une place financière propre et irréprochable, s'engage à commanditer une étude sur le rôle dans le passé, y inclus le passé récent, de la place financière luxembourgeoise et de l'État dans les domaines:

*- de l'évitement fiscal et de la fraude fiscale,*

*- de la fuite de capitaux de et vers le Luxembourg,*

*- des flux de capitaux à partir du Luxembourg de et vers les pays dits en développement,*

*cette étude étant à présenter à une commission ad hoc de la Chambre des Députés, qui en tirera les conclusions qui s'imposent.»*

Dat heescht, datt mer wierklech Licht bréngen och an aner Aktivitéit vun der Finanzplaz. Ech weess net, wat do erauskënnt. Wa mer Licht drabréngen, soll dat erauskommen, wat ebe muss erauskommen. An d'Iddi ass déi, datt d'Chamber selwer dat an Optrag gétt an datt eng ad-hoc-Kommissioun vun der Chamber soll d'Konklusiounen dorauer zéien. An ech wier ganz frou, wann Der och déi Resolution kéint mat ënnerstetzen.

Ech soen lech Merci fir d'Noluschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Justin Turpel. An d'Wuert huet direkt den éischte Riedner, den Här Laurent Mosar.

**Débat**

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministere, et sinn elo gutt sechs Méint hier, datt déi sougenannte LuxLeaks-Affär opgefloss ass, déi während Deeg a Wochen an der internationaler Press eist Land net ëmmer an dat bescht Licht gestallt huet.

An deene leschte Wochen a Méint ass et e bësselche méi roueg ginn an deem Dossier, och wa mer dann erëm virun e puer Deeg mat e puer Nowéie konfrontéiert gi sinn, wéi de Parquet hei zu Lëtzebuerg décidéiert huet, niewent deenen zwee Hauptverdächtegen an deem Dossier, och nach e franséische Journalist ze inculpéieren, deen dann anscheinend haaptsächlech responsabel ass fir déi journalistesch Verbreedung vun där ganzer Affär.

Ech wäert och nach méi spéit e bëssen op de Punkt agoe vun deene sougenannte Whistle-

blower oder Alerteuren, wéi se op Franséisch genannt ginn, och ganz besonnesch am Kontext vun deem Dossier.

Wann, Här President, an de leschte Woche manner mam Fanger op Lëtzebuerg gewise ginn ass, mengen ech, huet dat och domadder ze dinn, datt an der Zwëschenzäit vill Leit och an de Medien erkannt hunn, datt d'Fro vun der Steierflucht a vum Steierbedruch sech net op d'Rulingen hei op Lëtzebuerg ka limitéieren, mä datt des Rulinge just e ganz kleng Mosaiksteen an engem groussen Ensemble duerstellen.

**(M Henri Kox prend la présidence.)**

Ech sinn dofir och frou, datt iwwert de Wee vun der Interpellatioun mir allegueren nach eng Kéier d'Geleeënheet kréien, op eenzel Aspekter vun der Problematik anzegoen an ech soen dofir och dem Interpellant Merci fir seng Initiativ.

Och wann ech op net ville Punkte mam Här Turpel senge Konklusiounen an Analysen averstane sinn - hie wäert dat weider net wonnere -, esou muss ech him dach zougestoen, datt e seng Aarbecht als Deputéierten hei mat ganz vill Engagement gemaach huet. A well et dann och gläichzäiteg säi leschten Optrétt op deser Tribün war, well ech him dann trotzdem awer och am Numm vun eiser Fraktioun Merci soe fir seng Aarbecht, säin Engagement an him dann hoffentlech méi eng roueg nächst Liewensetapp wënschen. An ech hoffen och, datt e sech net och nach während där Liewensetapp mat LuxLeaks muss beschäftegen.

Här President, ech wëll mech haut nëmme kuerz mat der Affär LuxLeaks an hire Konsequenze fir eist Land am Generellen an eis Finanzplaz am Spezielle befaassen, well ech selwer eng Interpellatioun zu der Zukunft vun der Finanzplaz ugefrot hunn an eigentlech vun där Geleeënheet wollt profitéieren, fir méi déif gräifend Iwwerleeungen, awer och Propositionen zu deser Finanz- a Bankeplaz och am Numm vun eiser Fraktioun ze maachen.

Et ass nämlech fir meng Fraktioun a mech selwer kloer, an dat eigentlech komplett lassgetrennt vum Dossier LuxLeaks, datt eis Finanzplaz sech muss an deenen nächste Jore weiterentwéckelen an datt déi Bankeplaz, déi mer wäerte kréien, eng ganz aner wäert sinn, wéi déi, déi mer an de sougenannten „goldenen“ 80er an 90er Jore kann hunn.

Fir mech geet dann och kee Wee derlaanscht, an ech wäert dat bei menger Interpellatioun och ausféieren, datt déi Bankeplaz sech muss adaptéieren an an Zukunft nach méi op den Know-how, d'Kompetenz, d'Experienz an den Engagement vu sengen Akteure setzen, gläichzäiteg awer ewechkomme vun deem Bréifkëschenimage, deen eis net eréischt d'ailleurs säit der LuxLeaks-Affär unhängt, a vun deem et wënschenswäert wier, datt mer eis dovunner géife lassléisen. Ech sinn dofir och iwwerzeegt, an ech hunn dat schon e puermol bei anere Geleeënheeten ënnerstrach, datt mer an Zukunft an eisem Finanzsektor - mä net nëmme do, mä och do -, vill méi op Substanz mussen setzen.

A wann ech vu Substanz schwätzen, mengen ech an éischer Linn, datt, wann an Zukunft Entrepris sech an deem Land wellen nidderloossen, si och mussen hei am Land eng Plusvalue erschafen an och gläichzäiteg nei Aarbechtsplaz kreéieren.

Här President, wat awer elo d'Problematik vu LuxLeaks an haaptsächlech déi domadder viséiert Rulingen hei zu Lëtzebuerg ubetrëfft, wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen, wat, mengen ech, entre-temps hinlänglech bekannt ass, datt et d'Praxis vun de Rulingen a ganz villen, ënner anerem och a 26 vun 28 EU-Memberlänner gétt.

Dest ass eigentlech och net weider erstaunlech, wann ee weess, datt de Ruling jo soss näischt anescht ass wéi eng anticipéiert Décisioun iwwer eng punktuell Fro vu steierlecher Behandlung. Hei geet et also ëm eng juristesche Sécherheet an eng Prévisibilitéit, déi een dem Steierzueler gétt, andeems een him am Virus bestätegt, wéi eng bestëmten Aktivitéit steierlech behandelt gétt. U sech eigentlech e gudder Mechanismus, deen, wéi gesot, zur Rechtssécherheet bäidréit an deen eigentlech och vum kengem, och vum kenger internationaler Organisatioun prinzipiell a Fro gestallt gétt.

Ganz vill vun deene Rulinge ginn dann iwwergens och am Émfeld vun Duebelbesteuerungs- ofkommessen ofgeschloss. An et ass nun emol eng Realitéit, an ech wëll dat awer och nach eng Kéier dem Interpellant soen, datt duerch d'Zesummespill vun eenzelne Steiermechanismen an der Existenz vun esou Besteuerungs- ofkommisse verschidden, besonnesch multinational Firmen op esou Rulingen zrëckgräifen, fir méiglechst weéneg Steieren an hirem Ursprungsland ze bezuelen.

Deese Mechanismus huet awer u sech guer näischt mam Ruling ze dinn, mä en huet virun allem, Dir Dammen an Dir Hären, mam Steiersystem vum Ursprungsland respektiv vum Land, wou eng international Entreprise hiren Haaptsätz huet, a mat deem do applizéierte Steiersystem ze dinn. Et geet dann och hei virun allem ëm d'Besteuerung vun Aktivitéiten, déi ausserhalb vun Ursprungsland oder vum Land vum Haaptsätz vun der Gesellschaft déve- loppéiert ginn. An déi meeschtens - an dat ass richtig - multinational Konzern versichen natierlech, iwwert de Wee vun enger Optimisation fiscale hir Aktivitéit weltwäit esou ze organiséieren respektiv a Länner ze verlagere, fir méiglechst mann Steieren ze bezuelen. Des Praxis muss net jiddwerengem gefalen, mä et ass nun eben emol eng international Realitéit, vun där eng ganz Panoplie Länner niewent Lëtzebuerg par ailleurs profitéieren.

Ech wëll elo haut net vun deser Geleeënheet profitéieren, fir mam Fanger op aner Länner ze weisen. Nach ass et awer esou, datt et där Modeller vu Steieroptimiséierung an alle Länner quasiment gétt. Erlaabt mer duerfir just awer kuerz hei e puer Beispiller ze nennen, well een awer e bësselche rose gétt, wann een dann heiansdo an auslänneschen Zeitunge liest, wat do alles iwwer Lëtzebuerg gesot gétt, wëssend wat och an deene Länner leeft.

An ech muss och do soen, mat allem Respekt fir den honorabelen Interpellant, ech sinn e bësselchen enttäuscht, datt an där Interpellatioun net den internationalen Zesammenhang vun deene Steieroptimiséierungsmodeller awer méi analyséiert ginn ass, notament wat d'Problematik an den Ursprungsländer ubetrëfft, a sech haaptsächlech hei mat der Situat- ion zu Lëtzebuerg beschäftegt ginn ass.

Ech ginn lech elo just hei drai Beispiller, well déi awer zimlech signifikativ sinn. An et si Beispiller, déi kommen elo net vu mir. Ech hunn déi iwwerholl aus Etüden, déi do gemaach gi sinn, fir fir d'Alleréischte bei eis Noperen an der Belsch ze kucken, wou et och de System vun de Rulinge gétt. An do ass laut enger Etüd vun 2012, déi vum Thinktank Itinera realiséiert ginn ass, festgestallt ginn, datt de reelle Steiersaz, Dir Dammen an Hären, an der Belsch, net wéi affichéiert 33,9% ass, mä just 9,8%. Also wäit ënnert dem reelle Steiersaz fir Entrepris bei eis am Land.

En anert Beispill, an dat mécht mech ëmmer extra rosen, ass dann d'Beispill vu Frankräich. E Land, wou jo d'Regierung an déi divers Finanzministeren net midd ginn, ëmmer erëm mam Fanger op Lëtzebuerg ze weisen. E Land, wat awer keng Bedenken huet, an enger UEFA, déi d'nächst Joer d'Europameeschterschaft am Fußball an deem Land organiséiert, quasi eng Steierfräiheet organiséiert, mam Resultat, datt deen erwaarte Benefiss vun der UEFA vun 900 Milliounen Euro, Dir Dammen an Dir Hären, iwwerhaapt net wäert besteiert ginn!

Datselwech géllt a Frankräich fir d'Bierger aus dem Qatar, déi op Plus-valuen, déi se op Im- mobilientransaktiounen realiséieren, keen Euro Steiere brauchen ofzeféieren!

Schlussendlech awer och e Wuert iwwer eis hollännesch Frënn, an do zitieren ech just déi amerikanesch ONG „Citizens for Tax Justice“, déi festgestallt huet, datt d'Halschecht vun deene 500 émsazstäerksten Entrepris weltwäit hir Finanzholdingen an Holland ënnerhalen. Laut deser Etüd hunn d'Duechtergesellschaften vu groussen US-Konzernen eleng 2010 Gewënner - haalt lech un! - vun 127 Milliarden Dollar realiséiert! Also praktesch dräimol esou vill wéi déi Zuelen, déi dann ëmmer erëm fir Lëtzebuerg annonciéiert ginn.

Ech kéint elo mat esou Beispiller och aus anere Länner virufieren, erspueren lech dat awer, well ech mengen, déi puer Beispiller, déi ech elo ugeféiert hunn, eigentlech exzellente dokumentéieren, datt déi allermeeschte Länner hir eege Steierlinge praktikéieren, och wa se dann net Rulinge genannt ginn. Dee Mechanismus gétt a Frankräich, den Här Turpel huet dat gesot, do gétt ëmmer vun „Rescrits“ geschwat. Et ass awer en fait och e Ruling. Awer all des Systemer ginn natierlech op Käschte vun de Steierrecetté vun anere Länner.

Awer all des Systemer, Här President, verstoussen am Prinzip géint keng Steiergesetzgebung, weder där vum Ursprungsland nach vun deene Länner, wou déi Rulinge praktikéiert ginn.

Här President, meng Fraktioun an ech selwer sinn natierlech och der Meenung - an do deele mer d'Meenung vum Här Turpel -, datt et net ka sinn, datt an engem Land, wou déi allermeeschte Leit all Euro steierlech mussen uginn an och Steiere bezuelen, et multinational Konzern gétt, déi Milliarde Benefisser realiséieren, op déi se praktesch keng Steiere mussen bezuelen, weder an hirem Pays d'origine nach an deene Länner, wou déi Steieroptimiséierungssystemer spillen.





Mir plädéieren allerdéngs, an dat ass dann och de groussen Ennerscheid mam Interpellant, mir plädéieren awer derfir, datt een de Problem un der Wuerzel soll upaken, dat heescht prioritär an deenen Ursprungslänner, wou des grouss multinational Entreprisen, an zu deenen Ursprungslänner gehéieren nun emol an éischter Linn d'Veereenegt Staten, soll upaken. Mir mengen dofir, datt et och Sënn mécht, datt des Diskussiounen prioritär um Niveau vum G20 respektiv der OECD ze féiere sinn. Well mir mengen, datt et des Forume sinn, wou déi Diskussiounen higeheieren a wou een och kann, soll a muss Léisunge fannen, déi sech dann och weltwäit wäerten applizéieren.

Wa mer eis wierklech wëlle seriö mat Steierflucht a Steierbedruch auserneesetzen, muss een dat um héchsten europäeschen, awer och Weltniveau maachen, an dat ass nun emol de G20 oder d'OECD.

Dëst, Här President, setzt allerdéngs och virus, datt all d'Länner, och déi gréisst, hei matspillen a bereet sinn, och virun hiren Dieren ze kieren. An do féiert kee Wee derlaanscht, och d'Roll vun engem vun deene gréissten, wann net iwwerhaupt dee gréisste Steierparadis op dëser Welt, nämlech dem Stat Delaware, ze hannefroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst gesot, wëll ech dann awer nach eng Kéier zréckkommen op d'Rulingen, fir nach eng Kéier festzehalen, datt iwwerhaupt den Joren a Jor-zéngten a priori weder vun enger Regierung nach vun enger Steierverwaltung géint bestehend Gesetzer verstouss ginn ass.

Wann ech soen a priori, muss ee sech natierlech virun Aen halen, datt elo an enger Rei vun Dossierer um Niveau vun den Aides illégaux de l'Etat enquêtéiert gëtt géint eng Rei Länner, wou een dann och elo muss ofwaarden, wat déi Resultater vun deenen Enquête wäerten erginn.

Gläichzäitig muss mir eis awer bewosst sinn, datt awer och déi international Situatioun sech geännert huet an datt an Zukunft wesentlech méi op d'Transparenz vun deenen eenzelne Steierverwaltunge wäert gesat ginn.

Mir fannen et dofir och richtig, Här Finanzminister, datt des Regierung iwwert de Wee vun engem Reglement de Rulingen eng gesetzlech Basis ginn huet, wat bis elo net de Fall war.

Mir begrësse gläichzäitig, datt d'Regierung um europäeschen, awer och um OECD-Niveau sech asetzt fir den automatischen Informationsaustausch, och um Niveau vun de Rulingen.

Mir soen dann awer och gradesou kloer, Dir Dammen an Dir Hären, datt mir an deem Land weider Rulinge brauchen an datt déi Demandé fir esou Rulingen, déi an Zukunft och wäerten an d'Steierverwaltung erakommen, müssen an engem rasonablen Délai weider traitéiert ginn. Et ass dofir och wichtig, datt dee Service, dee sech an der Steierverwaltung em des Rulinge këmmert, och genuch Personal zur Verfügung huet, fir trotzdeem déi ganz komplex Aarbecht kënnen ze maachen.

An deem Kontext, Här Finanzminister, wier ech frou, wann Der mer herno och nach eng Kéier kéint soen, wat am Moment an der Moyenne den Délai d'instruction vun de Rulings-Demanden ass a wéi dat och an Zukunft virugeet.

Dir Dammen an Dir Hären, och wann d'Situatioun sech an deene leschten Deeg a Woche berouegt huet an eist Land manner am Fokus vun de Kriticke steet, esou soll ee sech dach kengen Illusiounen higinn, wëssend datt mer nach net um Enn vun eise Méie sinn, ganz besonnesch wann ee weess, datt déi vum Europaparlament agesate Kommissioun wahrscheinlech wäert hir Konklusioun während der lëtzebuergescher Présidence virleeden. D'Regierung wier also gutt beroden, wa se mat ganz vill Fangerspëtzegefill an desen Dossier géif virgoen. An op jidde Fall soll se net d'Gefill ginn, wéi wa mir déi zu Lëtzebuerg wieren, déi op desen Dossiere géife wëlle blockéieren. An hei denken ech natierlech virun allem um den Informationsaustausch vun de Rulingen.

An et ass dann och esou, Här President, wou ech nach eng Kéier muss zréckkommen op d'Thematik vun de Standarden an nach eng Kéier betounen, wéi ech dat och scho bei anere Geleeënheete gesot hunn, datt et wesentlech ass, datt um Schluss vum Dag, Här Finanzminister, et an der Europäescher Unioun a weltwäit just nach ee Standard gëtt. An dat muss, menger Meenung no, den OECD-Standard ginn, well alles aneres soss um Niveau vun der Regulatioun an um Niveau vun der Organisatioun vun de Banketablissementer zu enger ganz schwieriger Situatioun géif féieren.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Ech mengen dofir, datt et wichtig ass, och an Zukunft an allen Diskussiounen, besonnesch

och um Niveau vun der Europäescher Unioun, ëmmer erëm op d'Noutwendegkeet hinzewiesen, direkt d'OECD-Standarden ze iwwerhuelen, fir ze évitieren, datt et herno méi Standard ginn, op där enger Säit europäescher an op där anerer Säit OECD-Standarden, an domadder den „level playing field“ net méi garantéiert ass.

Mir wäerten als CSV-Fraktioun op jidde Fall d'Regierung ënnerstëtzen, souwuel um Niveau vun der Europäescher Unioun wéi um Niveau vun der OECD, fir a Richtung vu méi Transparenz um Niveau vum Informationsaustausch ze goen an och géint Steierflucht virzegoen, allerdéngs ënnert der Oplag, datt d'Spillregele fir jiddwereen déiselwecht sinn, souwuel innerhalb wéi ausserhalb vun der Europäescher Unioun.

Mir wäerten och, Här President, d'Regierung ënnerstëtzen an hiren Efforten, fir eng gutt ugeleuchte Kommunikationsstrategie an d'Weeër ze leeën, déi den Image an d'Reputatioun vun eise Finanz- a Wirtschaftsstanduert dobausse verbessert, déi trotzdeem, loosse mer eis näischt virmaachen, an deene leschte Wochen a Méint gelidden hunn.

Ech wëll dann an deem ganze Kontext vu LuxLeaks eng Kéier ganz kuerz op d'Problematik vun de Whistleblower zréckkommen, déi vill diskutéiert ginn ass, besonnesch an de leschten Deeg. Mir wäerten och elo eng Kéier eng Réunion vun verschiddene Kommissiounen hunn, wou mer dat méi am Detail kënnen maachen...

#### **(Interruption)**

Nëmmen... Voilà! Nëmme esou wäit. Ech mengen, datt een awer bei deene Whistleblower oder Alerteure muss, Här President, en Ennerscheid maachen tëscht enger Persoun, déi op illegal Dokumenter zréckgräift, fir Illegalitéiten, déi zum Beispill an engem Betrib begaange ginn, ze dénoncéieren, an enger anerer Persoun, déi datselwecht mécht aus reng moralleschen Erwägenen. Dat ass e groussen Ennerscheid, deen een och muss do mat a Considératioun huelen.

An hei si mer jo dann och scho beim konkrete Luxleaks-Fall, wou déi incriminéiert Firma eigentlech géint keng, weder national nach international, Gesetzgebung verstouss huet. Hei kann ee sech also héchstens d'Fro - net vun der Legalitéit, mä vun der Legitimitéit - stelle vun deenen Aktiounen vun deene Persoune respektiv vun deem Journalist. An duerfir kann ech och d'Décisioun vum Parquet, déi och geholl ginn ass par rapport zu deem Journalist, juristisch novollzéien.

Allerdéngs stellt sech déi ganz Problematik vum Journalist aneschtens duer, an dat muss een och elo nach eng Kéier genau kucken, wann dat, wat elo vum Parquet gesot gëtt, nämlech datt dee Journalist selwer um Vol vun deenen Dokumenter bedeelegt gewiescht wier - wat am Moment am Raum steet, wat elo emol einfach esou vum Parquet gesot gëtt -, mengen ech, datt dat eng aner Situatioun wier.

An dofir, mengen ech, solle mer och allegueren eis zréckhalen am Moment, wa mer déi Faiten dobausse kommentéieren. Well am Moment kann nach kee soen, wéi genau déi juristisch Situatioun sech do huet. An dofir mengen ech, datt et wichtig ass, datt mer elo emol sollen ofwaarden. Ech halen op jidde Fall zréck, wann ech de Communiqué vum Parquet liesen, datt et hei net d'Intentioun war, sech iwwert d'frai Meenungsausserung respektiv de Quelleschutz vun de Journaliste ewechzesetzen. Au contraire!

Iwwregens ass et interessant, ech wëll dat awer vläicht och nach dem Här Turpel soen, ech hunn do gelies, datt den Här Deltour virun e puer Wochen hei zu Lëtzebuerg gewiescht wier, wou en dann och gefrot ginn ass, wéi a firwat en dat do eigentlech gemaach huet. An do huet en eppes gesot, wat trotzdeem een eng Kéier hei soll ënnersträchen, en huet eigentlech gesot, datt déi Aktioun iwwerhaupt net géint Lëtzebuerg gerichtet wier an datt hien eigentlech der Meenung wier, datt d'Entreprisen hei op Lëtzebuerg géife kommen, net onbedéngt weinst Steieroptimiséierungsmodellen, mä weinst deem groussen Know-how an der Kompetenz vun der Finanzplaz. Wat awer trotzdeem interessant ass, wann ech dann do den Här Deltour richtig zitéiert hunn.

Dëst gesot, mengen ech awer och, an da kucken ech den Här Justizminister, datt eigentlech dat heiten och e Beweis ass fir eng gutt funktionéierend Gewaltentrennung. Well ech kéint mer virstellen, datt hei, wann d'politesch Welt hätt missen decidéieren, wier vläicht eng ganz aner Décisioun gefall. Dofir, mengen ech, soll een dat och dobausse kloer esou ënnersträchen. Hei huet d'Justiz eng Décisioun geholl. An ech mengen, déi hu mir elo emol allegueren ze respektéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zum Schluss. An an där

Diskussioun iwwert d'Steierflucht am Allgemengen an de Rulingen am ganz Besonneschen, fannen ech, datt extrem vill Hypokrisie am Spill ass, dat ganz besonnesch vusäite vu grouss Länner, déi net midd ginn, massiven Drock op kleng Länner ze maachen, an der Hoffnung, datt hiert Stéck vum Kuch vläicht méi grouss gëtt an dat vun deene kleng Länner méi kleng gëtt.

All Staten an Europa an doriwwer eraus sinn nämlech extrem imaginatif, wann et drëm geet, grouss Entreprisé wëllen unzezéien. A ganz besonnesch, Dir Dammen an Dir Hären, deenen hiert Kapital, wat jo par définition wesentlech méi mobil ass wéi d'Aarbecht. D'Steierflucht, souwuel vu Gesellschafte wéi vu Privatpersoune, ass nëmmen esou laang méiglech, wéi d'Regierung vun deenen diverse Länner, aus deenen déi Entreprisen a Persoune kommen, dat akzeptéieren!

Wann dat elo soll geännert ginn, ganz besonnesch um europäesche Plang, geet dat allerdéngs nëmmen, wann de politesche Wëllen an all deene Länner dofir existéiert. A mir sollen natierlech all Moosnam, déi souwuel um Niveau vun der Europäescher Unioun wéi vun der OECD geholl gëtt, fir d'Bekämpfung vun der Steierflucht an dem Steierbedruch proaktiv begleeden an och bei deenen Éischte sinn, déi des Moosnamen ëmsetzen.

Mir sollen allerdéngs, Här Finanzminister, net der Naivitéit verfallen, fir méi kathoulesch wéi de Poopst wëllen ze sinn an den Terrain vum „level playing field“ wëllen ze verlossen, well dat soss op d'Käschte vun der Kompetitivitéit vun der europäescher Wirtschaft am Allgemengen an där vun der lëtzebuergescher am ganz Besonnesche géif goen!

An ech si vläicht just op engem Punkt mam Här Turpel d'accord, awer nach aus enger anerer Argumentatioun eraus, datt den Här Turpel gesot huet, e géif zweifelen drun, datt d'OECD an deem Dossier wierklech géif Gas ginn. Ech sinn op deem Punkt mam Här Turpel d'accord, well ech fäerten, datt eng Rei vu Länner, déi eng grouss Roll an der OECD spillen, besonnesch d'Veereenegt Staten, net onbedéngt bereet sinn, op all déi Weeër ze goen, op déi d'Europäesch Unioun wëllt goen. An duerfir ass hei absolut Virsicht gebueden.

Nach eng Kéier, mir soe Jo zu der Bekämpfung vun der internationaler Steierflucht an dem Steierbedruch, Neen zu europäesche Standarden, déi net millimetergenau och um Niveau vun der OECD ëmgesat ginn. Mir brauche méi effikass Regeln a Standarden, déi awer fir all Land innerhalb an ausserhalb vun Europa müssen déiselwecht sinn!

A bei allem, Dir Dammen an Dir Hären, solle mer eppes net vergiessen, nämlech d'Erfolgsstory vun der Banken- a Finanzplaz, déi net op Steieroptimiséierung opgebaut ass, mä virun allem op d'Kompetenz, den Know-how, d'Expérience an den Engagement vun all deene Mënschen, Lëtzebuerg an Netlëtzebuerg, déi op dëser Plaz geschafft hunn an och elo nach schaffen.

A bei all deene Kriticken, déi heiansdo punktuell ee géint eng Bankeplaz kann artikuléieren, soll ee sech heiansdo dorobber besënnen, well ouni deen Engagement vun deene ville Leit et iwwerhaupt keng Finanzplaz an deem Land géif ginn!

An et ass dann och op des Kompetenz, Dir Dammen an Dir Hären, op déi mer an Zukunft virun allem solle setzen an eis op deem Wee och net vu Kriticken, besonnesch aus dem noen Ausland, sollen ofbréngt loosse.

An ech géif schlësse mat engem Zitat, wat een op d'allgemengt Liewe kann applizéieren, awer och ganz besonnesch op d'Erfolgsstory vun der Finanz- a Bankeplaz, vun engem vu menge Lieblingsauteuren, dem Oscar Wilde, deen emol eng Kéier soll geschriwwen hunn: «Toute réussite nous attire un ennemi. C'est la médiocrité qui entraîne la popularité.»

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mosar. Nächste Riedner ass den Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, effektiv huet LuxLeaks héich Welle geschloe virun e puer Méint. Mëttlerweile si mer a méi rouege Gewässer erëm ukomm, dat och mat der Hëllef vum Kapitän Gramegna, deen d'Schëff duerch déi héich Welle gutt gesteuert huet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Ech wëll och soen, datt mer eigentlech haut net den éischten Débat an der Chamber hunn iwwert den Dossier LuxLeaks. Mir hate schon, datt wëll ech rappeléieren, eng Rei Kommissiounssitzun-

gen, wou mer iwwert deen Dossier geschwat hunn, wou och eng Rei Froe beäntwert gi sinn an esou fort. Ech zielen dat net méi weider op.

Ech wëll awer trotzdeem dem Justin Turpel, dem Interpellant, Merci soe fir seng Initiativ. Och Merci soen insgesamt, wann ech elo de Mikro hunn, Här President, fir säin Engagement, deen en an deene leschten annerhalft Joer hei an der Chamber un den Dag geluecht huet. Heiansdo ware mer, oder oft ware mer net darselwechter Meenung. Mä trotzdeem, duerfir e grouse Merci. Och Merci fir déi Interpellatioun hei, datt mer also nach eng Kéier kënnen de Point maachen, wéi gesot, wa mer awer net ëmmer vläicht darselwechter Meenung sinn.

Ech wëll och betounen, datt d'Chamber sech vun Ufank u ganz seriö, och d'Regierung, mat deem sougenannten Dossier LuxLeaks beschäftigt huet, well och ganz vill vun der Reputatioun vu Lëtzebuerg um Spill stoung. Lëtzebuerg ass, datt wësse mer allegueren, eng wichteg Finanzplaz, déi jo an der rezenten Vergaangenheet, jo, méi wéi eng Kéier an der Kritik oder enner Beschoss stoung vun deenen engen oder anere Säiten. An duerfir war et och wichtig, schnell ze reagieren a Saache richtegzustellen.

A virun allem, et ass och elo grad, mä Virriedner huet dat gesot, datt een och drop hiweist, datt d'Lëtzebuergescher Finanzplaz eppes aneres ass, datt do d'Kompetenz, den Know-how an all déi Erfahrung, déi mer hei hunn, datt dat den Haapt- oder dat Wichtigst ass. An ech mengen, mir müssen och eis Finanzplaz, dat ass kloer fir eis, verteidegen. Well et ass net nëmmen, fir einfach eng Plaz ze verteidegen, d'Finanzplaz Lëtzebuerg bedeit och ganz vill Aarbechtsplazen, bedeit och e wichtige Pilier vun eiser Economie.

Wéi gesot, mir haten eng Rei Diskussiounen schon an der Chamber, an och de Finanzminister, deen ëmmer prett war, fir do och freides no sechs Auer heiansdo ze kommen, fir eis dann déi lescht Informatiounen ze ginn. An de Finanzminister, datt muss ech awer och hei ervirhiewen, huet och immens vill Efforten um europäeschen an internationale Plang gemaach. Et kann een eigentlech soen: „De Finanzminister Gramegna on tour“ weltwäit, fir eben iwwerall kënnen Saache kloerzestellen an och iwwerall kënnen derfir ze suergen, eben och nach déi aner Aspekter vun der Finanzplaz Lëtzebuerg ervirzestrichen.

Et krut een och, wann een hei d'Press liest zu Lëtzebuerg, mä och an anere Presseorganer an England oder soss an der wäiter Welt, ganz vill positiv Réckmeldungen. Ech mengen, och déi gréisst Oppositionspartei, mä och anerer, atestéieren der Regierung hei, datt se awer eng gutt Aarbecht mécht. An ech begrëssen och, muss ech soen, datt d'CSV - jo, um Ufank war eng Kéier schaarf geschoss ginn am November -, mä duerno, datt d'CSV awer och op e ganz konstruktive Wee fonnt huet an deem Dossier an datt mer do zesummen an eng Richtung zéien.

Ech mengen, et ass wierklech wichtig, fir a Serenitéit iwwert deen Dossier ze schwätzen a mat kloer Fakten ze argumentéieren. Ech weess, et sinn der haut scho gesot ginn, et sinn der an der Vergaangenheet gesot ginn, ech wëll se nach eng Kéier soen. Et ass esou - steter Tropfen höhlt den Stein -, datt ee wierklech awer déi wichtig Saachen einfach muss ëmmer erëm widerhuelen. Dat sinn och Saachen, wéi mer déi Delegation, déi bei där Assemblée parlementaire zu Bréssel war am Februar/Mäerz, wou och do kuerz deen Dossier ugeschnidde ginn ass, wou mer dat och ëmmer widerholl hunn.

Ech mengen, et ass... Bon, éischters muss ee soen, dat hei sinn elo Rulingen, déi zwar exklusiv vu virun 2012 getätigt gi sinn. Et ass einfach eng Praxis, déi awer scho laang hei zu Lëtzebuerg praktizéiert gëtt, wéi eben an anere Länner och. An et ass och wichtig, datt ee genau versteet, wat e Ruling ass.

Ech mengen, e Ruling ass kee Kontrakt, et ass keng Ofmaachung oder e Gemauschels tëschent enger Verwaltung an Entreprisen: Et ass eng Décisioun. Et ass eng Décisioun vun der Steierverwaltung, eng Décision anticipée, eng Bescheinigung am Virus, wéi eben déi verschidde Regeln ugewannt wäerte ginn. Dat kéint eigentlech och eng Privatpersoun am Prinzip maachen.

Bei engem Ruling gi keng extra Regeln, oder solle mer einfach soen: keng extra Wurschten ugewannt? E Ruling mécht och keng Ausnahmen. An et kann een och elo do net eppes né-



gocieren a verhandelen. Et ass do net e Basar, wat do gemaach gëtt, hei gëtt keng Faveur gemaach. Et ass einfach esou, datt do ebe kloer, no deene verschiddene Regelen, déi et ebe gëtt am fiskale Beräich, datt duerno dann herno besteiert gëtt an am Virus kritt een ebe gesot: Mir wäerten déi do Besteuerung op Äre Fall uwenden. Méi a manner oder manner a méi ass et net.

Déi Lëtzebuurger Rulinge si konform zu eisen nationale Gesetzter, zu europäeschen, internationale Gesetzter, si konform zu Konventionen vum der „non double imposition“. Bon, wann een d'„non double imposition“, wéi dat virdu gemaach ginn ass, a Fro stellt, kann een dat maachen. Mä nach sinn eis Rulingen op alle Fall konform zu deene Konventionen, déi mer awer och ënnerschriwwen hunn an och hei an der Chamber an der Vergaangenheet gestëmmt hunn.

Et ass also keng illegal Praxis. Dat muss een awer widerhuelen. Se sinn, déi Décisionen, déi Rulinge si konform eben och zum europäesche Recht. An d'EU-Kommission, dat muss een awer och soen, huet och vum Prinzip Ruling, fénnt si dat grundsätzlech eng gutt Saach, well een domadder eben den Entreprisé Planungsécherheet gëtt, datt déi am Virus wëssen, wat se sech kënnen erwaarden.

Et ass och scho gesot ginn, ech widerhuelen et awer nach eng Kéier, Rulinge ginn a 26 EU-Memberstaaten, ech bezéie mech elo nëmmen op d'Europäesch Unioun, praktizéiert. Lëtzebuerg ass also net eleng do. Rulinge sinn och net geheim. D'Administratiounen vum deenen aner Länner, déi kënne se bei eiser Verwaltung ufroen. Et ass also eng Aart Échange sur demande, déi do fonctionnéiert.

Bon, et ass natierlech déi Fro, dass et verschiddene Entreprisé gëtt, déi ganz wéineg Steiere mat de Rulingen dann erreechen. Dat ass eppes, wou een da sech kann natierlech fundamental Froe stellen. Et ass legal. Mä bon, et ass natierlech eng Saach, wou ee versicht, optimal d'Steiergesetzter auszenotzen.

Ech mengen, all Bierger mécht dat am Endeffekt och. Wann ee seng Steierklärung mécht, kuckt een, wat fir eng Abattemente ee ka maachen an esou virun an esou fort. Et keeft ee sech vläicht nach e Buch an et kuckt een, et freet ee vläicht op der Steierverwaltung un, fir ze soen: „Voilà, datt ass mäi Fall, kann ech dat dann och esou ofsetzen?“

Ech mengen, dat ass eigentlech dat, wat de Ruling ass. Et ass eng Optimisatioun, wou een déi eenzel Elementer eben hëlt, Interaktioun, jo, Kombinatioun vum nationalen Dispositiounen, europäeschen Dispositiounen vum fiskale Recht. Och déi Form vun..., nenne mer et dann „Optimisation fiscale“, ass legal.

An da komme mer awer op déi kruzial Fro, déi de Justin Turpel, den Interpellant, mengen ech, opwerfe wëllt, dat ass déi: Wann do ganz niddreg Besteuerungen duerch déi Optimisation fiscale erreecht ginn, ass dat legitim, respektiv ass et ethesch ze verrieden? Ass et fair vis-à-vis vum anere Besteuerungen, oder Leit oder Entreprises, déi besteiert ginn? Ech mengen, dat ass effektiv déi fundamental Diskussioun, déi mer hei hunn.

Ech wëll eppes kloerstellen, dat ass, mir, meng Fraktioun, mä awer och d'Regierung, déi verschléisse sech guer net, fir déi Diskussioun unzegoen an ze kucken dann, an eng Richtung ze goe vum enger Steiergerechtegkeet, wann een et esou wëllt nennen, déi méi fair ass vis-à-vis vum deenen eenzelne Leit oder Entreprises, déi besteiert ginn.

Ech wëll awer och betounen, datt déi Fro net eleng vum engem klengen oder vum engem eenzege Land wéi Lëtzebuerg ka beäntwert ginn, well een nëmme kann an engem net nëmmen europäeschen, mä an engem internationale Kontext déi Froe beäntwerten. An dat sinn och déi Saachen - den 18. Mee wäert d'TAXE-Kommission zesummekommen, datt ass jo déi Kommission, déi kuckt, am Numm oder am Optrag vum Europaparlament en Dossier zu de Rulingen ze erstellen -, déi mir där Kommission och den 18. Mee da wäerte soen.

A mir wäerten hinnen och eppes soen: Mir wäerten hinne soen, datt Lëtzebuerg sécherlech net en Deel vum Problem ass, mä datt Lëtzebuerg ganz kloer en Deel vum der Solutioun ass, well mir an der éischer Rei sti vum deene Länner, déi elo voll op Transparenz setzen. Mir hunn näischt ze verstopen. A mir wäerten do iwwerall, wou et muss sinn, matschaffen.

An ech mengen, et ass och esou, wann een elo kuckt, déi lescht Méint, wat do alles scho ge-

maach ginn ass, datt Lëtzebuerg do och ganz proaktiv virugaangen ass. Lëtzebuerg war dat éischt Land, dat gesot huet: „Hei, mir ginn der Kommission alleguerten eis Rulingen.“, fir datt déi aner Länner do dann och sollen nozéien, fir do och Transparenz eranzebréngen.

Mir hunn och kee Problem, dat huet de Finanzminister och scho gesot, datt mer kee Problem hu mat der Transparenz respektiv engem automatischen Informatiounsaustausch vu Rulingen. Och bei den Diskussiounen zum Beispill vum der OECD am Dossier BEPS schafft Lëtzebuerg aktiv mat. Ech kéint weider Dossieren opzielen: d'Direktiv „mères-filiales“, wou Lëtzebuerg ganz kooperativ mat agéiert a mat wäert ee vum deenen éische sinn, déi déi Direktiv wäerten ëmsetzen.

Et muss een och soen, datt mer eigentlech, ouni emol LuxLeaks ofzewaarden oder ouni datt dat dann iwwer eis komm war wéi en Tsunami, datt mir do, oder déi nei Regierung an och d'Chamber do d'lescht Joer, also virum November 2014, eng Rei Projeten hei an der Chamber alleguerten gestëmmt hunn, Texter, déi a Richtung vu méi Transparenz ginn, Échange informatique (veuillez lire: Échange automatique) an esou weider, datt mer also d'lescht Joer schon, viru LuxLeaks, eng ganz Rei Efforten an déi Richtung gemaach hunn, well mer einfach och erkannt hunn: Et ass méi sennvoll, et bréngt der Finanzplaz méi, wa mer voll op Transparenz spillen, wa mer propper dostinn, wéi wa mer versichen, déi eng oder aner Saach ze verheemlechen. An de Global Forum huet dat jo och mëttlerweil unerkannt.

Och wëll ech soen, déi Efforten, déi mer also um nationale Plang gemaach hunn, datt mer eigentlech och schon d'lescht Joer - dat wier, wa LuxLeaks net komm wier, vläicht onbemierkt hei an der Chamber laanscht eis gaangen -, datt mer eigentlech och scho viru d'Regierung, viru LuxLeaks, eng Rei Mesurë geholl hat, fir de Beräich vu Rulingen hei zu Lëtzebuerg besser ze regléieren.

Dat sinn déi Saachen, déi mer och am Zukunftspak du gestëmmt hunn, wou iwwerhaupt d'Praktik vum de Rulinge gesetzlech festgehale gëtt: praktesch Saachen, wéi datt déi zoustänneg Büro mat Personal opgestockt ginn, d'Publikatiounen vum den Décisionen, datt och do jee nodeem, wéi komplex en Dossier ass, muss eppes bezuelt ginn an esou weider. Einfach nennen, fir ze soen, datt mer souwuel um europäeschen, internationale Plang an der éischer Rei stinn, fir ze kucken, déi Dossiere virunzekeréien, datt mer do net wäerte blockéieren an datt mer schon an der Vergaangenheet, och hei am leschte Joer, eng ganz Rei Texter gestëmmt hunn, déi a Richtung vu méi Transparenz an am Endeffekt och a Richtung vu méi Steiergerechtegkeet ginn.

Här President, ganz kuerz e Wuert zu deene rezenten Diskussiounen, déi opgeflaamt sinn an der Press, wat d'Whistleblower ubelaangt. Wat mir net gefall huet déi lescht Deeg, ouni engem wëllen ze no ze trieden, datt ass, datt a verschiddene Artikelen am Ausland Lëtzebuerg als Land en tant que tel kritizéiert ginn ass. Ech muss hei einfach soen, et ass net d'Regierung, et ass net d'Parlament, et ass net Lëtzebuerg en tant que tel, dat hei enquétéiert oder inculpéiert, et ass einfach d'Justiz, déi hir Aarbecht mécht. Eis Institutiounen fonctionnéieren. Punkt! Méi wëll ech dozou net soen.

Här President, ech komme schon zu menge Konklusiounen. Wéi gesot, ech hunn et schon e puermol elo rappéléiert: Lëtzebuerg, d'Regierung spillt och am Dossier Rulinge mat oppene Kaarten. Mir si sécherlech mat déi Éischt, mir sinn déi Éischt praktesch an der Rei, wann et dréms geet, méi Transparenz ze schafen, méi Steiergerechtegkeet, an déi Diskussiounen unzefänken.

Ech wëll awer och nach eng Kéier betounen, datt mer dat net am Alleingang kënnen maachen. Mir mussen eng gemeinsam Démarche fannen, gemeinsam Regelen um europäesche Plang, um internationale Plang, mat der OECD. Dat ass eigentlech dee Wee, dee mer musse goen.

E klengt Wuert och nach vläicht, Här President, zur Motioun a Resolutioun, da brauch ech herno net méi dozou Stellung ze huelen, ganz kuerz. Ech mengen, d'Motioun, wou gefrot gëtt, datt ee soll prett sinn, d'Regierung soll prett sinn, fir pleinement mat der Commission TAXE ze kollaboréieren, ech mengen, dat ass eigentlech eng Evidenz. Et ass superféatoire, soudatt ech eigentlech net de Sënn agesinn, fir eppes nach hei guttzeheeschen, wat eigentlech souwisou d'Évidence même ass.

Och d'Resolutioun, Här President, do virun allem kucken ech och als President vum der Cofibu méi kritesch, datt mer eigentlech elo sollen als Parlament Etüden an Optrag ginn, fir do ze kucken, den Dossier iwwer d'Fiskalitéit an iwwer all déi Froen, déi eigentlech d'Cofibu

och soll analyséieren, fir dat do dann, ech géif scho bal e bësse soen „outzesourcen“ an dann an engem gewëssen Zäitraum do e Rapport ze presentéieren.

Ech hunn domadder, muss ech soen, awer als President vum der Cofibu Schwieregkeeten. Mir hu gewisen an deene leschte Méint, datt mer als Cofibu eis Aufgab seriö an deem Dossier maachen, datt d'Regierung ëmmer Ried an Äntwert stoung, wa mer se geruff hunn, zu all Moment, datt mer natierlech och an deem Dossier wäerten an deenen nächste Méint a Joren hei an der Chamber weiderschaffen an datt een duerfir also net speziell nach niewebäi muss dann esou eng Etüd an Optrag ginn, well mer eis Aufgab souwisou maachen.

Dat gesot, Här President, soen ech lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Berger. Nächste Riedner ass de Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kollegen, um Ufank vu menger Interventioun géif ech och gären dem Justin Turpel Merci soe fir seng Interpellatioun, fir eis d'Chance ze ginn, hei sechs Méint no der LuxLeaks-Affär eis eng Kéier heiriwwer auszeloossen am Parlament a fir eng Kéier heiriwwer ze diskutéieren. Ech géif him och gär Merci soe fir säin Engagement hei an der Chamber, fir seng vill Aarbecht. A seng Picken iwwer den Thomas Piketty wäerte mir perséinlech feelen. Voilà, ech wënschen lech vill, vill Gléck fir Är Zukunft!

Et ass vläicht ganz gutt, dass déi Interpellatioun hei zu LuxLeaks elo érischt stattféint, sechs Méint nodeems d'Affär vum Konsortium ICJ weltwäit mat vill Kaméidi révéléiert gouf. Mir kënnen eis nach all gutt erënneren un d'Ambiance, déi deemools geherrscht huet, un d'Konsternatioun, dass mer eis erëm eng Kéier am Schmutdeleck - eleng! - erëmfonnt hunn. Mir erënneren eis, wéi schweier d'Verteidigung deemools war als Schmarotzer vum internationale Steiersystem, als quasi „Schurkenstaat“, deen anscheinend op d'Käschte vun aneren -richtege - Länner hire Steiergelder lieft.

An der internationaler Diskussioun ass um Ufank vergiess ginn ze soen, dass d'Tax Rulings eppes sinn, wat et och a villen anere Länner gëtt, a 26 vum den 28 EU-Länner, dass genee déiselwech Montagen och an anere Länner gemaach ginn an dass munch Länner souguer nach vill méi aggressiv Steiernischen hunn. Et sinn der e puer genannt ginn. Ech géif d'Beispill nenne vum de Belsch hiren Intérêts notionnels an den Englänner hirem Non-dom-Regime, fir nëmmen déi zwee ze nennen an dëser Diskussioun.

Här President, LuxLeaks huet eng berechtigt international an national Diskussioun ëm d'Steiergerechtegkeet lassgetréppelt. Ass et normal, dass d'Betriber keng oder ganz wéineg Steiere bezuelen, wa Privatpersounen, Leit, déi fir hiert Akommes schaffen, ëmmer méi staark besteiert ginn um Akommes vum hirer Aarbecht? Wou solle Betriber besteiert ginn? Op der Plaz vum Ofsaz oder do, wou se hire Siège wielen, oft fir laanscht d'Besteuerung ze kommen? Dat ass d'BEPS-Diskussioun, déi scho säit Jore bei der OCDE gefouert gëtt an haut méi wéi jee aktuell ass.

Ech géif gären direkt um Ufank vun dëser Interventioun soen, dass et fir d'LSAP net akzeptabel ass, dass Betriber ganz wéineg oder iwwerhaupt keng Steiere bezuelen. Et gehéiert zu enger elementarer Konzeptioun vum der Steierjustiz, dass och Betriber, egal ob se national oder international tätég sinn, Steiere bezuelen. D'international Entwécklung an der EU an och an der OCDE geet an d'Richtung vu méi Transparenz a méi Steiergerechtegkeet, och wann déi Entwécklung sécher net perfekt sinn - ech kommen nach spéider dorobber zrëck -, mä dee Mouvement begrësse mir als LSAP.

Et ass gutt a richtig, dass mer d'Diskussioun elo féieren, wou déi éischt Opreegung, déi eng sachlech Diskussioun schwierig, jo, onméiglech mécht, sech geluecht huet.

Här President, ech géif gären - e bëssen ähnlech wéi de Justin Turpel - e bëssen e Katalog opstelle vum deene verschiddene Aarte vu Rulingen, déi bei eis praktizéiert ginn. Mir hu vill a laang an der Cofibu iwwer d'Rulinge geschwat, mä ëmmer op eng generell Aart a Weis. Et ass awer, mengen ech, wichteg, eng Kéier méi an den Detail ze goen, fir ze wëssen, wouriwwer mer iwwerhaupt schwätzen, an e bëssen iwwer déi pauschal an elo zimlech sulfureuse Expressioun vum Ruling erauszegoen.

De Ruling, och dat ass scho gesot ginn, de Ruling oder „rescrit fiscal“ ass u sech näischt Schlemmes an näischt Béises. Et ass ganz einfach en Accord préalable iwwer eng zukünfteg Besteuerung, an deenen allermeeschte Fäll vu Betriber, mä munchmol och vu Privatpersounen. Deen Accord préalable kritt een opgrond

vun enger detaillierter Beschreiwung vum der Aktivitéit, déi ee virgesäit. An deen Accord ass dann och nëmme gültig, wann déi Beschreiwung och zoutrëfft.

Deen éische groussen Typus vu Ruling ass deen, dee bei Finanzéierung gefrot gëtt. Hei geet et drëm, e Prix de transfert festzesetzen, dee justifiéiert ass, wann eng Gesellschaft an engem Grupp enger anerer Gesellschaft Sue léint. Wat ass eng normal Marge, compte tenu vum Risk vum der Aktivitéit, vum Prêt, ëmmer ausgoend vum enger vergläichbarer Transaktioun tëschent enger Bank an hirem Client? Dësen Typ vu Struktur gëtt et an all Land, an et ass u sech näischt Problematesches drun.

D'Regularitéit vum der Operatioun gëtt säit der Circulaire vum 2011 bei eis duerch e Rapport iwwer de Prix de transfert bestätegt. Iwwerall an der Welt gëtt „transfer pricing“ gemaach, an Applikatioun vum de Regelen, déi vum der OCDE ausgeschafft goufen. An ech mengen, dass de Fait, dass Lëtzebuerg kee Problem mat der zukünfteger Direktiv iwwer den Échange vu Rulingen huet, och dorobber zrëckzeféieren ass, dass mer hei als Land näischt ze verstopen hunn.

Déi zweet Kategorie vu Rulingen, déi oft gefrot ginn, betreffen d'Quellebesteuerung bei Gewënner, déi vu Lëtzebuurger Gesellschaften un hir Mammegesellschaften ausgeschott ginn. Dëst ass eng Struktur, déi ganz vill am Beräich vum Private Equity benotzt gëtt, also bei Haier, déi fir Investoren net cotéiert Betriber opkafen a Parten do dran indirekt verkafen.

Hei geet et drëm ze confirméieren, dass keng Quellesteuer ufält, wann eng Lëtzebuurger Holding eng Distributioun vu Gewënner mécht, déi si ënnert dem Schachtelprivileg vum hire Filiale krut. Dës Gewënner ginn dacks ënner engem Prêt participatif un d'Mamm ausbezult. De Ruling confirméiert dann, dass keng Quellesteuer ufälleg ass. Wichteg heibäi ass awer ze soen, dass dat net onbedéngt heescht, dass dës Gewënner net anzwousch anescht besteiert ginn.

Bei der vill beschwatener IP-Box, déi duerch e Gesetz vum 2008 agefouert gouf, déi och schon hei am Débat mentionnéiert gouf an déi eng Exoneratioun vum 80% vum de Revenuen aus der Propriété intellectuelle virgesäit, muss een emol kee Ruling froen. Mat der IP-Box kann effektiv zolidd Schindluder gedriwwen ginn, an ech mengen, et ass net émsoss, dass dee Regime am Zentrum vum der Kritik an der Diskussioun ëm BEPS steet. Wéi Der wësst, ass d'IP-Box bei eis en Auslafmodell, wat aner EU-Länner, zum Beispill Irland, dat esou e Regime nach während der LuxLeaks-Affär agefouert huet, net drun hënnert, ähnlech Steierregelen ze hunn.

Eng aner kritikabel Steuerstruktur ass déi sougenannt „Goodwill-Struktur“. Hei kann déi steierlech Base vun engem Betrib reduzéiert ginn duerch d'Abbréng vum engem méi oder weineger reelle Fonds de commerce, deen dann amortiséiert gëtt géint d'Benefisser, déi d'Gesellschaft mécht. Hei gëtt et an der Haaptsaach e Problem vum Evaluéierung, déi net ëmmer prezis ass. Dofir sinn dës Strukturen haut just nach méiglech, wann een eng prezis, dokumentéiert Evaluatioun vum engem Goodwill weise kann.

Här President, eng Zentralfro ass, firwat eist Land et fäerdegbruecht huet, esou e wichtige Secteur fir d'Steierstrukturéierung ze ginn, trotz reeller europäescher an internationaler Konkurrenz. D'Explikatioun huet ganz vill mat juristescher Sécherheet ze dinn. Wat Investisseuren a Betriber virun allem wëllen, wa se eng Transaktioun plangen, ass juristesche Sécherheet. Si wëlle sech kënnen verlossen op dat, wat se vum enger Administratioun bestätegt kréien. Dobäi ass et net esou schlëmm, wann eng Position ännert oder souguer wa méi Steiere musse bezuelt ginn, mä Sécherheet a Virausiicht ass Tromp. Eng réckwierkend Afrostellung vun engem Ruling duerch d'Administratioun wier do Géift: Länner, déi dat gemaach hunn, hunn a kierzester Zäit hir ganz Kreditléit fir Jore verspillt. Ech mengen, och dat soll ee wëssen, wann een iwwer d'Rulingsproblematik schwätzt.

Här President, d'LSAP ass der Meenung, dass d'Regierung gutt a schnell op LuxLeaks reagéiert huet. No Diskussiounen mat der Europäescher Kommission hu mir eise Recours géint der Kommission hir Demande fir d'Matdeeung vun all eise Rulingen zrëckgezunn a mir hunn agelenkt, obwuel eise Recours gutt Chancen hat, ugeholl ze ginn. Mir hunn och erreecht, dass d'Europäesche Kommission ganz schnell hir Enquête op all aner EU-Memberstaaten ausgewäit huet, wat eist Land aus der direkter Schwosslinn geholl huet.

De 4. November d'lescht Joer, also just viru LuxLeaks, hate mer schon den Projet de loi iwwer den Échange de renseignements sur de-



mande, fir vun der groer Lëscht vum Global Forum vun der OCDE erfrozekommen, an der Chamber verabschitt an och de Projet de loi iwwert den Échange automatique op de Revenus sur l'épargne an engem europäesche Kontext adoptéiert. E Projet, dee jo deemools e bëssen excessiv als d'Enn vum Bankgeheimnis hei zu Lëtzebuerg qualifizéiert ginn ass.

Mir hunn och als Land eis Bereitschaft erkläert, mat op de Wee vun enger Direktiv iwwert den Échange automatique vu Rulingen ze goen, déi vun der Kommissioun Juncker no der LuxLeaks-Affär ganz schnell ausgeschafft gouf. Déi Lëtzebuergesch Regierung begréisst a begleet deen Trend, a mir fannen, dass dat och gutt esou ass.

Och am Kader vun der OCDE gehéiert Lëtzebuerg nom ongléckleche Klassement 2013 als „non-compliant jurisdiction“ am Global Forum vun der OCDE méttlerweil zum Peloton de tête, souwuel wat d'Adoptioun vum Standard vun der OCDE iwwert den Échange d'informations am Oktober 2014 ugeet, wéi och am Dossier BEPS, wou Lëtzebuerg de Konsens iwwert d'Patentboxen adoptéiert huet, an eben duerch Progrésen am Échange vu Steierinformatiounen.

Esou konnt de Pascal Saint-Amans, den Direkter vun der Fiskalitéit bei der OCDE, am Dezember d'lescht Joer der Lëtzebuergesch Regierung massiv Progrésen en matière vu Steiertransparenz bescheinigen an och confirméieren, dass Lëtzebuerg beileiwen net eleng do-steet bei der Rulingsproblematik.

Ënnert eiser EU-Présidence wäerten d'Diskussionen iwwer eng Assiette unique an e minimalen Taux op der Betriebsbesteuerung weitergoen. Mir müssen déi Dossiere sachlech, mä och kritesch ugoen. Inbesonnesch d'Afféierung vun enger Assiette unique, wéi se fir de Moment proposéiert ass, géif mat sech bréngen, dass kleng Länner ouni Headquarters näischt oder bal näischt méi ze besteieren hätten. Eng ähnlech Evolusioun bahnt sech och bei BEPS un. Dofir mussen mer als Land resolut op méi Substanz setzen, wa Betriber sech hei nidderloossen. D'Zäit vun de Bréifboitten ass definitiv eriwuer, och wa se eis aus Plazgrënn gutt arrangéiert huet.

Mä och bei der Direktiv iwwert den Échange automatique vun de Rulinge gëtt et nach munches ze bemängelen: beim Uwendungsberäich, bei der Kompetenz vun der Kommissioun, beim Subsidiaritäts- a Proportionalitätsprinzip, bei der Retroaktivitéit, beim Beruffsgheimnis. Hei muss Lëtzebuerg selbstbewusst zesumme mat anere Länner, déi ähnlech Positiounen hunn, seng legitime Interéte verteidigen, ouni sech vum Gespenst LuxLeaks aschüchtere ze loossen.

Ech wëll awer och kloer an däitlech soen, dass d'LSAP d'Efforte vun der EU-Kommissioun, fir aggressiv Steierstrukturierung ze begrenzen, ausdrécklech begréisst.

D'Clause anti-abus an der neier Direktiv „mères-filiales“, mä och den Encadrement vun den Exoneratiounen ënnert där Direktiv an ënnert der Direktiv iwwert d'Zënsen an d'Redevancen, wa keng effektiv Besteuerung virläit, si Schrëtt an déi richteg Richtung. Et ass gewosst, dass d'Steieroptimiséierung, déi d'Leit oft, zu Recht, schockéiert, d'Resultat ass vum Zesummespill vun Duebelbesteuerungsofkommenen, vu lokale Regeln a Praxissen an eben international tätige Betriber, déi et verstinn, duerch eng geschéckelt Strukturierung d'Steierlaascht niddreg ze halen.

Eng rezente Entrevue, an dat ass och scho gesot gi vum Laurent Mosar, eng rezente Entrevue mam Generalsekretär vun der OCDE hei an der Chamber, dem Angel Gurria, huet gewisen, dass d'USA keng Interessen drun hunn, hir Betriber op hiren auslänneschen Aktivitéiten ze besteieren. Den Dossier iwwer „Base Erosion and Profit Shifting“ iwwert d'Produits hybrides gëtt vun den USA blockéiert, mat der zimlech offensichtlicher Begrënnung, fir hir Multinationallen ze begénschtegen. Fir d'USA, mä wärscheinlech och fir aner Länner, ass den internationale Steiersystem eng Form vu Subventionierung vun hire Betriber. Och dat ass eng Realitéit.

Kuerz viru LuxLeaks schon hat d'Regierung am Zukunftspak eng Base légale fir d'Rulinge virgeluecht an och eng Verankerung vum Prinzip vum „arm's length“. No LuxLeaks du koum de Projet de règlement grand-ducal iwwer eng Commission des rulings. Et ass e reelle Fortschrëtt, dass d'Rulingen elo op zolite juristische Féiss stinn, nodeems se während 25 Joer eng einfach Pratique administrative waren, déi just op enger Note de service vun 1989 gefouss huet.

Et ass och en Zeeche vu Maturitéit, dass elo eng Kommissioun bei der Steierverwaltung sech mat de Rulingen auserneeetzt an net nëmmen ee Préposé, an ech mengen, och

schon eleng nëmmen déi Praxis mécht eis international manner vulnerabel. De Justin Turpel huet et gesot, de Jeannot Krecké huet schon 1997 a sengem Rapport iwwert d'Steierfraude dee System kritiséiert an zu Recht op seng Geforen higewisen. Als LSAP kënnen mer deen neie System also nëmme begrëssen.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, ech kommen zur Konklusioun. D'LSAP, muss ech nach eng kéier soen, ass ganz kloer fir national an international Steiergerechtegkeet. Dobäi si mir natierlech och géint aggressiv an abusiv Steierstrukturatiounen, déi dorop erauszilen, dass international tätige Gruppen an hir Aktionäre keng oder ganz wéineg Steiere bezuelen.

Et ass allerdéngs an eisen Aen ze vill einfach, d'Kand mat der Bidden auszuschëdden an d'Rulinge pauschal ze diaboliséieren. D'Rulingen, ech hunn et gesot, si virun allem en Instrument vu juristescher Sécherheet. A mir sinn en „État conduit“ an enger ganzer Rei vun internationaler Steierstrukturen. Dat kann ee gutt oder schlecht fannen, mä dat ass e Fait. Wann een dat grondsätzlech veruerteelt, da misst een éierlecherweis och soen, wat Lëtzebuerg da soss soll maachen, fir ähnlech Steierrecetten eranzefuere wéi déi, déi de Finanzsecteur ofwërf.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Well de Rulingsecteur sinn net nëmmen déi direkt Steieren, déi dem Här Turpel no just nach eng Peau de chagrin sinn oder just nach Grimmele sinn, mä et hänke ganz vill aner wirtschaftlech Secteuren zu Lëtzebuerg dovunner of. Wéi solle mer et maachen, fir dann, ënner anerem, eise Sozialstat ze erhalen op deem Niveau, wou en elo ass? Dat hätt ech dann och gär emol eng kéier hei vum Interpellant héieren am Kader vun dem Débat. Wann een iwwer esou Saache schwätzt, muss een och iwwert d'Géigefinanzierung schwätzen, wat ee mécht, wann een déi Saachen ofschaaft. D'Welt ass méi komplex wéi Schlagwierder a Banderolle virlesen.

Ech hätt mer, Här Turpel, vun lech gewünscht, an deem wéi och an aneren Débaten, dass een net just wëllt ofschafen ouni géigenfinanzéieren, net just vum moraleschen Héichsätz erof op alles ze schéissen, ouni realiséierbar Alternativen opzeweisen.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Par ailleurs géif ech nach eng kéier Merci soe fir dës Debatt an lech alles Guts wënsche fir d'Zukunft. Ech géif lech och villmools Merci soe fir d'Nolauschtere.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Fayot. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Ech wëll dann och hei direkt am Ufank dem Interpellant Merci soen, dass mer d'Méiglechkeet hunn, haut dann dës Debatt iwwert d'LuxLeaks nach eng kéier ze féieren.

Den Här Turpel huet a senger schrëftlecher Ufro sechs Froen opgeworf. En huet dorauer hei an deem Mëndlechen der néng gemaach. Ech ginn op déi eenzel Punkten an, ech denken awer, dass meng Virriedner ausféierlech dat scho gemaach hunn. An ech erlabe mer och dann, méi grondsätzlech Punkte vun der grénger Partei hei opzeweisen an och méiglech Pistten opzeweisen, wéi et an der Zukunft soll weitergoen.

Vläicht direkt um Ufank zwee Punkten, déi ech wëll hei erimmen. Et ass éischtens, Dir kënnt lech alleguerten erënneren, dass mer nach virun zwee Joer hei diskutéiert hunn, dass et un der Zäit wier, d'Bankgeheimnis ofzeschaffen an op de Wee vum automatischen Informationsaustausch ze goen. Mir waren eis eens, dass dat de bessere Wee fir d'Finanzplaz wier, well mer der Meenung sinn, dass d'Finanzplaz och mat transparenter an éierlecher Steierpolitik hir Roll an Europa ka behalen a vläicht souguer ausbauen.

déi gréng hunn ëmmer gefuereert, dass Lëtzebuerg net sollt bäidroen, dass grouss Konzerne, a besonnesch déi ganz räich, op d'Käschte vun de Statsbudgeten hir Steierbeiträg kéinte kleng halen. D'Kris an Europa kënnen mer nëmmen iwwerwannen, wann d'Staten och déi néideg Steierrecetten hunn, fir déi Investissements-ter kënnen ze maachen, déi Aarbechtsplaz schafen an d'Kris sozial ofriederen, ouni dass si dofir iwwerméisseg Scholde mussen maachen.

An dann natierlech, an de leschte Méint ass Lëtzebuerg, leider erëm, an e schlecht Licht geroden, dës kéier weinst dem exzessive Gebrauch vu Steierregeln. Meng Virriedner sinn ausféierlech dorop agaangen.

Och mir stellen eis do eng Rei Froen: Wéi kënnen mer et rechtfertegen, dass Betriber wéi Apple, Amazon, Starbucks, Vodafone, fir nëmmen déi puer ze nennen, nëmme minimal Steiere bezuelen an d'Librairie dovur um Eck, de Bistro dräi Meter méi wäit ewech hir éierlech a fair Steiere mussen bezuelen? Wéi kënnen mer et rechtfertegen, dass duerch esou Praxissen an anere Länner mussen Crèchen zougemaach ginn, Subsidien am soziale Wunnengsbau ewechfalen an esou weider, well de Stat d'Suen net méi huet, fir se ze finanzéieren?

E Beispill, fir dat ze illustréieren, ass e Rapport vum franséischen Deputéierten an der Assemblée nationale, Carrez, dee schreift: «Les PME ne sont pas très loin du taux de 33% d'IS.» - Heescht „impôts sur les sociétés“. - «Les grandes entreprises au-delà de 2.000 salariés, c'est 13%. Les sociétés du CAC 40, c'est seulement 8%. La plus grande entreprise de France, Total, c'est 0%.» Dat illustréiert e bëssen, dass déi Debatten net nëmmen hei mussen gefouert ginn, mä och a Frankräich an anere Länner an Europa an doriwuer eraus.

Et ass deemno also nëmme logesch, dass d'Kommissioun d'Enquête lancéiert huet, fir ze kucken, ob domadder net d'Konkurrenzsituatioun zuongonschte vum Mëtzelstand verschlechtert gouf. Wann dat esou wier, wier dat schlecht, well grad de Mëtzelstand Aarbechtsplaz schaaft an e wichtige Akteur vun der lokaler an nationaler Wirtschaft ass.

Gradesou wichtig ass et awer och, dass mer iwwer eng ongesond Steierkonkurrenz schwätzen, déi ongesond ass, well se derzou féiert, dass d'Länner ze vill Steierrecette verléieren. Duerch de Phenomeen vun der Optimisation fiscale gi Milliarde vu Steiergelder vermidde, déi eigentlech missten an déi national Statskeese fléissen a vun do aus erëm géifen investéiert ginn an en Effet multiplicateur, och an der Wirtschaft deementspreechend, dann och hätten an och hunn.

Dat heescht, dass dat Geld, wat fir wäertvoll Projekte kéint agesat ginn, herno an deene jeeweilige Statsbudgete feelt. E bekannt Beispill ass natierlech och Vodafone an England, déi duerch déi Praxisse vun de Rulingen, anstatt a Groussbritannien, ech mengen, 29% - och wa se d'Assiette vläicht anescht besteiert kritt hätten, e bësse manner bezuelen - nëmmen an der Realitéit 0,8% Steiere bezuelt hunn an doduerch, no Schätzungen vu verschiddenen Experten, ronn sechs Milliarden der britescher Statskeese gefeelt hunn. Déi hunn natierlech herno gefeelt bei anere soziale Moossnamen, fir Investitiounen ze maachen.

Et ass dofir fir déi gréng och wichtig, eng éierlech a seriö Opschaffung duerchzuführen, ouni mussen awer alles a Fro ze stellen - et ass dat och virdu schon ernimmt ginn. Et ass dofir richteg a wichtig, dass mer iwwert d'Praxis vun de Rulingen, souwuel hei zu Lëtzebuerg an Europa wéi awer och op OECD-Niveau, diskutéieren. De Problem daerf a kann net eleng um nationalen Niveau ugepaakt ginn, et muss och un enger europäescher Lösung geschaff ginn.

D'Verantwortung läit also net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och zu Berlin, London, Paräis, etc. Och wann et stëmmt, dass Lëtzebuerg an der Vergaangenheet mat de Rulingen net géint d'Gesetz verstouss huet, heescht dat awer nach lang net, dass, wann eppes haut nach legal ass, dës och nach haut wënschenswäert ass oder ethesch kompatibel mat deenen Normen, déi mir wëllen applizéiert gesinn.

Dem Finanzminister Gramegna seng Wiederu sech, well hie selwer sot: «Ce qui est légal aujourd'hui, n'est peut-être plus souhaitable ou est considéré comme plus compatible avec la norme éthique, qui devrait prévaloir.»

Wéi eng Léisungen a Piste gesi mir dann elo als Gréng?

Elo muss een awer och éierlecherweis hei soen, dass sech méttlerweil eng ganz Rei vu positive Saachen hei gedoen hunn. Dofir, éischtens: Mir brauchen eng Finanzplaz, déi reguléiert an transparent ass. Mir begrëssen dofir ausdrécklech, dass dës Regierung schonns heiru geschaff huet an och weider wäert doru schafffen.

Ech zielen der e puer op. Et sinn och dat Wierder, déi just vu mengem Virriedner Franz Fayot hei gesot gi sinn.

Viru de LuxLeaks hat d'Regierung schonns ugesat, fir d'Rulinge besser ze reguléieren, well d'Rulinge si jo net per se ze verdamen. Mam éischten Deel vum Zukunftspak ass d'Prozedur fir d'Rulinge gesetzlech verankert ginn. Des Weidere sinn och d'Prix de transfert elo am Gesetz verankert. D'Bankgeheimnis ass opgehewen. Vum 1. Januar 2015 u praktizéieren mer den Échange automatique d'informations am Kader vun der Zënsbesteuerungsdirektiv. Dat ass e grouse Fortschrëtt. Mir hunn den OECD-Standard bei der Coopération sur de-

mande uegholl. An och dat ass e wichtige Schratt an déi richteg Richtung.

Dës Beispiller weisen op, dass dës Regierung hir Hausaufgabe mécht an awer och emsetzt. Mä, esou wéi virdu schonns gesot, ass de Problem vun den exzessive Steierkonkurrenzen net eleng vun engem Land ze léisen. Et kann nëmme funktionéieren, wann all Regierungen an der EU un engem Strang zéien an och gemeinsam mat der OECD no eenheetleche Regelungen a Standarden sichen.

Fir déi gréng ass et deemno wichtig, dass an der EU weider Fortschrëtt gemaach ginn a Richtung vu Steierharmoniséierung, statt a Richtung vun onfairem Steierwettbewerb. Dës Fortschrëtt sinn émsou méi wichtig, well mer um internationale Kontext nëmmen esou och weiderkommen am gemeinsamen OECD-Standard.

Ech wëll dofir zwee, dräi Beispiller nach opzelen. Mir mussen probéieren, d'Gesetzeslücke bei de Kierperschaftssteieren ze schléissen. Et ass virdu och erëm vu mengem Virriedner opgeworf ginn d'Diskussioun ëm d'„mères-filiales“-Richtlinien. Et ass geschwat ginn iwwert d'Zënsrichtlinien. Et ass geschwat ginn iwwert d'Lizenzgebühren. Wéi déi téschent de Firmaen, téschent den „mères-filiales“ an esou verdeelt ginn, ass ee vun de gréssere Chantieren, déi ugepaakt mussen ginn.

Den zweete Chantier, wou mer och schonn an der Kommissioun des Éfteren driwwer diskutéiert hunn, ass téschent der Bemessungsgrundlag, dass jett vun der Besteuerung an de Mindeststeuersätz vun deenen eenzelne Firmaen, an och do, mengen ech, muss mer eng gesamteuropäesch Lösung usichen, fir kënnen dann och mat enger gemeinsamer Stärkt, an dat ass de véierte Punkt aus där Opzielung. Wa mer wëlle gestärkt eng international Diskussioun ugoen, brauche mer de Standard, dee mer an der Europäescher Kommissioun fonnt hunn. An domadder hu mer besser Chancen, wéi den Här Mosar och virdu gesot huet, en internationalen Standard op OECD-Niveau kënnen virzebréngen.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Hären, ech komme schonn zum Schluss. Ech wëll och nach eng kéier aus Siicht vun deene Gréng betounen, dass mer et begrëssen, dass Lëtzebuerg, dass dës Regierung sech engagéiert huet, mat der Kommissioun zesummenzschaffe beim Opschaffe vun deenen Themen, och wat d'Spezialkommissioun vum EU-Parlament ubelaangt.

Onofhängeg vun der Aart a Weis vun deser Kommissioun, ass et wichtig, dass d'Debatt iwwert d'Steiergerechtegkeet an Europa op eng konstruktiv Manéier, ouni eesäiteg Polemiken duerchgefouert gëtt. Mir zielen dofir och op eis europäesch Partner, fir gemeinsam no Léisungen, fir no enger koordinéierter europäescher Steierpolitik ze sichen an net mussen de Spillball vu multinationale Betriber ze sinn, déi deelweis manner wéi 1% Steiere wëlle bezuelen.

Lëtzebuerg wëllt weiderhi bekannt bleiwen, dass mer engagéiert Europäer sinn, dass net nëmmen eegen national Interessen an der Fënster hänken. Mir hu keen Interessi, d'Zilscheif vu weideren Attacken op eist Land ze sinn. D'Conditio sine qua non ass deemno fir déi gréng eng konstruktiv, engagéiert Zesummenaarbecht op EU-Niveau, esou wéi dat dës Regierung an och eise Finanzminister bis elo gemaach hunn.

An zum Schluss wëll ech dann awer och vu grénger Säit dem Interpellant nach eng kéier Merci soen. Merci soen éischtens fir haut dës Debatt. Ech huelen en Zitat, dat en oft hei benotzt huet, wann e seng Rieden hei gehalten huet. Ech wëll dat dann och zum Schluss hei nach eng kéier widderhuelen: „Wann ech jo elo méi Zäit hätt, kéint ech dem Justin Turpel nach ganz vill iwwer säin Engagement zielen, mä déi hunn ech leider net méi.“ Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir hutt awer nach 13 Minuten.

(Hilarité)

Ech huelen Är da mat, herno.

Villmools Merci dem Henri Kox. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, well ech zum Schluss vläicht keng Zäit méi hunn, wëll ech dann um Ufank...

(Hilarité)

...dem Justin Turpel Merci soe fir dës Interpellatioun an och fir déi flott Zesummenaarbecht,





déi mer hei an der Chamber haten, an och virun allem an de Kommissiounen, wou de Justin Turpel ëmmer och e ganz engagéierten Deputéierte war. A vun eiser Säit aus och: Justin, alles Guddes fir deng Zukunft!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, viru sechs Méint war dat Wuert „Ruling“ wahrscheinlech deene meeschte Lëtzebuerger an och vläicht enger Rei vu Politiker nach net bekannt. Mä duerch eng grouss, international ugeluechte Campagne, och vun der internationaler Press, déi weltwäit gefouert ginn ass, ass déi sougenannte LuxLeaks-Affär opkomm a Lëtzebuerg ass a Schlagzeile geroden. Leider eng weider Kéier!

Déi éischt Reaktiounen vun eiser Regierung ware sécherlech net grad déi professionellst. Et war och den Iwwerraschungseffekt derbäi. Mä et muss een awer fairerweis soen, dass souwuel herno vu Regierungssäit déi Saach gutt organisiert war an och preparéiert war op weider Attacken, déi vun der internationaler, vun enger bestëmmter internationaler Press géintwärtig vu Lëtzebuerg geridde si ginn. An och, dass d'Zusammenarbeit, mengen ech, tëschent Regierung an der zoustänneger Chamberskommissioun, virun allem tëschent dem Finanzminister an der zoustänneger Chamberskommissioun exzellent war. An ech mengen, dass mer och zesumme verstanen hunn, do Décisiounen ze huelen, wat am Interessi vun eisem Land war.

Här President, vu dass meng Zäit zéng Minuten ass, wëll ech op eng Rei vu Punkte just prinzipiell agoen.

Déi éischt Fro ass zu de Rulinge selwer. Ech wëll ënnersträichen, wat och schön eng Rei vu Virriedner gesot hunn: D'Rulinge sinn eiser Iwwerzeugung no konform zu eisen an och internationale Bestëmmungen a Gesetzer. Et gi praktesch an alle Länner vun den EU-Staten, mä och weltwäit Rulinge gemaach. Plazeweis hu se eng aner Nominatioun, mä am Fong ass et awer datselwecht wéi hei zu Lëtzebuerg, wat mir Rulingen nennen.

Et ass och duerfir vläicht net verwonnerlech, dass déi Attacken, déi an där Phas géint Lëtzebuerg geridde si ginn, dass déi net a priori vun auslännesche Regierungen oder Politiker géint Lëtzebuerg geridde si ginn, mä si si vun der Press géint Lëtzebuerg geridde ginn, well déi auslännesch Politiker selwer jo wëssen, dass si och Rulinge maachen an dobäi relativ zréckhaltend an där ganzer Diskussioun waren.

Déi zweet Fro ass: Wéi vill Rulingen hu mer gemaach?

Bon, et gëtt gesot, et sinn der e puer Dausend bis maximal dräi Dausend d'Joer. Dat mag vill kléngen, mä wann een dat am internationale Verglach kuckt, dann ass dat näischt Extraor-

dinäres. An dobäi muss een och wëssen, dass Rulinge kënnen vun enger Associatioun, vun engem Betrib e puermol gemaach ginn, ernéiert ginn an esou weider. Mä ech mengen, et sollt ee wëssen, dass dat awer eng enorm Progressioun vun de Betriber hei zu Lëtzebuerg mat sech bruecht huet, an dass mer haut bei 33.000 bis 34.000 Betriber, déi hei zu Lëtzebuerg ugesiedelt sinn, sinn, ass och zréckzeféieren op déi staark Progressioun, déi mer eben iwwert de Wee vun de Rulingen hei op Lëtzebuerg hikritt hunn.

Eng weider Fro. Wa mer soen, et wiere vill Rulingen, da muss een och froen: Wat bréngen d'Rulinge Lëtzebuerg?

Mir wëssen, dass d'Betriebsbesteuerung hei zu Lëtzebuerg insgesamt zënter fénnef Joer konstant ass. Bei 1,5 Milliarden huet déi sech agependelt a se ass souguer, wa mer de Chiffer richteg am Kapp hunn, 2014 liicht ënner 1,5 Milliarde gefall.

Wann een da weess, dass op där anerer Säit déi Rulinge jo awer eppes bruecht hunn - dee genaue Chiffer hu mer net genannt kritt, mä et gëtt awer vun tëschent 600 an 800 Milliounen geschwat; dat war emol de Chiffer, deen de Premier an der Neijoers- oder der Chrëschtags- oder dem Silvesterinterview um Fernseh genannt hat -, wann een dann awer weess, dass déi Rulingen awer eng net onwesentlech Zomm an de Statsbudget erabréngen, an et gesäit ee gläichzäiteg, dass d'gesamt Betriebsbesteuerung op 1,5 Milliarde stoe bliwwen ass, obschonn op där anerer Säit jo nei Recettë geschafte gi sinn, dann hunn der och bei der Betriebsbesteuerung misse logescherweis zréckgoen. Dat ass sécherlech iwwert de Finanzsektor geschitt, wou ebe Recetten ewechgaange sinn, déi elo, et kann ee bal soe glécklecherweis, dann iwwer nei Recettë vu Rulinge konnte kompenséiert ginn.

Mir sinn der Meenung duerfir, an dat hunn ech och scho bei aneren Debatte gesot, dass mer net derlaanscht kommen, net am Kader vun der Dëser Diskussioun, mä am Kader vun der bevirstehender Steuerreform, déi mer maachen, mengen ech, dass d'Regierung eis muss alleguer als Politik, als Chamber eng Ventilatioun an eng ganz transparent Opléschung vu sämtleche Steieren, déi de Stat erakritt, maachen.

A wa mer vun der Betriebssteuer schwätzen: Mir wëllen net wëssen, wat deen eenzelne Betrib vu Steiere bezilt, mä mir mussen awer wëssen, wa mer wëlle politesch diskutéieren iwwer eng Steuerreform, wat fir eng eenzel Branché wat vu Steiere bezuelen, sief dat d'Banken, sief et iwwer Rulingen, sief et iwwer d'Industrie an esou virun, dass ee genau weess: Wou kommen déi Betriebssteieren hier?

An datselwecht och iwwer all déi aner Steieren, déi mer mussen diskutéieren, och vun de physische Persounen, dass mer gäre vun der Regierung verlaangen, dass mer an där Hisiicht eng ganz opgeléichten Dokumentatioun kréien, fir dass mer kënnen och an aller Objektivitéit an Transparenz déi Debatt an deem nächste Joer féieren.

Da kënnt d'Fro, ob Rulinge moralesch oder ethesch vertriebar sinn, dass multinational Konzern iwwer Rulingen oder aner Steuerkonstruktiounen minimal Steuersatz bezuelen oder bal quere keng.

Ech mengen, et ass sécherlech net vertriebar. Do wäerte mer eis och, wann een d'Diskussioun de Mëtteg hei verfollegt huet heibannen, eens sinn. Et kann net sinn, dass d'Multien iwwer Konstruktiounen praktesch keng Steiere bezuelen an dann awer déi Kleng- a Mëttelebetriber an d'physisch Persounen bis op de leschten Euro besteiert ginn an déi och mussen bezuelen!

Et ass awer genausou falsch, wa Leit soen, ma mir missten den Taux bei deenen, déi hei eng Ruling maachen, an d'Luucht setzen. Da géife se wahrscheinlech net heihinnerkommen. Dann hätte mer also keng Plus-value u Steieren hei, mir hätten eng Moins-value an dann hätte mer och e Verloscht an eisem Budget. An dee misste mer dann natierlech erëm hei am Land siche goen. Et muss een et also - dat, wat och virun de Kollege Fayot hei gesot huet - bis hannen duerchdenken.

Wa mer soen, et ass moralesch an ethesch net vertriebar, dann ass dat awer net, dass mir als Lëtzebuerger exklusiv eleng dee Problem kéinte léisen. Dee Problem kann nëmme geléist ginn, net nëmme op europäeschem Niveau, mä och op weltwäitem Niveau. An duerfir ass et net nëmme e Problem vun der Europäescher Unioun, mä et muss och am Kader vun der OECD oder dem G20 mat diskutéiert a virun allem och mat decidéiert ginn.

Mir wëssen, dass d'Europäesch Kommissioun amgaangen ass, eng Direktiv auszeschaffen. Mir sinn driwwer informéiert ginn an der Kommissioun. An et gëtt och gesot, dass et relativ séier géif do viruoen, och virun allem wat den automateschen Informatiounsaustausch ubelaangt. Obschonn ee muss wëssen, dass deen och elo scho méiglech war. An et hu jo no der LuxLeaks-Erfahrung eng Rei vu Länner déi Dokumentatiounen hei zu Lëtzebuerg ugefrot a se hu se jo och kritt. Dat ass also keen neie Moment.

Et ass eppes, wat méiglech war, mä wou awer an der Vergaangenheet, muss een dann awer och fairerweis soen, déi aner Länner net vun

där Méiglechkeet Gebrauch gemaach hunn. Se hunn am Fong dat net gefrot, bis et den Eklat war. Dunn hu se wahrscheinlech aus den nationalpolitischen Iwwerleeungen eraus aus hirer Siicht déi ugefrot.

Et kann awer och net sinn, an dat hu mer an der Kommissioun vun eiser Säit aus kloer gesot, dass mer elo op europäeschem Niveau en Text decidéieren an och applizéieren, ouni dass gläichzäiteg op OECD-Niveau datselwecht geschitt. A mir si souguer der Meenung, dass ee wuel kann als Europäesch Unioun higoen, en Text maachen, souguer intern en Accord maachen, mä dass een da seet: Fir eis trëtt deen eréischt en vigueur zu deem Zäitpunkt, wou och um Niveau vun der OECD en decisiven Text virläit!

Dat ass engersäits eng Sécherheet fir eis, dass Europa net an eppes virprescht, wou dann déi aner, an et ass virun och hei geschwat gi vun der amerikanescher Säit, wou déi da guft Zäit hunn, well mir Europäer et scho geléist hunn. An et ass op där anerer Säit och en Drockmittel, fir ze soen: Mir si prett, well och um Niveau vun der OECD alles prett ass. Da kënnen mer dat zesummen a wa méiglech och dat mat deemselwechten Deel a Kraaft triede loosson.


Här President, wa mer all dat doten diskutéieren a soen, dass et moralesch, ethesch net vertriebar wier, a mat deem, wat mer am leschte Joer bestëmmt hunn, da wëll ech awer just soen, dass mer als Lëtzebuerger eppes mussen wëssen, dass um Enn vun deene Prozedur fir Lëtzebuerg wäert och eis Finanzwelt an domadder eise Statsbudget aneschtens ausgesinn.

Ech denken, erënneren un déi Verloschter, déi mer hunn. D'Bankgeheimnis ass fortgaangen. Dat huet eis Perten am Statsbudget kascht. Den E-Commerce kascht eis eng Milliard. Rulinge bréngen eis 600 bis 800 Milliounen. Verschidde Leit dreemen dovun, dass den Tanktourismus misst ënnerbonne ginn. D'Akzise mat Tubak an alles, wat drunhänkt, Alkohol, bréngen eng Milliard an d'Steuerstatskeess. An och verschidde Leit wëllen eng Finanztransaktionssteuer afeieren, wat och um Schluss fir Lëtzebuerg géif eng Perte an der Statskeess bréngen.

Wa mer also alleguer mengen, mir kéinten op dat verzichten, mir missten elo déi gréisste Moralapostele vun der Welt sinn, da wëll ech awer dorun erënneren, dass all déi Chifferen do ee muss a Verbindung setze mat eisem Statsbudget. An dat sinn nëmme 12 Milliarden!

**(Coups de cloche de la présidence.)**

An dat wollt ech zum Schluss soen, dass, wa mer doriwwer nodenken, mer och mussen ganz



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS  
d'Chamber live

**Chamber TV**

och an der Rediffusioun

all Sëtzungsdag

vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**

- L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,  
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

bis zum Schluss nodenken, ier mer virleefeg Décisiounen huelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Gibéryen.

Ech hunn nach d'Wuertmeldung vum Interpellant, deen d'Zäit vu sengem Grupp zum Deel wëllt notzen, wat säi Recht ass.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*), *interpellateur*.- Merci, Här President. Ech wollt eigentlech guer näischt méi soen. Ech wollt awer trotzdem elo op eng Saach reagéieren, wou ech e bësse provozéiert gi sinn. Fir d'Eischt wollt ech awer emol Merci soe fir all déi léif Wieder. Ech mengen, mir hunn herno nach kuerz Geleeënheet, fir dorobber zrëckzekommen.

Ech wollt reagéieren op d'Fro vun deem, wat den Här Fayot gesot huet. An dat schéngt elo déi lescht Zäit esou eng Linn ze sinn, datt d'LSAP ëmmer seet, mir géifen zwar vill kritiséieren, mä keng Alternative bidden. Ech mengen, datt do net gutt nogelauschtert ginn ass.

Ech sinn emol frou, datt mer eis hei ënner enger ganzer Rei Parteien eens sinn, datt mer eng Steiergerechtheet brauchen. Wa mer soe Steiergerechtheet, ginn ech och dovun aus, datt et eng Steiergerechtheet ass tëschent de Stéit an de Betriber, datt d'Betriber emol erëm dee Bäitrag bezuelen, dee se eigentlech misste bezuelen.

Ech sinn och frou iwwer verschidden Interventiounen, och vun deene Gréngen, mengen ech, mat deene mer eis wäitgehend eens sinn, well um Niveau vum Europaparlament déi Lénk an déi gréng ganz ähnlech Positiounen verteidegen an där ganzer Problematik an och ganz enk zesummeschaffen.

Ech wëll just dem Här Fayot soen, datt d'Géigefinanzéierung, datt ech déi ganz kloer gesinn! Ech mengen, ech hunn e puer Saachen, e puer Elementer gesot, déi ech kuerz wëll rappeléieren.

Dat eent ass d'wirtschaftlech Diversifizéierung. Et ass nun emol eng Tatsaach, dat d'wirtschaftlech Diversifizéierung ënnert dem Impakt vun der Finanzplaz gelidden huet an datt do d'Opmerksamkeet op engem Secteur war, wou mer dat misste wesentlech méi diversifizéieren.

Zweetens hunn ech gesot: Wa mer eng Steiergerechtheet hunn, déi wierklech all de Staaten erlaabt, dee gerechten Undeel un de Steieren ze kréien, deen d'Staten eigentlech zegutt hätten a brächten, kéint jiddwereen ënnert dem Stréch besser ewech. Well mat där Logik, wou mer elo dra sinn... An den Här Mosar ass sech eigentlech ganz konsequent, wann e seet, et muss op der ganzer Welt d'nämleche sinn, Europa eleng geet net duer.

Dat leeft schon dorobber eraus, datt d'Steierkonkurrenz bestoe bleift, soulaang wéi dat net ass. Well dat ass jo eng Illusioun de Moment. An hie weess dat och ganz genee, datt d'Steierkonkurrenz bestoe bleift, wa mer eis ëmmer weider no ënne schaukelen, an datt dat eng Spiral ass, déi wierklech ee battert, ee battert an e katastrophaalt Enn kritt, well d'State wierklech net méi déi Suen hunn, déi se brauchen.

Wann déi Saachen, déi hei gesot gi si vun der LSAP, vun deene Gréngen, wann déi esou gemengt sinn, wat d'Steiergerechtheet an eng seriö Besteuerungsbasis ugeet, wéi dat hei gesot ginn ass, ech mengen, da wësse mer, wou d'Alternative leien. Doriwwer misste mer eis eens sinn.

Ech sinn och d'accord, datt mer déi Diskussioun... Also, ech fannen, datt mer haut eng gutt Diskussioun haten, déi awer eigentlech misst weidergoen. Mir hu jo eng Diskussioun, kréie jo eng Diskussioun iwwert d'Steieren zu Lëtzebuerg. Mir kréien och eng Diskussioun, déi den Här Mosar ugefrot huet, iwwert d'Finanzplaz zu Lëtzebuerg. An ech fannen, dat si wierklech Saachen, déi ee soll weiderféieren.

Ech soen nach just ee Wuert zu de Motiounen, da brauch ech herno dat net méi ze soen.

Zu deem, wat den Här Berger gesot huet, datt déi superfétatoire wier. Also, an esou Fäll wéi deem dote misst een awer soen: «Ça va mieux en le disant.» An et ass jo genee dat, wat d'Hollänner gemaach hunn. An ech wier wierklech och frou, wa mer dat hei kéinte maachen, soss si mer nämlech an enger anerer Situatioun. Soss si mer nämlech an der Situatioun, datt eng Motioun, déi identesch ass mat där holländescher, hei ofgelehnt gëtt! An da freet awer jiddwereen dobause sech, firwat. Also, ech géif mengen, hei soll ee wierklech de Geste maachen, déi Motioun stëmmen an domadder och Kloerheet schafe par rapport zu deem, wat eis Intentioun ass.

An d'Resolutioun, zu där den Här Berger gesot huet, datt d'Cofibu dat souwisou géif maachen. Also, ech muss éierlech soen: Ech hu meng Zweifelen. D'Cofibu huet bis elo ni diskutéiert, datt se dat do op déi do Aart a Weis géif opschaffen an datt se dat do déi do Aart a Weis géif wëlle maachen, wéi dat an där Resolutioun drasteet. Wann dat natierlech awer d'Engagement vum President ass, fir dat ze maachen, da sinn ech der Meenung, datt d'Cofibu dat soll maachen. Mä da brauche mer keng Spezialkommissioun, da wäert d'Cofibu schon esou ee Rapport virleeën, wou dat alles emol eng Kéier zesummegefaasst gëtt. Mä ech hunn Zweifelen.

Wann d'Zweifelen hei bestätegt ginn, sinn ech der Meenung, datt een d'Resolutioun soll stëmmen. Wa jiddwereen der Meenung ass, datt d'Cofibu dat wierklech soll maachen, fir dat op déi Aart a Weis opzeschaffen, de Rôle vun der Finanzplaz an all deene Beräicher do, sinn ech der Meenung, datt d'Cofibu dat soll maachen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Turpel. An elo direkt huet d'Wuert de Finanzminister, den Här Pierre Gramagna.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramagna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Damm an Dir Här Deputéierten, léiwé Kolléeg Félix Braz, ech si ganz frou iwwert déi Diskussioun, déi mer haut hei haten. Déi war net nëmme utile. Ech géif soen, se war noutwendeg. An dofir géif ech gären, wéi och verschidden aner Riedner, dem Deputéierte Justin Turpel Merci soen, dass en déi Interpellatioun gemaach huet. Mir wëssen, dass en eis elo wäert an der Chamber verlossen. Ech muss soen, dass dat fir mech op eng gewëssen Aart a Weis e Regret ass, well de Justin Turpel, ech kann dat hei roueg op der Tribün soen, ass deen Deputéierten, dee mech am meeschte beschäftegt huet.

#### (Hilarité)

Et ass ëmmer esou, och wa mer net ëmmer mateneen eens waren, eis Analyse waren effektiv oft ganz verschidden. Et ass awer ëmmer flott, wann een e Sparringspartner huet, a mam Här Turpel hat ech do een, dee ganz gutt virbereet war.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här Minister, mir kënnen probéieren, dat Lach do opzefüllen.

► **M. Pierre Gramagna**, *Ministre des Finances*.- Neen, dat muss net onbedéngt sinn.

#### (Hilarité)

De Sujet ass komplizéiert genuch. An ech freee mech dann, dass mer déi Diskussioun hunn. An dem Justin Turpel wënschen ech alles Guts fir seng Zukunft, an ech sinn iwwerzeugt, dass eis Weeër sech och nach wäerte begéien.

Ech fannen, dass d'Diskussioun haut jo och relativ vill Konsensus mat sech bruecht huet, an dat ass jo ëmmer gutt fir d'Chamber an och ganz gutt fir d'Regierung. De Konsensus, dee mer, mengen ech, hei ronderëm den Dësch hunn, an ech mengen, dee Konsensus ass y compris mam Justin Turpel a mat senger Partei, dat ass, dass mer der Meenung sinn, dass d'Gesellschaft vum all Gréisst solle gerecht besteiert ginn. Op Englesch gëtt dat genannt „fair taxation“. Mir nennen dat hei Steiergerechtheet. An ech mengen, dat ass keng esou Selbstverständlechkeet. Ech mengen, d'Situatioun huet vill evolueiert iwwert déi lescht Joren, a Saachen, déi virdu licht akzeptéiert waren, sinn et haut net méi. Ech wäert nach dorop zrëck ze schwätze kommen an der Konklusioun. Et ass also hei eng Prise de conscience ronderëm dem Sall, dass mer alleguete fir eng fair Steierpraktik sinn.

Dës Regierung huet sech dat och virgehall. An ech mengen, mir hunn dat och applizéiert a mir hunn dat an deene leschte 17 Méint bewisen. Mir sinn de Wee vun der Transparenz a fiskalesche Saache gaangen. Mir hunn deen ugefaangen a mir hunn en ëmmer méi breet getréppelt.

Den Débat ass haut lassgeléist ginn, wann een esou wëllt, viru sechs Méint vun der Affär LuxLeaks. Ech si frou, dass mer dat eréischt no sechs Méint maachen, well d'Gemidder sech effektiv e bësse calméiert hunn.

Mä et dierf een net dovunner ausgoen, dass d'Problematik vun de Rulingen, dass dat déi gréisste Problematik ass, wat d'Fiskaliteit ubelaangt. Dat ass een Element vun der genereller Fiskaliteit vun den Entrepreneuren. An et ass och hei gesot ginn. An ech mengen, et soll een, wann een iwwert den Dossier da vun der Steiergerechtheet schwätzt, natierlech net nëmme iwwert d'Rulinge schwätzen.

Wéi huet d'Regierung reagéiert, wéi déi ganz Affär explodéiert ass?

Komescherweis war et eng Saach, déi schon 2012 bekannt war an en fait ouni vill Nowéien 2012 an enger Emissioun op France 2 bal an de Vergiess komm ass. Mä si huet eng ganz nei Dynamik kritt, well e Konsortium vun internationale Journalisten dat weltwäit opgegraff huet an, zweetens, an dat war vläicht dann den entscheidende Punkt, déi Rulingen, déi geklaut goufen, op den Internet gesat huet.

Domat ware mir a si mir och nach ëmmer praktesch dat eenzeg Land, deem seng Rulinge weltwäit kënnen konsultéiert ginn. Mir hu 500 vun eise Rulingen, déi all Mënsch ka kucken an analyséieren. An dat ass natierlech en immensen Nodeel fir eis par rapport zu all deenen aneren. Dat wäert sech och elo änneren, wann natierlech Praktike vun Echange vu Rulinge wäerten amplaz kommen, amplaz gesat ginn.

Ech wëll och ënnersträchen, dass d'Lëtzebuurger Regierung d'Vergaangenheet, dat heescht dat, wat virdu an dësem Land a Saache Rulinge gemaach ginn ass, komplett assuméiert huet. Mir hunn nämlech fonnt, dass mer eis do sollte wéi ee Mann virun d'Praktik stellen. Well dat Allerwichtigst fir eist Land no baussen ass d'Kredibilitéit a riichtzestoe fir dat, wat virdu gemaach ginn ass, a Konformitéit mat de Gesetzer. Ech si frou, dass mer dat gemaach hunn. Dat war net esou evident. Mä ech fannen, dat war déi richteg Attitud.

Eng aner Saach, déi eis vill gehollef huet, dat ass, dass mer en fait net op LuxLeaks gewaart hunn, fir eppes a Saache Rulingen zu Lëtzebuerg ze änneren. Ech wäert herno dorop zrëckkommen.

Mir hu jo virun der Affär am November Initiativen op legislativer Basis geholl. An ech mengen, dat huet eis och gehollef, fir ze bewisen, dass mer seriö wäeren, fir déi Praktik da méi a Konformitéit ze setze mat den internationale Praktiken.

Vu dass LuxLeaks jo awer wierklech ronderëm d'Rulinge geet, kann ech net derlaanscht kommen, nach eng Kéier ze ënnersträchen, wat e Ruling ass, zu Lëtzebuerg genannt „décision anticipative“. D'Décision anticipative vun der Steierverwaltung ass keen Accord, et ass eng Décision unilatérale. Dat ass extrem wichteg. Do verhandelt een näischt. Do kritt een eng Bestätigung. Et ass een Acte unilatéral vun der Administratioun, ass och vun där ënnerschriwwen, huet dee Stempel drop an ass also en Acte administratif.

Deen Acte administratif gëtt engem Rechtssécherheet, e gëtt also Certitude a gëtt engem

Prévisibilitéit. Fundamental Saachen an der heiteger Welt, wou alles changéiert, a fundamental Saachen, déi maachen, dass souwuel d'Kommissioun vun der EU wéi och d'OCDE d'Praktik vun de Rulingen en tant que tel iwwerhaupt net a Fro stellen.

Et ass kee Mënsch oder et si ganz wéineg Leit, déi do Responsabilitéiten hunn, déi soen, et misst een d'Praktik vun de Rulingen ofschafen. Au contraire! Jiddweree seet, et wier eppes ganz Effikasses an Utiles. Mä de Kader, an deem sech d'Rulingen ofspillen, dee muss natierlech changéiert ginn.

Et ass oft genuch gesot ginn, dass 26 vun 28 Länner dat an der EU maachen an och déi meeschten OCDE-Länner. Ech muss soen, dass dat fir eis d'Prioritéit war, soubal dat erauskomm ass, déi ganz Affär LuxLeaks, fir op e puer Saachen den Hiwäis ze maachen. Dat Alleréischt war ze soen: Neen, d'Rulinge sinn net eng Spezialitéit vu Lëtzebuerg. Neen, d'Rulinge si keng Accorden. An, neen, d'Rulinge sinn näischt Geheimes, contrairement zu deem, wat an de Medien ze liese war.

Se sinn net geheim. Mir hu schon an der Vergaangenheet op Ufro verschidde Rulinge mat verschidde Länner ausgetosch. No der Affär LuxLeaks hunn ech dat och nach répétéiert. An ech muss soen, dass ech och Ufroe krut, an ech zum Beispill récemment mat der Steierverwaltung verschidde Informatiounen iwwer Rulingen an d'Belsch ginn hunn. Dat ass awer souguer schon den alen Droit. Mir hunn do näischt Neits gemaach. Mä dat beweist, wéi den Image vun de Rulingen an der Press falsch virgedroe ginn ass.

Doropshin hu mer, dat war, géif ech soen, den zweete Schrëtt vun eiser Aktioun, dat Eischt war ze soen: Rulinge sinn eng generell Praktik. Déi zweet Haaptinitiativ, déi mer geholl hunn, dat ass, dass mer gesot hunn a gefrot hunn, dass d'Rulingen net solle weider eng Spezialitéit sinn, déi an engem Land ass, mä dass mer se sollen ënnereneen austauschen. An dat Eenzeigt, wat mer konnte proposéieren, ass natierlech, dass dat um Niveau vun der Europäescher Unioun soll ausgetosch ginn.

A mir wëssen, dass d'Europäesch Kommissioun am Mäerz vun dësem Joer esou eng Propositioun gemaach huet. Ech wëll ganz kloer soen, dass mer dat begrëssen, dass mer dat ënnerstëtzen. An et ass e ganz ambitiöse Kalenner festgesat ginn, fir déi Direktiv ze adoptéieren a mir hunn eis engagéiert als Présidence, dass mer deen ambitiöse Kalenner vun der Kommissioun wäerten ënnerstëtzen.

Dëst gesot, geet et net duer, dass d'Europäesch Unioun Initiatiiven hëlt, mä et ass esou, dass am Domän vum Echange vu Renseignerment, an hei dem Echange iwwert d'Rulingen, dat nun emol eppes ass, wou d'Europäesch Unioun Pionéier war an der Vergaangenheet an och warscheinlech wäert hei sinn. D'Endzil ass natierlech, dass mer en „level playing field“ sollen hunn, dat heescht, dass de Kader, d'Spillwiss fir jiddwereen déiselwech soll sinn, net nëmme an der EU, mä an der ganzer OCDE, an allen entwéckelte Länner. Mir wäerten och drécken, fir dass dat esou geschitt.

Mä eppes dierf een awer och net vergiessen, an dat ass, dass egal wéi vill mer harmoniséieren, wéi vill Echange mer maachen, mer déi zwee Extremere mussen évitéieren. An déi zwee Extremere, déi et gëtt, dat ass d'Course no ënnen, d'Course vun der Optimisation fiscale absolue, wou een esou no wéi méiglech bei Null kéint, wat d'Besteuerung ubelaangt. Dat muss onbedéngt évitéiert ginn. Mä dat anert muss och évitéiert ginn, dat ass d'Course no uewen. Wann alles échangéiert gëtt, wann d'Transparenz besteet, dass d'Länner also da keng Angscht méi hunn, ze wëssen, dass en aneren eppes manner besteiert, da kann d'Antwort awer net sinn, dass d'Course no uewen onbegrenzt ass.

An dofir wäert Lëtzebuerg och riichtstoen, fir dass eng gesond Wettbewerbsfäegkeet fir Lëtzebuerg besteet, a wäert sech och setzen an der EU, fir dass net alles harmoniséiert gëtt bis op de leschte Centime, géif ech bal soen. Well da kënnen mir, mat där gerénger Fläche, déi mer hunn, a mat deene wéinege Leit, déi mer hunn, en fait net méi konkurréieren mat deenen aneren.

Ech hu virdu gesot, ech wëllt awer weisen, wat an deene leschte 16 Méint geschitt ass. Mir hunn eis ganz vill reforméiert. An Dir sidd als Deputéierten natierlech au courant, well Dir hutt de Gros vun deenen Initiatiiven ënnerstëtzt oder gestëmmt, wann et Gesetzer waren.



Fir d'Alleréisch emol hu mer an d'Budgets-gesetz eng Dispositioun drageschriwwen, fir dass de Ruling elo soll zu Lëtzebuerg eng legal Basis hunn, an zwar duerch e Gesetz an net méi duerch eng Pratique administrative. Dat hutt Der all begréisst. An deem Text traitéiere mer och d'Prix de transfert. An an deem Gesetz hu mer och virgesinn an dann och herno am Règlement grand-ducal, dass mer eng Kommissioun an d'Liewe geruff hunn, déi en fait derfir suergt, dass d'Rulingen op eng harmoniséiert Aart a Weis an eisem Land décidéiert ginn.

Dat sinn alles Progrèsen, déi eis, géif ech soen, e bëssen an d'Normalitéit setzen, international gesinn, déi een och vläicht hätt kënne scho méi laang maachen. Mir hunn et nun ebe méi spët gemaach, mä Gott sei Dank hate mer déi Initiativ viru LuxLeaks geholl.

Dat Zweet, wat mer gemaach hunn, dat ass, dass mer op EU-Niveau d'Direktiv «mère-fille» adoptéiert hunn. Ech ënnersträchen ëmmer gär bei mengen europäesche Kolleegen, dass dat ouni d'Zoustëmmung vu Lëtzebuerg guer net méiglech gewiescht wär, well et ass en Domän, wou een d'Unanimitéit brauch.

An zwou Etappen hu mer déi Direktiv da matgedroen, an doduerch dass mer eng Clause anti-abus dran hunn - d'Spezialiste kennen dat, ech brauch dat hei net ze évoquéieren -, an dass doduerch dann déi Produits hybrides, déi dozou gefouert hunn, dass effektiv zweemol net besteiert ginn ass, weder am Pays d'origine nach bei eis, dass där Saach en Enn gesat gëtt. An déi Direktiv muss bis Enn des Joers ëmgesat ginn a mir wäerten elo relativ séier och bei lech hei an d'Chambre des Députés komme mat engem Text.

Dat Drëtt, wat mer gemaach hunn, ass, mir hunn d'Convention de Berlin an d'Déclaration de Berlin ënnerschriwwen, dat war am Oktober vum leschte Joer. Mir gehéieren also zu deene Länner, déi genannt ginn „fréi Adopteuren“, „early adopters“, fir schon den 1. Januar 2017 den Échange automatique anzeféieren an net nëmmen op d'Revenue vun den Zënsen, mä op ganz breede Revenuen. Dat ass en complément natierlech zum Échange automatique vun Donnéeën, dee mer säit dem 1. Januar 2015 maachen, nodeem mer de leschten November de Secret bancaire ofgeschafft hunn.

Véiertens hu mer am Eiltempo, géif ech soen, am Laf vum Joer 2014 all déi gesetzgeberesch Ännerunge virgeholl, déi mer hu misse maachen am Global Forum. Dir wësst, dass mer do agestuift sinn als non conforme, a mir hunn an engem Délai vun engem Joer eng OCDE-Konventioun ratifizéiert, mer hunn eng Rëtsch Lëtzebuurger Gesetzer geännert, fir konform ze ginn. Dat war eigentlech do och e bësse sportlech, souwuel an den Délaie wéi an eisen Debatten hei.

Mä mir hunn dat gemaach a mir hunn och den Ufank vun enger Récompense, well am Januar decidéiert ginn ass vum Sekretariat vum Forum Mondial, dass eng nei Evaluatioun vu Lëtzebuerg soll gestart ginn. Déi ass elo amgaang an am Laf vun deem Joer kréie mer dann déi nei Evaluatioun an, pake mer Holz un, da misste mer da vun där ganz désagrèabler Plaz, wou mer sinn, erofkommen an do da kee schwaarzt Schof méi op där Lëscht sinn. Eng Lëscht, déi eis immens vill schuet, wat d'Reputatioun dobaussen ubelaangt.

Fënneftens: Wat mer elo scho gemaach hunn a wäerte maachen an der Kooperatioun mat den EU-Institutiounen. Och dorop wëll ech e bëssen zrëckkommen, well eis Positiounen evoluéiert hunn. Mir hunn éischters emol e puer Eenzelfäll mat der Kommissioun, wou mer voll kooperéieren. Dat sinn d'Affären Amazon a Fiat.

An dann hate mer der Kommissioun eng Lëscht vu Rulinge verweigert. D'Kommissioun hat nämlech véier Länner gefrot, fir hir alleguerten d'Rulinge vun de Joren 2010 bis 2012 ze schécken, a mir haten op Basis vu juristeschen Argumenter dat refuséiert. Mir hunn awer als Regierung du mat der Kommissioun nach diskutéiert. Do hu mer gesot: Wann Dir alleguerten de Länner esou eng Lëscht frot, da gi jo d'Länner sur un pied d'égalité traitéiert, da si mir bereet, dat och ze maachen. An dat ass dann och am Laf vum Dezember vum leschte Joer geschitt, well och d'Kommissioun decidéiert huet, d'Länner alleguerten unzeschriewen.

An ech mengen, déi Égalité de traitement ass fir eis als Lëtzebuerg extrem wichteg a mir wäerten déi och an der Diskussioun mat der Commission TAXE vum Europaparlament ganz grouss schreiwen. Mir hunn eis do och an de Kulissen, an eis Europadeputéierten hu sech

agesat, fir dass déi Commission TAXE sech net nëmme mat e puer Länner beschäftegt. Se soll sech mat all deene Länner beschäftegen, déi Rulingen hunn. An dat ass elo assuréiert, wann Der d'Mandat kuckt vun där Kommissioun.

Et ass esou, dass den 18. Mee, wann ech mech elo richteg erënneren, de President vun deser Kommissioun, den Här Lamassoure, hei op Lëtzebuerg kënnt. Ech wäert deen natierlech empfänken. Ech mengen, deen huet och Rendez-vous mat der Chamberskommissioun oder mat Chamberskommissiounen a mir wäerten natierlech kooperéieren.

► **Une voix.** - Et ass déi ganz Kommissioun, déi kënnt.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, den Här Lamassoure kënnt, begleet vun där ganzer Kommissioun, jo. A mir wäerte se empfänken a mir wäerte mat hinne kooperéieren. Dat Ganz natierlech awer am Cadre légal vun eise Gesetzer, déi mer hunn. Mä et ass essenziell, dass een déi Leit net nëmmen empfänkt, mä dass mer do eben alles, wat mer hei maachen, explizéieren a beleeden.

Sechste Punkt, deen ech wollt kuerz abordéieren, well déi Gesetzgebung oft zitéiert ginn ass, dat ass déi vun der Propriété intellectuelle. Et ass kloer, dass mer déi Gesetzgebung muss reforméieren. Do ass um Niveau vun der OCDE e Pabeier ausgeschafft ginn, deen elo fäerdeg ass, dee ganz kloer mat sech bréngt, dass mir mussen eis Gesetzgebunge ganz vill reforméieren. A mir sinn och amgaang, dorop ze schafffen.

Ech wëll just soen, dass dat doten en typescht Beispill ass, wou een direkt d'Resultater gesäit vun deenen Aarbechten, déi an der OCDE gemaach ginn. An ech mengen, et sinn nach vill Leit, déi ënnerschätzen, wéi séier d'OCDE an deen Exercice BEPS vir sech ginn.

Siwenten a leschte Punkt: Wat hu mer gemaach? Dat ass, mengen ech, extrem wichteg! Wat maache mer, fir eis Economie ze diversifizéieren, a wat maache mer, fir eiser Finanzplaz méi Pfeiler ze ginn?

D'Tâche vun der Diversification économique läit haaptsächlech beim Wirtschaftsminister, mä och ech als Finanzminister schaffe ganz vill drop. Mir hunn och e Sujet wéi „FinTech“, deen op der Schnëttstell läit vun der Technologie a vun de Finanzen a vun der Industrie, wou mer allen zwee drop schaffen. Bref, et ass en Exercice, dee mer ganz seriö huelen.

An Dir gesitt jo, dass ech och vill ënnerwee sinn a ganz vill Leit empfänken hei, well ech mer jo bewosst sinn, wéi wichteg et ass, dass mer eis Finanzplaz diversifizéieren, an zwar op vill Aart a Weisen: dat Eent, andeem mer Investisseure vun neie Geografien hei op Lëtzebuerg unzéien. Dat Zweet, andeem mer nei Produiten an nei Servicer ubidden.

An dat Drëtt, an dat ass fir mech eent vun de flotte Resultater vun der Diskussioun hei: Wéi wëlle mer eis opstellen a wat fir eng Investisseuren an Akteure wëlle mer hei unzéien? Vill vun lech, bal alleguerten hu gesot: D'Zäit vun de Boîtes aux lettres ass eriwuer. Eh bien, ech si frou, dat hei ze héieren. Ech mengen, dat ass och eng relativ nei Noriicht, dass mer alleguerten dat esou analyséieren. An ech kann deem nëmmen zoustëmmen.

Mä dat ass net nëmmen eng negativ Noriicht fir Lëtzebuerg. Well, wann ech kucken a wellech Richtung d'Diskussiounen am BEPS ginn an och op europäescher Ebene, dann ass et esou, dass d'Fiskalitéit jo net därer total superficial sinn. Ech sinn also och optimistesches, dass déi nei Regeln, déi wäerte kommen, eis och wäerten hëllef. Déi hunn net nëmmen en negativen Impakt. Mir wäerten an der Quantitéit vill Entreprisë verléieren, mä mir wäerten der hei halen, an déi, déi mer hei halen, déi wäerte méi Substanz zu Lëtzebuerg hunn. Déi wäerten also an der Qualitéit hei sinn. An dann hu mer Entrepreneuren, déi hei richteg Fouss hunn. An da kënne mer déi och hei zu Lëtzebuerg besteieren.

Als leschte Punkt, an dat passt da bei d'Place financière, ass d'Stéchwuert „Image“ e puermol gefall. Jo, mir maachen eng Analys vun eisem Image, souwuel wat d'ganz Land ubelaangt an en particulier alleguerten d'Défien, déi fir eis Finanzplaz wichteg sinn.

Ech wëll dozou soen, dass den Image eleng net nëmme ka mat enger Campagne oder mat ville Campagnë verbessert ginn. Den Image kann nëmme verbessert ginn, wa mir och an der ganzer Aktioun vun der Transparenz seriö sinn, an dat si mer. A wann eis Partner gesinn, dass Lëtzebuerg dat do net hallefhäerzeg mécht, mä och ganz, an ähnlech wéi mer dat zu Berlin gemaach hunn, bei deenen Éischten ass, déi sech do an déi Démarche areien.

ler ech zur Konklusioun kommen, géif ech gären zu e puer Punkte vun Ären Interventiounen

Commentairé maachen oder Froe beäntwerthen. Ech fänke mam Här Turpel un. Dee soi-disant Grupp, deen hätt sollen zesummekommen, fir iwwert d'Rulingen ze iwwerleeën an ze schwätzen, do hunn ech effektiv an der Cofibu gesot, dass ech näischt wësst driwwer.

Awer Dir hutt dat falsch interpretéiert, Här Turpel. Dat huet net geheescht, dass ech net erausfonnt hätt, wat do gemaach ginn ass. En réalité ass näischt geschitt. Also ech äntwerten do op Är Fro: Do ass näischt geschitt. Et ass net, dass ech näischt fonnt hunn.

Den zweete Punkt, de Rapport „Krecké“. Ech kennen nëmmen ee Rapport „Krecké“. Jo.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** Entschëllegt, wann Der dat erausfonnt hutt, dann hat jo deen Aarbechtsgrupp en Objektiv, dann hätt Der jo mindestens misse kënne soen, wat d'Objektiver vun deem Aarbechtsgrupp sinn an...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Genau! A mir hunn dat alles net fonnt, well et dat net gëtt.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk), interpellateur.** - Ah sou, okay.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Et gëtt dee Grupp net. Dat ass annonciéiert ginn, mä dee Grupp huet ni bestanen. Dofir konnt ech lech och net méi driwwer soen.

Zum Rapport „Krecké“ kann ech lech soen, do gëtt et nëmmen een. An dat ass deen, dee fannt Der um Internet. Do kann een deen och fannen an ech hu keng aner Versioun fonnt.

Deen drëtte Punkt, zu de Rulingen: Virun 2008, et ass net, dass mer déi net kennen, mä virun 2008 ware se net informatesch erfaasst. Ech mengen, et ass awer och wichteg, dat ze preziséieren. Mir wëssen, wat an eisem Land geschitt. Mir wëssen, dass et do Rulinge gouf. Mä mer kënne se net ganz einfach op e Schierm kréien. Mir mussen do au cas par cas fueren. No 2008 ass d'Administration des contributions progressiv informatiséiert ginn, soudass no 2008 déi Donnéeë méi liicht ze erfaasse sinn.

Dem Här Mosar seng Fro iwwert d'Délaien, fir Rulingen ze kréien. Dat ass eng ganz wichteg a pertinent Fro. Ech hunn der Administration des contributions als Richtlinn ginn, se sollen déi Rulingen, déi se gefrot ginn am neie Joer, an engem Délai vun dräi Méint spéitstens erausginn. Mir hunn e Problem, wat déi Rulinge vum leschte Joer ubelaangt, well mer der do zum Schluss ganz vill kruten. An déi si mer amgaang opzeschaffen.

Wou mer och natierlech gesinn, dass do nach e bëssen déi al Habitude war, dass ee fir alles Rulinge freet. An do si mer amgaang, mat den Akteuren e bësse méi Responsabilisatioun ze maachen. Well zu Lëtzebuerg goufe Saache per Ruling confirméiert, déi een iwwerhaupt net bräicht ze confirméieren. Et brauch ee jo nëmmen d'Gesetz ze liesen an da kennt een d'Äntwert. Mä och de Retard si mer amgaang opzeschaffen. Déi kuerz Äntwert ass: Den Délai ass dräi Méint.

An den Deputéierte Mosar huet vill insistéiert op d'Standards mondiaux, wat eng aner Manéier ass ze soen, dass mer en „level playing field“ brauchen. Mir sinn eis do alleguerten eens, mengen ech. Do, wou mer vläicht Hésitatiounen hunn, dat ass, wéi mer dat spillen. Wann d'Europäesch Unioun zum Beispill elo an der Direktiv iwwert den Échange automatique vu Rulinge méi séier weiderkënnt - an dat ass jo ganz probabel, well de Kommissär Moscovici gesot huet, dass e wëllt jo virun Enn des Joers fäerdeg si mat der Direktiv -, ass et awer schwéier als Lëtzebuerg eleng, eventuell déi Direktiv ze stoppen. Ech weess net, ob mer eis dat kënne leeschten. An ech mengen och, dass aner Länner Problemer domat hunn.

Ech mengen, eist Zil soll sinn, dass déi Regeln esou séier wéi méiglech op engem Niveau OCDE sollen applizéiert ginn, an dass mer en „level playing field“ sollen hunn. Mä ech mengen, mir mussen au cas par cas kucken, wéi sech déi Négociatiounen entwéckelen. Dofir mengen ech, dass mer net sollen ze vill rigid op engem Prinzip reiden. An ech si ganz gäre bereet, op eng konstruktiv Aart a Weis dat och mat lech an der Chamber oder an der Chamberskommissioun vun der Cofibu ze diskutéieren.

Ech géif gären den Deputéierte Berger, Fayot a Kox Merci soe fir den Encouragement, dee se der Regierung ginn hunn. An ech mengen, si hunn allen dräi jo insistéiert op d'Initiativen, déi d'Regierung scho geholl huet. An et kommen der nach ganz vill, déi virun eis leien.

An, last but not least, géif ech gär soen, ee vun den Défien, déi mer hunn, dat ass, dass d'Fiskalitéit hautzudaags ee vun deenen eenzegen Attributer ass, deen e Land ka gebrauchen, fir In-

vestissementer unnezéien. An dat ass an der Eurozon nach vill méi wichteg! An der Eurozon hu mer jo déiselwecht Währung, do hu mer eng Harmonisatioun, déi geet nach méi wäit wéi am Rescht vun Europa. An d'Fiskalitéit ass effektiv eppes ganz Wäertvolles, wat mer mussen utilement gebrauchen.

Ech kommen zur Konklusioun, Här President. D'Optimisation fiscale excessive an d'Steierflucht ware Saachen, déi hunn och scho viru LuxLeaks existéiert a si hunn och scho viru der Weltwirtschafts- an -finanzkris existéiert. Mä no der Weltfinanz- an -wirtschaftskris vun 2008 hunn d'Mentalitéite changéiert. Et huet deene meeschte Bierger an et huet och deene klengen Entrepreneuren net méi akzeptabel geschéngt, dass, wann d'Pression fiscale fir vill Leit an d'Luucht ginn, Verschiddener manner bezuelen oder ganz wéineg bezuelen. An dat muss een unerkennen, dass dat changéiert huet.

Ech wëll ganz kloer soen, dass Lëtzebuerg och fënn, dass jiddwereen, all Firma wéi all Bierger, säi gerechten Deel zu de Steiere soll bäidroen. Mir setzen eis dofir an als Regierung an all deene Gremien, wou mer sätzen. Mir schaffen aktiv mat an der EU, an der OECD. Mir wäerten och d'Geleeënheet vun der Présidence vun der Europäescher Unioun gebrauchen, fir dat do op eng konstruktiv Aart a Weis ze maachen an esou eisen Image och ze verbessern.

Well wann een duerch d'Welt reest, wat ech jo maachen, och fir d'Finanzplaz an d'Land an e gutt Liicht ze stellen, ech muss lech soen, dass et heiansdo ganz schwéier ass, fir deen Image, dee mir vun eis selwer hunn, esou duergestallt ze kréien an de Medien, wéi mir et géife fir gerecht empfangen. Mir kämpfen also och do géint vill Viruerteeler. A mir hunn en Image iwwert déi lescht zéng, zwanzeg Joer mat eis geholl, dee kréie mer net an engem Joer ofgebaut. Mir mussen also do gedëlleg sinn.

Et ass dofir wichteg, dass mer all zesummen dru schaffen. Dofir ass et och wichteg, dass dat de Sujet ass, wou mer e Konsensus hunn, wou mer och déi gréisst Oppositionspartei op enger Bunn hunn, déi ähnlech ass wéi déi, déi d'Regierung huet. An dofir sinn ech och frou, dese Sujet an Zukunft och regelméisseg an der Cofibu mat lech alleguerten ze diskutéieren.

Ech soen lech villmools Merci fir des Debatt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Finanzminister. Mir sinn um Enn vun eiser Diskussioun iwwert d'Interpellatioun ukomm.

**Motion 1**

An ech géif dann d'Motioun an d'Resolutioun zum Vote bréngen. Ech mengen, si sinn explizéiert. Et hat jiddwereen d'Geleeënheet, fir sech dozou ze positionéieren. Fänke mer mat der Motioun un?

Da géife mer d'Motioun zur Ofstëmmung bréngen. D'Ofstëmmung fänkt un.

**(Interruptions)**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen...

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ah? Ech hat gemengt...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, ech hat geduecht, et géife vläicht e puer Fraktiounspresidenten intervenéieren, dofir hunn ech net direkt de Fanger gewisen. Mä ech wëll awer ganz kloer soen zu där Motioun, déi d'Regierung invitéiert, do aktiv mat der Commission TAXE zesummenzeschaffen, dass dat effektiv superfétatoire ass.

Ech denke jo keng Sekonn drun (veuillez lire: Ech denke jo keng Sekonn drun, net mat der Kommissioun TAXE zesummenzeschaffen). An ech hu jo och dofir évoquéiert a menger Ried, fir d'Kommissioun ze empfänken, selwer, an esou vill Verständnis matzebréngt wéi méiglech an och all déi Dokumentatioun ze liwweren, sou wéi dat de Cadre légal zu Lëtzebuerg erlaabt. An ech fannen, fir esou eng Motioun ze stëmmen, et géif d'Impressioun ginn, dass mer iergendwéi Hésitatiounen hätten. Déi hu mer net. Mir schaffen allen europäeschen Institutiounen den Traitée geméiss zou.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Finanzminister. Da maache mer d'Ronn nach eng Keier op. Den Här Body.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, ech gesinn eigentlech och net d'Plus-value vun där Motioun, wat eigentlech och eng „motion-résolution“ ass. Hei ginn nämlech zwou Saache matenee verméscht an deem heiten Text, well fir d'Éischt, am éischten Deel, seet d'Chamber, si wär prett, fir ze kollaboréieren, an am zweeten Deel invitéiert se d'Regierung, fir ze kollaboréieren.





Ech mengen, et ass normal, dass mer am Kader vun de gesetzliche Bestimmungen a vun de Kompetenze vun deem engen a vun deem aneren hei matschaffen. A mir brauchen eis selwer, mengen ech, net an d'Flicht ze huelen. Mir wäerten dat maachen, wat mer musse maachen. Dofir fannen ech éischter, dass dat doten eppes ass, wat ech als iwverflësseg och betuechten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann, wa keng weider Stellungnahmen do sinn, géife mer elo zur Ofstëmmung iwvergoen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung...

#### (Interruptions)

Jo. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Wiem seng Maschinn ass net gaangen? Dem Här Lies seng? Jo.

Also, mir hunn 78 Participants au vote.

#### (Interruptions)

58. 58!

► **Une voix.** - À la bonne heure!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - 58! D'Maschinn huet mer e Streech gespillt. Also, 58 Participatiounen um Vote. 5-mol Jo, 53-mol Neen. Also ass d'Motioun ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 5 voix pour et 55 voix contre.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Léon Gloden (par M. Marie Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Marc Spautz), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Diane Adehm), MM. Aly Kaes (par M. M. Martine Mergen), Marc Lies (par M. Serge Wilmes), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par M. Yves Cruchten), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen dann zur Resolitioun iwvergoen. Gëtt et do Wuertmeldungen?

#### (Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer zum Vote iwwert d'Resolitioun iwvergoen.

#### Vote sur la résolution 1

De Vote ass lancéiert. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

D'Resolitioun ass mat 56 Nee-Stëmmen, bei 2 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: la résolution 1 est rejetée par 2 voix pour et 58 voix contre.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par

M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher (par M. Marc Spautz), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Diane Adehm), Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Mergen), Aly Kaes (par M. Serge Wilmes), Marc Lies (par M. Laurent Zeimet), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par M. Yves Cruchten), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger (par M. Lex Delles), Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Jo, Här Minister?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech wollt nach just, ier dass mer alleguerte fortginn, dem Deputéierte Justin Turpel soen, dass déi léif an e bëssen humoristeschen Wieder, dass dat meng waren. Mä de Premierminister huet mech och chargéiert, am Numm vun der Regierung lech Merci ze soe fir Aren Asaz an lech alles Guddes ze wënsche fir d'Zukunft. An ech freee mech elo op de Pattel Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister.

### 12. 6796 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 (suite)

#### Dispense du second vote constitutionnel

Ech hunn nach zwou Saachen, ier d'Sëtzung eriwwer ass. Dat Éischt, vu dass de Projet de loi 6796 esou séier duerch war, weess ech net, ob ech d'Fro gestallt hat vun der Dispens vum zweete Vote,...

#### (Interruptions)

...wëll dat awer elo hei nohuelen.

Dir sidd do dermat d'accord?

#### (Assentiment)

### 13. Hommage à M. Justin Turpel

A vu dass d'Regierung elo den Toun uginnt huet, wollt ech awer och vläicht dovu profitéieren, fir e puer Wuert un eise Kolleg Justin Turpel ze riichten, deem seng lescht éffentlech Sëtzung et haut ass.

Den Här Turpel verléisst dat Haus hei méi fréi, wéi et eigentlech um Ufank geplangt war, aus gesondheetleche Grënn: Sâi Réck huet d'Laascht, déi hien a sâi Rucksack gepaakt huet, net esou richteg verdroen. E Choix, dee mir alleguer respektéieren an deen, mengen ech, him och net einfach gefall ass. Et war eng kuerz, mä intensiv Zäit an der Chamber. An deene knapp 17 Méint, wou hien am Parlament war, huet e sech staark engagéiert, intensiv geschafft a vill diskutéiert, als Deputéierte vun déi Lénk am Plenum, mä och als Vizepräsident an der Petitiounskommissioun oder als Member vun deenen anere Kommissiounen, bei deenen hie matgemaach huet.

Haut, fir seng lescht Sëtzung, hu mer en nach eng Kéier an „Missioun“ erlieft. Ech soen „Missioun“, well de Justin Turpel, wann e vun eppes gepaakt ass, net gewinnt ass, eppes Hallwes

ze maachen. Heiansdo konnt hie seng Verbasenheet och net verstoppem oder ass och emol an d'Schoulmeeschterroll eragefall. Elo... Mir sinn net op engem Begrieffnis, dofir dâerf een och Saache soen, déi een esou gespuert huet.

#### (Hilarité)

Elo soll hie méi lues trëppelen; mä well ech en awer kennen, wëll ech net vu Pensioun schwätzen. Ech si sécher, dass e wäert Weeër fannen, fir eis erhalen ze bleiwen! Vlâicht net hei, mä op anere Plazen, well seng laang politesch a gewerkschaftlech Erfahrungen, seng Passioun dofir wäerten en net roueg loossen.

Et ass e puermol gesot ginn de Mëtten, och wa mer net ëmmer mat him d'accord waren a wa mer net ëmmer déiselwecht Sprooch geschwat hunn - am Minett gëtt heiansdo eng aner Sprooch geschwat wéi an der Stad -,...

#### (Hilarité)

...soe mer him Merci fir seng Aarbecht a ginn em mat op de Wee: Maach et gutt, Justin!

#### (Applaudissements)

Sou, a well et dann esou schéi war de ganze Mëtten,...

#### (Hilarité générale)

► **Une voix.** - Allez Justin!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ... profitéiert de Justin bis zum Schluss, fir dass et eis och net ze schwéier fällt, wann e geet.

#### (Hilarité)

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen lech Merci fir déi sechs bis siwe Minutten Opmerksamkeet, déi Der mer nach wëllt ginn, fir zum Ofschluss vu mengem Mandat e puer Wuert ze soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also passt op, d'„Parole après président“, dat si fënnel Minutten, mä mir kucken eng Kéier duerch d'Fangeren.

#### (Hilarité)

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Et war mir eng Eier, an dëser Enceinte, wou d'Gesetzter gemaach ginn an d'Regierung soll kontrolléiert ginn, zesumme mam Serge Urbany déi Leit ze verrieden, déi normalerweis keen Droit au chapitre hunn, déi Leit, déi 95% bis 99%, vun deene mer ëmmer schwätzen, vun der Bevëlkerung, déi net zu deene gehéieren, déi d'Welt beherrschen an dee ganze Rächtrum asäckelen.

► **Une voix.** - Ooh!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - A fir déi Mënschen ze verrieden, déi wierklech de Rächtrum vun dëser Welt ausmaachen, ech hunn dat immens gäre gemaach an hunn dat ni als eppes Extraes, mä just als d'Fortsetzung vun deem Asaz gesinn, deen ech och virdrun an de Gewerkschaften, de Comitéen an de gesellschaftleche Bewegungen hat.

Ech soen deene Merci, déi mech dobäi ënnerstëtzt hunn, de Mataarbechter aus onser Fraktioun an och ausdrécklech de Mataarbechter aus der Chamber, déi eng immens wichteg Aarbecht am Dëngscht vun de Bierger maachen. Leider, an et ass gesot ginn, erlaabt meng Gesondheet mir et net méi - wahrscheinlech och als Konsequenz dervun -, deen Asaz esou weiderzeféieren, wéi ech dat fir noutwendeg halen.

Ech sinn awer frou, datt mam David Wagner e jonken, dynameschen a sécherlech gradesou kämpferesche Militant d'Relève iwverhëlt, an deen op déi him eegen Aart a Weis dësen Asaz weiderféiere wäert. Ech wënschen him, him an dem Serge, vill Asazfreed an Erfolleg an der Aarbecht, wëssend datt an dëser Chamber ëmmer nëmmen dat realiséiert gëtt, wat d'gesellschaftlech Kräfteverhältnissen erlaben. Émsou méi wichteg ass et, datt et eng Lénk Bewegung gëtt, déi d'Mobiliséierung an der Gesellschaft ënnerstëtzt, weiderbréngt an hei an dëser Arena erëmispigelt.

Ech wäert och an Zukunft, souwäit meng Kräfte an zouloossen, matwierken un deem, wat de Jean Ziegler schonn am Titel vu sengem leschte Buch seet, an zwar: „Ändere die Welt!“, mam Énntitel: „Warum wir die karnibalistische Weltordnung stürzen müssen.“ Jo, em eng karnibalistesch Weltuerdnung handelt et sech beim globaliséierende Kapitalismus. Millioune vu Leit si gestuerwen am Asaz géint déi karnibalistesch Weltuerdnung, am Kampf géint d'Ausbeutung vu Mënsch an Natur, am Asaz fir e Gesellschaftssystem, deen op Gläichheet a Respekt vun all Mënsch opbaut.

Wann haut erëm ëmmer méi Mënschen a Kricher an an anere vu Mënsche selwer provozierte Katastrophe stierwen an a Massegriewer endegen, och zu Zegdausenden am Mëttemier ëmkommen, duerch Honger a Krich oder op der Flucht virun Ennerdréckung an Aarmut, da wësse mir, datt mir nach wäit ewech si vun enger Gesellschaft, déi dat realiséiert, wat d'Völker 1948 no zwee fierchterleche Weltkrieger am éischten Artikel vun der Mënschenrechtscharta als Imperativ gesat hunn: „All Mënsche si fräi a gläich, hunn déiselwecht Dignitéit a Rechter. Si hu Verstand a Gewëssen a sollen een deem aneren am Geescht vu Bridderlechkeet begéinen.“

„D'Feinde vun der Mënschheet“, seet de Jean Ziegler, „sinn haut déi weltwäit Diktatur vun den Oligarchie vum globaliséierte Finanzkapital an déi absurd Uerdnung, déi si dem ganze Planéit opzwängen, mat als Folleg dovun ernidderzegen, hongrege Mënschen an zerstéierte Familien.“

Jo, d'Upassung un déi globaliséiert Wirtschaftsuerdnung ass d'Iwwel vun der Zäit, och wéi de Riccardo Petrella et ausdréckt: „Der neue Diskurs, der jeden Tag in allen Sprachen von den Medien aller Länder geführt wird, sagt uns, dass die gegenwärtige Globalisierung ein grundlegender, unausweichlicher, unwidderstehlicher Sachzwang ist, gegen den niemand ankämpfen und sich wehren kann. (...) Im dominierenden Diskurs ist «Anpassung» das Schlüsselwort. Es heißt, man müsse sich an die Globalisierung anpassen. Wer sich nicht anpasst, wird eliminiert.“

Sech der Upassung un déi globaliséiert Weltwirtschaftsuerdnung widdersetzen, sech wieren, dat ass de moraleschen Imperativ. Jiddwereen huet de Choix: upassen oder widdersetzen. Wéi vill Lidder aus der Aarbechterbewegung froen: Which side are you on? Op wéi enger Säit stees du?

Och hei an dëser Enceinte huet jiddwereen, all Deputéierten, jiddwerzäit d'Verantwortung an de Choix, selwer ze decidéieren, op wéi enger Säit e steet, ob e sech de globaliséierte Muechtverhältnissen upasst oder net!

Dobaussen, an där richteger Welt, gëtt et ëmmer méi Rëss an der Front vun der Upassung. Et gouf ëmmer Mënschen an et gëtt der ëmmer méi, déi sech widdersetzen, Fräiheet afuerderen a géint déi falsch Weltuerdnung virginn.

«La colère emporte l'émeute comme le vent emporte le feu.», sot de Victor Hugo 1862 an „Les misérables“. D'Roserei facht den Opstand u wéi de Wand d'Feier. Am Weste wéi am Osten, am Süde wéi am Norde bléist de Wand ëmmer méi staark.

Ob als Folleg vum moraleschen Imperativ, aus Roserei iwver Chaos a Misär an dëser Welt oder als Ausdruck vu Solidaritéit a Respekt virun all Mënsch: D'Verweigerungsfront géint d'Upassung wüsst, si schwätzt hir eege Sprooch, déi ëmmer manner ze iwverhéiere wäert sinn. An domat wüsst d'Hoffnung an dëser Welt. Oder, wéi de Bertolt Brecht an där däischerer Zäit sot: „Dat Grousst bleift net grouss, a kleng net dat klengt. D'Nuecht huet zwielef Stonnen, da kënt schonn den Dag.“

An deem Sënn: Au revoir!

#### (Applaudissements)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Au revoir!

#### (Hilarité)

An domat ass d'Sëtzung eriwwer.

(Fin de la séance publique à 19.57 heures)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter





## Sommaire des séances publiques n°27 et 28

### Rectificatifs (22<sup>e</sup> et 25<sup>e</sup> séances)

#### 27<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique

Communications

Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

Ordre du jour

6454A - Projet de loi portant modification de:

1) l'article 15-1 de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance

2) la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant

1. transposition de la directive 2004/113/CE du Conseil du 13 décembre 2004 mettant en œuvre le principe de l'égalité de traitement entre les femmes et les hommes dans l'accès à des biens et services et la fourniture de biens et services;

2. modification du Code pénal;

3. modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance p. 412-413

6751 - Projet de loi relatif à la mise en application du règlement (UE) n°1215/2012 du 12 décembre 2012 concernant la compétence judiciaire, la reconnaissance et l'exécution des décisions en matière civile et commerciale (refonte) et modifiant le Nouveau Code de procédure civile p. 413-414

6457 - Projet de loi modifiant:

1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

2) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

3) la loi du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l'État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l'État;

4) la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique;

5) la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du corps diplomatique;

6) la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire et

7) la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

6458 - Projet de loi transposant certaines dispositions de l'accord salarial du 15 juillet 2011 dans la fonction publique et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

6459 - Projet de loi fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

6460 - Projet de loi modifiant:

1) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;

2) la loi modifiée du 18 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes de pension

6461 - Projet de loi instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois

6462 - Projet de loi fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien et de l'employé de l'État à un groupe d'indemnité supérieur au sien

p. 411

p. 412

p. 412

p. 412

p. 412

6463 - Projet de loi fixant les conditions et modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut changer d'administration

6465 - Projet de loi déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État

6757 - Projet de loi modifiant a) la loi modifiée du 7 août 1912 concernant la création d'une caisse de prévoyance pour les fonctionnaires et employés des communes et établissements publics et b) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux p. 414-445

#### 28<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique p. 445

Communications p. 445-446

6797 - Proposition de loi relative à l'assistance médicale à la procréation p. 446

Ordre du jour p. 446-447

Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar p. 447-448

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°99 du 27 avril 2015 de M. André Bauler relative à la maintenance des tunnels au Grand-Duché, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 448

- Question n°100 du 28 avril 2015 de M. Marco Schank relative à la tarification transfrontalière avec la Belgique en matière de transports en commun, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 448

- Question n°101 du 28 avril 2015 de M. Roger Njengi relative aux conditions d'admission des écoles européennes, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse p. 448

- Question n°102 du 28 avril 2015 de M. Gast Gibéryen relative au chômage des jeunes, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire p. 448-449

- Question n°103 du 28 avril 2015 de Mme Joëlle Elvinger relative aux travaux dans le cadre de la mise en place du «Groupe des pensions», adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale p. 449

- Question n°104 du 28 avril 2015 de M. Laurent Zeimet relative à la nouvelle organisation des fabriques d'églises, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur p. 449

- Question n°105 du 28 avril 2015 de M. Max Hahn relative à d'éventuelles modifications de PAP suite à l'arrêt de la Cour administrative en date du 12 février 2015 (PAP «Am Pescher»), adressée à M. le Ministre de l'Intérieur p. 449-450

- Question n°106 du 28 avril 2015 de Mme Martine Hansen relative au démantèlement d'un réseau de trafic de viande de cheval, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs p. 450

- Question n°107 du 28 avril 2015 de M. Henri Kox relative au projet de nouvelle centrale nucléaire «Hinkley Point C», adressée à Mme la Ministre de l'Environnement p. 450

Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller à la Cour des Comptes p. 450-451

Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État p. 451

Question élargie n°5 de M. Gérard Anzia relative à l'Office National du Tourisme p. 451-452


6796 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 p. 452

Interpellation de M. Justin Turpel sur «LuxLeaks» p. 452-461

Hommage à M. Justin Turpel p. 461

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.


- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

**www.chd.lu**





## Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
0880	Marc Spautz	Représentation du personnel dans les entreprises
0931	Léon Gloden	Lycée de Junglinster
0936	Marc Spautz	Exportabilité des chèques-services aux frontaliers
0955	Diane Adehm, Gilles Roth	Audits commandités par les membres du Gouvernement
0957	Françoise Hetto-Gaasch	Durée d'affectation des éducatrices et éducateurs dans un établissement donné
0958	Gilles Baum	Système de l'ancienneté
0970	Fernand Kartheiser	Audits sur le transport des personnes à mobilité réduite
0982	Marc Spautz	Mosaïque gallo-romaine à Vichten
0984	Diane Adehm, Gilles Roth	Politique énergétique
0985	Martine Hansen	Contrats d'apprentissage et de stage à des travaux à risques spécifiques

0998	Justin Turpel	Réforme de la loi sur l'entreprise des postes et télécommunications
0999	Justin Turpel	Analyse de polluants dans les cheveux d'enfants
1000	Marc Spautz	Salage des routes
1001	Octavie Modert, Claude Wiseler	Projet de loi sur l'archivage
1003	Martine Hansen, Félix Eischen	Épreuves communes dans le cadre des conseils d'orientation du cycle 4.2
1007	Taina Bofferding	Contrats de travail à durée déterminée du personnel enseignant-chercheur de l'Université du Luxembourg
1008	André Bauler	Route du Nord (A7)
1009	Laurent Mosar	Adhésion potentielle du Luxembourg à l'AIIIB
1010	Roy Reding	Exequatur
1011	Gast Gibéryen	Conseil d'administration de Cargolux
1012	Diane Adehm, Gilles Roth	Pièces d'or ayant constitué la réserve financière allouée au réseau Stay behind
1013	Diane Adehm, Gilles Roth	Port du voile dans la fonction publique
1139 urgente	Marc Angel	Incidences de la coopération entre le BND et la NSA pour le Luxembourg

### Question 0880 (04.02.2015) de M. Marc Spautz (CSV) concernant la représentation du personnel dans les entreprises:

Avec l'entrée en vigueur du projet de loi relatif au dialogue social dans les entreprises, les comités mixtes vont disparaître. Il n'en reste pas moins que lors des élections sociales de 2013, de tels comités ont été constitués dans les entreprises industrielles, artisanales et commerciales du secteur privé de plus de 150 salariés.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire:

- Le Ministre peut-il me renseigner sur le nombre de comités mixtes actuellement en place au Luxembourg?

- Combien de délégations de personnel ont été constituées à l'issue des élections sociales de 2013? Le Ministre peut-il lister ces chiffres en fonction du nombre de salariés occupés par les entreprises respectives (15-25, 26-50, 51-75, 76-100, 101-200, 201-300, 301-400, 401-500, 501-600, 601-700, 701-800, 801-900, 901-1.000, 1.001-1.100, 1.101-1.500, 1.501-1.900, 1.901-2.300, 2.301-2.700, 2.701-3.100, 3.101-3.500, 3.501-3.900, 3.901-4.300, 4.301-4.700, 4.701-5.100, 5.101-5.500, 5.501 et plus de salariés)? De même est-il possible d'obtenir les mêmes informations par secteur (public/privé voire industriel, artisanal et commercial)?

### Réponse (05.05.2015) de M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire:

Sur base des données mises à disposition à l'Inspection du travail et des mines par les entreprises concernées suite aux élections sociales de 2013, l'ITM a dressé des tableaux et graphiques reprenant les renseignements demandés par Monsieur le Député Marc Spautz, à savoir:

- le nombre de comités mixtes mis en place;
- le nombre de délégations du personnel constituées à l'issue des élections sociales ainsi que leur répartition en fonction du nombre de salariés occupés dans les entreprises respectives;

- les chiffres listés en fonction du nombre de salariés occupés par les entreprises en question;
- la répartition des délégations en fonction du secteur d'activités des entreprises enregistrées et de leur code NACE.

Afin de pouvoir se faire une idée sur l'évolution des chiffres dans le temps, l'ITM a également inclus dans ces tableaux les résultats relatifs aux élections sociales de 2008 et 2003.

(annexe à consulter auprès de l'administration parlementaire ou sur le site Internet [chd.lu](http://chd.lu) - Travail à la Chambre - Recherche d'archives)

### Question 0931 (24.02.2015) de M. Léon Gloden (CSV) concernant le Lycée de Junglinster:

Ouvert en septembre dernier, le Lycée de Junglinster ne dispose toujours pas de piscine et sa bibliothèque ne dispose que d'une cinquantaine de livres pour les quelque 220 élèves présents depuis la rentrée scolaire.

Suite aux déclarations récentes de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse concernant le Lycée de Junglinster j'aimerais poser les questions suivantes:

